Dat war eng kuerz Aleedung, wat déi heite Konventiounen ugeet. Mir hate virgesinn e bëssen ze innovéieren an net dréchen déi 4 Konventiounen hei duerchzegoen. Wann herno natierlech Froe sinn zu der Konventioun, soll een dat roueg maachen. Mee mir wäerten lech déi 4 Konventiounen iwwert e Video, deen opgeholll gouf, presentéieren, fir dass et och méi lieweg ass, dat ass awer méi flott. An herno gi mer och op déi 13 aner Projeten an. E bësse méi statesch, net iwwert Video. Fir dass Dir och dat kënnt spieren. An Dir hutt jo als Gemengerotsmitglieder, nieft deem Exercice, dee mer haut hei am Gemengerot maachen, wat jo och dee politeschen Aval ass, fir dee Projet kënnen ëmsetzen d'nächst Joer, dann och muer ëm 14 Auer eng Presentatioun, wou Dir déi dote Projeten virgestallt kritt mat deene verschiddenen Intervenanten, déi och invitéiert goufen, fir se dem Gemengerot, der Kulturkommissioun an och méi engem breede Public zougänglech ze maachen. Dofir géif e ech virschloen, dass mer de Video weise mat deene 4 Projeten, déi hei d'Konventiounen duerstellen. An da géif ech d'Wuert weiderginn un den John Rech.

JOHN RECH (SERVICE CULTUREL): Merci Här Buergermeeschter Dir Dammen an Dir Hären, e schéine gudden Nomëtteg. Mir hunn e kleng Film gedréit, mir wäert muer déi 17 Projekte sou weisen. Fir d'Leit, déi dat an Erënnerung hunn: Mir haten der 18 virun e puer Méint. Et ass ee Projet, dee sech zeréckgezunn huet. Dee vu Fincapé. All déi aner Projekte fanne statt. Fir dass et net ze laang gëtt, weise mir lech déi 4 Filmer vun de Konventiounen, déi 13 hannendrun an engem kuerze Reminder fir lech. An ech géif da mat engem vun deenen éischten ufänken, an zwar dee vum Re-retour de Babel, den eis presentéiert gëtt vum Luisa Bevilacqua, vum Justine Blau a vum Andre Silijona, dat sinn déi dräi Artisten, déi mir agebaut hunn an d'Justine Blau presentéiert deen. E weidere Projet ass dee vun Acoustic Picnics, dee mer och zum Deel mat de Kollegee vun ALF a vu Keel/Téiteng presentéieren, also an Zesummenaarbecht mat hinnen. Dat sinn, wéi Dir wësst, eis Picknicken an d'Marlène stellt eis dee fir.

Dann dee Projet, deen eis bis zur leschter Sekonn an Otem gehalen huet, an zwar bis zu dësem Weekend,

wou mer dann den definitiven Accord krute vum Headliner, an deem Sënn ass et wierklech eng Première. Den Aarbechtstitel war Festival Vitrine. Mir hunn där ganzer Saach en Numm ginn: Usina22. Mir waren op der Sich no engem Numm, deen aus dem Sproochegebrauch vun den Aarbechter kënnt. Schmiera22 war net sou cool. Mir hunn deen zwar witzeg fonnt, mee et ass awer an déi Richtung, wou ee muss denken, wa mer un den Numm denken. Muer gesitt Dir all déi Stécker do an engem grouse Film vun 30 Minutten, wou och déi aner 13 Projekte mat presentéiert ginn, wou mer dann op eng Tréppel-Rull-Rees duerch Diddeleng ginn och mat eisen Transportméiglechkeeten, déi mer hei hunn. An da bleift en och net hängen. Dat doten ass ee vun de sëllegen Aarbechtsposteren, mat deene mer am Moment nach schaffen. Do musse mer nach den OK huelen. Dat kënnt am Laf vun der Zäit an an deenen nächste Woche, mee daa kann een visuell nach eng Kéier Kings of Leon genéissen.

Dann e Projet, deen eis ganz um Häerz läit, well en och eng wichteg Essenz ass vun deene leschte ville Joren, wou mer hei vill investéiert hunn. An zwar dee vum Jazz, an d'Patricia wäert eis dee presentéieren. Dat sinn dann déi 4 Projeten, wou och haut d'Konventiounen virleien. Déi Projekte sinn immens lieweg, mir schaffe scho ganz laang dorunner. Déi si scho gutt um Rullen. Déi Projeten, déi mir lech elo virstellen, déi sinn déi, wou mir Partenaire sinn als Stad Diddeleng. Dofir ginn ech nach eng Kéier kuerz als Erënnerung drop an. De Réckel ass e Projet vum Lycée des Arts et Métiers, haaptsächlech vun de Schüler. En ass initiéiert gi vu 5 Proffen. Et ass eng kënschtleresch Interventioun, déi sech bewusst kritesch-provokativ ëm d'Ëmwelt këmmt. Ëm d'Natur, ëm Recycling, ëm de Müll am grouse ganzen.

Dann hu mer d'Amis de l'Orgue an de Fimod un éischter Plaz, déi zwee ganz flott Projeten hunn, Melting Pot and Organized Chaos, an dann och de Festival, dee se um Enn vum Joer hunn, den Uergelconcours. Deen éischten Deel am Mäerz mat der Virféierung vun engem Film Die Meister des Windes, hei am Ciné Starlight. Dann de Concert, Melting Pot and Organized Chaos, de 26. Mäerz. Dann natierlech den Improvisatiounsevent, déi international Akademie déi se hunn, mat engem Ofschlossconcert Freides, den 9. September.

Mir hunn dann als nächst Antidote Fiction, dat ass e Projet vun der asbl Bombix, déi hei vun Diddeleng ass. Si ass an eise Centre d'Arten. Eng interdisziplinär Ausstellung, an där si hir Kënschler an deene verschiddene bildenden an duerstellende Konschten zesummebréngen. Si ënnersichen d'Roll vun der Industriegeschicht an der Formung vun der haiteger Welt.

Moving Lusitalia ass de Projet vum CDMH. Do geet et ëm Geschichte vu Leit am Quartier Italien. Déi verschidde Wellen, italienesch, portugisesch, ganz spannend a passt och ganz gutt an de Projet Re-Retour de Babel. The Visit vu Lucoda geet et bësselchen an déi selwecht Richtung. Och do sinn d'Bewunner vum

Quartier Italien, den Uert an och hir Geschichte sinn am Mëttelpunkt an och den Ausgangspunkt vun enger Performance, déi an deene verschiddenen Disziplinen do entsteet.

E roude Fue dem duerch de roude Buedem ass de Projet vum Masquenada, deen a verschiddene Gemengen hei am Süde wäert gewise ginn. Si erziele Geschichten ëm d'Dammen. Et si Seeërcher. Eis ass natierlech d'Elisabeth an nach déi eng oder aner Geschichte méi. An déi ass och am Kader vun eisen Acoustic Picnics duerno erëmfannen. Idem fir Desire Lines, och e ganz flotten, multidisziplinäre Projet, eng Promenade mat Geschichten.

De Minett Remix vun der Industriekultur CNCI ass an der Hall Fondouq an am Stolwierk. Do geet et ëm d'Fraen an der Industrie. Dat ass ee vun de villen Themen. E weideren ass d'urbanistesche Verännerungen am Laf vun der Zäit. D'Natur, den Impakt vun der Natur, an och wéi eng Fauna et hei gëtt, an nach déi eng oder aner Konferenz, déi sech wäert do raschläichen. Mee haaptsächlech dann Industriekultur.

Dann hu mer de Vestaire-Wagonnage, deen hate mer lech d'leschte Kéier en long et en large virgestallt. Dat ass an der Tëschenzäit e Projet, wou mir als Gemeng ganz staark involvéiert sinn. Do ass eng Konventioun mam DKollektiv gemaach ginn, an zwar vun Esch 2022 zesumme mat der Oeuvre. Dat ass e Projet, dee, wéi Der wësst – an dat konnt een och schon entdeckt bei deene verschiddene Visitten, deen och méi wéi lieft. Wou mir och zesumme mat eise Service technique e ganz reegen Echange hunn, fir dass mir d'nächst Joer am Fréijoer richtig starte kënnen. An dat ass och e Projet, dee méi wéi lieft.

Eis Kolleginnen a Kollegen hei aus dem CNA hunn de Magazine Residency, dat ass eng Kooperatioun mat Kaunas, an do entsteet och e Magazine iwwert déi Aarbecht, deen dann hei wäert ze kréie sinn. An hire grouse Projet, Our archive your story, wou si Geschichten a Biller a Filmer sammeln hei aus dem Minett, ënner anerem och zu Diddeleng. An dat wäert duerch de ganze Minett goen an och eng Plaz, wou d'Filmer recoltéiert ginn hei am Pomhouse, wou een da kann dozou bäidroen, dass eis Geschichte erhale bleift.

D'EuroCon ass déi grouss Versioun vun der LuxCon, de Festival vun der Science Fiction a vun der Fantasy. Dee fënnt hei am ganze Gebai an och ronderëm statt. Och do eng Zesummenaarbecht mam CNA a mat der Museksschoul. An do wäerte ganz vill interessant Gestalte ronderëm lafen. EuroCon, well et dann iwwert e puer Deeg geet. Déi éischt zwee Deeg sinn dann och fir Spezialiste reservéiert, déi da kënnen e bësse méi do fachsimpelen an och zwee Deeg, déi op si fir de Grand public.

The Assembly, eis VR-Erfahrung par excellence. Dat ass och eng multisensoriell Rees an eng Welt, wou Beweegungen a Kläng zesummekommen. Dat ass ganz flott fir ze kucken. Dat kann een awer och selwer maachen.

Dat gëtt ganz spannend. Dat an e puer Wieder ze resuméieren, dat bréngt mir ni fäerdeg. Muer gesitt Der e bësse méi an deem Film, wou mer wäerte presentéieren.

Dann de Youth Remix 22, dat ass de Projet vun der Museksschoul hei aus dem Land a virun allem aus dem Süden, wou och eis Museksschoul implizéiert ass, dee sech am ganze Süde wäert presentéieren. Ënner anderem hei zu Diddeleng, wou e puer Dausend Schüler sech treffen wäerten an zesumme musizéieren.

An da ginn et nach 2 oder 3 Projeten, un deene mir es just nach e bësse finanziell bedeelegen, respektiv och andeems mir Locaux setzen. Dat ass z.B. de Projet Belong oder och en neie Projet iwwert d'italienesch Migratiounsgeschicht, wou mer e bësse manner involvéiert sinn, wou mer och réischt kuerzfristeg do sinn, sou dass mer net all Detail hunn.

Mir hunn och e World Music Festival, dee wäert Statioun zu Diddeleng maachen am Kader vum Marché du Monde d'nächst Joer. An do fiddere mer lech natierlech och mat Informatiounen, wann et souwäit ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech soen dem John Rech Merci fir d'Presentatioun, respektiv d'Explikatioun vun deene 17 Projeten. An da géif ech d'Wuert ganz gäre weiderginn un d'Nancy Braun, dat a senger Qualitéit als Generaldirektesch vun Esch 2022 nach op eng Rei Punkte kann agoen, déi Diddeleng betreffen, awer net nëmmen Diddeleng betreffen, respektiv de leschte Stand an den Organisatiounen. Dofir géif ech him ganz gären d'Wuert ginn. An duerno maache mer sécherlech d'Ronn op fir d'Diskussioun an den Debat hei am Gemengerot, éier mer op de Vott iwwerginn.

NANCY BRAUN (GENERALDIREKTESCH ESCH2022):

Villmools Merci Här Buergermeeschter. No där kuerzer Präsentatioun hei ass et ëmmer erëm flott ze gesinn, wéi d'Projete sech gestalten an u wat am Detail geschafft gëtt. Ech si vläicht heiansdo e bëssen ze vill wäit ewech vun der Programmatioun. Mee dat hei ass ëmmer erëm interessant, fir ze gesinn, wéi äerdeg dass geschafft gëtt. An ech kann et ëmmer nëmmen ënnersträichen: d'Ekip ronderëm den John, wéi och alle aner, sinn do am Gaangen eng Mammutaarbecht ze maachen am Kader vun Esch 2022, mat all deene Projeten, déi sech do lo opbauen. Dat ass sou en Element, wat ëmmer erëm opkënnt. D'Leit sinn net au courant, si wëssen net, wat leeft. A wann ech awer bei all deene Projeten do kucken, wéi vill u Participativem do dran ass, a wann all déi Associatiounen a Strukturen, respektiv dir als Gemeng dat sou ëmsetzt, do ass herno jiddereen ugesprach a fënnt och eppes an deene Projeten, wéi se sech hei gestalten. Well et ass jo wierklech ganz Grand public gestréckt an et ass och flott ze gesinn, dass et Projete ginn, déi am Fong 2007 initiéiert gi sinn, dass déi lo e Renouveau fannen an dass deen Engagement, deen deemools geholl ginn ass, nach eng Kéier honoréiert gëtt an nach eng Couche dropgesat gëtt. Dat ass och geschafft mat

Impakt a Wäitsiichtegkeet. An dofir fannen ech et och immens flott, dass sou Initiative weider geholl ginn.

Vläicht generell e Punkt, wou mer lo mat den Aarbechten dru sinn, mat Esch 2022 an am groussen ganzen. Dir hutt et warscheinlech matkritt, déi lescht Deeg hate mer relativ vill Presenz doruechter, notament hei och zu Diddeleng, wéi de Skoda Tour de Luxembourg hei seng Plaz hat, a wou mer och wollte weisen, och wa mer lo net ganz vill Sportsprojeten an eiser Selektioun hunn, well am Fong weider kee Sportsprojet soumettéiert ginn ass, ausser e Film iwwert de Fraefussball, wat awer och ganz interessant ass. Sport gehéiert och zu onser Kultur, surtout de Vëlosport, dofir ware mer och ganz frou, eng Presenz bei deem Tour konnten ze hunn, fir och Visibilitéit kënnen ze schafen. An doréms geet et jo letztendlech, Visibilitéit schafen, fir opmierksam ze maachen op de Projet an all senger Facetten, déi en am Gaang ass, ze developpéieren. Verschidde Campagnë si lancéiert ginn, vun der Image-Campagne bis zur Tourismus-Campagne. Alles Elementer fir de Projet an de Virdergrond ze bréngen. A mir waren och elo ganz aktiv während der Semaine européenne de la Mobilité. Och e weidere wichtege Punkt am Kader vun Esch 2022. Lo am Oktober ass hei zu Lëtzebuerg eng Klimakonferenz, wou mer vum Ministère du Développement durable gefrot gi sinn, fir och eng Presenz ze hunn an eng Konferenz ze halen. Och do ze soen, wéi wichteg, dass och déi Elementer si vun Esch 2022. Et ass net e kulturellen Agenda vun iwwer 2000 Evenementer, mee do si ganz vill aner Aspekter, déi och wichteg sinn a wou ech och weess, dass déi och de Gemenge wichteg sinn, fir och herno deen Impakt kënnen ze schafen, dee mer och wëlle schafen.

Mir hunn déi Presenz, déi mer lo haten, an déi wäert sech weider ausbauen. Dat souwuel um lokalen, wéi awer och um internationale Plang. D'nächst Woch si mer zu Kaunas, wou er zesumme mat eise Partnerstied Kaunas an Novi Sad eng international Pressekonferenz hunn. Do gëtt de Programm fir Kaunas virgestallt. Mir kënnen awer och eng kuerz Interventioun maachen, wat eis Re Kaunas an Novi Sad ass. An dat ass eng flott Occasioun, fir do och déi europäesch Dimensioun no vir ze bréngen. Mee natierlech wëlle mir do och déi international Press drop opmierksam maachen, dass mir selwer den 28. Oktober eng grouss Pressekonferenz hunn. Zu Esch an der Rockhal. Wou am Fong iwwert de ganzen Dag Elementer, déi fir Esch 2022 wichteg sinn, duergestallt ginn. Moies geet et dann éischter iwwert de Programm, wou dann déi 2000 an 22 Aktivitéite wäerte presentéiert ginn. Mir probéieren dat op eng Aart a Weis ze maachen, dass et och liicht verdaulech ass, well mir kënnen jo net 2022 Aktivitéiten oder Projeten am Detail presentéieren. Mee just fir ze soen, dass op deem Dag eisen Internetsite alimentéiert ass mat deene verschiddene Projeten an Aktivitéiten, an dass een dat da kann do consultéiere goen. Do wäerte mer och nach eng Kéier driwwer schwätzen, wat den Développement touristique ugeet, déi nei touristesch Produiten ugeet, wou mer dru sinn. Spréich de Minett-Trail, spréich Mi-

nett-Cycle Tour. Mir wäerten iwwert de Zoom-Minett schwätzen, de Guide touristique, dee mer am Gaang sinn, ze schreiwen an deen am November wäert virgestallt ginn. Do sinn eng Hellewull Saachen, déi do wäerten um Ordre du Jour sinn.

Da geet et natierlech och ëm den Développement durable an den Développement du Territoire. Och en Element, wat an deem Sënn wichteg ass. An och eis Partner, spréich eis Finanzéierungspartner, wäerten do zu Wuert kommen. Dat heescht, all Virwëtz, wat elo de Programme général ass, deem kënnen mer bei der Pressekonferenz den 28. Oktober Rechnung droen. Wou mer da lokal aktiv sinn, dat ass déi Pressekonferenz. Et geet awer elo schonn un, an Dir hutt et warscheinlech matkritt, dass mer ab Freideg hei zu Diddeleng eise Remix-Festival starte wäerten. An dee Remix-Festival ass am Fong geduecht, fir sou eng Préfiguratioun ze gi vun der Ouverture vum nächste Joer, den 26. Februar 2022. Während deem Remix-Festival wäerte mer verschidde Projete weisen, respektiv och weisen, wéi se opgebaut ginn, wéi se sech gestalten. Et wäerten Debat-Konferenze sinn, wou et och ëm Europa geet, europäesch Identitéit. A wou mer am Fong jiddwereen, dee Loscht huet matzemaachen, invitéieren, dat ze decouvrieren. Dat si flott Plattformen fir einfach matzedanken a matzegestalten. Fir dass och déi Elementer, déi dann no Konferenzen an no deenen Eechangen do waren, fir dass déi och kënnen aktiv mat agebaut ginn, wa mer d'Konzept fir de 26. Februar finaliséieren.

Ech si frou, dass mir dat hei zu Diddeleng an der Kierch kënnen starten, wou net nëmmen d'Uergel zum Virschäi kënnt. Do gëtt et eng Danzperformance, et geet ëm Industriekläng. Jee och do e grouss Remix vu verschiddenen Elementer, déi eebe solle virwëtzeg maachen op dat, wat kënnt. Do donieft si mer och, an dat vläicht laangfristeg geduecht, am Gaangen ze kucken, wat elo un deene Projeten, déi elo developpéiert ginn, fir do ze recenséieren, wat fir eng Projete wäerte sech weider developpéieren. A wéi kënnen déi och duerno weider an de Grapp geholl ginn, fir dass et och wierklech weidergeet a fir dass déi Investissemen-ter, déi gemaach gi sinn, dass déi och hir Friichten duerno wäerte weider droen. Do si mer am Gaang, un engem Katalog vu Projeten ze schaffen, déi mer zesummestellen, déi mer warscheinlech och elo an engem gewësse Moment dem Syndicat PRO-SUD wäerte virstellen. Well dat déi Struktur ass, wa mer lo just regional denken, sou Initiativen, wéi mer se geholl hunn och kënnen weider ze driewen. Bon, dat ass am Fong eis lerschaft 2022, déi mer do wäerte preparéieren.

Da vläicht e lescht Element, dat lech vläicht och usprécht. Dir hat et och vläicht matkritt, mir hunn eng Campagne lancéiert, wou mir Benevole siche fir Esch 2022. A wéi solle se och anescht heesche wéi „Remixer“. Mir kommen einfach net laanscht deen Terme Remix. An eis Benevollen, déi heeschen da Remixer. Mir sichen ëm déi Dausend Leit, déi eis hëllefen. An dat net nëmmen am Kader vun der Ouverture d'nächst Joer, well do ganz vill Hänn gebraucht gi fir

matzedenken, awer och fir konkret um Terrain matze-schaffen. Wat awer interessant ass bei där Commu-nautéit, déi mer do am Gaang sinn opzebauen – mëtt-lerweil si mer kuerz iwwer 500 Leit, déi schonn en Deel sinn dovunner. Dat sinn och ons Ambassadeuren, sou wéi ech och lech gesinn als Ambassadeure vun Esch 2022, déi ronderëm hiert Netz hunn an och iwwert de Projet kënnen schwätzen an déi Messagen, déi ons wichteg sinn, vehiculéieren. Wat och ganz wich-teg ass an deem Kader ze betounen, ass, dass et net nëmme Leit sinn, déi a Projekte wäerten hëllef, déi mir als Exekutivstruktur opbauen. Mee et wäerten och Leit sinn, déi zum Beispill, an dann huelen ech hei déi Diddelenger Projeten, déi och an deene Projekte kënnen eng Hand upaken, wann do Hëllef gebraucht ass. Dat geet am Fong ganz einfach. Mir brauche just gewuer ze ginn, wat fir eng Hëllef gebraucht ass an da wäer-te mer déi Communautéit aktivéieren. An déi Leit, déi dann Zäit a Loscht hunn, déi wäerte sech dann och mellen a matschaffen.

Wat amo Fong flott ass, iwwert dee Wee léiert een nei Leit kennen, et léiert een nei Projekte kennen, et léiert een de Programm kennen, an et léiert ee seng Region kennen, an där ee leeft. An eeben och sou kënnen Ambassadeur ze gi vun där Region, an där een ënnerwee ass. Wéi gesot, och do en Appell un lech, och Dir als Ambassadeur, mee vläicht och Äre Rese-au, deen Der hutt, ze motivéieren, fir matzemaachen. Well ech soen et ëmmer erëm, mir als Exekutivstruk-tur eleng, mir kënnen dee ganze Projet net stemmen. An do si mer einfach drop ugewisen, dass all Gemeng, all Struktur, mat ons denkt, mat ons kommuniquéiert a mat ons Messagen erausdréit. An dat fonctionéiert scho ganz gutt. Quitt datt vläicht dat eent oder anert nach muss nogebessert ginn. Mee ech mengen, wa mer dat doten alleguer zesumme maachen, da kréie mer e supert Joer d'nächst Joer an hunn och eng im-mens flott Plattform fir dann och duerno kënnen den Impakt ze genéissen, vun deem, wat mer alleguerten hei zesumme gestalten.

Voilà, dat lo mol als Round-up, wou mer grad am Gan-ge sinn, drun ze schaffen. Wann natierlech Froe sinn, zéckt net. Entweder elo oder méi spéit eng Kéier. Mir sinn als Exekutivstruktur gären op fir alles entgéint ze huelen, wat Dir gesitt. Wat fonctionéiert, natierlech och wat net fonctionéiert. Och do si mer frou, wa mir et gewuer ginn, well mir gesinn net alles a si ganz frou, wa mer en Input kréien, fir dass mer och Saache kënnen änneren an och kënnen drop reagéieren. Voilà. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Och dem Nancy Braun e Merci fir deen Iwwerbléck, deen et gemaach huet, par Rapport zu deem, wat sech generell an der Region deet vu Projeten, mee awer och mat der Zesummenaarbecht. An ech wéilt do anhaken a soen, dass ee jo och bei der Presen-tatioun vun deene 17 Projeten hei zu Diddeleng gesäit, dass mer engersäits Projeten hunn, wou mir mat ei-sen Nopeschgemengen zesummeschaffen. Mee awer och, wéi lo schonn ugeklongen ass, mat Kaunas an

Novi Sad och probéieren, déi europäesch Dimensioun och um lokale Plang ze deklinéieren. Och wa mir um regionalen an nationale Plang probéieren, dat mat er-anzehuelen. Wat jo net oninteressant ass, well hei 11 Gemenge Porteur de projet an och Partner sinn, fir dat heiten ëmzesetzen. Et ass jo och sou, dass all Mount de Fokus op enger Gemeng gesat gëtt. Wou jo viraus-siichtlech vum 22. Mee bis den 21. Juni de Fokus op der Stad Diddeleng läit. Dat ass jo och flott, fir dat all Kéiers kënnen ze highlighten an der Programmatioun. An och wa mer ee Porteur de projet hunn, eng Stad awer och déi aner Gemengen hir Projeten an d'Vitrinn setzen iwwert dat ganz Joer. Awer och spezifesch op deem Mount, wou de Fokus op d'Gemeng, op d'Stad gesat gëtt, dat nach eng Kéier kënnen maachen.

NANCY BRAUN (GENERALDIREKTESCH ESCH2022):

Ech wollt vläicht do nach eppes derzou soen. Wann de Fokus op der Gemeng läit, dat ass lo fir Diddeleng vum 22. Mee bis den 21. Juni, do ass et eis wichteg, déi verschidde Gemengen eng Kéier an de Fokus ze stellen, fir einfach d'Richesse vun där ganzer Region duerstellen. Et geet natierlech op där enger Säit ëm de kulturellen Agenda, dee gewise gëtt. Op där anerer Säit geet et awer och drëm, wat ass um touristesche Volet, wat ass do wichteg an där jeeweileger Gemeng? Fir och dat an Evidence ze setzen, och do den Invest ze weisen, deen do gemaach ginn ass, respektiv nach ëmmer gemaach gëtt.

An da geet et awer och ëm d'Leit aus de Gemengen. Wie wunnt do? Wie sinn déi Leit? Firwat liewen déi gä-ren an där Gemeng? Wat mécht déi Gemeng am Fong aus? An, natierlech, an dat ass am Kader vun deem ganzen Développement du Territoire, wou mer och ze-summe mam Ministère, mam Här Thommes zesumme kucken: Wat ass den Développement a wat ass d'Zu-kunft vun deene jeeweilege Gemengen? Well finalement geet et jo och an deem Projet drëms fir d'Zukunft an der Region ze weisen, déi eebe sou zesummegeallt ass, wéi se ass. Fir do eeben och d'Investissementpo-tenzial ze weisen, a fir dat wierklech op d'Landkaart ze bréngen. Jo, pro Mount ass wichteg. Pro Mount ass och wichteg, den Agenda ze weisen. Mee alleguerten déi aner Aspekter, déi matdroen, dass den Esch2022 am Fong net just als Kulturjoer duergestallt gëtt, mee dass et am Fong et Projet ass, dee sech an der Durée wäert weider developpéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, mir sinn zum Schluss ukomm vun de Presen-tatiounen, an ech soll d'Diskussioun roueg opmaachen, wa Froe sinn, Remarque si ronderëm deen dote Projet?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buer-germeeschter fir d'Wuert. Ech erlabe mer eng kleng Prise de position vun der CSV Diddeleng ze huelen an hunn awer och e puer Froen, wat d'Konventioun an d'Annexen ubelaangt. Am Abrëll 2016 huet d'Didde-lenger CSV natierlech, wéi alleguerten heibannen, de Soutien gi fir d'Kandidatur vun Esch fir d'Europäesch Kulturhauptstad 2022. An am Mäerz 2019 hu mer och zougestëmmt, dass eis Stad Diddeleng Membre

actif vun der asbl Kulturhauptstad 2022 sollt ginn. Mir hunn och ëmmer betount, dass d'CSV voll a ganz hannert dem Projet steet, deen eng enorm Plus-Value fir eis Stad, eis Region an eist Land wäert bréngen, an dat natierlech och iwwert d'Joer 2022 eraus.

Dass de ganze Projet e bëssen holpereg ugefaangen huet, dat kënnt eebe vir, dat loosse mer lo mol hannert eis. An elo ass de Projet op der Schinn. Lo rullt et. A lo kucke mer ganz positiv a ganz virwëtzeg an e bëssen opgereegt no vir. Lo geet et lass mat den Detailaarbechten, lo maache mer Neel mat Käpp. Mir... mir soen dat sou déck hei „mir“. Mee dat sidd Dir, d'Madame Braun an Är Ekip, den John Rech, d'Marlène, d'Patricia an hir Ekip. An erlaabt mer awer och e grouss Bravo un lech auszedrécken a Felicitatiounen. A mir wënschen lech weiderhi vill Courage, fir déi nächst Méint a Joren. Dir hutt eise Respekt, eis Unerkennung, eis Ënnerstëtzung, dat kann ech just ëmmer nëmme widderhuelen. Mee den Erfolleg vum Projet Europäesch Kulturhauptstad 2022 steet a fält mat dem Programm, den Iddien a virun allem och der Akzeptanz vun den eenzele Projeten duerch d'Leit. Dir hutt et schonn uklänge gelooss, alleguerten, déi elo intervenéiert sinn: d'Leit vun Esch, vun Diddeleng, aus der Südreion, aus dem Land, an och d'Touristen, déi oft vu wäit heihinner kommen, fir déi eenzel Eventer an Attraktiounen ze begleeden, déi dierfen eis Region an eis Leit kenneléieren, a wäerten och hoffentlech no 2022 den Interessi un der Kultur an eise flotte Eck vum Land behalen. Voilà. Dat als kuerz Introductioun, lo kommen ech zu de Konventiounen an zou den eenzele Projeten.

Mir kruten d'Projete virgestallt. Villmools Merci och dofir. Dat war kurz und knackig, da kann ee sech op eppes drënner virstellen. Eis gefält och virun allem dee Projet JazzXchange, well dat déi Kooperatioun ass mat deenen aneren zwou europäesche Kulturhauptstied. Et kann ee vläicht och nach eng Kéier d'Chiffere soen. De Projet ass hei an der Konventioun ugi mat 144.480€. Kofinanzéiert soll et da gi vun der asbl mat 72.240€.

Ganz cool ass natierlech de Projet Acoustic Picnics mat deene ville Manifestatiounen. Dat gëtt bestëmmt ganz flott op der Haard. Do ass just meng Fro, et huet geheescht, maximal ass d'Kofinanzéierung 50%. Hei kréie mer e bësselche manner. Do ass meng Fro: Firwat ass dat esou? Vun deenen 114.849 € sollen der 51.674 € kofinanzéiert ginn. Dat wäert 45%. An och eng zweet Fro: Wéi ass do d'Participatioun vun der Gemeng Keel? Well dat jo och e gemeinsame Projet ass vun deenen zwou Säiten.

Usina2022. Wow – Kings of Leon! Do has De awer gutt geschafft John, tip top! Dat freet eis natierlech immens. Ech huele jo och un, dass do d'Fête de la Musique inclus ass, dass dat am Fong sou geduecht ass. Dofir sinn et jo och déi zwee Deeg am Juni. Ech huelen un, dass mer dann net nach extra eng Fête de la Musique maachen an ech mengen dat hues Du och sou uklänge gelooss ... Ah, do kommen nach Detailer:

Voilà. Dat war meng Fro. Immens cool ass natierlech de Projet Re-Retour de Babel. Virun allem déi Kontinuitéit vun deem Projet 2007. Meng Fro: et ass do ugeklongen an der Presentatioun, wéi wann dat awer a méi engem klengen Kader programmiert ass. Deemools war dat jo mega-cool op der Schmelz, déi Rise-Panneauen, déi Rise-Fotoen. Ass do nach vläicht nach eng Erweiterung vun deem wat hei am Deskriptiv ass virgesinn oder ass dat wierklech just konzentréiert op d'Galerie, wou et soll presentéiert ginn? Dee Projet, mat 151.900 €, dee gëtt jo och kofinanzéiert mat 75.600 €. Also en décke Batz ass natierlech den Usina. 1,4 Milliounen. Kloer, wann een zwee Deeg laang Musek mécht, da kascht dat, a sou Headliner, déi komme jo net fir näischt hei hinner. An do si mer natierlech dann och frou, wann de Kofinanzement mat 800.000 € och signifikant ass.

Voilà. Ech hunn elo e bësselchen ausgerechent, wat déi ganz Projeten eis géife kaschten. Doriwwer ass am Fong lo nach guer net Rieds gaangen. Wann ech dat richtig matgerechent hunn, da komme mer op ronn 1,8 Milliounen. A wann ech gekuckt hunn, d'Kofinanzement ass 1 Millioun. Dat heescht dat géif eis 80.000 € kaschten, wann ech dat richtig ausgerechent hunn. Wa mer dat dann op eis Awunner héichrechnen, 20.500 héich gegräff, da si mer bei 38.- € pro Mann und Nase. An ech ka mech erënneren, bei der Declaration d'Intérêt, do war déi grouss Fro och: Wat kascht dat Ganzt eis? An du si mer ausgaange vun enger Zomm vu 50 € pro Awunner, wat sécher awer eppes ass, wat ee sech Kultur ka kaschte loosse fir eis Diddelenger Leit. Wat awer elo do nach dobäi kënnt, an dat ass lo meng Fro: Mat deenen 13 Projete vun den Associatiounen? Wéi ass do eis kommunal Bedeelegung? Oder hunn déi direkt och vläicht eng Konventioun gemaach mat der asbl? Dat ass mer net ganz kloer, wéi dat do sollt lafen. An dann ass eeben eng aner Fro: Ginn et och Projeten hei zu Diddeleng, déi lo hei nach guer net erwäant gi sinn? Déi kofinanzéiert gi vun der asbl? Awer och vläicht eng Fro, déi d'Leit vu baussen interesséiert. Ech mengen John, Du has et an där informeller Sitzung deemools gesot. Dat wär vläicht net schlecht, dat hei och nach eng Kéier offiziell ze soen. Wéi vill Projeten haten Diddelenger Leit oder Veräiner iwwerhaupt raginn? A wéi vill konnten net berécksiichtegt ginn? Et ass vläicht awer vun Interêt, fir dass mir dat och no bausse kënne kommunizéieren. John, wann's De dat nach vläicht am Kapp hues?

An dann ass och eng grouss Fro, déi mir eis gestallt hunn: Wéi ass et insgesamt mat iwwerregionale Projeten, déi iwwert d'Gemengen erausginn? Acoustic Picnics gëtt jo mat der Keeler Gemeng zesumme gemaach. De Projet Museksschoul ass jo och e Projet, deen iwwer alleguerten d'Regioun geet. A wéi ass do eis finanziell Bedeelegung? Ass do nach eppes virgesinn? Kommen do nach aner Depensen op eis duer? Och eng grouss Fro, déi sech stellt, déi sech och vill Leit dobause stellen: Wéi ass et mat de franséschen Nopeschgemengen? Do denken ech, an dat hat ech och schonn uklänge gelooss, bei där leschter Prise de

position, wéi ass et do mat de Finanzen? Well déi Gemenge sti sech jo all – oder vill - net sou super gutt. Kënnen déi sou ee Projet stemmen oder ass do eng aner Konventioun virgesinn? Den Här Buergermeeschter huet gesot, d'Konventiounen sinn u sech iwwerall d'selwecht. Mee ass do vläicht méi eng héich Participatioun vun der asbl virgesinn? Well ech géif et schued fannen, wann déi Gemeng wéilte flott Projekte stemmen an awer un de Finanzen géifen hänke bleiwen.

Da kommen ech zu der Konventioun selwer. Déi hunn ech mer natierlech och ganz akribesch duerchgekuckt. Do steet dann den Artikel „Promotion du projet culturel“. Do ass da meng Fro, wie bezilt wat? Ass dat ganz kloer? Calicoten an Annoncen, dat ass do net ganz kloer. Bezilt d'Gemeng alles, wou d'Gemeng och mat dran ass oder bezuelt Dir alles? Radiospot, gesponsord Facebook-Säit... dat ass mir net ganz kloer. Wat kënnt do nach u Fraisen op eis duer? Den Artikel 6 vun de Finanzkontrollen. Also dem John seng Ekipp ass jo lo net mega grouss a wann ech awer kucken, do musse „Rapport financier intermédiaire“ a „Rapport financier final“ gemaach ginn. Lo ass meng Fro, ob den John a seng Ekipp dann do e Finanzberoder dobäi hunn, oder een, dee sech nëmmen ëm d'Finanzen këmmert. Well si si jo haaptsächlech fir déi kulturell Aktivitéiten zoustänneg. Oder mécht dat eise Service Compta? Well dat ass jo net näischt, wat do muss kontrolléiert an akribesch opgelëscht muss ginn.

Voilà. Dann den Appell des Bénévoles. Doriwwer ass scho geschwat ginn. Do ass d'Fro: wéi wëlle mir hei zu Diddeleng do weider goen? Ech hunn déi Campagne vun der asbl natierlech och matkritt. Mee wéi wëlle mir do weiderfueren? Dat ass jo bénévolé fir wëllen eng Hand mat unzepaken, dat ass ëmmer e grousst Wuert. Z.B. steet herno dee Projet No litter team, wat ech ganz cool fannen. Mee och z.B. de Catering bei deenen néidegen Eventer, wéi gi mer do vir? Organiséiere mer dat mat enger Agence oder mat eise Veräiner? Wie mécht do d'Koordinatioun? Dat ass jo awer eng Fro, déi och ganz wichteg ass.

Dann hunn ech mer perséinlech d'Fro gestallt mat der Propriété intellectuelle. Wann ech dat richtig verstane hunn an der Konventioun, da gëtt de Kënschtler säi Recht op Propriété intellectuelle fir zwee Joer of. Wann awer elo ee seet: Ech wëll dat just fir sechs Méint ofginn, well duerno hunn ech iergendwou en internationalen Event, wou ech meng Ausstellung oder mäin Theaterstück ka virstellen. Ass dat en Handicap gewiescht? Dass do vläicht effektiv Kënschtler hir Propriété intellectuelle net wollten zur Verfügung stellen? Dat ass eng interessant Fro, a vläicht kënnt Dir mer do nach eng Explikatioun dozou ginn. Wat hunn ech nach? An den Annexen, do ass z.B. déi Fro mat der Réservation des places. Wéi vill Prozent soll ee bei deene jeeweilege Spektakelen fir d'asbl zur Verfügung stellen? Wann ech dat richtig verstane hunn, dann ass dat net fir VIPs-Kaarte fir näischt ewechzeginn. Wann ech dat richtig verstane hunn, geet et haaptsächlech drëm, dass Dir wëllt sou Packagen ubidden fir Reesagencen, wa se wëllen hei hinner kommen. Do

stoung nämlech, d'Modalitéite misste bis den 31.6. kloer sinn, wéi vill Prozent dat ass. Dat ass vläicht och just eng Interessifro.

Ganz cool ass natierlech, do ware mer alleguete frou heibannen, dat ass d'Annex 6, iwwert d'Charte de Développement durable. Déi ass ganz usprochsvoll, fannen ech. Do sinn awer e puer sou Detailfroen, wou ee sech ka Froen stellen, wéi een dat kann ëmsetzen. Z.B. „Porteur de projet“, do steet dann och bei der Charta, Punkt 2: „Le porteur de projet s'engage à proposer des menus comprenant 50% de plats sans viande ni poisson avec au moins une solution végétarienne.“ Et ass mir net ganz kloer, wéini een dat virgesi soll. Sinn dat eis Food-Trucken, déi mer dohinner stellen, oder ass et dat, wat d'Kënschtler kréien? Oder muss een dee Menü all Dag proposéieren? Et ass mir net ganz kloer, wéi Dir dat gemengt hutt. Dofir wier et vläicht cool, wann een do awer eng Explikatioun kéint kréien. Ech fannen dat ganz flott, dass mer do vill Wäert drop leeën. Europa kuckt op eis. A vill Südgemenge si Klimabündnisgemengen, an ech denken dat doten ass eppes, wat mer alleguete cool fannen. Mee dat ass warscheinlech och e bëssen en Challenge, jee no deem, wéi een do de Catering oder d'Restauratioun ronderëm organiséieren. Genau sou mam Système de tri. Ouni lo béis wëllen ze sinn, mee mir hei zu Lëtzebuerg hunn eng relativ Tri-Kultur. Ech froe mech och do mat deenen anere Gemengen, déi vläicht net am Klimabündnis sinn, vläicht och déi jenseits vun der Grenz, ob do net vläicht eng extra Hëllef muss gemaach ginn, fir dat besser hinze kréien. Et weess een, dass do den Thema Klima a Müllvermeidung vläicht net so prioritär behandelt gëtt, wéi hei zu Lëtzebuerg.

Wat ech och ganz gutt fannen, dat ass dass mir „Supports en langue facile à lire“ „Einfache Sprache“ hu fir d'Kommunikatioun vun den Evenementer ze maachen. Dat fannen ech extrem wichteg, dat ass eppes, wat ëmmer méi wichteg gëtt an eiser Gesellschaft, fir eng Inclusioun ze maachen, fir dass och jiddwereen et versteet a Loscht huet, u sou Projekte matzemaachen. Och ganz flott ass, dass d'Selektioun vun de Gadgets soll wierklech duerchduecht sinn, dass dat soll nohaltend sinn. An da kommen ech awer op e Punkt, dee mer e bëssen ze denke ginn huet. Dat ass op Säit 5 vun där Annex. „Esch2022 s'engage à faire la promotion d'une charte Esch B&B s'articulant autour du développement durable autour des hébergements du type Bed & Breakfast.“ Mir haten hei schon e puer Mol d'Diskussioun, wéi et ass mat den Airbnb-en, déi hunn, wann ech mech net ieren, hei zu Lëtzebuerg keng rechtlech Basis. A wéi eng Richtung soll dat do lo goen? Well fir mech ass Airbnb, ech weess emol net, ob et rechtlech erlaabt ass, op jiddwer Fall ass et, souwäit ech weess, net richtig gereegelt. An a wéi eng Richtung wëllt Der do goen? A stousse mir eis do net un der Gesetzgebung, déi et momentan gëtt? Kuerz ënnendrenner steet dann och: „Esch2022 s'engage à accompagner les touristes étrangers dans la découverte de la région et de ses spécificités.“ Do ass meng Fro natierlech och hei un eise Schäfferot: Wéi maache mir dat heit zu Diddeleng? Wat hutt Der

do wëlles? Gëtt de Syndicat opgestockt? Mir hate jo schonn eng Kéier händeringend no Guidé gesicht fir duerch Diddeleng ze fueren. Dat war net sou eenditeg, do hate mer net schrecklech vill Succès. A wéi eng Richtung wëlle mir do goen? Siche mir nach extra Diddelenger Leit oder hänke mer eis do un déi Benevolen, un d'Remixer, déi vun Esch2022 rekrutéiert ginn?

Voilà. Ech hat scho vum No litter team Rieds. Dass dat Leit sinn, déi duerno iwwerall derduerch ginn an d'Stad propper halen. Et ass jo net sou geduecht, dass dat nëmmen eis gutt Leit aus dem Service Hygiène sinn, mee dass dat och sollen „normal“ Bierger sinn. An a wéi eng Richtung denkt Dir do, fir déi Leit ze rekrutéieren? Ganz wichteg ass natierlech och d'Participatioun vun de Citoyenen. An der Annex 7 gëtt vill Wäert drop geluecht, dass déi agebonne ginn, dass dat wichteg ass. Ech mengen, do si mir eis all eens.

Voilà. Da kommen ech awer nach zu enger Saach. Mir hate lo Rieds vun der Hall des Vestiaires. Do hu mer lo keng Konventioun gemaach. A meng Fro, well mer do ënnerstëtzt gi vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte, dofir hu mer do lo keng Konventioun mat der asbl méi gemaach. Ass dat richtig? Eng grouss Fro ass natierlech: Wéi ass et mat eisem berühmte Floater? Wou si mer do dru mat eisem coole Projet d'hébergement, deen eis leider, leider net vu verschiddene Ministère sou gestatt gouf, wéi mir eis dat virgestallt hunn. Wéi gesäit et domadder aus? A wéi gesäit et do och mat de Finanzen aus? Ech hunn awer nach eng aner Fro. Wéi ass et mat Sponsoring? Et gouf ëmmer gesot, privat Firme kënnen och Sponsoring maachen. Do ass eng ganz praktesch Fro: Mussen d'Gemengen oder d'äerfen d'Gemengen och Sponsore rekrutéieren? Z.B. fir déi, déi nëmmen e Projet vun Diddeleng sponsoren. Ass dat erlaabt oder net? Ech hunn dat nach net an der Konventioun richtig fonnt, vläicht hunn ech et iwwersinn.

Voilà. Dat waren e puer Froen, déi mer duerch de Kapp gaange sinn oder déi mer opgefall sinn, wéi mer dat heiten alles gelies hunn. An ech soen nach eng Kéier villmools Merci der Madame Braun, Merci John an der ganzer Mannschaft. Ech soen natierlech och alle Kënschtler an Intervenanten an Organisateuren an och de Gemengeservicer elo scho villmools Merci. An als Conseiller ass et mengen ech eng Selbstverständlechkeet als Ambassadeur a Multiplicateur aktiv ze ginn. Et läit och un eis fir ze hëllefen, dass de Projet dee Succès kritt, deen e verdéngt. A mir freeën eis, si gespaant, excitéiert a motivéiert, fir dass de Projet Esch2022 mat Liewe gefällt gëtt an dee Succès kritt, deen e verdéngt huet. Bonne chance nach!

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech der Madamm Kayser Merci soe fir déi generell Zoustëmmung fir déi heite kulturell Entreprise, déi mer aginn als Gemeng, awer och regional. Et sinn eng ganz Rei Froen gestallt ginn. Do wäerte sécherlech den John Rech an d'Nancy Braun drop äntweren an da wäert ech och nach op e puer Punkten agoen. Ech weess net, wie vun iech zwee wëll ufänken?

JOHN RECH (SERVICE CULTUREL): Ech hu probéiert, ganz vill Notizen ze maachen. Ech fänke mat de Projeten un. De Re-Retour de Babel, dee wollt mer à échelle humaine halen. En ass och anescht wéi déi leschte Kéier. Mir hate jo d'leschte Kéier och gesot, dass mir deen an der Kontinuitéit vun eise Kulturhaaptstadsprojete gesinn. Déi eischte Kéier 1995 ass den CDMH opgaangen. 2007 hate mer déi grouss Expo Retour de Babel. An dës Kéier eeben de Re-Retour de Babel, wou mer méi op de Mënsch, à échelle humaine, op Geschichte vun de Leit aginn. Dat ass haaptsächlech an eisen zwee Centre d'Arten. Mir gesinn awer z.B. och eng Konferenz, oder eng Erzielung am Kader vun engem Acoustic Picnic vir. Mir kënnen eis ganz gutt virstellen, dass dat och am Vestiaire-Waggonnage ka stattfannen. Mir kënnen eis och eng Konferenz hei am Haus, e bësse méi spët am Joer virstellen. Also mir halen eis do nach vill Méiglechkeeten op. Awer et soll tatsächlech e bësse méi kleng sinn. Mee virun allem ass eis wichteg, dass einfach déi Recherche ronderëm eis Originne weidergeet. Vu wou komme mer hir? Wat sinn eis Wuerzelen? Wat bleift? Wéi evoluéiert Diddeleng? Ee vun den Themen, dee mir z.B. beschwat hunn ass d'Migratioun fort vun Diddeleng aus Wunnengsgrënn. Well d'Leit sech hei op verschiddene Plazen am Süde mol keen Haus méi kënnen leeschten. Firwat sinn déi da fortgaangen? Och dat kann a soll Inhalt gi vun enger Konferenz, déi mer virhunn.

Zum Festival Usina22, dat fällt net wäit ewech vun der Fête de la Musique. Mir hunn de Moment nach ëmmer déi zwee um Panneau. Mir hunn do verschidde Consideratiounen. Mir loossen eis dat nach e bëssen duerch de Kapp goen. Dat eent ass net dat anert. Den Usina22, dat ass eng Geschicht vun 2 Deeg. Et ass op deem Weekend, et ass op 2 vun deenen 3 Deeg, mee mir halen eis nach net fest, wéini. Ob et Freides oder Sonndes ass. Sécher sinn d'Kings of Leon samschdes. Mir kucken, wien deen aneren Headliner ass. Et muss ee wëssen, een Dag ass gratis bei deem Festival. Et muss een natierlech duerno d'Leit zielen, et muss een sech e Bändche siche goen, et ass awer gratis. An deem zweeten Dag, dee mat Kings of Leon, wäert mat engem Entréespräis vu 35 € plus Virverkafspräis zu Buche schloen, dat heescht ongeféier d'Halschent vun deem, wat sou e Festivalsticket normalerweis géif kaschten. Dat natierlech dank Esch2022 an dëser Geleeënheet, an och well mer eng ganz gutt Aarbecht mat eise Partner, De Gudde Wëllen an dem Atelier hunn. An et soll jo och eng Vitriinn si vun der Lëtzebuerger Zeen, haaptsächlech déi aus dem Süden, mee och déi aus dem Rescht vum Land. Och Rotondë wäerten sech do presentéieren oder sou e Festival wéi Koll an Aktioun, deen och eng gréng, alternativ Ausstralung huet an deem Sënn. Et war eis wichteg, Partner ze huelen, déi ganz engagéiert sinn an der Lëtzebuerger Zeen. Fête de la Musique, déi wëlle mer eigentlech bäibehalen, well se am Zentrum vun Diddeleng ass.

A mir fäerten e bëssen, also mir als Organisateuren am Service Culturel, dass no 2 Joer Pandemie, an 2

Fête de la Musiquen, eng Kéier eng am 3 Owenter à 50 Leit. A lo eng mat 4 Owenter à 500 Leit, dass wa mer nach en drétt Joer aussetzen, dass eis déi Séil, déi mir iwwer 18 – 19 Joer opgebaut hunn, verluer geet. Dat heescht, mir géife scho ganz gären am Zentrum bleiwen. Et gëtt en onwarscheinlechen Challenge, mee an eise Kapp wëlte mer nach do bleiwen. Mir halen lech do um lafenden. Mee et ass e bëssen do, wou mer wëllen higoen.

Bei den Acoustic Picnics war d'Fro: Firwat 45%? Ganz einfach, mir hunn der just 45 gefrot. Mir haten eise Budget scho ficeléiert, an du ass d'Gemeng Keel-Téiteng dobäikomm, nodeems mir scho mat Esch2022 iwwert d'Zomm geschwat hunn, ass et on top komm, well se en änleche Projet haten. An du hu mer dat beienee geschloss. Mir hunn dann och an deem Sënn just 45% gefrot. Da Budget aner Projeten. Mir haten am Joer 2021 300.000 € virgesi fir d'Preparatioun vun deem Kulturjoer. Mir hunn fir d'nächst Joer dat Duebelt virgesinn, 600.000 €. Do ass och d'Promo mat dran, do sinn all déi aner Projete mat dran an do sinn och déi Projeten, déi heiansdo lues a lues era gedrépst kommen. Wéi zum Beispill ass eis net méi spéit wéi d'lescht Woch nach e Projet, an dat beäntwert och e bëssen déi aner Fro, vun eise Kolleegeen hei vir a Frankräich rakomm, déi Chant choral och wëlten op Diddeleng bréngen.

Do si mer am Austausch. Do kommen nach sou kleng Projeten, dat hu mer virgesinn. Mir hunn och virgesinn, dass mer nach vläicht deen een oder deen anere personaltechnesch opstocken op deenen eenzele Festivallen, op deenen eenzele Projeten, déi och vläicht ee vun eise Partner géif brauchen. Dat heescht, projetsbezunne Personal. Dofir wollte mer dat proposéiere fir deen nächsten. Mee ech wëll net virgräifen. Mir hunn am Fong an eiser Planung fir d'nächst Joer déi 600.000 € proposéiert. Woubäi ech do muss soen, dass ech mech och un dat halen, wat ech mat eise Service Comptabilité beschwat hunn, wéi sou Projeten normalerweis och gehandhaabt ginn.

Dat bréngt mech dann och zu deem finanziellen Deel. Mir maachen do eng Comptabilitéit, déi sech reng op déi Projete bezitt, zesumme mat eiser Recette communale a mam Pascal Pull, mat eiser Comptabilitéit. Dat ass och sou ofgeschwat. All Kéiers, wa mir Rechnungen ënnerschreiwen, da kréie se och déi Projetsnummer drop an da gëtt et, fir et einfach ze maachen, eebe pro Projet eng Comptabilitéit, déi och deementspriedend un Esch2022 weidergeleet ginn. Dat heescht, à la base gëtt et scho getrennt. Quitt datt et herno op engem grouss Budgetsposten ass, wéi Dir en da gesitt. Dat ass och sou mat Esch2022 beschwat. Am Géigesaz zu den Konventiounen, déi se mat asble gemaach hunn, hu mir natierlech Gemenegereegelen, un déi mer eis mussen halen. An dofir hu mir dann déi differenzéiert Comptabilitéit sou virgesinn an och mat hinne beschwat. Dat ass och mat hirem Finanzdirekter sou ofgeschwat. D'Konventiounen mat deenen anere Partenairen, ouni dem Nancy wëlle virzepräifen. Déi aner Partenairen hunn d'Kon-

ventiounen mat Esch2022 gemaach. Also déi aner 13 Projeten. Mir hu mat hinnen, oder mir maache mat hinnen, se si jo nach net alleguerte gemeet, Co-Produktiounsvertrëg, sou wéi mer se och hei am Haus maache fir Theaterstécker oder fir aner Projeten. Mir wëllen hinnen net nach zousätzlechen Drock mat anere Konventiounen operleeën. Si hunn eng Haaptkonventioun, un déi se sech mussen halen. Mir kennen se. Mir si jo an deem selwechte Kader. Also maache mir Co-Produktiounsvertrëg, wou et am Fong geholl ëm den techneschen Inhalt an ëm d'Begleitung in-house oder ausserhalb vum Haus geet, wou mer dat op engem ganz einfache Level halen, sou wéi se dat bei eis och gewinnt sinn. An dat ass dann och fir eis méi eng Kontinuitéit, fir kënne méi einfach ze schaffen an och méi schnell kënne ze reagieren.

Dann, Vestiaire-Wagonnage mat der Konventioun. Jo, déi huet bei eis ugefaangen, dat ass jo och eis Iddi gewiescht à la base, eise Projet. Den DKollektiv ass do immens involvéiert. Doduerch dass si sou involvéiert waren a mir hinnen och gehollef hunn, dee Projet auszeschaffen, si mir an eng aner Spart komm wéi déi normal Konventiounen, déi vun Esch2022 kommen. Mir sinn do an eng Konventioun komm mat der Oeuvre. Sou dass dat, wat dat bannendran, dee participativen Deel ugeet, um Niveau vum DKollektiv ass, an hirer Konventioun mat Esch2022 a mat der Oeuvre. A wat d'Gebai lo ugeet, wat der Gemeng gehéiert, a wou d'Gemeng natierlech och – also mir hei alleguerten – dran investéiert, an och mat eise Service techniques, dat ass op engem anere Level.

Dann d'Pub hutt Dir gefrot. Do ass et sou kloer definéiert, dass Esch2022 déi generell Pub mécht fir d'Kulturhauptstad. An natierlech mir als Porteur de projet fir déi eenzel Projeten, sou wéi mer et och géife bei engem anere Festival, engem anere Concert oder bei de Centre d'Arten, déi maache mir natierlech selwer. An déi ass och an deem Montant, wou ech virdru gesot hunn, virgesinn.

Da beim Catering, d'Benevollen. Do gräife mer natierlech zréck och op de Pool vun Esch2022, och op Leit, déi mir kennen. Mee beim Catering, wat e wichtige Punkt ass, deen hei an dëser Gemeng och ëmmer ganz wichteg gehandhaabt gëtt... Also mir ginn net op de Wee, dass mer et ausschreiwen an probéieren, dräi Euro zwanzeg méi rauszeschloen. Mir ginn op dee Wee, wéi Dir et gewinnt sidd. Mir hunn och do Récksprouch mam Schäfferot gehat, dass mer eis Veräiner mat abannen an dat probéieren, sou gerecht ze maachen, wéi mer et ëmmer maachen. A mir hu souguer bei deem grouss Festival, wou een natierlech e private Partner wéi den Atelier dobäihuet an och De Gudde Wëllen, do hu mer vun Ufank un kloer gesot, dass mir gären hätten, dass e groussen Deel vun de Stänn vun eisen Diddelenger Veräiner assuréiert gëtt. An dat war och keng grouss Diskussioun muss ech soen. Well déi kennen och d'DNA vun Diddeleng, an déi wëssen och dass de Succès vun eise Manifestatiounen iwwert eis lokal Veräiner leeft.

D'Propriété intellectuelle, ouni erëm eng Kéier wëlle virzepräifen. Dat war bei eis e ganz laangt Thema. Mir hunn do net gestridden, mee kontrovers diskutéiert. Eigentlech wëlle mer alleguerten dat selwecht, et ass just e bëssen harsch ausgedréckt. Am Fong geholl gi mer Esch2022 déi selwecht Rechter, déi de Kënschtler eis gëtt, och eis als Gemeng, wa mer e Concert ginn, fir eng Promo ze maachen. Also mir verkafen net de Spektakel. Mir ginn hinnen – ech huelen d'Beispill vu Kings of Leon – Kings of Leon kommen op Diddeleng spillen, dann däerfe si och soen, dass Kings of Leon op Diddeleng spille kënn. Se kënnen déi selwecht Fotoe benotzen an déi selwecht Videoe weisen a sou weider. Mir hunn och dofir an eisen Diskussiounen oft gesot, an ech mengen, dass dat och iergendwou festgehalten ass, dass dat an der Mesure vun deem ass, wat de Kënschtler eis zur Verfügung stellt.

Dat heescht, wann e Kënschtler wierklech Problemer mat eppes huet, da schwätze mer och doriwwer. Mir wëllen natierlech och de Kënschtler schützen, mir wëllen och eis schützen, well mir si jo ëmmer dann den Intermediaire. Also dat war eng länger Diskussioun, mee eigentlech wollte mer dat selwecht. Et ass just heiansdo, sou wéi et ausgedréckt ass a sou, wéi een dann diskutéiert, dass et ka wierken, wéi wann et géif ausernee goen.

Bei der Reservatioun vun de Plazen, do si mer eis och eens ginn, dass mer vu Fall zu Fall mat Esch2022 diskutéieren. Well wann een en Acoustic Picnic huet mat 30 Plazen, da kann een der net 20 ewechgi fir sou eng Geschicht. Mir hunn och ënnert eis festgehalten dass mir d'Plaze verkafen. Wa keng méi do sinn, si keng méi do. Mee wann der nach do sinn, da mellet och Esch sech. Also dat geet mat engem reegelméissegem Austausch. Wann e Besoin do ass, da gëtt gefrot. A wa gefrot gëtt, an et ass fir d'Gutts vum Spektakel, dann accordéiere mer déi natierlech. Och do ass et vu béide Säiten einfach wichteg, dass ee sech austauscht. Et ass och vill méi flott, wann een dann awer méi oft méi Leit huet bei senge Spektakelen.

Charte de Développement durable. Mir baséieren eis natierlech ganz vill op dat wat mir hei zu Diddeleng an deene leschte Joren ausgeschafft hunn. Dat kräizt sech och ganz vill mat deenen heiten. Mir wëssen um Terrain dass mir alleguerte viles gären anescht hätten. Dass mer do och heiansdo ofhängeg si vun deem Public, dee bei eis kënn. Et gëtt een Deel, dee mir total bestëmmen an dirigéiere kënnen. Dat ass dat, wat mir selwer maachen. Do mengen ech ass kee gréisser Problem. Et gëtt natierlech och deen Deel, wat de Public mécht. An dat ass heiansdo Wonschdenken. Mir wëssen, wat mer kënnen probéieren ze maachen. Mir wëssen an der Tëschenzäit och, wat net geet. Do iwwerkräize sech vill vun deene Punkten. Déi wierken och heiansdo e bësse méi streng. Mee ech sinn och ëmmer do der Meinung, d'Realitéit an de Pabeier sinn awer heiansdo zweeërlee. Wann een héich ustriift, da kënnen mer vläicht och de Maximum erreechen. An ech schaffe scho säit ville Joren an déi Richtung, sou dass ech mengen, dass ee vill vun deene Punkte kann erreechen.

Bed & Breakfast, dat loossen ech Dir. Floater, dat ass net fir mech. An de Sponsoringsdossier. Jo do hu mir an deene leschte Méint och scho virgeschafft, wat Diddeleng betrëfft. Mir si kuerz virun der Finalisatioun vu sou engem Dossier. Mir hunn natierlech och gewaart, dass all eis Projete fäerdeg sinn, fir dass mer net dräimol musse rausgoen. Mir hunn och bewosst gewaart fir dass mir déi Presentatioun muer maachen, fir dass mer dann hoffentlech en AHA-Effekt hunn a fir dass d'Leit dann och frou si fir matzemaachen. Dass mer och konkret eppes hunn. Bon, ech denken, dass an deenen nächsten zwou Wochen deen Dossier komplett fäerdeg ass, fir dass mer en och kënnen rausgehen.

Franséisch Gemengen. Dat hat ech virdru schonn e bësse gesot: Mir hunn tatsächlech ganz wéineg Demande gehat fir Collaboratioun op deem Niveau. Déi vun der Chorale, war lo déi eenzeg Demande, déi rakkoum, an dat ass och nach ganz kuerzfristeg. An dat ass u sou vill Gemenge gaangen, dass mer eis beim nächste Stammdësch am Fong och wollte mat deenen anere Gemengen ausschwätzen, fir dass net een deem anere rëm an de Knéi schéisst. Ech muss och soen, dass mir déi Stammdësch, déi vun Esch2022 organiséiert goufen, déi ëmmer Ufank vum Mount sinn, dass déi wierken, dass ee vill Problemer ka vermeiden an och vill Zäit gewënnt, andeem een net alleguerten an deem selwechte schafft, fir dass schlussendlech vun 11 Gemengen der 2 et maachen, mee awer 9 aner fir näischt dru geschafft hunn. Also an deem Sënn ass do och den Austausch ganz flott.

NANCY BRAUN (GENERALDIREKTESCH ESCH2022):

Ech probéieren dann och, zu deenen aneren Elementer ze reagéieren. Du hues richteg gesot zu den Entréesticketen, déi mer vläicht als asbl bräichten. Do sief och bemierkt, an et steet jo och sou an der Annex, dass mer keng Tickete gratis wëllen. Mee dass fir déi, déi mer brauchen, dass mer natierlech do och wëllen de Präis, deen se da kaschten, och bezuelen. Mee wéi gesot, dat geet am flotten Austausch mat deene verschiddene Projetspartner. Bon, dat dote war eeben elo sou virgesinn. Mee ech mengen do si mer awer elo alleguerten am gudden Austausch, fir dat ze reegelen.

Déi Geschicht mat de Benevollen. Also et ass esou, dass mir als Esch2022 eng Persoun an der Ekip hunn, déi sech ëm d'Gestioun vun de Benevolle këmmert. Dat heescht, wann elo Leit gebraucht ginn, da seet een ons Bescheid. An dann ass et och déi Persoun dann déi wäert d'Communautéit vun de Remixere lancéieren. Bon, fir deen, deen da se ufreet, dee gëtt dann och als Kontaktpersoun uginn, dee se dann do um Terrain och selwer muss geréiere par Rapport zum Projet, deen en am Gaang ass, en Place ze setzen. Vläicht nach eng zousätzlech Informatioun: wann Dir Äre Réseau wëllt motivéieren, fir Remixer ze ginn, dat eent ass natierlech eng Hand mat upaken, mee dat anert ass awer och, dass mer eng ganz Rëtsch Aktivitéit ronderëm déi Communautéit do organiséieren. Dat geet vun Teambuilding-Aktivitéiten, mee awer och Éischt-Hëllef-Coursen, respektiv Mediationsformati-

ounen. Fir dass d'Leit prett si fir kënne mam Public ëmzegen, fir de Public kënne ze empfänken. A wat natierlech dann och eng flott Basis ass fir spéider als Benevole am kulturelle Beräich kënne matzewierken. Bon, momentan hu mer déi sëllegen Evenementer, déi mer schonn déi lescht Zäit haten, déi ware scho „bespillt“ vu Remixeren. An et ass am Fong flott ze gesinn, wéi schnell a wéi gutt déi sech kënne zesummen organiséieren an d'Tâchë verdeelen.

Da war nach d'Fro zu den Touristen, wou mer eis en charge setze fir d'Promotioun vum Tourismus, respektiv fir Touristen heihinner ze kréien. Hei sief nach ënnerstrach dass mer kierzlech eng Konventioun mat Sales-Lentz ënnerschriwwen hunn, déi dee ganzen Incoming-Volet fir Esch2022 maachen. Dat heescht, och do Päckelcher zesummestrecken, fir Touristen op Lëtzebuerg ze bréngen an dann déi Elementer an déi Projeten an déi Plazen, déi wichteg a flott sinn, fir déi kënne ze verkafen no baussen.

Dann d'Charte de Développement Durable. Jo, déi ass ambitiéis. Dat ass ganz richtig. Mir hu se zesumme-gestallt mam Ministère du Développement durable, mat deem mer jo och eng Konventioun ënnerschriwwen hunn. Et ass wéi den John seet, wa mer net ambitiéis sinn, da fale mer herno vläicht net op een Niveau, dee fir jiddwereen akzeptabel ass. Déi Charte ass och sou geduecht dass et Denkestéiss solle ginn. Fir vill Gemengen ass dat do lo näischt Neies, well se op villen Aspekter schonn ënnerwee sinn a genau sou funktionéieren, wéi et wichtig ass. Déi Charte hu mer eis och elo net selwer aus de Fanger gezunn, mee mat all deenen Acteuren, déi um Terrain sinn, sief dat privater Natur, awer och mat deene Responsabele vun de verschidde Gemengen, déi sech ëm den Environnement këmmere, war dat am Austausch, wou déi opgestallt ginn ass.

Bon, Dir hat lo déi spezifesch Fro zu dem Bed & Breakfast, an ech ginn zou, ech kann lech dorobber lo keng Äntwert ginn. Ech froen dat awer beim Matthieu no, dee sech ëm d'Charte këmmert. Ech war mir lo direkt net bewusst, dass dat doten elo sou dodra steet. Et ass awer gutt, dass Dir et soulevéiert. Natierlech maache mer näischt, wat lo géint eng Rechtsform wäert sinn. Ech menge mir maachen do, wou et méiglech ass, Saachen ze stimuléieren an op d'Been ze kréien, do hëllef mer mat. Awer natierlech maache mer lo näischt, wat géif géint all Form vu Recht goen, wat méiglech ass.

Zu de Menüen. Wa bei sou gréisser Saachen, wéi d'Fête de la Musique, wann do Stänn dobausse sinn, dann ass et am Fong flott, wann dann eeben den Organisateur géif kucken, dass dee Prozentsaz, deen dann do fixéiert ass, dass dee kéint agehale ginn. Dat wäert dann och op der Pressekonferenz sinn den 28. Oktober, wou mer och eng Kommunikatiounscampagne wäerte starte ronderëm déi ganz Charte de Développement durable. Et ass eng ganz flott Initiativ. An et gi jo och Evenementer, wou dat eent oder dat anert net passt. A wou een et net kann anhalen aus diverse Grënn. An da mécht een dat dann och visibel, wat ee

gemaach huet, respektiv wat ee gutt gemaach huet. An dat kënne dann och d'Leit an deem Sënn gesinn. An dat ass och weider geduecht, fir dass och herno d'Gemengen, spréich aner grouss Projeten, ech huelen do d'LUGA, déi wäert an der Stad Lëtzebuerg stattfannen, dass déi och vu sou enger Charte kënne profitéieren fir d'Projeten da sou ze developpéieren.

Fir de Bed & Breakfast, do ginn ech lech dann eng prezis Äntwert, wann ech mam Matthieu geschwat hunn.

Dann den No Litter Team. Do hu mer ganz rezent eng Konventioun ënnerschriwwen mat der Associatioun Pick it up, a mer verschidden Aktivitéiten och elo maachen. Mir haten am Kader vun der Semaine urbaine de la mobilité zu Ottange eng Aktivitéit, mee och nach zu Esch gëschter um autofräien Dag, wou mer zesumme mat där Associatioun eis dann drëm këmmere, dass ronderëm propper gehale gëtt an dass mer ronderëm d'Plazen da vläicht méi propper hannerloossen, wéi wéi mer se virfonnt hunn. Op alle Fall ass do e ganz äerdeg Matschaffe lo vun där Pick it up-Associatioun. An eis Ekip mat hinne wäerte mir eis dorëm këmmere, fir Aktivitéite ronderëm ze animéieren, respektiv do ze sinn, wou dann d'Hëllef gebraucht ass.

Dann e ganz wichtige Punkt, Dir hutt et ugeschwat. Dat ass CCPHVA. Dir sot et, déi Gemenge si lo net sou fortuné dass se sech ganz grouss Projekte kënne erlaben. Et muss een awer soen, par Rapport zu deenen 130 Porteur de projeten, sinn der 25 oder 28, déi aus der CCPHVA kommen. An déi Projeten annoncieren sech awer ganz gutt, well se kënne realiséiert ginn. Si kënne realiséiert ginn, well lo mengen ech och de franséische Staat verstanen huet, dass eng finanziell Ënnerstëtzung muss kommen. Déi moralesch Ënnerstëtzung ass ganz sympathesch. Mee ouni Sue maache mer leider Gottes näischt. An ech mengen dat och am Sënn an am Kader vun der Présidence, déi se d'nächst Joer wäerten hunn, ass do lo matgeduecht ginn. A mir wäerten och als asbl Esch2022 zesumme mam Grand Est, mat der CCPHVA a mam Staat a mat deenen zwee Departementer, dat eent ass Département Meurthe et Moselle. Dass mer do eng Convention-cadre wäerten ënnerschreiwen, wou si sech dann nach eng Kéier der Ënnerstëtzung vu finanzieller Natur stellen. Et ass lo do kee ganz konkrete Montant dra geschriwwen. Well stellt lech fir, et gëtt herno méi deier, da soe se: „A bee neen, do hate mer fir 1 Millioun ënnerschriwwen, da gëtt et och elo kee Centime méi.“ Dat heescht do ass hiren Engagement, deen do awer ënnerstrach ass. An do sinn ech och ganz confiante, dass déi Sue kommen. Fir de Moment mengen ech dréit et ëm 1 Millioun. Mee do sinn ech awer sécher, dass do nach aner Finanzéierung wäerte kommen. Mee et ass sécher, fir si ass et méi schwierig, wéi hei op der Lëtzebuerger Säit, wou een da weess, d'huet ee sou vill Suen, mat deenen ee ka schaffen. Bei hinnen hänkt et ëmmer sou e bësselche vum Projet of. Mee mir sinn awer am ganz enken Echange mat hinnen, fir dass déi Projeten, déi do initiéiert ginn um franséischen Terrain, dass déi och kënne stattfannen.

Sponsore war och ugeschwat ginn. Voilà. Do ass et elo, egal ob et elo d'Gemengen oder soss Associatiounen sinn, déi kënne Sponsoren hunn. Dat ka finanzieller Natur sinn, dat kann awer och e Service sinn, dee gelescht gëtt. An do hu mer de Projetspartnere mat op de Wee ginn, do gëtt et eng extra Charte graphique, dass déi Partner, déi Projeten ënnerstëtzen, dass déi och kënne de Logo Esch2022 benotzen a soen: Mir sinn dobäi. Fir dann och an deem Sënn ze weisen, dass eng ganz Hällewull vu Partner mat un Esch2022 schaffen an et och erméiglechen, dass déi Projekte kënne stattfannen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Ech géing och nach vläicht op e puer Punkten agoen, déi hei ugeschwat goufen, wat de finanzielle Volet ugeet. Ech mengen d'Rechnung ass richtig. Wann een déi 4 Projeten zesummerechent, da leie mer bei enger ëffentlecher Depense vun 1,8 Milliounen Euro. Dat ass net näischt. A wann een déi 4 Projeten zesumme kuckt, quitt, dass et déi Variatiounen gëtt, wou d'Madame Kayser ugeschwat huet an den John Rech drop geäntwert huet. Summa Summarum hu mer jo awer déi 50%, déi garantéiert sinn um Niveau vum Co-Finanzement, wann een déi 4 Projeten zesummen hëlt. Generell, fir nach eng Kéier op déi Diskussioun vun de Benevollen anzegoen. Och wa mir sou Appelle maachen, hu mir jo och all Interêt, op déi Supporte vun Esch2022 zrëckzegräifen. Do ass jo och Viraarbecht gelescht gi bei de Supporten um administrative Plang, awer och um Niveau vun de Ressources humaines. Et gëtt hei kee Sënn, wa mer eppes um lokale Plang wëllen deklinéieren, an do en Appell maachen, dass mer do eis eegen Zëppche kachen. Ech mengen aus deem si mer wäit ewech, wäit eraus. Do ware mer eng Kéier. Do wëlle mer net méi hin. Mir wëllen dann eebe kucken an deem Verbond vun deenen 11 Gemengen, op déi Supporten, déi mer iwwert déi heite Struktur hunn, op déi zrëckzegräifen, wa mer dat wëlle maachen. An dat ka sécher eng Stoussrichtung sinn an déi een och goe kann, et si keng oninteressant Pisten.

Par Rapport zum Floater, fir do kuerz drop anzegoen, d'Prozedur ass nach net ofgeschloss. Déi eng Soumissioun ass jo annulléiert ginn iwwert d'Commission de la Soumission publique. A mir hunn elo dräi Offeren. An an eise Service Techniques ass eisen zoustänneg Mataarbechter am Gaang, dat ze iwwerpräiwen am Detail, wat déi dräi Offere beinhalten. Mee op alle Fall wäert deen dote Projet – an dat ass och ganz gutt esou – hei zu Diddeleng ëmgasat gi fir um Baseng tëschent dem Centre Culturel CNA an dem Waasserturm. Dann nach vläicht e leschte Punkt, an da géif ech d'Ronn weider dréie loossen, well sécher nach aner Kolleginnen a Kollege Froen a Stellungnamen wëllen huelen. Et dierf een net alles, wat wat Bed & Breakfast ass, mat Airbnb gläichsetzen. Et dierf een net deen Amalgam maachen.

Bed & Breakfast gouf et jo scho vir Airbnb. Bed & Breakfast ass näischt anescht wéi de klasséierte franséische „Chambre d'hôtes“. An där ginn et der ganz vill hei am Land, déi Airbnb net brauchen, mee déi déi néideg Geneemegungen hunn, a wou Leit, déi

Chambre d'hôtes maachen, déi net bewusst a Richtung Hotellerie ginn, ob et lo 3 Stäre sinn oder 4 Stäre sinn oder 5 Stäre sinn, déi do déi néideg Geneemegungen hu fir eng Exploitatioun ze maachen als Chambre d'hôtes. Dat gëtt et jo säit jeehier, an dofir ass et als dat ze gesinn. Airbnb, dat ass natierlech nach en anere Volet. Mee bei de Chambres d'hôtes, wéi d'Wuert et selwer seet, dat si jo ganz oft Leit, déi do souwuel Zëmmere verlounen an och Moies e Kaffi maachen. Dat ass e ganz anere Kontext. Deen ass vill méi gereegelt an dee gëtt et scho säit jeehier, par Rapport zu engem Airbnb. Et kann ee sécher och do nach Informatiounen mat ranhuelen, mee do ginn et jo schonn eng ganz Rei Erfahrungswäerter, déi et scho säit méi wéi 50 Joer hei zu Lëtzebuerg gëtt. Also an deem Sënn keen neie Moment am Verglach zu engem Airbnb an op déi Chambre d'hôtes soll een och kënne zrëckgräifen. Dat waren nach déi Froen, op déi ech nach äntwere wollt. An ech géif dann d'Froen elo weider dréie loossen.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Vill vu menge Froen goufe lo scho beäntwert. Mee ech wëll awer vun der LSAP hei nach e puer Bemierkungen soen an och nach e puer kleng Froen stellen. Fir d'éischt wëll ech och nach eis Mercie lassginn, och un d'ganz Ekippen ronderëm d'Nancy Braun. Eis Ekippen ronderëm den John, d'Marlène, d'Patricia. Mee awer och de Service techniques, och eis Leit an der Comptabilitéit an och natierlech eise Kommunikatiounsservice, dee wéi ëmmer hei staark mat agebonne wäert sinn. Ganz vill vu menge Froen ware scho beäntwert ginn, wat lo de finanziellen Aspekt ubelaangt an och d'Kooperatioun an der Groussregioun. Mee ech wëll nach eng Kéier soen, dass mir als LSAP ni dru gezweiwelt hunn, dass dat heite gutt gëtt. An et seet ee jo ëmmer: Gut Ding braucht Weile. A sou war et mengen ech och mat Esch2022.

Wann ech elo kucke vun der leschter Kéier, wou Dir hei waart bis haut, da gesäit een hei schonn: d'Saach gëtt konkret, d'Saach geet an den Detail, d'Saach gëtt méi realistesch. An d'leschte Kéier war et nach fir munch Leit dobaussen a vläicht och fir eis heibannen nach e bëssen abstrakt. An ech mengen dat war och dat, wat dobaussen bei de Leit sou e bësse... jo, onwuel war et engem, wann een iwwer Esch2022 nodeduecht huet. Mee hei si Profien um Wierk. An et soll een hei mat ganz vill Vertrauen un d'Saach erugeen an dorun huet et eis op alle Fall net gefeelt. Wat flott ass ze gesinn, dat ass déi ganz Virbildfunktoun, déi déi ganz Organisatioun huet, souwuel am Développement durable wéi awer och an der Participatioun vun de Bierger. D'Diversitéit mat deenen déi Projekte rausgesicht gi sinn an och Kultur duerstellen. D'Kommunikatioun. Do gëtt jo lo och Wäert drop geluecht, dass dat an enger einfacher Sprooch vehiculéiert gëtt, fir dat do baussen dem breede Public zougänglech ze maachen. Well do ass et dann oft, wann ee mat Experten ze dinn huet a Profien, da verstinn déi sech natierlech ganz gutt, mee et geet jo hei drëms, fir d'Populatioun dorun deelzehuelen, well mir maachen et jo schliesslech fir si an dat huet jo net en Zweck fir sech selwer.

Mir begréissen och d'Organisatioun wéi de Catering ugeduecht ass, well dat ass alles zukunftsorientéiert an dat weist einfach, wéi up to date déi ganz Realisatioun hei ass. Eis freet et och, wéi déi lokal Veräiner mat agebonne ginn an deem ganzen an da kommen ech awer och u meng 3 kleng Froen.

Vum Buergermeeschter hunn ech elo e puer Informatiounen kritt. Mee ech schwätzen dobausse ganz vill mat Leit an ech sinn dann elo einfach deenen hire Mikro hei. Do sinn da Froen komm: „Wou schlofen alleguer déi Leit, wann déi hei op Diddeleng kommen? Wou bréngen mer déi dann ënner?“ Well dat hei ass jo keen Diddelenger Projet, hei komme ganz vill Touristen. Si gi vu wäit hier bruecht. De Sales-Lentz, dat heescht Busse kommen heihinner, an dat bedeit jo dann och eeben eng Erausforderung. E puer wëllen der heibleiwen, e puer fueren der heem, mee dat ass schonn eppes. An dee Bed & Breakfast, ech wusst jo datt sou eppes geplangt wier, mee dat interesséiert d'Leit einfach dobaussen. An ass do ugeduecht, fir eng Broschür ze preparéieren? Fir déi, déi sech dat lo lues duerch de Kapp goe loossen: Kann ech do matmaachen? Däerf ech do matmaachen, fir eventuell mäin Haus opzemaachen? Wat fir ee Kader ass dat? Wou gëtt een déi Informatiounen iergendwann eng Kéier gewuer? Well dat gëtt jo vläicht net op der éischter Säit op enger Websäit gewisen. Dat ass da vläicht e bësse verstoppt. Oder muss ee sech do mellen? Dat ass awer vläicht eppes, wat d'Leit dobaussen interesséiert.

Dat zweet, wat ech ëmmer gefrot gi sinn: „Wat kascht dat? Sinn dat Saachen, déi deier sinn? Kann do jiddweree matmaachen? Wéi funktionéiert deen Ticketing? Wéini kënn dat?“ A sou weider: Mir sinn hei gewinnt, datt dat ëmmer exzellent hei organiséiert gëtt hei opderschmelz. Dat heescht, do si mir verwinnt. An dofir ass een och ëmmer frou, wann een dat wäit am viraus weess an dass een elo näischt verpasst. Well ech sinn iwwerzeegt, wann den Dag méi no kënn, da wëllen d'Leit dobäi sinn. An dat selwecht geet och e bëssen an déi Richtung vum Benevole. E bëssen hat d'Nancy Braun dat uklänge gelooss. Sou e bëssen ee Profil vun deene Leit. Well dat geet jo da ganz breet. Sinn dat Jonker? Sinn dat manner Jonker? Wou kann een do hëllefen a wou fënnt een déi Informatiounen? Dat wäre meng 3 Froen, déi ech vun dobausse lo matbruecht hunn.

An da wéilt ech nach just als Presidentin vun der Kulturkommissioun och hei soen: Natierlech war et an ass geplangt, an dat begréissen ech ausdrécklech, déi Ambassadeuren do. An dass dat och déi Méiglechkeet gëtt fir déi Bierger, déi sech wéi bei eis an der Kulturkommissioun engagéiert hunn, dass déi och do kënne matmaachen. An ech mengen, dat ass och eppes wat ganz flott ass an dat wäert och an der Kulturkommissioun zur Sprooch kommen, well dat sinn och déi Leit, déi de Profil hunn, fir sech um Terrain ze engagieren an dat wëll ech ausdrécklech nach eng Kéier begréissen. Dat war et vu menger Säit, villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi dote Stellungnam an och fir den Zousproch fir de Projet. Et waren e bëssi manner Froen wéi d'Virriednerin, dofir géif ech proposéieren, dass mer d'Ronn weider dréien. D'Monique Heinen huet de Fanger ausgestreckt, dofir géif ech him ganz gären d'Wuert ginn, an da géife mer eng éischt Ronn Äntwerte ginn, éier mer da weider dréien.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Eis Zoustëmmung kritt Dir och a mir freeën eis ganz vill op d'Kulturjoer. A Merci och der Madame Braun an eise Mataarbechter a Mataarbechterin vum Service Culturel fir d'Presentatioun. Ech gräifen natierlech d'Charte de Développement durable op, déi jo och ganz ambitiéis ass. Ech war wierklech och frou, wou ech dat alles gelies hunn. Ech stelle mer do awer och e puer Froen. Bon, als éischt muss ech mol soen, d'Semiray och, mir hate geduecht, d'Fête de la Musique, dat wier lo d'nächst Joer Usina22. Also hu mer dat lo richtig verstanen, dass et 2 Saachen sinn: d'Fête de la Musique an Usina22? Dat ass jo awer dann zimmlech vill a bal dee selwechten Datum. Do wollt ech da mol nofroen, wéi vill Leit sinn dat dann? An da kommen ech op en Thema vun de Gréngen, wou mer schonn ëfters haten, iwwert déi Consigne-Becheren. Wéi gëtt dat da geréiert? Sinn där da genuch do? Kréie mer der aus anere Gemengen? An da solle jo och d'Veräiner hëllefen, fir de Catering ze maachen. Halen déi sech dann och un déi Charte de Développement durable?

Dann d'Acoustic Picnics, do hunn ech gelies... Also déi Manifestatiounen, ech ka mir dat net sou richtig virstellen. Déi Concerten, sinn déi dann alleguer an der Carrière Cloos? Do wollt ech och bemierken, dass "Cloos" do komesch geschriwwen ass an där Konvention. Ech gesinn dat ëmmer man C L O O S, an et ass anescht geschriwwen. Et ass jo awer déi an der Keeler Strooss, déi Carrière? Wann do e Concert ass, ass do Elektresch? Oder kommen d'Leit dohinner mat hiren Instrumenter, wéi gesäit dat konkret dann aus? Voilà, dat sinn eis Froen am Fong.

D'Madamm Braun wollt ech nach froen: De Minett-Trail, do si jo déi Giten an deene verschiddene Gemengen. Ech mengen d'Gemeng Diddeleng eleng ass awer net déi eenzeg, déi nach net fäerdeg sinn? Ginn déi iwwerhaupt fäerdeg fir d'Kulturjoer, d'Gît vum Minett-Trail? Mir hoffen dann, dass mir gutt Ambassatrissen an Ambassadeuren vun eiser Regioun wäerte sinn, an eis Ënnerstëtzung och fir de Service Culturel, well do kënn jo awer vill Aarbecht op iech dueren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Monique Heinen. Wie wëllt drop äntweren?

JOHN RECH (SERVICE CULTUREL): Ech fänken ëmgedréint un, wann dat OK ass. Acoustic picnics muss de der virstellen, dass dat richtig akustesches ass. Also richtig unplugged. D'Iddi hannendrun ass d'Natur an d'Kultur an Aklang ze bréngen a mir hu keng Interventioun an d'Natur. Also mir beréieren näischt, mir bauen näischt op, wat een net kann owes ewechhuelen. Wat

ee mëttes dohinner stellt an owes ewechhëlt. Dat ass och sou mat der Verwaltung ofgemaach. Mir maachen dat alles ënnert dem Deckmantel vun der ANF. Also méi streng geet et net. Dofir och déi dote Plaz. Mir sinn do an enger Gréngzon an net an enger Natura 2000. Dat ass och deementspriedend geschwat ginn deemools. Mir hu ganz fréi am Projet mat hinne Kontakt opgehall. Wollten och do, dass kee Problem kéint entstoën. An et ass tatsächlech sou, dass mer moies dohinner ginn an owes fortginn. An dann ass näischt do, also ausser Gras, wat vläicht platt gedréckt ass. Mir hunn och genee déi Plaz erausgewielt mat hinnen zesummen. Mir haten ursprénglech eng ganz aner Plaz am Kapp. Aus Respekt virun enger Koppel Villercher, déi do sinn, hu mir dat geréckelt. Déi och wierklech ganz rar sinn an déi och réischt säit kuerzem do sinn an déi mer deementspriedend respektéieren. Et gouf zwou Plazen, wou et hätt kéinte méiglech sinn, dass mer et maachen, dat doten ass eng. Déi aner war de Site selwer vun der Verwaltung, deen awer warscheinlech a Konstruktioun wäert sinn zum Deel. Sou dass dat doten déi ass, wou iwweg bliwwen ass.

Kee Stroum, guer net. Wa Stroum involvéiert, da just dee vun den Täscheluuchten, dee mer iwwer Solarenergie opgefëllt am Dag fir, falls et e bësse méi däischer gëtt um Réckwee. Et ass scho sou, dass d'Banden, wann et Bande sinn, wann et Museker sinn. Ech stelle mer éischer fir, dass do een Akkordeon spillt, oder mir hunn, Petz, nach Harf virgesinn, dat aner sinn Danztheaterstécker, et sinn Interventiounen op Naturelementer. Also et ass alles dat, wat een ouni Stroum ka maachen. Mir brénge kee Stroum dohinner. Och de Won, dee mer dohinner bréngen, dee gëtt vu Pärder gezunn. Déi sinn natierlech ganz gutt gehalten. An och do gëtt op all Aspekt opgepasst. Et ass och sou, dass mer de Leit am Virfeld en Heft zoukomme loossen, wat dann e Fairtrade, propperen, zero-waste Picknick ka sinn. Fir dass se sech dorunner inspiréieren. An och do, déi Restaurateuren, déi mer mat abezéien, gi gehalten, sech un déi Reegelen ze halen.

Wa mer schonn an deem Thema sinn. Ech mengen de René Manderscheid weess dat ganz gutt, dass mer déi lescht puer Joer un deene Green events geschafft hunn. Mir hunn deementspriedend scho genuch Bechere virgesinn. Et gëtt och elo eng Wäschstrooss zu Suessem, déi bis d'nächst Joer soll fonctionéieren, sou dass een net méi muss bis op Wäiswampech fueren, fir se ze wäuschen. Dat ass dorun, wourun ech mech perséinlech ëmmer gestouss hunn. Et ass ganz schéin, wann ee Bechere hëlt, déi een herno ka rëm asammelen. Mee wann een awer dofir mam Camion muss 4 Mol hin- an hierfueren, a se 5 Deeg an engem Killcontainer lagere, bis se Zäit hunn, se ze wäuschen, fir dass se net verschimmelen, da mengen ech ass den Impakt op d'Natur sou, dass sech bei mir am Mo alles dréit. An net nëmme bei mir. Mir probéiere schonn do och déi richteg Léisungen ze fanne fir all déi dote Geleeënheeten. A mir loossen eis och beroden. Mir sinn net berodungsresistent. Dat heescht, wa mer en Zweifel hunn, da gi mer op déi richteg Leit duer a froen, wat déi beschte Léisung ass, wou mer kënnen

ëmsetzen. An och do, Dir kennt eis gutt genuch fir ze wëssen, Dir kennt eis gäre mol fiddere, wa mer eppes net sou richteg maachen.

Fête de la Musique, Usina22. Wéi ech virdru gesot hunn, mir sinn nach ëmmer hin- an hiergerappt. Fir eis war dat e Risenchallenge, et op zwee Weekender ze maachen. Mir hunn einfach Angscht, dass déi Séil an dee Bekannttheetsgrad vun der Fête de la Musique kéint verschwannen. So dass mer do nach ëmmer staark driwwer nodenken, wéi een dat ka maachen. Vläch ass se dann en Tick méi kleng wéi déi grouss virun dräi Joer, awer dat ass e Prozess, dee mer nach weider um Nodenen an um Entwéckele sinn. Am léifsten, mengen ech, déi zwee. Mee bon. A wann, dann natierlech och sou, dass mer et packen an och déi Aspekter vun der Émwelt, vum Développement durable, natierlech wäerte maachen. De Festival ass esou, dass en de Moment pro Dag op 8000 – 10.000 reduzéiert ass. Dat heescht, eigentlech méi kleng wéi eng Fête de la Musique. Dat ass de Punkt aktuell – ënner Gänseféisercher. Da koom nach d'Fro vun de Präisser. Déi hale mir natierlech sou, wéi Dir et gewinnt sidd. Mir probéieren, se sou sozial wéi méiglech ze halen. Dat ass eng Rei Saachen, wéi de Re-Retour de Babel, déi och gratis sinn. D'Konferenzen, Acoustic picnics, wäert och an engem ganz normale Kader sinn. D'Ekippen an d'Leit ginn och ëmmer encadréiert, fir dass dat deementspriedend anstänneg ofleeft. An déi aner Froen, Minett-Trail a sou, déi si fir Dech, Nancy.

NANCY BRAUN (GENERALDIREKTESCH ESCH2022):

Fir d'alleréischte mol Merci fir d'Ënnerstëtzung an déi léif Wieder. Et ass natierlech extreemst ze appreciéieren, dass all déi Efforten, déi mer maachen, dass déi Uklang fannen.

Wou schlofen all déi Leit? Dat ass eng ganz gutt Fro. Mir hu jo lo keng onendlech Unzuel vu Better am Süden. Do sief bemierkt, dass mer zesumme mat der HORESCA kucken, wou Iwwernuechtungsméiglechkeete sinn. Et muss een och wëssen, dass awer och well Stied wéi Tréier, wéi Metz, Arel, jee all déi Stied aus der Groussregioun, och en Interessi weisen, fir mat ons zesummen ze schaffen. Fir Leit, déi dann heihinner kommen, déi och dann dohanne kënnen iwwernuechten. Natierlech gi mir d'Prioritéit op lokal, regional an national. Mee och do kucke mer, mam Sales-Lentz déi optimal Léisungen ze fannen.

D'Iddi mat der Broschür. Ech fannen dat eng ganz flott, an ech hu mer sef opgeschriwwen an ech ginn dat mat an eisen Tourismus-Departement. Do hat ech dat virdru mat deem Airbnb vläch e bëssen aneschter geduecht. Mir sinn natierlech am Gaangen ze kucken, wat alternativ Schlofméiglechkeete wieren, déi awer och durabel geduecht sinn. A vläch ass et och eng formidabel Iddi, dat einfach mol an enger klenger Broschür zesummenzebréngen, respektiv och nach den Ausbléck fir verschidde Leit kënnen ze ginn, wa se wëllen d'Dieren opmaachen. Mir waren do vläch net grad sou ganz proaktiv, well mer mat där Situatioun, wou mer lo nach dra sinn, respektiv och elo raus komm

sinn, dass do vläicht net onbedéngt d'Diere grouss opstinn, fir Leit bei sech doheem opzehuelen, fir do ze schlofen. Well d'Situatioun, déi ass wéi se ass. Mee dat ass awer och eng flott Iddi, fir dat matzehuelen. Ech ginn dat op alle Fall mol un den Här Kruchten bei eis weider.

Den John hat kuerz och den Ticketing ugeschwat. Also bei eis als Esch2022, do ass et sou, dass all Projet-spartner seng Präisser selwer definéiert. Do soe mir lo net: dat muss lo souvill kaschten oder dat muss lo alles gratis sinn. Dat definéiert jiddweree fir sech an huet seng eege Präispolitik. Et ass och sou, wann elo all déi Evenementer wäerte bei eis um Internet-site referenziéiert sinn, a wann een dann interesséiert ass, fir bei engem Evenement dobäi ze sinn, da kann een dann do klicken „Tickete kafen“, an da gëtt een am Fong automatesch op d'Billetterie vun dem Projet-spartner deviéiert. Et ass do, wou déi Ticketen dann direkt kënne kaaft ginn. Mir hu fir déi Expositiounen um Belval, déi mir als Struktur organiséieren, eisen eegenen Ticketsservice. Mee wéi gesot, de Rescht ass alles oppen. Do ass all Projetspartner, deen do fräi ass ze decidéieren, wéi en dat wëllt maachen.

JOHN RECH (SERVICE CULTUREL): Vlächicht kann een och do nach ënnersträichen, och a Kooperatioun mat Esch2022, dass op all eisen Eventer de Kulturpass natierlech och wäert akzeptéiert ginn.

NANCY BRAUN (GENERALDIREKTESCH ESCH2022): Dann de Punkt Benevole. Also jiddwereen, deen 18 a méi al ass, ka matmaachen. Mir hu bewosst et ab 18 festgehalten an net méi jonk, well dat sinn da Saache vun Assurancen, wat dat eent oder anert e bësse méi komplizéiert mécht. Dat heescht, ab 18 kann am Fong jiddweree matmaachen an do als Benevole aktiv ginn, egal wat fir ee Profil en huet. D'Missioun wäerte ganz divers sinn. Dat heescht, wann ee sech umellt, bei eis op der Internetsäit fënnt een de Link, fir Volontaire ze ginn. Ech mengen en heescht Join us. An do fëllt een dann e Formulaire aus a gëtt e bëssen d'Richtung un, u wat dass een interesséiert ass, matzemaachen. A wéi gesot, dat ass ganz divers. Sou wéi ee kann een Tour, eng Visite guidée iwwert e Minett-Trail maache kann een awer och motivéiert gi fir eng Kéier moies Flyeren ze verdeelen oder hëllef, eng Bün opzerichten. Jee, jee nodeem, wéi d'Interesse sinn, ass do der Fantasie keng Grenz gesat.

Also wéi gesot, jiddwereen, deen do Loscht huet, dobäi ze sinn, dee kann dat gäre maachen a sou dann och onsen Ambassadeur ginn. Respektiv, wéi Dir virdru gesot hutt, et ass ganz wichteg, dass mer de Message no bausse gedroe kréien. An ech menge lo sidd Dir warscheinlech déi éischt an der Rei, déi dat kënnen a solle maachen. An och hei gesot: Wann Dir Elementer, oder Informatiounen oder Material braucht, entweeder kënnt Dir dat un den John a seng Ekipp weidergi respektiv hu mer awer och – an dat ass och wichteg – reegelméisseg Aarbechtsreuniounen, mat de Services communication vun deene verschiddene Gemengen. Dat sinn dann Aarbechtsreuniounen, wou

definéiert gëtt: Wou gi mer hin? Wie muss wat maa chen? Mir kënne ganz vill Campagnë lancéieren, mee wann de Message net weider gedroe gëtt vun eise Partner, si mer och iergend eng Kéier hannen ukomm. Do nach eng Kéier, wann Dir do Informatiounen oder Material oder wat weess ech braucht, zéckt op alle Fall net. Entweeder direkt un d'Ekipp vun der Gemeng, oder bei eis einfach ufroen, da kucke mer, wéi mer där Ufro kënne gerecht ginn.

Charte de Développement durable. Den John hat et ugedeit mat de Becheren. Hei sief och bemierkt, mir als Esch2022 am Kader vum Développement durable, mir wäerte keng eege Bechere maachen. Well der souvill en circulation sinn, géif et jo kee Sënn maachen, lo nach eng Couche doropper ze ginn, just well mer mengen, mir missten e Becher hu mat onsem Logo. Dat heescht, do ass et am Fong och flott, wann d'Gemen gen – bon, dat ass natierlech och eng Gestiou – wann ee ka vun anere Gemengen, falls et dann op engem Weekend net sollt duergoen, och vun anere Gemenge ka profitéieren. Respektiv wéi och elo mam Spullween chen, fannen ech dat e Beispillprojet, wéi ee kann iwwert d'Regioun eraus fonctionéieren.

An dann d'Giten. Gi se fäerdeg? Dat ass natierlech eng gutt Fro. Et ass net just Diddeleng, déi en Defi mam Gite huet. Och aner Gemengen, an do sinn d'Grënn diverser Natur. Dat eent ass Autorisatiounen kréien, ob een dat lo hei iwwert dem Waasser dierf opriichten oder net. Bei deenen anere sëtzt iergend eng Flantermaus an der Heck. Bei aneren ass et vlächicht, dass de Budget einfach explodéiert, wou een dann deem net méi ka gerecht ginn. Bon, ech weess dass d'Gemenge ganz haartnäckeg dorunner schaffen, dass se fäerdeg ginn. Och hei gesot nach eng Kéier, wann Imprevue komme bei deenen, och wat d'Finanzéierungsméiglechkeete sinn, dass och den Tourismusministère do awer eng Ouverture ginn huet. Si kréie jo mat geholfen finanzéieren. A wann do nach Imprevue sinn, dass ee sech do mat dem Ministère echangéiert, fir dass ee vlächicht dann och nach iwwert eng zousätzlech Finanzéierung ka schwätzen. Et ass jo sou virgesinn, dass se ab Abrëll kënne lassgoen. Ech muss awer och op där anerer Säit soen, mir sollen eis awer och kee Been ausrappen, falls se lo net an deenen 11 Gemenge pünktlech fir den Abrëll op kënne goen. Mir kennen einfach d'Contrainten an d'Defien, déi een allgemeng domadder huet.

Jiddwereen ass bestreift, dass et soll fonctionéieren ab Abrëll, wann d'Saison da lass geet. Mee wann awer verschidde Gite während dem Joer opginn, dann ass dat jo och eng flott Saach. Well déi Giten, déi gi jo an der Kontinuitéit geduecht. An et ka jo och z.B. sinn, dass ee réischt 2023 opgeet. An da kann een nach ëmmer eng ganz flott Promotioun ronderëm maachen an den Ausbléck ginn, wéi de Site oder de ganzen Trail sech wäert weider developpéieren. Doduercher dass mer et jo als Projet denken, deen elo gestart gëtt a sech weider wäert entwéckelen. Ech géif mech natierlech perséinlech immens freeën, wann dat alles géif sou klappen, wat mir eis sou virgeholl hunn. Mee wann

et net ass, da soll een op alle Fall de Courage net opginn an einfach weider dru schaffen. An da geet en op, wann en opgeet. An da kënne mer och doriwwer flott kommunizéieren, well mer et an der Durabilitéit kucken. Voilà. Ech mengen dat wären déi Froen do all gewiescht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Iech zwee och villmools Merci fir déi doten Erklärungen. An ech wëll just nach bäifügen, dass mer effektiv de Wuertlaut vun der Carrière Cloos wäerten ëmänneren. Da fuere mer mat der Ronn weider. Ginn et nach weider Stellungnamen? Jo, Madamm Erpelding.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci Här Buegermeeschter. Also d'Gemeng Diddeleng investéiert net wéineg Mëttelen an Aarbecht an d'Kultur. An et gesäit een, wat alles gebuede gëtt. Merci fir déi flott Presentatioun. Et ass meng éischt. Ech hunn natierlech nach net souvill matkritt. E bësselche schonn. D'Kultur ass e Facteur, deen d'Integratioun an den Zesammenhalt vun de Leit fërdert. An dofir ass et wierklech wichteg, dass ee sech dat och eppes kaschte léisst. Dat gëtt en déckt Stéck Aarbecht dat Ganz. An ech wënschen lech alleguerten och elo scho vill Courage a soen e grouse Merci. Wann ee weess, wat Dir soss scho leescht. An dat do ass awer e grouse Batz. Ech mengen awer, dat gëtt ganz flott. Ech begrëssen och, dass eis Gemeng en Deel vun Esch2022 ass. An dat schéngt mer alles ganz interessant a flott ze ginn, lo wou et rullt. Un de Konventiounen speziell hunn ech elo näischt aussetzen. Ech hat e puer Froen, mee déi si beäntwert ginn. Ech mengen, et muss een näischt widderhuelen hei.

Allerdéngs muss ech lech drop opmierksam maachen, dass an de previsionnelle Budgeten e puer Feeler sinn. Et wär vläicht net schlecht, wann déi awer géinge verbessert ginn. Et handelt sech ëm Rechefeeler. Also Feeler, déi einfach kënne geschéien. Trotzdeem géing ech lech bieten, dat vläicht eng Kéier nozekucken. Zum Beispill beim Projet JazzXchange op de Säite 27 an 28, Punkt 1.5.2, do kënnt Dir lech vläicht opschreiben, oder ech kann lech et och raginn. Do ass de Montant falsch. Et misst 1.800 sinn an net 800. A beim Punkt 7.1. ass och de Montant falsch. Et misst 1.725 sinn an net 2.025. A beim Projet Acoustic Picnics, do ass och e Rechefeeler beim Punkt 5, wou de Montant falsch ass. Voilà. Ech wollt lech dat awer soen. Et si keng riseg Montanten, et mécht näischt Grousses aus. Ech wollt just drop opmierksam maachen, fir dass dat vläicht geännert gëtt. Voilà, ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Thessy Erpelding fir d'Zoustëmmung par Rapport zum Projet an da géif ech vläicht d'Wuert eriwuer ginn zur Stellungnam.

JOHN RECH (SERVICE CULTUREL): Mir kontrolléieren dat schnell. Et ka sinn, dass dat beim Ofschreiwe geschitt ass. Et waren Exels-Fichieren, do huelen ech un, dass vläicht beim Oftung e Feeler geschitt ass. Op dem Exel war alles richtig, an du hu mir net méi

weider gekuckt. Merci awer fir drop opmierksam ze maachen. Mir soen lech natierlech villmools Merci fir Är léif Wieder alleguerten. Et ass awer net nëmmen de Verdéngscht vum Service culturel. Do si vill Service mat dran. De Service technique gouf virdru schonn ernimmt. Natierlech och Är Ënnerstëtzung. Och de Service communication an aner Services. De Service fêtes et manifestations, déi eis epauléieren an all deene Saachen. An et ass nach eng Fro, déi mer nach net beäntwert haten. Wéi gëtt dat geréiert? Natierlech läit dat eent oder anert bei de Veräiner iwwert eise Service fêtes et manifestations. Mir schaffe ganz enk mat all eise Services, et ass e Fest vun all de Services vun Diddeleng fir d'Diddelenger. An ech mengen dat sollt een och ervirhiewen. A just fir d'Nancy nach eng Kéier ze stëppelen. Mir presentéieren dann och muer de Site, deen Diddeleng2022 heescht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci nach fir déi dote Prezisiounen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Et war just nach eng eenzeg Fro, déi nach net beäntwert war. Dat war déi Fro, wéi eng Diddelenger Projeten nach eragereecht gi waren, z.B. vu Veräiner, a wéi eng refuséiert gi sinn a firwat. Et wär awer flott, fir dat de Leit vläicht kënne matzedeele. Merci.

JOHN RECH (SERVICE CULTUREL): Wann ech mech gutt erënneren, waren et der véier, déi refuséiert goufen. Dat war de Stand déi leschte Kéier, wou mir gekuckt hunn, et ass och keng Info méi nokomm gewiescht. Et waren der zwee vun eis selwer, wou mer och e bëssen domat gerechent haten, dass se net géifen duerchgoen, well se änlech ware wéi aner Projeten an anere Gemengen. An ech menge mir haten och deemools drop geäntwert, dass d'Koordinatioun dann heiansdo seng Choixen trifft an dann hu mer eis véier Liblingsprojeten duerchkritt, du ware mer dann net sou traureg iwwert déi zwee aner. Dat waren déi eng zwee. Et sinn och zwee Projete refuséiert gewiescht gi vun Diddelenger Associatiounen, respektiv Clibb. An et gëtt nach ee fënnfte Projet, dat ass deen, wou ech lech virdru gesot hunn, dee vu Fincapé, dee sech selwer zréckgezunn huet aus Manktem un Zäit an och vläicht well se déi Finanzementer net sou zesumme kruten, wéi se et wollten. Mir hu laang probéiert, se ze ënnerstëtzen. Mee dat war onofhängeg elo vun eis, firwat déi sech zréckgezunn hunn. Dat sinn déi fënnf vun deenen ech weess.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi dote Prezisiounen. Da wéilt ech mol virop Merci soe fir deen interessanten Echange, dee mer hei zesummen haten, mee awer och d'Zoustëmmung vun alle Parteien, déi haut hei am Gemengerot present sinn a vertruete sinn. Ech mengen och dat stäerkt d'Projete generell, wat d'Ëmsetzung ugeet vun de Services. Hei zu Diddeleng an och doriwwer eraus de ganze Projet fir d'Südregioun an och doriwwer eraus. Fir dass dat awer kann eng Realitéit ginn, muss mer natierlech iwwert dës Konventiounen ofstëmmen.



Dofir géif ech hei d'Kolleegeen aus dem Gemengerot froen, ob dee mat deene véier Konventiounen, sou wéi se hei presentéiert an diskutéiert goufen de Mëtten averstanen ass? **Dat ass unanime.**

Ech mengen och dat ass e kloert Zeechen. An dee Message kënne mir mathuelen an eis Servicer an un déi ganz Ekip vum 2022 an hirem Siège social. Iech och Merci fir Är Presenz den Owend an och d'Erklärungen.

3. CIRCULATION

Confirmatioun vum 2 zäitlech begrenzte Règlements d'urgence de la circulation – Rue Adolphe a Rue des Écoles

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci. Mir hunn nach zwee Règlements d'urgencen hei guttzeheeschen. Dat éischt ass an der Adolphe-Strooss. Op 42 gëtt nämlech en Haus ëmgebaut an aus deem Grond huet missten eng Benne, also e Container laanscht d'Strooss opgebaut ginn. A well d'Strooss an den Trottoir schmuel sinn, kënnt eeben déi Benne bis op d'Fuerspuer vum den Autoen an d'Foussgänger mussen dann op déi aner Stroossesäit wiesselen. Dofir muss dann e Verkéiersreglement geholl gi fir eng Stroosseverengung. De Chantier, deen huet den 30. August schonn ugefaangen. E soll viraussichtlech bis Enn des Jores goen an aus deem Grond huet de Schäfferot eeben e Règlement d'urgence geholl, wat dann och haut elo duerch de Gemengerot muss validéiert ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia fir déi doten Erklärungen. Si Froen dozou?

Ass de Gemengerot mat deem dote Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci an da gi mer bei dat zweet.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Hei geet et ëm de Chantier bei der Schoul Strutzbiërg. Ech mengen dat hutt Dir rausgelies, wann do Rue des Écoles steet. A fir datt d'Schülerinnen an d'Schüler all Dag zu Fouss oder mam Vëlo sécher an d'Schoul kommen, ginn zwee separat Couloire gemaach. Een an der Rue des Écoles an ee laanscht d'Maison Relais Strutzbiërg. Déi ginn extra amenagéiert, fir d'Schü-

ler, wou se dann och de Chantierstrafic sou mann wéi méiglech kräizen. Den Accès awer bei déi dräi Haiser an der Rue des Écoles ass zu all Moment garantéiert.

An der Rue des Écoles gëtt op Héicht vun der Rue du Commerce e provisoireschen Zeebrasträif amenagéiert. An d'Rue du Commerce, hannert der Maison Sociale, gëtt op Héicht vun der Rue des Écoles fir de motoriséierten Trafic gespaart. A fir datt d'Awunner vun der Rue du Commerce awer nach bei hir Haiser kommen, gëtt de Sens unique eeben opgehewen. De Couloir laanscht d'Maison Relais Strutzbiërg, dee befënnt sech ganz op Terrain vun der Gemeng an dofir huet do kee Reglement misse geholl ginn. De Schäfferot huet dat Règlement d'urgence hei am August geholl an dat muss dann och elo, wéi dat virdrun, haut vum Gemengerot validéiert ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia fir déi dote Presentatioun. Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer doriwwer ofstëmme.

Wien ass mat deem dote Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech och do dem ganze Gemengerot Merci.

An da wäre mer zum Schluss vun eiser Gemengerotsitzung ukomm. Merci nach eng Kéier fir Äert Abréngen, och notament wat 2022 ugeet.

GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 01.10.2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kollegeen a Kolleginne vum Schäffen- a Gemen-gerot, ech géif lech nach eemol alleguer häerzlech hei am Gemengerot begrüessen. Nodeems mir hei d'Ve-eeedegung vum Walter Berettini virgeholl hunn ass dese Gemengerot och komplett. Entschëllegt fir haut hunn sech d'Sylvie Andrich Duval, Procuratioun krut d'Madamm Kayser, an entschëllegt huet sech och de Jean-Paul Friedrich an d'Procuratioun dofir krut de Jean-Paul Gangler, sou dass mir an deem Sënn komplett sinn. Et ass jo och eng Traditioun, wann hei en neie Member aus dem Gemengerot vereedeget gëtt, dass dee virop d'Wuert kritt fir e puer Wieder un de Gemengerot ze adresséieren an dofir ginn ech da ganz gären dem Walter Berettini direkt d'Wuert.

Walter Berettini (LSAP): Moien, Här Buergermeesch-ter, léiwe Schäfferot a léif Conseillere, no dësem fir mech zweeten, méi emotionale Moment fir dës Woch, ech kommen nach op deen éischten zeréck, freeën ech mech, de Rescht vun der Period Member vun dësem Gemengerot ze sinn a soe menger Virgängerin, dem Emilia Oliveira, villmools Merci fir hiert Engagement an hir Generosität.

Meng politesch Ambitiounen sinn u sech näischt an-escht wéi Spigelbiller vun deem wien ech sinn a wat ech maachen am Liewen, fir wat ech stinn a fir wat ech mech 100% asetzen. Fir all déi, déi mech net esou gutt kennen, dofir wier et interessant op e puer Saa-chen an ze goen. Ech sinn hei zu Diddeleng op d'Welt komm, Baujoer 66, den Numm gouf schonn e puermol erwänt, Walter Berettini. Wéi Dir am Familljennumm erausfannt sinn ech italieenescher Ofstammung, meng Mamm koum an de 50er Joren aus de Marken, mäi Papp aus Umbrien, ech sinn zanter dëse Méinden 30 Joer bestuet, an dat ass dann deen zweeten emo-tionale Moment, 30 Joer bestuet mam Sylvie Tomasi-ni, och gebierteg Diddelengerin an och italieenescher Ofstammung. Mir hunn eng Duechter an zwee Jongen, mir sinn och scho Boma a Bopa vun zwee Knirpsen. Gewunnt hunn ech hei an Diddeleng op ville Plazen, ugefaangen am Quartier Schmelz, net wäit ewech vum Zeitungsbuttek Gentile, dunn Spillschoulszäit an der Marie Curie Strooss, duerno bis 1988 an der Zoufft-gerstrooss a säit 1989 an der Bierenger Strooss wou ech deemools en Haus kaf hunn.

Komme mir zu der Kuerzfaassung vu menger beruf-flecher Carrière, wou de politeschen Deel och mat dran ass. Primärschoul a Secondaire hei zu Diddeleng, dunn zu Dummeldeng mäin CATP als Electromécani-cien, erfollegräich bestane mat enger Éiereronn, ech soen dat mat der Éiereronn ëmmer gäre well ech fir mech erausfonnt hunn, dass eng vermeintlech Defai-te och eng Chance ka sinn, wann een d'Zil net aus den Ae verléiert, ech hunn nämlech dunn als Elektri-ker un de Maschinne geschafft an och meng éischt



Schrëtt an der Delegatioun vun Husky gemaach. Et sief drun erënnert, dass zu där Zäit et iwwerall an och an där Industrie jeweils 2 Delegatiounen gouf, ee-mol fir d'Employéen an eemol fir d'Aarbechter. Husky hat ab 1999 eng gemëschten Delegatioun mat engem Délégué permanent, dat war e groussen Avantage zu deem Zäitpunkt fir eis alleguerten, déi do geschafft hunn. Interessant ze wëssen ass dann, dass Husky schonn 1999 inoffiziell de Statut unique hat an 2009 duerch den Asaz vum Mars Di Bartolomeo dësen am Land offiziell an iwwerall agefouert gouf.

Als Délégué permanent hunn ech versicht, mam Team via de Sozialdialog ënnert anerem de Kollektivvertrag opbauend ze verrieden an ze verhandelen, intern Ree-gelen esou opzestellen, dass Aarbechtsbedingunge fir all Kategorien déi selwecht sinn. Duerch Erstelle vu perséinleche Verbesserungspläng, de Personal Im-provement Plan, ass et eis gelongen déi ominéis Ent-retiens au préalable op e strikte Minimum ze redu-zéieren, folglech och manner nétzlos Entloossungen ze hunn. Et huet sech och eraus kristalliséiert, dass eng Partie Leit, déi duerch dëse Verbesserungsplang hu misse goen am Nachhinein esouguer an der Stuf gestige sinn. Ech hunn awer och d'Chance genotzt, dass Husky ausbilde wollt an si mech gefrot haten ob ech si géif ënnerstëtzen. Als offiziellen Ausbildungs-koordinator niewent dem Délégué permanent hunn ech a menge leschten 18 Joer net manner wéi 150 Azubien, also Léierbouwen a Léiermeedercher, a siwe verschi-de Beruffer begleet an si haten hiren Examen allegu-erte mat Bravour bestanen. Wou ech meng Fanger am Spill hat, an dorop sinn ech och stolz, duerch mäin Asaz ass et mir gelongen, zwee nei Beruffer an d'Land ze kréien, dat war de Mechatroniker, kommend aus Däitschland an de Gestionnaire en logistique aus der Schwäiz. Nodeems d'Éducatiounsministesch Mady Delvaux 2006 dëse Beruff virgestallt huet, hunn in der Tat net manner wéi 18 Schüler konnten déi fran-séisch Versioun unhuelen. Dat war innovativ zu deem Zäitpunkt, dat heescht, dee Beruff gouf et esouwuel op Däitsch wéi och op Franséisch, dës 18 Schüler a Schülerinnen hätten déi däitsch Versioun never ever kënne matmaachen, hunn awer duerno mat Bravour déi 3 Joer op franséisch bestanen.

Komme mir zum Engagement social: D'Husky hat, och dee stoung ënnert menger Regie, sécherlech ëmmer mat engem Team hannendrun - aleng kann een d'Welt net retten awer als Team ëmmer erëm - hei dann nëm-men ee grouse Projet, deen ënnert menger Verant-

wortung gelaf war; d'Opmotzen zu där Zäit vun der Waldschoul mat Beplantungen, Erneuerung vu Spiller, Ustrach awer an och Emzäunung ronderëm d'Klettergerüst, Verbotze vu futtisse Beem an déck Äscht kleng maachen, also alles Aarbechten, déi ronderëm de Bësch waren. Net nëmmen sämtlech Onkäschten, mee och sämtlech Aarbechte goufe vun de Salariee vun Husky an engem Nomëtten iwwerholl. Et sief bemierkt, dass d'Kollegen aus der Regie, Service Jardinage vun der Gemeng, natierlech mat dobäi ware fir déi ganz Saach ze iwwerwaachen. Dëst war nach zu Zäiten, wou den Alex Bodry Buergermeeschter war.

Net ze vergiessen iwwer vill Joren ewech d'Sponsori-séiere vu Sportsveräiner an Diddeleng an och ronderëm mee näischt anescht wéi de Jugendberäich. Oder awer och de Park Merveilleux, awer och aner Institutionen, déi mat behënnerte Leit geschafft hunn. De Claude misst do wëssen, wat ech wëll uschwätzen. Parallel zu de Joren an der Husky war ech an der Gewerkschaftswelt engagéiert, ech war zu Diddeleng ganz vill Joren am Comité, Sekretär a Vizepräsident. Hei hat ech d'Chance ëmmer erëm kënnen op de René Manderscheid zeréckzegräifen, wann ech Hëllef gebraucht hunn. Ech war ganz kuerz President vum Comité DBRH awer och laang Joren am nationale Virstand, och hei selwecht Ziel, Jugend an Aarbecht ass mäin Dada, a wäert et bleiwe bis ech iergendwann eemol net méi bis dräi ziele kann.

Säit 2018 schaffen ech elo bei der Chambre des Salariees an zwou spezifesche Kommissiounen. Am Beräich Weiterbildung fir Delegéierter an dat fir déi 5 Gewerkschaften, mee awer och fir déi Déléguées, déi keng Gewerkschaft am Betrib hunn. An anere Wieder, ganz enk mat der Ecole supérieure du travail, déi ënnert der Tutelle vum Aarbechtsminister funktionéiert. Hei ass meng Funktioun an éischer Stell, nei Weeër, nei Formatiounen ze offrén, nei Chargé-de-coursen, déi direkt vum Terrain kommen, ze fannen. Meng zweet Funktioun ass am Beräich vun der Ausbildung - wie wonnert et - wou ech haaptsächlech u méi Aarbechtsgruppe fir verschidde Beruffer deelhuele fir meng Expertisen, Experienzen, déi ech an 18 Joer gesammelt hunn, mat deenen ze deelen.

Fir mech ass dat och eng Chance gewiescht fir mat der LSAP déi leschte Kéier mat an d'Walen ze goen, eng Chance fir mat um Walprogramm ze schaffen an elo och deen hëllefën ëmzesetzen. Fir mech ass et un éischer Stell eng Politik ze maachen am Interessi vun der Gesellschaft, vun alle Leit an eiser Gesellschaft oder hei méi konkret am Déngscht vun allen Diddelenger Leit. Heizou e Saz, dee mech ëmmer erëm inspiréiert, „être riche ne se mesure pas à ce que l'on possède mais à ce que l'on sait donner“. Dofir, als Member vun dësem Gemengerot wëll ech meng Erfahrungen, déi ech elo hei opgezielt hunn, mat abréngen an d'Leit dovunner profitéiere loossen. Meng Schwéierpunkte sinn d'Leit zesummenzebréngen, Ausbildung, Weiterbildung, also Educatioun fir d'Jugend an awer och déi dozou gehéierend Aarbechtswelt.



Als Italo-Lëtzebuerger ass och d'Immigratioun an d'Zesummeliwen zu Diddeleng en Thema, de sozialen Dialog souwisou an d'soziaalt Engagement och.

Och Mobilitéit ass eng Erausforderung. D'Ëmweltpolitik a Sécherheet si mir och ganz wichteg. Wéi och ëmmer, ech wäert mech voll a ganz investéieren, hallef Saachen ass net menges. Merci nach eemol u meng Virgängerin Emilia Oliveira an alleguerten d'Kollegen a Kolleeginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot dem Dan Biancalana, dem Martine Bodry-Kohn fir hir Ënnerstëtzung an hiert Vertrauen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Walter Berettini an op eng gutt Zesummenaarbecht an deem Sënn, wéi hien et och hei illustriert huet. Dëst gesot géif ech proposéieren, dass mir zum Ordre du jour iwwer ginn. Ënnert Korrespondenz hei vum Schäfferot wëllt ech dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

I. KORRESPONDENZ

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci, Dir wësst dass mir hei als Diddelenger Gemeng de Klimapakt 2 deemnächst wäerten an Ugrëff huelen an an deem Kader hu mir als Schäfferot beschloss. en neie Projet vun der Biergerbedeelegung matzemaachen, dat heescht, mir kréien dann en neit Climateam, dat setzt sech bekanntlech zesummen aus 20 Leit. Dir hutt villäicht gesinn dës Woch am Bliedchen, dass mir opgeruff hunn, ënner anerem 10 Bierger, fir sech ze melle fir kënnen an deem Climateam matzeschaffen.

Et sinn och 5 Persounen aus dem Handel, Handwierk an Industrie gefrot an och Leit hei aus dem Gemengerot, dat heescht d'Parteien, déi hei em Gemengerot vertruede sinn, solle jeeweils ee Vertrieder an dat Climateam senden, am beschten ass et e gewielte Vertrieder aus dem Gemengerot, dofir ass et mäi Wunsch a mäin Opruff un lech alleguerten, dass Dir eis fir deen nächste Gemengerot, deen den 12. November ass dass Dir eis sollt jeeweils ee Vertrieder vun alle Parteien, déi hei vertruede sinn, melle fir dass mir deen och kënnen am nächste Gemengerot stëmmen, fir dass d'Climateam da komplett ass an d'Aarbecht kann ufänken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid fir déi dote Korrespondenz.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, ech hu gemengt mir géifen nach eng Foto maachen, mee ech wollt froen ob ech eppes kéint soen zum Ordre du jour vum Gemengerot?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, also effektiv d'Foto, déi maache mir net well mir net komplett sinn, d'Foto soll gemaach ginn, wann de Gemengerot komplett ass a vu dass jo eng Kolleegin an e Kolleeg sech entschëllegt hunn, mengen ech, ass et keng Optioun eng Foto ze maache vun engem onkomplette Gemengerot. Ech hoffen, dass mir et de 25. Oktober oder am November kënnen nohuelen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Also, mir hunn eng Fro zum Ordre du jour zum Punkt 3.1 Finanzen, do solle mir haut en Devis stëmme vun net grad 25 Milliounen Euro vun engem Neibau vun de Mengenatelieren, mir kréien de Projet haut virgestallt a sollen duerno ofstëmmen. Mir froen ob et méiglech ass, de Vote - also net Presentatioun - ze verleeën op en nächste Gemengerot, de Buergermeeschter hat selwer an de Budgetsdebatte gesot, et ass e komplexe Projet an hien hat en informelle Gemengerot an Aussicht gestallt, dee jo awer net gemaach gouf. Also, dat hätte mir jo awer léiwer gesi fir dass een sech am Virfeld hätt kënnen e Bild maachen an e bëssen Zäit hunn, fir dat ze reflektéieren an eis och mat de Membere vun der Lokalsektioun auszetauschen. Dofir eise Wonsch, de Vote vum Punkt 3.1 Finanzen op deen nächste Gemengerot ze verleeën.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech hu kee Problem domadder, dat heescht, mir géifen haut d'Presentatioun maachen, Dir kënnt Är Froe stellen, Dir kritt d'Erklärungen an da maache mir am nächste Gemengerot de Vote. Dat heescht, mir maache keng Diskussioun well da missten erëm déi selwecht Leit heihinner kommen an erklären. Dat heescht, Dir kritt d'Presentatioun, Dir stellt Är Froen an da géif een - well hei jo awer eng Rei Prozedure virgesi sinn, Ausschreiwungen an esou weider - da géif een de 25. Oktober am Kader vum PAG de Vote virhuelen an da mam PAG weiderfueren, well am Fong ass dee Gemengerot jo just geduecht fir de PAG ze stëmme, da géife mir do de Vote da maachen. Wann dat OK ass fir d'Kolleegen an d'Kolleeginnen, da kënnen mir esou verfueren.

CLAUDE MARTINI (CSV): Eng kuerz Fro, dierf een dann eng Stellungnam huelen de 25. Oktober oder net?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech hu verstanen, dass hei d'Demande ass, dass hei eng Presentatioun gemaach gëtt, dass hei dann d'Froe gestallt ginn an dass mir - wa mir dann deen nächste Gemengerot hunn - just de Vote huelen. Well wann et jo dann eng Diskussioun ass, da féiere mir déi Diskussioun jo zweemol an da mussen déi Leit, déi hei

haut d'Presentatioun maachen, nach eemol heihinner kommen, da maache mir dat jo alles nach eemol op. Ech hunn hei verstanen, dass d'Demande vun der Mardamm Heinen déi ass, haut eng Presentatioun, fräi Diskussioun, allegueren d'Froen déi kënnen gestallt ginn an da bei engem nächste Gemengerot reng just de Vote. Et ass jo esou richtig interpretéiert? Solle mir esou verfueren, ass dat OK? Da maache mir et esou, kee Problem. Voilà, da géif ech proposéieren, dass mir weiderfueren.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Wann ech villäicht dierft an deem Zesammenhang eng Iwwerleeung ustellen: Mir hunn a leschter Zäit ëmmer en informelle Gemengerot gemaach fir Projeten, déi an enger gewëssener Envergure waren, ëmmer sou ëm 20 Milliounen Euro oder esou, ob een sech net villäicht zum Prinzip maache kann, dass mir dat ëmmer am Viraus maachen, en informelle Gemengerot, wou een en bonne et due forme sech kann informéieren an de Vote dann an deem Gemengerot duerno huelen? Dat géif esou Situatiounen wéi déi heite villäicht vermeiden.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass net falsch wann et Dossieren sinn, déi méi komplex sinn, fir dat an engem informelle Gemengerot e bëssen anescht un de Projet unzegoen, wat natierlech och herno am formelle Gemengerot d'Diskussioun an de Vote vereinfacht. Absolut. Mir hunn dat jo schon an der Vergaangenheet an och an der rezenter Vergaangenheet gemaach, ech hu kee Problem domadder, wa mir Projeten hunn, mat enger gewëssener Envergure. Gären.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech hu just eng Verständnesfro zum Thema virdru wou den Här Manderscheid presentéiert huet: Hunn ech richtig verstanen, dat soll am beschten e Conseiller sinn, et kéint awer och eng aner Persoun sinn?

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Jo. Am beschten e gewielte Vertrieder fir dass mir deem Kimateam jo och wëllen e gewëssene politesche Poids ginn. Vu dass mer jo 10 Bierger hunn, ass et sënnvoll, dass och all Partei, wann et méiglech ass, e gewielte Vertrieder nominéiert.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ok Merci, dat verstinn ech, mee dat ass natierlech fir eng grouss Partei méi einfach wéi fir een, deen aleng hei setzt mee bon. Merci.



2. TABLEAU DE PRÉSEANCE

Approbatioun vum Tableau mat der Ranguerdnung vun de Membere vum Gemengerot

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Den zweete Punkt no der Korrespondenz ass jo dann traditionell mat der Vereedegung vun engem neie Member aus dem Gemengerot, den Tableau de Préséance, deen natierlech erëm eemol dréint an dee vum Gemengerot muss approuvéiert ginn. Sinn d'Kollegen an d'Kolleginne mam Tableau de Préséance averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci villmools. Da komme mir eriwwer op d'Circulatioun.

3. VERKÉIERSREGLEMENTER

Ännerunge vun den allgemenge Verkéiersvirschrëften

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Fir de Volet vun der Circulatioun ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

3.1. Passage fir Foussgänger an der Route de Burange

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, den éischte Punkt dat ass en Zebrastreifen an der Bierenger Strooss. D'Benotzer vun der Buslinn 8 déi wëssen, dass se um Arrêt Biereng, wann se do erausklammen, net direkt beim Arrêt kënnen iwwer d'Strooss goen, aktuell kann een do vun der Route de Burange entweder bei der Rue Sidney Thomas oder der Rue Jean Bierchem iwwer den Zebrastreife goen an déi 2 Zebrastreife si ronn 250 Meter vun deem Busarrêt ewech an aus deem Grond proposéiere mir lech haut, en Zebrastreifen op der Héicht vum Haus 95 ze maachen, ebe bei der Bushaltestell deen z'amenagéieren. A wa Froe sinn, ass haut de Pit Demuth amplaz vum Micael Da Silva hei, deen sech ëm d'Zebrastreife bekëmmert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Si Froen dozou? Dat ass net de Fall, da kënnen mir ofstëmmen. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Jo, dat ass unanime.** Merci.

3.2. Parkplaze fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit an der Rue Marthe Bigelbach-Fohrmann an an der Rue Milly Steinmetz-Ludwig

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Da wier et nach eemol u mir, an zwar geet et hei ëm PMR, also Handicapéierteparkplazen. Dir wësst, dass d'Schoul Lenkeschlei fäerdeg ass, mir hunn déi virun e puer Deeg ageweit dofir wëlle mir um Parking do virdrun an och op der Plaz Cécile Bieber-Wagner, dat ass an der Rue Marthe Bigelbach-Fohrmann eng Handicapéierteplaz amenagéieren. A wéi all Kéier soen ech och hei am Gemengerot, wann elo engem eng Plaz opfällt virun engem ëffentleche Gebai oder op engem Parking, wou PMR-Parkplaze feelen, dann zéckt net a mell et am Service fir et dann an engem nächste Gemengerot ze stëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärung. Sinn nach Froen oder Remarquen? Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote iwwerginn: Wien ass mat deem Reglement averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools. Da kënnen mir dee Volet ofschléissen a mir ginn eriwwer op d'Gemegefinanzen. Ech géif awer och dem Micael da Silva Merci soe fir seng Presenz.

4. GEMEGEFINANZEN

4.1. Approbatioun vum Projet fir de Bau vun neie Raimlechkeete fir de Service Gestion et Maintien du Patrimoine

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mir iwwerginn op d'Presentatioun vum Bau vun engem neie Gebai fir eise Service Gestion du Patrimoine, wou och Mataarbechter vum Service dobäi sinn an awer och Vertrieeder vum Bureau, déi och hei dee Projet hei wäerte presentéieren a méi spët zou eis stoussen, dat ass den Architektbureau Architecture et Environnement, respektiv KPLAN. Mir plangen also hei nei Gebaier an dat maache mir well d'Stad weider wësst, a well och d'Ufuerderunge weider wuessen och un eis Gemegebetrëber a mir jo och am Laf vun de leschte Joer reegelméisseg hei am Gemengerot, wat eis bestoend Gebaier ugeet, hu missen d'Mise en conformité maachen, Ëmbau maachen, Renovatioune maachen, dat hu mir jo ëmmer hei gestëmmt, a fir dëse Projet kënnen ëmzesetzen hu mir an deene leschte Gemengeréit jo och de Prealable geschaf fir deen Echange vun den Terrainen, notament mam Här Hoferlin, deen eis erméiglecht jo huet, deen doten Terrain ze kréien, wou mir dat doten neit Gebai plangen an do ass d'Ausrichtung och mëttel- a längerfristeg allegueren eis Regiebetreiber op engem Site ze regroupéieren an dann och mëttel- a längerfristeg d'Gas- a Waasserwierk op dee Site an der Rue de l'Abattoir ze integréieren.

Dat heissen ass e Projet, dee kascht eis gutt 24,9 Milliounen Euro an Dir wäert gesinn, dass hei herno vir-

gesinn ass fir eng Plaz fir den Accueil ze garantéieren, fir de Public, fir den administrativen Deel an awer och fir eis Aarbechterinnen an Aarbechter a wéi gesot, dat doten ass e Projet wou mir eng Rei staatlech Subside kréien. Mee virun allem ass et och e moderne, funktionelle Bau wou mir och eise Mataarbechter a Mataarbechterinne gutt Konditiounen kënnen schafe fir hirer Aarbecht am Interêt vun der Stad Diddeleng nozegoen.

Dat gesot, e bëssen als kleng Introduction, ech géif awer elo hei dem Bureau Architecture et Environnement d'Wuert ginn, fir duerch de Projet ze féieren an och op dee ganzen Energievolet anzegoen, dat ass engersäits de Volet vun der Architektur an anerersäits de Volet vun der Energie, an uschléissend kënnen mir dann diskutéieren. Merci.

MARC WAGNER (KPLAN): Bonjour, mäin Numm ass Wagner Marc vum Bureau Architecture et Environnement, mir hunn de Projet zesumme mat KPLAN aus Däitschland ausgeschafft, mat BEST fir den Engineering fir d'Statik an d'Aussenanlagen an d'Sécurité um Chantier an RMC fir den nohaltegen Deel an d'Haustechnik. Wéi den Här Buergermeeschter sot, mir regroupéiere verschidde Sitten zesummen, engersäits Deeler vum Gaswierk, déi eriwwer kommen an dat neit Gebai, dat och fir d'Léierbouwen, déi hannert der Gemeng sinn, dass déi och mat eriwwer kommen an datt och vum aktuelle Site déi verschidde Vestiaires zesummegeluecht ginn zu engem gemeinsamen.

Dat doten ass de Site wéi en aktuell ass, e bësse stiliséiert duergestallt. Uewe riets deen neie Projet, lénks mat den Zacken ass d'Pompjeeskasär. Mir géifen deen neie Projet am Alignement vun den aktuellen Hale setzen, déi bestinn, et ass eng grouss Trass an der Mëtt, déi fräi bleift fir zoukënftege Projekte vum Ribeschpont all Flexibilitéit a Méiglechkeeten ze loossen, fir datt déi sech do kënnen entwéckelen an eng breet Gaass ka gemaach ginn. Mir louche relativ kompakt um Site mat den aktuelle Gebaier, datt een do d'Leit méi no beienee kritt an do besser ka schaffen. An d'Gebai selwer, wou mir Bureauen an administrativ Surfacen hunn op 3 Niveauen, ass am Fong an 3 Voleten age-deelt. Eemol uewe lénks am Gréngen, dat ass de Rez-de-chaussée, dat ass deen Deel, dee fir de Public och ass, dat ass eemol e méi klengen an ee méi grouss Besprechungssall, deen och no baussen oppen ass a vun Externe ka benotzt ginn.

Déi rout Miwwelen representéieren alles wat Aarbechter an Employéen ass, dat heescht um Rez-de-chaussée kommen do d'Vestiaires dran an och deen neie Refectoire fir d'Leit wou se regroupéiert ginn. Um éischte Stack driwwer, wou d'Administratioun ufänkt, do sinn och d'Viiraarbechter mat enger direkter Liaison iwwer d'Trapenhaus verbonnen an och fir d'Léierbouwen do deen neie Sall. Dee bloen Deel ass den administrativen Deel vun der Gemeng, wou déi Aarbechte lafen. D'Gebai vun der neier Strooss, wann se da kënnt um Enn vum Site um Eck, dat heescht e relativ kompakt Gebai, de Rez-de-chaussée huet all déi

speziell Notzungen zesumme gesat an ass e bëssen era geréckelt a fir de Rescht uewen administrativ Flächen an eng Holzfassad. Hei gesäit ee vun den Usiichten hir de Rez-de-chaussée, e bësse méi era geréckelt an alles wat speziell ass, ass do mat dran, mat de Grondrëss nach eemol. Wat een um Daach scho gesäit ass d'Haustechnik, wat ee vun de Voleten ass, datt mer probéieren d'Gebai, well d'Gestion et Maintien du Patrimoine am Gebai dran ass, dass een dat sichtbar léisst, datt dat och flott war mat deene Leit zesummenzeschaffen, well déi déi Är aner Gebaier als Entretien maachen an déi an deem dote Gebai herno wäerten schaffen a mir do en intensive Feedback hate vun den Installatiounen hier.

Hei emol zwou Couppen, wou een ongeféier gesäit, eemol de Sous-sol mat dem Archiv, den Haustechniksräum, engem Parking fir d'Firmenautoen an de Rez-de-chaussée, deen e bësse méi héich ass, an déi 2 administrativ Stäck. Eemol de Sous-sol, op der Säit geet d'Ramp erof, d'Halschent vun de Parkplazen ass virequipéiert, fir kënnen Borne-électriques ze maachen, Archiv, Poubelle an Haustechnik op där anerer Säit. De Rez-de-chaussée, op lénker Hand ass d'Haaptentree wou een erakënnt an och ënne lénks dee grouss Sall gesäit, e bësse méi e klengen, d'Reception, am hënneschten Deel an och vun der hënneschter Säit de getrennten Zougang nach eng Kéier zousätzlech, d'Entrée fir de Refectoire fir d'Vestiaires, d'Dusche getrennt dovunner, de ganze Volet Kanal. De Stack driwwer, Lenks uewen d'Trap, déi eropgeet an déi administrativ Surfacë matenee verbënnt a rietser Hand d'Bureau fir d'Viiraarbechter an eng Salle de réunion. Generell sinn alleguerten d'Bureauen an enger Standardgréisst wou se kënnen vu bis zu 4 Leit benotzt ginn, dass een do eng Repetitiv dra kritt an ëmmer d'nämmlecht ass fir och d'Käschten anzedecken. Mir hunn och en zweete Stack, wou och en Deel Administratioun nach dran ass. Zweek Drëttel vum Gebai ass do nach fräi, d'Statik ass awer esou ausgeluecht, dass ee kéint eng Extenssioun maachen, wann se géif zukünfteg geneemegt ginn.

Vu Materialien sinn et einfach mee durabel Materialien, déi geholl gi sinn, et ass e Kautschuk-Industrieparquet, dee geholl ginn ass, sichtbar Isolatiounen, d'Haustechnik um Plaffong gëtt duerch Lamellen nëmmen cachéiert mee ass gutt zougänglech a sichtbar, eng holze Fassad, eng gréng Bedaachung. Mir haten och fir d'Materialien en externe Bureau IDES dobäi fir d'Zirkularwirtschaft ze berücksichtegen fir ze kucken wat sinn elo déi beschte Materialien, wéi mir se kënnen benotzen. Net ëmmer op der héchster Stuf awer an Ofstëmmung mat de Käschten dat sënnvollt, et ass alles verschrauft, näischt verpecht, esou dass een dat ëmmer kann ausereneen huelen an herno erëm zesummesetzen. Mir waren och mat der Superdreckschëscht am Kontakt an hu mat hinne gekuckt. Fir den techesche Volet géif ech dem Här Lay vun RMC d'Wuert ginn.

MICHEL LAY (RMC): Merci beaucoup, si vous voulez bien on va continuer un petit peu en français, je suis

Monsieur Lay du RMC Consulting Bureau d'études en techniques spéciales. Donc, pour la production d'énergie de ce bâtiment on a fait une étude de faisabilité pour comparer différentes solutions techniques possibles. Donc, la première chose à faire c'est d'évaluer un peu les sources d'énergie qui sont disponibles sur le site. On avait donc du gaz sur place qui était utilisable, le chauffage urbain ce n'était pas possible de se raccorder, le fuel ce n'est plus une énergie qui est considérée comme étant admissible à l'heure actuelle. Bon, on aurait aussi pu utiliser une pompe à chaleur air-eau, c'est pour ça que j'ai mis l'air au niveau des possibilités, sachant que le rendement de ce type de pompe à chaleur est quand même moins bon que certaines pompes à chaleur, comme on va le voir plus loin.

Au niveau des énergies renouvelables, on avait donc le choix entre l'utilisation du bois, la géothermie, donc l'utilisation de l'énergie du sol, l'énergie solaire thermique et l'énergie solaire photovoltaïque. Donc, de cette analyse ont découlé trois possibilités, trois solutions techniques différentes. La première, c'était donc la production de chaleur par une chaudière gaz et la production de froid pour la climatisation par un groupe de climatisation, couplé à des radiateurs et des plafonds froids qui émettent de l'énergie frigorifique pour climatiser. La deuxième solution, c'était donc des pompes à chaleur, mais qui n'utilisent pas l'énergie de l'air mais du sol, donc avec des forages géothermiques, couplées avec des plafonds climatiques réversibles qui émettent à la fois de la chaleur pour chauffer le bâtiment et du froid pour le climatiser. Et la troisième solution, c'était la production de chaleur par une chaudière à pellets, donc pour le lien géothermique et un groupe de climatisation pour produire du froid, couplé également avec des radiateurs et des plafond froids.

La solution qui était retenue c'est la solution 2, c'était donc une étude technique mais également économique et écologique. Il s'est avéré que cette solution était la plus avantageuse si l'on considéré ces différents critères parce que par exemple la variante 3 était mieux d'un point de vue écologique mais entraînait des coûts très très importants par rapport à la variante 2, particulièrement au niveau de l'entretien de cette chaudière. Donc, on a opté pour la solution 2 qui permet en plus comme c'est de l'énergie renouvelable d'avoir de bons résultats au niveau du certificat de performance énergétique, vous avez également sur ce slide le test qui a été fait au niveau des forages pour étudier la réponse du terrain et on a au total 29 forages géothermiques d'une profondeur de 125 mètres.

On a également sur la toiture une installation solaire photovoltaïque, donc ce sont les parties en noir. Au départ, au niveau de l'avant-projet détaillé, on avait une surface supplémentaire mais l'étude avançant on s'est aperçu que finalement on devait placer des installations de ventilation en toiture qui ont donc limité cette surface. On a également la loi qui a évolué au niveau des lignes de vie qui nous ont imposé de réduire un peu cette surface et puis également l'étude pro-

prement dite du rendement des capteurs photovoltaïques avec des ombres portées qui nous a imposé de ne pas en mettre à certains endroits parce que leur rendement aurait été insuffisant. On a actuellement 101 modules avec une production de 330 watts par module donc 33 kilowatts. Donc, cela représente une production annuelle d'énergie électrique de 32 500 Kwh par an, donc si on compare ça à la consommation d'énergie électrique des pompes à chaleur pour l'énergie thermique de la climatisation qui est de 70 000, on arrive à produire quasiment la moitié de cette consommation par les panneaux solaires photovoltaïques et ça correspond à une réduction des émissions de CO2 de 12 tonnes par an.

En-dessous, vous avez un schéma qui montre la possibilité d'implantation des capteurs donc suivant une direction est/ouest avec au milieu un passage pour l'entretien et une toiture verte. Donc, la toiture verte a beaucoup d'intérêt, elle sert déjà pour la rétention des eaux pluviales, elle permet aussi de rafraîchir d'une façon naturelle le bâtiment en été et elle a également un intérêt très important pour le refroidissement des capteurs photovoltaïques qui permet d'en augmenter le rendement. Cette technique couplée à un bloc thermique de très bonne qualité permet d'obtenir ce pass énergétique, vous voyez on est en triple A ici puisque le Wärmeschutzklasse, l'indice d'isolation thermique, l'indice d'énergie primaire et l'indice des émissions de CO2 sont en classe A. Voilà, je passe la parole à Best.

ERIC HANSEN (BEST INGÉNIEURS-CONSEILS): Moien, ech sinn den Eric Hansen vu Best Ingénieurs-conseils. Mir hate verschidde Missiounen hei am Projet, eng Missioun war den Environnement well op där Plaz, wou d'Gebai gebaut gëtt, do stinn Hecken, dat si relativ grouss Diskussioun mam Här Fierschter an herno wéi et méiglech ass fir déi ze ersetzen, do gouf elo eng Léisung fonnt a mir kruten do dës Woch den Accord vum Ministère, dass dat elo gereegelt ass. Dat huet sech e bëssen higezunn, mee mir wäerten do nei Hecken an en zukünftege Park, deen am Ribesch-pont virgesinn ass, planzen. Fir de Gros oeuvre halen ech mech kuerz, mir hunn e Gebai dat klassesch am Bëtong geplangt ass. Mir hunn den Avantage gesinn, dass mir do déi relativ grouss Flexibilitéit hunn an e groussen Avantage ass eigentlech dee kleng Re-cul, deen an de Rez-de-chaussée geet, deen am Holz zimmlech schwierig gi wier, fir deen opzefänken.

Wann ech elo zum Aménagement extérieur kommen, do hu mir natierlech dat gemaach wat mir musse maache fir d'AGE zefriddenzestellen, dat heescht dat oppent Becken op der lénksr Säit, dee geet herno an e Becken iwwer wat am Buedem Lait, wat da vun der AGE ofgedeckt gëtt. Op der anerer Säit hu mir d'Decisioun geholl fir e Reservoir virzegesit vu 47 Kubikmeter, deen ass awer da fir Reewaassernotzung virgesinn. D'Iddi ass, Dir hutt jo relativ vill Gäertner, dass déi wann se d'Planzen netze ginn, hiren LKW net mat Krunnewaasser befëllen, mee mam Reewaasser wat op deem Gebai agefaange gëtt. Voilà, da ginn ech d'Wuert zeréck un den Architekt.

MARC WAGNER (KPLAN): Jo, vum Planning hir ganz graff gesot, wann Dir eis erlaabt dat Gebai ze bauen, da géife mir 2022 an der Mëtt, während Juli ongeféier, ufänken, mir müssen d'Soumissiounen erausschécken, d'Adjudicatioun, an dann de Gros oeuvre, den Terrassement éier ee lassleeë kann a mir wieren am Mee 2025 mam Gebai fäerdeg. Punkto Budget hu mir déi eenzel Punkten analyséiert, dat heescht vum Punkt 2, de Coût de construction u sech, d'Honoraires, dann och d'Evolution des prix, dat heescht de Bauindex, dee mat eropgeet, d'Evaluatioun vun den Honoraires mat virgesinn, an ennen och e Volet Subsiden analyséiert. Bei dem Deel felt awer nach den Inneministère, déi op de Projet waarden, datt e gewise ginn ass éier e votéiert ass. Vun den eenzelen Aarbechten hir, also d'Viraarbechten, den Terrassement, de Gros oeuvre, d'Fassad, Parachèvement vun den eenzele Kapitelen, all eenzel Punkten duerchgaangen an alles eemol duergerechent.

Dann och den Nettoyage, d'Miwwele vun enger hallwer Millioun Euro, déi am Gebai mat dra sinn, spezifesch d'Haustechnik vun der Lëftung, mir hunn nach Imprévue vu 5% dobäi gerechent well een ni genau weess wat ka geschéien. Nach eng Kéier d'Zesummestellung vun de Subsiden. Bei de Käschte kann ech soen, dass mir déi nach eemol virun engem Mount à jour gesat hunn, suite zu de Präisser, déi den Ament relativ volatil sinn, fir dat gelinde auszedrécken. Mir haten elo grad e puer Ausschreiwunge vu Fassaden, déi mir zeréckkritt hunn, dat hu mir ëmgesat an hei an de Budget mat dra geholl. Bei anere Saachen, wéi den Innenausbau, well d'Aluminiumspräisser an Holz an aner Saache méi deier gi sinn, hu mir probéiert, virauszege-sinn an déi Saachen auszewielen, déi am Budget scho mat dra sinn, an der Hoffnung, dass net alles nach méi deier gött.

Villäicht e puer Biller vum Interieur, dat heescht dat wier d'Entréeshal wou een erakënnt, am hënneschten Deel d'Trap fir op den 1. Stack, dann d'Receptioun, lénker Hand déi Salle de réunioun, déi méi kleng an hei vu baussen déi méi grouss. De Virdeel, och well mir um Rez-de-chaussé dee Porte-à-faux hunn, vun ongeféier 2m40, ass, dass mir ennen d'Protection solaire net brauchen, well mir en lwwerhang hunn an dat gläichzäiteg den Terrain schützt. Wat mat virgesinn ass, ass, dee Wee ronderëm befuerbar ass fir duerch eng Nacelle d'Fassad kënnen ze botzen, dass déi Saachen och mat virgesi sinn, dann de Refectoire vun den Aarbechter, och e grousser Raum, oppen, vill Luucht mat dran an dann och op enger Säit eng Plaz wou se kënnen hiert lesse waarm maachen. Dann d'Vestiaires, a groussen Zuelen, do ass d'Halschent fir Hären an da kommen nach d'Damme logescherweis dobäi an de Kanal. Dann den 1. Stack wou een och e bëssen d'Materialphilosophie erëmgesäit, dat heescht et ass en einfachen Industrieparkett, et ass Béton visible, Béton à vue an och d'Mauere mat Maçonnerie à vue, déi mer eng Kéier usträichen.

De Plaffong, Lamellen, oppen, dass mir gutt un d'Haustechnik kommen och do e bëssen ze weisen, wat fir

eng Corps-de-métieren an deem Gebai matschaffe vun de Maurer iwwer déi, déi d'Haustechnik reegelen an do déi d'Entretiensaarbechte maachen, dann och Couloiren, déi eenzel Bureauen, déi getrennt sinn, och do de Lamelleplaffong. Da soen ech Merci, dass Dir eis nogelauschtert hutt a mir si gär bereet, op all Fro anzugeen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci Dir dräi – respektiv ass och den Nic Krumlovsky hei – fir d'Presentatioun, Dir gesitt, dass dat dote e ganz funktionellen, mee moderne Bau ass. Effektiv, eise Service Gestion et maintien du patrimoine an d'Diskussioun ass op, wann hei Froen oder Remarquë sinn.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, lech allen dräi e grousser Merci fir déi Presentatioun och. Ech menge mir krute Pläng, ech sinn esou gutt wéi et geet duerch d'Pläng gaange fir dee ganze Projet ze verstoen, mee ech mengen, et war immens sënnavoll fir weider Informatiounen, jo, et ass absolut kee Reproche. Ech fannen och, mir hu laang iwwer dee Projet diskutéiert an echangéiert, och am Team anet ass flott, dass et e ganz kompakt Gebai ass, et ass energetesch gesinn déi bescht Léisung. Ech muss lech och op deem Punkt Luewen, wann ech hätt missen den Energiekonzept maachen hätt ech et genau esou gemaach ech fannen déi Initiativen déi Dir geholl hutt wat d'Energie ugeet, wat Geothermie ugeet, wat d'Fotovoltaik ugeet, och fir dat Ganz op den Daach ze setzen, ass wierklech dat optimaalt Konzept, soe ech elo mol.

Wat ech mech froen ass, wa mir scho bei der Technik sinn, peut-être je peux passer en français : Est-ce que la photovoltaïque, parce qu'on a de la photovoltaïque qui produit déjà pas mal, la moitié des pompes à chaleur ont besoin d'énergétiques, est-ce que c'était la solution optimale dans le sens de la surface ? Est-ce qu'on n'aurait pas pu ajouter un tout petit plus de panneaux sur le toit ? Voilà, mais en voyant que c'est 50% cela aurait été l'idéal pour peut-être passer à 100% en remplissant les besoins du bâtiment un peu plus. Ensuite, ech hu gesinn, d'Reserv, Dir hutt Reserve bei de Surfacen an do hu mir eis d'Fro gestallt, bei de Salariées steet 43% a bei der Administratioun 20%, ass dat eng Reserv am Sënn vun datt d'Gebai net optimal ausgenotzt gött, dat heescht et ass am Moment just zu 40% beluecht a mir hunn e Potential bis op 60% nach eropzegaen, dat wier meng Fro.

Et ass och flott, dass mir all déi Saachen regroupéiert hunn, wou ech och mat Leit geschwat hunn, soten se et wier eng super Initiativ, dass se elo e puer Servicer beieneen hätten. Mir hunn eis trotzdem gefrot, wat geschitt mat der Stolwierkshal, am Moment hu mir jo Saachen do, déi gelagert sinn, ob déi och virgesi si fir an dat Gebai ze plënnere, wéi et mam Stockage an der Reserv ausgesäit? Eng weider Fro ass, wat geschitt mat deenen ale Gebaier, dat heescht, déi Leit déi wäerten do plënnere a wat wäerte mir do maachen? Ass do eng Transformatioun? Eng Renovatioun? Vläit

e Changement d'affectation, wie weess, mir brauche vill Wunnengen, einfach déi Fro ob Dir do schonn eppes geplangt hutt? Doropshin och meng nächst Fro: Dat doten, dat kënnt op eng ganz nei Parzell, dat heecht, mir „opferen“ also erëm Gréngfläch, quitte dass et am PAG ass, mee einfach déi Fro, hätt een net können en aalt Gebai huelen an dat restauréieren op eng Klass A oder B mat enger Extensioun fir, dass mir d'Servicer all beieneen hunn? Voilà, dat sinn d'Froen, déi eis agefall sinn.

Terrassementer, mir schwätze vun 12 000 Kubikmeter wat enorm vill ass, eis Deponien déi sinn och relativ voll, et fiert een duerch d'ganzt Land fir Buedem ofzelagere, hutt Dir hei e Konzept wat ee kéint mat deem Buedem maachen. Ech mengen, deemnächst wäerte mir op der Cloche d'Or dee gréisste Park a Lëtzebuerg bauen a villäicht hätt ee können de Buedem dohinner féiere fir e Modelage vum Amenagement ze maachen, also en urbane Modelage fir Hiwwelen am Park oder esou ze maachen. Einfach eng Iddi. Weiderhin, de Parking, dat ass awer eng gewësse Surface, déi scellée ass, ech hu gesinn, dass am Fong d'Waasser vum Parking an en extra Basseng, wann ech richteg verstinn, ofleeft. Doropshi meng Fro: Hätt een dee Parking net können awer waasserduerchlässege maachen? Well ech hunn och e puer Etüde gelies, ech weess, dass do och de Ministère de l'Environnement do matschwätzt. Wéi gesot, ech hunn e puer Etüde gelies an dat ass duerchaus méiglech, dat awer esou ze maachen.

Eng weider Fro: Dir hutt den hollänneschen Ökolabel geholl, ech muss soen, ech kennen deen net esou direkt, ech sinn éischter mat Green an DGNB. Ech froe firwat Dir deen erausgesicht hutt? Ech muss och soen, zwëschent der Kategorie 1, 2 an 3 konnt ech net richteg erausfannen, ob mir elo an der Kategorie 1 oder 3 sinn, mee dat ass immens wichteg. Ech fannen och de Choix vun de Materialien immens flott. Doropshin och meng nächst Fro: D'Fassad vum Gebai ass aus Holz, dat brauch e gewëssenen Entretien, wéi hutt Dir dat virgesinn? Eemol am Joer oder eemol all dräi Joer dat unzeesträichen oder ass et éischter Holz wat sech selwer iwwerlooss ass a wäert ebe gro ginn? Ech mengen, dat wier et am Fong vun eiser Säit aus, Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok, Merci fir déi dote Froen. Ech géif eisen externe Leit hei d'Méiglechkeet ginn, villäicht och dem Här Krumlovsky, op déi dote Froen ze äntweren. Et war eng ganz Batterie vu Froen, déi och technescher Natur waren an da solle mir d'Ronn weider können dréinen, well et sinn och aner Kolleegen a Kolleginnen do mat Froen.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DID-DELENG): Merci, ech versichen op en Deel vun de Froen esou gutt wéi méiglech ze äntweren. Also, d'Stolwierkshal, et ass esou, déi wäerte mir an nächster Zukunft gebraucht ginn, do ass den Stockage dran awer mir wëssen och, dass de CGDIS, deen och um Gemengessite ass, dass deen eemol fort kënnt an do

ass ugeduecht gi fir dat dann duerno als Stockage ze notzen. Wat eis wichteg war, a mir och virun allem, dat ass, dass den Site vum Gaswierk fräi gëtt, mir hunn zanter Joren déi Situatioun, dass mir müssen hin an hir fueren an dat ass fir keen agreabel a mat deem heite Gebai hei erméigleche mir de Leit awer och dem Fonctionnement an den Oflaf vum Betrib alles op ee Site ze kréien. Dat ass déi éischt Äntwert op d'Fro vun der Stollwierkshal. Wuelwëssend, dass mir d'Stolwierkshal eemol können erop ginn, dat ass alles virgesinn. Déi zweet Fro, ob d'Gebai optimal ausgenutzt ass Jo. Also haut wann et esou géif gebaut ginn, wéi et presentéiert ginn ass, dann ass dat richteg, dofir hu mir uewen och den Stack net ganz ausgebaut. Dat heescht, wann eemol an 30 oder 40 Joer misst eng Vergréisserung gemaach ginn, dann ass et statesch méiglech fir do weider eppes drop ze setzen.

Firwat hu mir dee Site gewielt an net en aneren a firwat hu mir keen aalt Gebai renovéiert? Majo, ganz einfach, mir brauchen 3 Hektar, mir hunn 3 Hektar, dat ass d'Stolwierkshal, d'Allentouren vum Stollwierk, d'Gaswierk, den Haff vum Gaswierk an de Service an der Regie, an der Rue de l'Abattoir an dat zesumme ginn 3 Hektar. Fir eng Plaz vun 3 Hektar ze fannen oder e Gebai wat eis déi Plaz erméiglecht ouni de Betrib ze stéieren, dat ass nämlech och eppes wat hei e bëssen den Challenge war, et dierf ee jo net vergiessen, dass wann dat neit Gebai gebaut gëtt, do muss de Betrib riicht viru goen. Dat ass den Challenge an dat ass d'Erklärung firwat dës Site gewielt gouf an net iergendwou e Gebai. Mir hätte keen esou eent gehat fir dat ëmzebauen an an dëser Gréisst ze bedreiwen.

Dann déi 12 000 Kubikmeter Buedem, déi ausgebagert ginn a musse fortgefuert ginn, de Marc huet villäicht nach eng Iddi dozou, mee bei eis war et esou, mir maachen eng Missioun, do gëtt dee bëllegsten, dee präisgënstegsten, dee gëtt geholl a mir sinn deem dann ausgesat. Mir hunn net wëlles gehat, dass mam Buedem muss eppes anescht gemaach ginn, fir och de Präis net an d'Luucht ze dreiwen, mee wéi gesot, villäicht gëtt et do nach eng Erklärung.

Dann d'Waasser, wat um Site ufält, do ass et esou, dass déi Etüden, déi mir och op Soibelkaul gemaach hunn an och bei der Ribeschponter Schoul an och um Site bei der Rue de l'Abattoir, dat huet erginn, dass de Buedem zimmlech leemeg ass an do leeft bal kee Waasser an an de Buedem ass bal impermeabel an dat ass och e bëssen d'Erklärung firwat mir versichen zwar d'Waasser asickeren ze loosse, dat wat geet, mee mir hunn haut scho Problemer dass bei villem Ree vill Waasser kënnt, iwwerflächlech. D'Iddi fir d'Waasser an de Reservoirer ze halen, dat ass gesot an erkläert ginn, dat ass fir dass d'Gärtner an och d'Balayeuse dat Waasser können notzen an net musse Krunnewaasser huelen.

Et dierf een och net vergiessen, mir hunn e Raccordement, dat bis an d'Baach geet, dat heescht dat Waasser wat do ofgefaange gëtt, gëtt net wéi a ville Fäll erëm an d'Eaux usées geschott mee mir hunn e Rouer do leien, wat bis an d'Aral-Station an der Lët-

zebuergerstrooss féiert an do kann een uschléissen an da kann ee gepuffert dat Waasser bis an d'Baach leeden, wou et och higehéiert. Dat war elo mol déi e puer éischt Erklärungen zu de Froen, déi aner beäntwert de Marc Wagner besser.

MICHEL LAY (RMC): Je vais vous répondre en reprenant le slide des photovoltaïques. Donc, là vous voyez le dernier plan technique, donc on voit l'implantation des cellules photovoltaïques en noir, vous voyez avec les installations de ventilation prennent beaucoup de place, on n'a pas le choix, on est obligé de les placer en toiture, c'est la centrale mais c'est également tout le gainage. Il y a toute une partie où on ne peut pas en mettre car il y a un décalage au niveau des toitures, donc il y aura une ombre portée trop importante et si c'est pour avoir un rendement quasi nul, ce n'est pas la peine d'en mettre. Donc, c'est pour ça qu'on arrive à 33 Kw, c'est vrai que ce n'est pas 100% de la consommation car c'est à peu près 45%, mais on voit qu'avec ces techniques-là, on a déjà un bon pass énergétique, entre guillemets. En plus, j'ajouterais qu'avec la nouvelle législation sur la performance énergétique qui vient de sortir, maintenant on a la possibilité de valoriser la photovoltaïque, ce qui n'était pas le cas avec l'ancienne. Donc, il est très probable, je vous dis ça en pointillés car pour l'instant le logiciel n'est pas tout à fait fiable, même si la loi est sortie. Bon, je suis en train de modéliser le bâtiment avec ce nouveau logiciel, il est probable qu'on ne soit plus en A mais en A+ puisqu'ils ont introduit la mention A+, donc une catégorie encore supérieure à la classe A. Si vous voulez, la nouvelle législation nous donne raison quant à l'utilisation des pompes à chaleur car maintenant c'est plus l'énergie électrique qui est mise en avant, contrairement à l'ancienne législation où on pouvait encore utiliser des énergies fossiles. Voilà, je ne sais pas si j'ai répondu correctement à votre question ?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Oui, la question était si c'était une optimisation parce que c'est vrai que j'ai regardé le plan et je me demande si par exemple sur le coin à droite....

MICHEL LAY (RMC): Oui, sur le coin on pourrait ajouter quelques mètres carrés.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Mais voilà, après dans une réflexion seconde ou on parle d'une éventuelle extension dans le futur du bâtiment, je me dis qu'on pourrait même s'imaginer même de couvrir le parking avec des panneaux photovoltaïques pour faire de l'ombre pour les voitures en même temps, mais voilà, je pense que des possibilités il y en a et bien voilà.

MICHEL LAY (RMC): Oui et comme je dis, la loi les services incendie qui nous imposent de mettre une ligne de vie est malheureusement plus importante et cela réduit la surface et il faut aussi penser aussi à la maintenance des capteurs photovoltaïques, et qu'il faut encore pouvoir circuler sur la toiture et donc tout ça fait que finalement on arrive à cette surface.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Domat wiere mir op déi verschidde Punkten agaangen. Madamm Ahmedova, ech géif awer elo weider dréine loosser, et si villäicht och nach aner Leit, déi Froen hunn an all Mënsch soll kënnen zu Wuert kommen. Op d'Froe gouf geäntwert.

MARC WAGNER (KPLAN): Et ass am Endeffekt esou, mir mat deem Bureau, do goug et net ëm eng Labelisatioun vum Gebai wéi (Briam) oder déi aner, dofir hate mir mat RMC decidéiert, datt mir déi Lëtzebuerger Basis geholl hu vum Energiepass, dat do goug wierklech ëm d'Zirkularwirtschaft, dat heescht, dat ass e Label fir ze kucken, wou verschidde Materialien a verschiddene Kategorien an déi dräi agedeelt ginn an et ass fir dee Volet wou mir gesot hunn, d'Holz wat drop kënn gëtt eben esou gutt et geet net traitéiert a verschrauft an net gepecht, mir hu keen Epoxy-Buedem am Parking, mee mir loosser de Bëtong talochéiert fir dass een d'Materialien herno erëm gutt kann trennen. Et ass en anere Label wéi déi gewinnt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Här Wagner.

KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, wéi gesot, déi Gebailechkeeten, dee Projet dee mauscht jo scho laang an et gesäit een et an der Time table 2019, do sinn déi éischt Etüde gemaach ginn an dat bréngt mech zu der Evolutioun vum Präis. Am Plan pluriannuel 219 hate mir 11,7 Milliounen Euro ageschriwwen, 2020 19,8 Milliounen Euro, 2021 gouf vun 22,05 Milliounen Euro rieds. Op Nofro huet et geheescht et gëtt souvill méi deier well mir eventuell eng Ausrichtung hu fir et op Neischmelz ze setzen, elo ass meng Fro: Wéini koum de Switch fir et awer op dëse Site ze kréie well dat war eng kloer Äntwert op eng Fro firwat dee Projet esou deier géif ginn. Elo gëtt et nach eemol en Hoff, elo si mir bei 25 Milliounen Euro, dat ass jo net näischt mee et schéngt eis awer logesch, dass mir probéieren, déi Sitten all op eng Plaz ze kréien, well dat war och ëmmer e Wunsch, dass Synergien solle geschafe ginn, d'Servicer sollen zesummegeleecht ginn an nottamment net nëmmen, dass mir Gebailechkeete fräimaachen an dass d'Leit net ëmmer mussen hin an hier rennen, mee och wat den Nettoyage ubelaangt, ass et méi einfach, esou e grousst Gebai ze botze wéi wann s de op 3 Sitte muss eng Botzekipp hischécken, dat ass net sennvoll. Dann erginn sech nach e puer Froen.

D'Madamm Ahmedova huet schonn e puer Saachen ugeklongen, virun allem och: Wat geschitt mat deenen ale Gebaier? Do ass awer déi konkret Fro virun allem: Wat geschitt mam Gaswierk? Mir haten do och schonn Diskussiounen, dass dat Gebai eventuell soll ofgerappt ginn, do ass nach ëmmer dat wat schwieft eng Unterführung fir eriwwer, eng Unterführung vun der Strooss ënnert de Gleiser fir op déi aner Säit ze kommen, ass do schonn eppes Konkretes an der Planung? Dann ass d'Fro vun der Gréisst, et ass ugeklonge sinn, dass do nach eng Reserve ass, Diddeleng wisst jo och weider, ech huelen un, dass dat esou geduecht ass, dass mir kënnen ausbaue wa mir nach méi Servicer oder

méi Leit brauche fir déi Servicer an engem wuessenden Diddeleng kënnen ze assuméieren? Ech huelen un, dass dat déi Reserv ass. Just eng Verständnesfro.

Da kënnt natierlech och d'Fro mat deenen existéierende Servicer, den Här Krumlovsky sot et, déi musse weider lafen. Do kënnt och d'Fro dann: Wéi ass et mat der Zukunft vum Areal wou elo d'Atelieren drop sinn, geet dat nach duer? Sinn déi Gebaier nach konform? Sinn déi Gebaier aktuell? Wat geschitt ganz konkret mat deem Gebai, wou d'Administratioun dran ass momentan op deem Site an der Rue de l'Abattoir? Ass do eppes ugeduecht wat mir domadder maachen? Dann, vum Time table ass jo och ganz sportlech fir dat 2025 dohinner ze kréie mee ech hoffen, loosst mer mol ganz optimistesches sinn, dass dat klappt an, dass dat och net zu enger Präisexplosioun gëtt wéi mir dat oft hunn, wa mir Saachen hei stëmmen. Dofir, loosst eis mol optimistesches sinn, dass dat och esou klappt.

Ech hunn awer och e puer Froen: Aus der Presentatioun, do hunn sech e puer Saachen erginn: Éischtens emol, den Här Architekt huet gesot, dass Deeler vum Gaswierk eriwuer kommen, ech huelen awer un, dass all d'Servicer vum Gaswierk eriwuer kommen ausser wann do eppes anescht ass, da wier et interessant dat gewuer ze ginn. Dann ass gesot ginn, um Rez-de-chaussée kënnt e Refectoire hin, meng Fro ass: Gëtt dat och eng Kantin oder ass dat just en lessraum? An dann ass d'Fro: Am Sous-sol soll e grouse Parking kommen, fir wien ass dee Parking, ass dat just fir eis Gemengeweene oder ass dat och fir d'Aarbechter e Privatparking? An dann, dee grouse Sall um éischte Stack, uewen ass jo och nach ee méi klenge Versammlungsraum, wat soll an deem grouse Sall sinn, wat soll deen hunn, wat ass do virgesinn a firwat brauche mir deen? Dann, de Bureau fir d'Viraarbechter, ass dat fir all Viraarbechter vun all Service oder wéi solle mir eis dat kënne virstellen? Wéi eng Viraarbechter ginn dohi bruecht?

Dann, e ganz neie Moment ass, dass elo hei rieds geet, dass mir d'Stolwierkshal nach brauchen an, dass déi herno soll op de Site vum CGDIS kommen. Do hate mir awer bis elo nach keng esou kloer Informatioun, dass dat soll ëmgewidmet ginn als Annex vun den Atelieren. Do wier et interessant, ze wëssen, a wéi eng Richtung een denkt, well et muss ee jo wëssen, de CGDIS Site gëtt eréischt fräi wann de CGDIS fort ass an ech hat gesot, wéi mir d'Diskussioun hate vum PNOS, do stoung en hallwe Saz dran, dass Saachen an der Planung sinn. Fir deen neie Site CGDIS DIDDLENG stoung just a Klammeren dat Wuert DIDDLENG, soss keng Detailer. Do wësse mir awer elo näischt dovunner, do weess den Här Buergermeeschter villäicht méi, dass mir do kënne plange well d'Komplikatioun kënnt jo dee Moment wa mir wëllen Neischmelz realiséieren an d'CGDIS Gebai steet nach net a mir hunn de CGDIS nach do.

Meng Fro: Wéi eng Alternativ hu mir wann Neischmelz opgeriicht gëtt a wa mir d'Stolwierkshal müssen ëmwidmen an de CGDIS sëtzt nach ëmmer op hirem

Site? Voilà, dat ass eng méi politesch Fro. Dat ware meng Froen, déi ech hat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser, ech géif awer nach eng weider Stellungnam huelen éier mir op d'Froen aginn.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, et sinn der vill vu menge Froen hei scho gestallt ginn, mee ech mengen, ech wëll just vun eiser Säit aus, vun der Säit vun der Majoritéit nach eemol drop hiweisen, dass mir wéi och schonn an der Schäferotserklärung stoung, dass mir ganz grouse Wäert drop leeën, dass den ëffentlechen Déngscht modern an efficace hei ass, well eis Stad wüsst a mir wëllen eis natierlech och déi néideg Verwaltunge ginn, déi deem Rechnung droen an dat heiten ass e gutt Beispill fir eng modern, efficace an nohaltege Administratioun, esouwuel wat elo d'Aarbechtskonditiounen fir d'Aarbechter ubelaangt, mee awer och deen nohaltegen Aspekt wat d'Architektur ubelaangt an d'Gebai selwer.

Ech wollt just zu e puer Saache kleng Froen stellen, déi villäicht d'Leit dobaussen interesséieren. Éischtens emol war d'Classe énergétique du Bâtiment do ass alles op A gesat ginn ausser 1 Punkt an dat war dat vun der Kälte. Ech ka mir dorënner näischt virstellen an ech hu mech gefrot firwat ass dat elo op C gesat ginn? Wat war do d'Decisioun dohannert, dat interesséiert ee villäicht. Da sinn ech och frou, dass drop higewise gouf, dass viles net an eiser Muecht steet, souwuel den Delai wéi och d'Präisentwécklung, den Architekt huet schonn drop higewisen, dass viles de Moment an d'Luucht schéisst a mir do keen Afloss drop hunn. Dat ass keen Diddelenger Problem, dat ass e weltwäite Problem an dat heescht, dass eis dat bewosst ass an dass mir do net all drop Afloss hunn.

Ech hat mir nach eppes anescht ofgeschriwwen. Et ass vum Accueil vum Public geschwat ginn, et interesséiert villäicht d'Leit, wat sinn dat dann elo fir Servicer, et ass vun enger Receptioun geschwat ginn, firwat ginn d'Leit dohinner, mat wéi engen Dossiere ginn se elo an dat neit Gebai, dat heescht, elo sinn se e bëssen iwuerall higaangen, mee dat interesséiert villäicht d'Leit dobaussen, wéi elo dee Publique an deem neie Gebai sech erëmfënnt a wéi een dohinner kënnt. Dat ware meng Froen, déi Saache vun deenen ale Sitten a vun de Kompensatiounsmoosnamen, déi mir ausdrécklech begrëissen, déi goufen ugeschwat. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, ech hale mech relativ kuerz, ganz vill Froen déi ech hat déi si scho gestallt ginn an deelweis och beäntwert ginn, ech wëll trotzdem ganz kuerz op dat Formaalt agoen. Ech begrëissen, dass Dir d'accord waart fir de Vote net haut ass mee déi nächste Kéier, dass een sech ka Gedanke maachen an ergänzen duerch déi Formatiounen, déi mir kréien, ech well trotzdem nach eemol ganz kloer soen, dass ech d'Virgoensweis net gutt fannen, mir hu 5 Deeg Zäit a schaffen de ganzen Dag, virun allem, dass mir dono net méi kënne Stellung huelen. Mir kréien hei vill

Informationen, déi mir nach net haten, et beréit een sech duerno an senger Fraktioun, respektiv Partei an et wier schonn awer flott, ech verstinn, dass et dës Kéier net esou geet mee et wier awer flott wann een hätt kënne nach eng Wuertmeldung maachen och wann se net ze grouss ass mee villäicht nach Erklärungen ofginn.

Bon, soit, et ass dës Kéier esou, Dir waart jo och d'accord mat der Propos vum Här Gangler, esou dass ech hoffen, dass et déi nächste Kéier besser geet, et kann een sech ëmmer verbessern an ech fannen et gutt, dass de Wëllen do ass. Wéi gesot, ech wëll elo net ze vill hei widderhuelen, et ass begréissenswäert, dass d'Servicer beienee geluecht ginn, och d'Fotovoltaik, dat freet besonnesch den Här Thill, dee méi wéi eemol hei dorobber ugeschwat huet. Schuet ass et, dass et net méi ass, mee mir kruten dozou jo Erklärungen, déi mussen dann duergoe vun den Experten. Wat awer net esou gutt ass dat ass, dass de Budget wierklech net detailléiert ass, et kann een net an de ganzen Detail goen, mee et ass awer scho wierklech, et hätt een et villäicht méi detailléiert kënne gesinn. Fir de Rescht wëll ech net widderhuelen, an ech waarden dann op déi Äntwerten, déi nach opstinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madamm Erpelding.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, ech hu just nach e puer kleng Froen. Wat ass an dem Gebai dra wou Primavera dra war, dat ass jo elo och der Gemeng hiert. Dann huet den Här Wagner geschwat vun engem Tracé, dee soll fräi bleiwe fir eng Strooss op Ribeschpont, do wollt ech awer mol soen, dass do och dee kleng Wee ass, dee vun der Rue des Saules eriwuer kënnt, dat wier esou wichteg, dass een do eng Verbindung hätt vun der rue des Champs eriwuer bei de Ribeschpont. Ech denken un all déi Kanner, déi kéinten de Wee huele fir op de Fussballstraining zum Beispill ze goen, well et muss een ëmmer iwuer déi Lëtzebuerger Strooss an déi Quartiere Butschebuerg, Ribeschpont sinn net matenee verbonnen.

Och déi kleng Strooss déi vu Butschebuerg eriwuer bei d'Ribeschponter Schoul geet déi ass ze geféierlech fir Vëlo a Foussgänger, et wier interessant ze wëssen, wéi een Tracé, dass do soll fräi bleiwen. Dann hat en och geschwat, do kéim nach e Subsid vum Ministère de l'Intérieur dat wier och interessant ze wëssen, wéi héich dee kéint ausfalen an dee Slide mat der Reserv den hunn ech nach ëmmer net verstanen, villäicht kann een deen nach eemol weisen an nach eemol ganz kloer soe wat dat heescht déi Prozentzuelen an déi Reserv. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, dann nach den Här Gangler an da kënne mir op déi technesch a politesch Punkten agoen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt nach eemol anhaken do wou och d'Madamm Kohn schonn ugefaangen hat: Mir stellen

eis d'Fro wéi eng Servicer genau ginn elo dohinner, wann Dir déi kéint méi detailléiert opzielen. Mir stellen eis d'Fro: Kommen d'Pecherten och dohinner, iwwerhaupt déi Servicer aus deem ale Policegebai? Fir dass mir do en Iwwerbléck hunn: Kënne mir dann dee Moment soen, mat wéi vill Leit Dir dat Gebai do geféllt kritt wann déi Servicer bis all geplënnert sinn? Ech hat mir och Froe gestallt wéinst deene Parkingen, wann ech do kucken, do ass eng Behënnerteparkplaz, 15 fir elektresch Autoen an 12 fir normal Autoen. Ech hu mir dunn d'Fro gestallt: Fir wie sinn dann elo déi Parkplazen, well wann do eng Zuel vu Leit an dat Haus kënnt, déi Dir eis da wäert nennen, dann ass jo awer virauszegesinn, dass vill vun deene Leit keng Parkplaz fanne wann se dohinner schaffe kommen. Kréien déi eventuell an deenen aneren Ateliershalen eng Plaz fir hiren Auto ze stellen oder wou? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DID-DELENG): Ech kucke mir elo d'Froer kuerz un esou wéi ech mir se notéiert hunn. Also, déi al Gebai, wat geschitt mat deenen? Do ginn et zwee Zenarioen, dat eent ass d'Gebai um Gaswierk dat gëtt eidel, dee Site wou elo d'Administration dran setzt, dat gëtt eidel, dat heescht d'Magaséng, de Stock, den Atelier, och d'Reserv, Plaze wou Réier stockéiert ginn, dat ass eidel dat heescht dat steet zur Verfügung, vun eiser Säit ass do nach näischt geplangt well et ass eng politesch Decisioun. Deen zweete Zenario ass deen an der Rue de l'Abattoir, do ass et esou, d'Iddi war ëmmer esou, dass do déi Strooss déi do ugeschwat gouf, dat ass déi besteeënd rue de l'Abattoir déi elo do ass an d'Iddi war ëmmer wa mir elo en neit Gebai solle bauen, baue mir dat esou, dass mir net hypothekéieren, dass wann eemol an de Ribeschpont déi Stéchstrooss gemaach gëtt, dass do Plaz ass fir Bus, Vëlo, Auto, an do fir jiddwereen d'Méiglechkeet ass, fir do eranzefueren.

D'Iddi dovunner war, wann een an d'Rue de l'Abattoir erafiert dann ass Rietser Säit de ganzen Deel, den soll iergendwann à moyen terme, dat ass net elo wann d'Gebai fäerdeg gëtt mee a Moyen Terme oder à long terme soll dee fräi si fir eventuell Wunnengsbau oder soss eppes ze maachen. D'Iddi war am Fong déi fir dass mir iergendeng Kéier op der lénker Säit wou haut e gudden Deel Ateliere sinn a wou dat neit Gebai kënnt fir ganz op där Säit sinn, dass mir net méi duerch déi Strooss wou bei der Rue de l'Abattoir kënnt getrennt sinn dat gëtt vill méi Méiglechkeeten a mir brauchen déi och fir wann den Ribeschpont spéider eemol soll erschloss ginn.

Et war eng Fro gestallt ginn iwuer den lessraum, de Refectoire, dat gëtt e Raum, wou d'Leit sech kënne hiert lesse matbréngen a wiermen, et ass net virgesinn, dass do e Kacheck oder soss iergendeng Unitéit do dra kënnt. Et muss een och wëssen, well se all-eguerten op verschidden Unitéiten schaffen, ass et schwéier fir ze wësse wéi se kommen, déi eng méi fréi

an déi aner méi spéit fir dann do hiert lesse waarm ze maachen oder vun doheem mat ze bréngen.

Déi Servicer vu GMP, dat ass gesot ginn dat ass e grousst Wuert, Gestion et Maintien du Patrimoine wann ech dat ka resuméieren, dat ass d'Gaswierk, Waasserwierk, Kanal, Elektriker, Schlässer, Schräiner, Eclairage public, Hygiënenservicer, Travaux généraux, fréier Regie genannt, déi fir Hygiène an Diddeleng zoustänneg sinn, Mecanicien déi haut schonn um Site sinn, déi technesch Servicer déi sollen alleguerten an der rue de l'Abattoir regroupéiert sinn, dass mir keng aner Plaz a keen anere Site méi brauchen. Et war och d'Fro gestallt ginn iwwer de Sall, firwat de Kommissiounssall oder wéi en och ëmmer genannt gëtt, firwat deen do wier. D'Iddi war déi, mir ginn oft befaasst mat Sitzungen no fënnef Auer, oder no sechs Auer, wa vläit kee méi am Gebai ass, dofir war d'Iddi fir e Raum accessibel ze loosse wann elo Kommissiounssitzunge sinn oder anerer, fir dass ee vu bausse mat engem Schlëssel do erakënnt, ouni mussen duerch dat ganz Gebai ze rennen an och ouni mussen en Portier op der Plaz ze hunn.

Da war d'Fro gestallt ginn, d'Bureau vum de Viraarbechter, eis louch et no, dass mir kënne mat de Viraarbechter zesummen op engem Site sinn. Déi Viraarbechter, déi dohinner kommen, dat sinn déi vun deene Betriber, déi keen Atelier hunn. Ech erkläre mech. Zum Beispill eng Schlässerei, do si Maschinnen, do ass et sous-entendu, dass de Meeschter muss do op deem Site bleiwen, och aus Sécherheetsgrënn a fir seng Leit och e bëssen ze iwwerwaachen. Déi Betriber, déi eraus botze ginn oder d'Gärtner, déi am Fong keen Atelier hunn, wou se eppes mussen herstellen, alleguerten déi, déi sollen an dat neit Gebai kommen. Och wéi d'Gaswierk, do gëtt näischt hiergestallt, do gëtt just geplangt an déi sollen dann och an deem Gebai si fir mat deene responsabelen Techniker kënne direkt Récksprooch ze huelen, dann ass dat méi einfach ze schaffen. Ech mengen, ech hätt en Deel vun de Froe beäntwert, villäicht kann de Marc Wagner nach en Deel beäntwerten.

MARC WAGNER (KPLAN): Fir déi Zuele mat den Effekttiffer, do ass et esou, dass mir virun zwee Joer op alleguerten de Sitten eng Visite gemaach hunn a gekuckt hunn, wat ass néideg, mam GMP gekuckt hunn, wat brauche mir a mir hate virun zwee Joer gesot, wat ass elo vu Leit do a wat kéint an 10 Joer néideg sinn. D'Gebai ass dofir ausgeluecht, dass mir elo an 8 Joer, 8 Joer gutt sinn op d'mannst an den Effectif actuel si Mataarbechter, déi elo do sinn an déi, sou bal mir d'Gebai hunn, géif eraplënneren am Moment sinn d'Proen awer net, ech hat gesot si si flexibel an eenheetlech gehalen, do kann eng Persoun dran setzen awer och dräi a wann se a Schichte schaffen, och véier Leit dra setzen.

Et ass dat, wa mir alleguerten d'Bureau mat dräi Leit besetzen, dann hu mir nach eemol 40% méi. Dat heescht, et ass eng Saach, déi de Moment nach mat virgesinn ass, sou dass mir déi nächst 8 Joer gutt sinn. Beim Effektiv ënnen ass et haaptsächlech d'Ves-

tiainen, déi do sinn, wou mir soen OK, mir hunn en Deel ausgenotzt, 80%, a mir setzen 20% Vestiairen ze vill dohinner fir och déi nächst Jore kënne ofzedecken. Ech kréien herno net op enger Plaz nach eng Kéier Vestairë bäigesat fir datt dat och déi nächst 8 Joer an der Rei ass a fonctionéiert. Wat dann nach dobäi kënnt, ass, dass herno kann een den 2. Stack ausbauen, mee dat ass à l'écart vun deenen doten Zuelen, dat géif nach dobäi kommen, mee dat géif nach eemol Investitiounen bedeuten.

D'Parkingen am Sous-sol sinn effektiv just fir d'Maataarbechter geduecht, also fir d'Voiture-de-servicen, also fir déi Autoen, déi vun hinnen dra sinn. Ech fueren och selwer en elektreschen Auto, et ass keen Nodeel wann deen am Wanter net dobaussen steet.

MICHEL LAY (RMC): Alors le CPE, je reprends, on a effectivement un indice qui est en classe C, je vais vous expliquer pourquoi si je le retrouve. L'indice de climatisation est effectivement en classe C alors que tous les autres sont en classe A. Je vais rentrer un peu dans le détail du calcul du pass énergétique. L'ancien logiciel, qu'on l'utilise encore puisque malheureusement le nouveau n'est pas tout à fait fiable, ne prenait pas en compte correctement tous les services techniques qu'on peut utiliser dans la pratique. Et en particulier pour le froid, une pompe à chaleur réversible, donc qui fait à la fois de la chaleur et puis du froid quand on inverse le cycle, n'existait pas. Donc, dans le calcul on est obligé de dire que c'est un groupe de climatisation normal et qu'il est moins performant que ce que l'on fait ici avec notre pompe à chaleur en cycle réversible. C'est pour cela que vous avez en fait un indice C uniquement pour le froid alors que tous les autres sont en A. Voilà. Après, le principal, quand on dit on a un triple A vous avez l'indice Wärmeschutzklasse qui est en A, l'Energieeffizienzklasse, qui est l'énergie primaire, en A, et l'émission de CO2 qui est en A aussi. Voilà, j'espère avoir répondu à votre question.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDELENG): Ech hat nach eng oder zwou Froe vergiess ze beäntweren. Dat ass Primavera, do war d'Fro gestallt ginn, wat geschitt mat Primavera? Kommen do Servicer ënner Daach? Also d'Primavera ass eidel. Do ass och gekuckt ginn, dat ass vétuste, do ass näischt méi gutt drun, dat steet elo eidel a gëtt warscheinlech eng Kéier ofgerappt. An et muss een och wëssen, d'Primavera steet, wann een duerch d'Rue de l'Abattoir erafiert, op der rietser Säit an d'Iddi ass jo fir riets da vläit keng Gemengeservicer méi hinzemachen, well mir jo elo amgaange si mat deem neie Konzept hei, all d'Gemengeservicer op déi Lénks Säit vun der Rue de l'Abattoir ze kréien. Da war eng Fro gestallt ginn, déi ech och vergiess hat ze beäntweren, dat war wéi eng Servicer fir d'Bierger kommen an dat neit Gebai? Do ass et esou, dat ass d'Waasserwierk, d'Gaswierk, d'Kanalisation an d'Circulation. Do ass et esou, wa Leit Problemer hunn, da mussen si sech oft direkt un eis Servicer adresséieren an da kënne se dat hei op engem Site maachen, dat wier dann och an deem neie Gebai. Da war d'Fro gestallt ginn, sinn

déi aner Gebaier dann nach konform, déi an der Rue de l'Abattoir sinn? Sécherheetstechnesch jo. Mir loos- sen eis Leit net a Gebaier schaffen, déi net konform sinn. Awer wann een dat energetesch kuckt, si mir do ganz schlecht.

Mir kënnen och net, dat war och gefrot ginn, firwat elo net méi Neischmelz, majo Neischmelz, do ware mir elo bei bal 60 Milliounen Euro ukomm. Well et dierf een net vergiessen, am Ufank deen éischte Step, dat war een Deel, mee mir bestinn net aus engem Deel, dat sinn 3 Hektar fir dat alles dohinner ze kréien. Fir dat alles dohinner zekréien, da misst ee quasi op enger grénger Wiss oder op Neischmelz alles nei bauen, dat huet eis awer deier erschénkt. Dat heite kann een da step by step maachen, dat ass d'Phas 1, dat ass dat heite Gebai. Iergendwa kann een dann déi aner Gebaier isoléieren, da kann een au fur et à mesure, wann de CGDIS eemol fort ass, dat Gebai notzen a Stockagen dra maachen, do sinn eis d'Dieren all op. Wann déi Stockagen am CGDIS zum Beispill da sinn, dee Site hu mir da fräi gemaach. Dat ass e bëssen d'Iddi, dass dat au fur et à mesure geet, fir dass mir dat net mussen alles matenee maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, da ginn ech op déi méi politesch Saachen an. Niewent de Stellungnamen, déi hei geholl goufen an den Äntwerten, déi geliwwert goufen, déi méi tech- nescher Natur sinn oder effektiv wat d'Lokalisatioun ugeet. Par rapport zu der Ausriichtung vun der Neiplanung an ech géif do weiderfueren, wou den Här Krum- lovsky opgehalen huet par rapport zu Neischmelz. Et ass engersäits de Volet vum Präis, wat en Enjeu war, awer och d'Lokalisatioun, et ass am Süde vun Diddeleng, respektiv awer och Zäitschinn, Dir hutt jo hei héieren, wat d'Zäitschinn ass, den Här Wagner huet jo erkläert, wéini et soll ugoe mat den Aarbechten, wéini soll et fäerdeg sinn.

2025, dat ass den Zäitplang, an deem mir eis befan- nen, wann een d'Ausriichtung geholl hätt fir déi ganz Regiebetriber op engem Site ze regroupéieren. Wann een dat op Neischmelz geplangt hätt, da wiere mir an engem aneren Zätkader wéi dee wou mir elo hei plangen, well mir wësse jo wat d'Enjeue vun Neisch- melz sinn um Niveau vun der Sanéierung, respektiv och vun der Planung. Dofir ass gesot ginn, dass mir et hei bei der Rue de l'Abattoir maachen an dofir goufen am Préalable - dat hat ech ugangs vun der Presentatioun jo gesot – jo och d'Echangé gemaach fir dësen Terrain ze kréien an déi Servicer dann och op engem Site kë- nen ze regroupéieren.

Ech wëll och nach preziséieren, wa mir alles op ee Site maachen, da gëtt sécherlech d'Gas- a Waasserwierk fräi, déi Bureaue gi fräi, da muss ee kucken, wat se fir eng Affectatioun kréien, mee de Service de Santé sco- laire dee bleift awer nach do, deen ass hei net beträff. An Dir wësst jo awer och wat mat de Gebailechkee- te geschitt, respektiv mam Gas- a Waasserwierk, do läit jo am Kader vun de Plan-sectoriellen eng Servitude drop fir de BHNS, och dat hate mir hei am Gemeenge-

rot scho geschwat, dass dat do vun der Regierung eng Servitude drop gesat gëtt am Kader vun de Plan- sectoriellen, déi d'ailleurs och säit enger ganzer Rei Méint en vigueur sinn. Dann, effektiv ass och déi Fro opgeworf gi mam CGDIS. Hei planéiert ëmmer sou den Doute, dass dat net géif kommen, do plangt de CGDIS am Fong ganz staark drun, d'Administratioun zesum- me mam Ministère de l'Environnement, wat deen nei- en Site ugeet. Mir hunn och hei am Kader vun den Dis- kussiounen ronderëm vum PAG a wäerten och de 25. Oktober deen nächsten Schratt virhuelen, gëtt dee Site fräi an esou klasséiert, dass deen neie CGDIS bei der Husky ka gebaut ginn, dee Prealablen och stëm- men, also alles an der Planung wéi et virgesinn ass, also do och an der logescher Suite, an dann natierlech recuperéiert een deen doten Terrain, wou de Moment de CGDIS ass fir deem kënnen eng nei Affectatioun ze ginn.

Déi Fro ass och hei gestallt gi mat der Rue de l'Abat- toir, dass déi muss fräi bleiwen. Och dat gouf scho méi wéi eemol hei diskutéiert, och am Kader vun den Dis- kussiounen ronderëm Ribeschpont, mir hunn do e Plan directeur, dee mer jo sécherlech zeréckgestallt hunn, well jo de Fokus op Neischmelz besteet, mee effektiv soll dee jo an d'Rue de l'Abattoir herno kënnen genotzt ginn als Accés fir op de Ribeschpont eran, wann deen eemol längerfristeg soll developéiert ginn.

Dann nach par rapport zu de Subside vum Ministère de l'Intérieur, mat deem mir Récksprooch geholl hunn, si kënnen sech kloer positionéieren, wat de Montant betrëfft wann se de Projet erageschéckt kréien, mee dat wat an Aussicht gestallt gouf, mir kënnen bis ma- ximal 25% u Subside kréien, mee effektiv hänkt dat vum Projet of wou mir hei elo stëmmen oder nei déi nächste Kéier stëmmen an dann eraschécken. Dat sinn déi e bësse méi politesch Consideratiounen zu dësem Projet.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, nach just eng Verständnesfro zu Ären Ausféierunge vun elo grad: Et ass also net virgesinn, wann de CGDIS aus den aktu- elle Gebaier eraus ass, fir déi Gebaier mat z'englobéi- eren an d'Servicer vun den Atelieren?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Eng nei Affectatioun dat ka potentiell genotzt gi fir d'Regiebetriber op engem Site ze hunn an am Kader vum Plan directeur Ribeschpont, dat gouf jo scho ge- sot, dass do op der rietser Säit virgesinn ass fir Lo- gementer, fir dann och den neien Site Ribeschpont ze erschlëssen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Just fir nozefroen, et ass net virgesi fir de Spazierwee, deen an der Rue des Saules ass, weiderlafen ze loosse? Do ass also näischt geplangt, wéi ech dat eraushéieren hunn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Jo, dat ass well mir nach net Propriétaire vun den Terrainen sinn. De Moment net. Mir sinn an Diskuss- iounen mat Propriétaires, fir villäicht eng Kanalisatioun

ze leeën. An deem Kontext kéint ee kucken ob een dat ka maachen, mee do brauch een den Accord vun de Propriétaires, mee mir sinn de Moment an den Négociatiounen, dozou kann een sech net sou genau prononcieren, mee den Här Krumlovsky kann do villäicht méi technesch Detailler ginn.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DID-DELENG): Et ass esou, deen Trëppelwee, deen d'Leit oft huelen, do läit eng Kanalisatioun dran, déi säit e puer Joer futti ass a wou mir gezéckt hu fir déi ze flécken, well dat mat Schwierigkeete verbonnen ass, éischtens wéinst de Beem, déi do stinn, mir dierfen dat net einfach erausrappen an elo si mir - well mir och profitiere vun deem Neibau, wou alles gestëmmt gëtt - dass mir dee Kanal och nei leeën, a fir dee Kanal nei ze leeën, dee leeë mir niewendrun an eng Wiss an en Terrain, deen eis net gehéiert. Mir hunn do Négociatiounen mat de Propriétaires an déi wieren deemno wéi bereet fir deen Terrain ze verkafen an dann hätt een do eng Méiglechkeet fir deen Trëppelwee no do ze verleeën. Dat ass eng Méiglechkeet. Dat anert ass, dass och à moyen terme oder à long terme virgesinn ass, wann deen neien Deel Ribeschpont virgesinn ass, dass deen neien Deel och erhale bleift, deen ass da villäicht 50 Meter méi wäit erop a Richtung Ribeschpont, mee dee Wee soll ëmmer erhale bleiwen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, wéi gesot, mir schaffen dorunner, vu dass mir de Moment net Propriétaire sinn, et kann een sech net definitiv prononcieren, mee wann eng Bereitschaft besteet vun de Propriétaires, da komme mir an de Gemengerot, dat gëtt jo dann e Kafakt an da kann een och Aménagement maachen, mee de Moment si mir net Propriétaire, also kënnen mir dat nach net esou ëmsetzen. Et kann een dat envisagieren, et kann ee Reflexioun maachen, mee wa mir bis Propriétaire sinn, dann hu mir e bësse méi Sécherheet.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Entschëllegt Här Buergermeeschter, mee hunn ech richteg matkritt, dass d'Servicer aus deem ale Policegebai och plënnere?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nee déi bleiwen de Moment do wou se sinn, mir hu jo deemools déi Renovatioun vum Policegebai gestëmmt, dat hutt Dir och hei matgestëmmt, do war jo kloer, wéi eng Servicer do erakommen an déi bleiwen à ce stade do. Ech wëll dann dem Här Krumlovsky, dem Här Wagner an dem Här Hansen an dem Här Lay Merci soe fir hir Presenz an hir Erklärungen a mir géifen de Vote op deen nächste Gemengerot vertagen. Merci fir Är Presenz.

4.2 Approbatioun vum Devis fir d'Sanéierung vun der Enveloppe thermique vun der Schoul Gaffelt

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op deen nächste Projet, do geet et hei ëm d'Schoul Gaffelt, wou mir och Aarbechte virhuelen an do gëtt d'Fassad, respektiv d'Enveloppe thermique komplett frëschgemaach, dat och vum Architektebu-

reau Beng, déi jo och scho virun e puer Joer Embauearbechte virgeholl hate ronderëm d'Maison relais an och ronderëm d'Klassesäll, déi gemaach goufen. Dofir begrëssen ech hei den Architekt vum Bureau Beng, deen och hei ass fir e puer Erklärungen zum Projet ze ginn. Mir befannen eis jo hei an engem Gebai, dat iwwer déi lescht Jore reegelméisseg erweidert gouf, effektiv och renovéiert gouf an hei de leschten Deel, iwwer deen och geschwat gouf, dee mir hei virhuele fir hei d'Renovation thermique ze maache vun engem Bau, den 1969 a Betrib geholl gouf a mir hate virdrun Diskussiounen ronderëm eis Regiebetriber wat effektiv dee ganzen energieateschen Zoustand ugeet, ass dat bei där heiter Schoul och hei den Challenge, dass mir während deem lafende Schoulbetrib dat Ganzt musse virhuelen.

Wéi gesot, hei bei deenen Aarbechten, déi mir hei maachen, ass et virgesinn, fir och am Summer 2022 unzefänken, respektiv awer och während dem lafende Schoulbetrib, dat gëtt natierlech och en Challenge an ass eng vun de beschten Etappen, déi mir hei musse virhuele fir déi Sanéierung kennen ze maachen an och dat am Interêt vun der ganzer schoulescher Communautéit. Ech begrëssen dann och den Här Freitas aus dem Service Technique a géif souwuel hei dem Architekturbureau Beng an och dem Här Freitas d'Wuert ginn, fir op déi technesch Aspekter vun där Renovation thermique anzegoen.

PEDRO DE MATOS (BENG): Gudde Moien, mäin Numm ass De Matos, Architekt an Associé vun der Société Beng, ech presentieren lech dee leschten Deel vun der Renovatioun vun der Schoul. Do kommen ech gäre kuerz zeréck op den Historique, woubäi Beng zanter 2003 schonn an der Ecole fondamentale geschafft huet, do hate mir eng éischt Mise en conformité 2003 gemaach. D'Joer drop hu mir mat engem grouse Chantier ugefaangen, dat war d'Maison relais mat de verschidde Klassesäll, déi uewen op d'Maison relais bäigebaut goufen. Direkt 2 Joer méi spéit hu mir déi ganz Sportshal renovéiert, dat war 2006. E bësse méi spéit ass d'Maison relais méi kleng ginn a mir hunn do eng Extensioun bäigebaut, dat war 2016 an déi lescht Interventioun, wou mir haten, dat war elo d'Extensioun vun der Ecole fondamentale, déi mir elo 2017 fäerdeg haten. Dat heescht, et bleift eigentlech elo just nach eng Mise en conformité énergétique ze maachen am Haaptgebai an am Sportsdeel, wou mir baussen net vill gemaach hunn.

Wat sinn dat vun Aarbechten? Ech versichen d'Presentatioun méi schematesch ze maachen. Ech mengen, jidderee kennt dee Site, mir hu vun Aarbechte geplangt fir d'Fassad ze renovieren an z'isolieren, dat heescht déi viereg an déi hënnescht Fassad vun der Schoul gëtt komplett isoléiert an erneiert. Mir hunn e Bardage métallique, dat gesi mir an der nächster Presentatioun, wéi d'Fassad ausgesäit nom kompletten Bardage. Mir wëllen och deelweis mat aplangen a mir si gefrot ginn, wa mir schonn amgaange sinn, zum Schluss och fir d'Maison relais en neien Ustrach virzegesinn.

Den Daach gëtt komplett frëschgemaach, dee gëtt och frësch isoléiert, duerno hu mir och nach déi ganz Fënsteren, déi gi komplett ersat, do kënnt e System mat dra fir d'Klassesäll ze belëften, dat ass mat integréiert. Am Komplex, dee mir elo hei hunn, besteet nach kee Lift, punkto Axe de visibilité PMR hu mir elo hannenaus en neie Liftschacht virgesinn, deen direkt déi eenzel véier Niveaue ka matenee verbannen a mir kreéieren en neien Auvent am Schoulhaff fir déi Klasse vum Rez-de-chaussée ze schützen. Mir si komplett südorientéiert a fir ze vermeiden, dass déi Kanner, déi mat de Bäll spillen am Schoulhaff, déi Storen, déi mir géifen um Rez-de-chaussée maachen, futti schéissen, hu mir virgeschloen, éischter en Auvant ze setze fir dass déi Storen um Rez-de-chaussée net solle futti gemaach ginn.

Mir profitéieren an deem Kader och fir eng Mise à la terre ze maache vun den Ingenieuren, den Paratonnerre gëtt och installéiert um Daach an dee ganze Belag hannenaus, dee gëtt komplett frëschgemaach. Hei hu mir déi éischt Biller, wéi soll déi Fassad ausgesinn. Mir hu versicht, vu dass mir schonn deen anere Projet ausgeschafft hunn, e bëssen eng Unitéit ze integréieren. Mir hu verschidden Elementer, dat heescht de Soubassement bleift zimmlech hell mat deene Fënsteren an Ouverturen, déi mir haut hunn, dat heescht den Iwwerdaach kënnt nach drun, uewendriwwer versiche mir mat Këschten ze spillen, änlech wéi mir och an der Maison relais an der Extensiou vun der Ecole fondamentale scho geholl hunn an déi verspillte Fënsterelementer, déi mir do och deemools geholl hunn, dass mir eigentlech eng Unitéit behalen iwwert dee ganze Site.

Hei gesi mir e puer Referenzen, wéi den Iwwerdaach kéint ausgesinn, mat Lamellen, dat heescht esou dass mir net vun der Sonn verblennt ginn an deene Klassesäll vum Rez-de-chaussée. An deem drëtten Bild gesi mir dann eng Fënster mat engem Element, dat motoresch erméiglecht, déi Klassesäll ze belëften. Déi hënnescht Fassad, dat heescht, do hu mir dee ganze lénken Deel, do wou mir den Turnsall och erëm apake mat deem metallene rigide Bardage an deen aneren Deel, dee rietsen Deel, dat ass méi d'Trapenhaiser, d'Toiletten, déi kleng Salle d'Appui, do gi mir net ze vill an den Detail, do setze mir d'Fassad, dat heescht eng Fassade isolante wou d'Fënsteren ersat ginn, am mëttelste Kär gesäit een deen neie Liftschacht, deen eigentlech vum Sous-sol baussen en Accès erméiglecht bis erop op de leschte Stack an deem Komplex.

Ech wollt elo och eng Erklärung ginn, wéi mir dee Projet upaken a punkto Timing well et ass wierklech e ganz komplexe Volet. Mir hu geduecht, dass mir mat den Daacharbechten sollten ufänken, dass mir hannenaus sollen e Preau opriichten, wou d'Aarbechter kéinten a punkto Sécherheet propper op den Daach klammen an net ze vill déi Schoulaktivitéit hënneren an do géife mir mat deenen Aarbechten - wann et gutt geet - fir Päsichten ufänken, sou dass mir déi Schoulvakanz notze fir dat Gerüst opzeriichten an da versiche mir, esou gutt et geet, wa mir net ze vill Kaméidi maachen an

de Cours net ze vill stéieren, dat kontinuéierlech ze maachen, sou dass mir dat bis Enn nächst Joer kënne fäerdeg maachen. Am Summer profitéiere mir fir hannenaus déi ganz Fënsteren ze ersetzen, respektiv, mir fänken dann och u mat der Fassad vum Turnsall, dass mir mat deem da viru fueren.

Ech hunn och dobäi e bëssen de Budget opgespléckt a gekuckt, wou mir kéinte lande mat deem Budget, dat heescht, mir géife fir dat nächst Joer op 1,6 Milliounen Euro landen an elo fir dee leschte Volet fir 2023, do géife mer versiche fir d'Aarbechte weider normal weiderzeféieren andeems mir hannenaus mat der metall Fassad kënne weiderschaffen, d'Isolierfassad kënne maachen, hannenaus, an da kucken, vu dass mir d'Gerüst hannenaus opgeriicht hunn an d'Gerüst vir zum Schoulhaff, dass mir do kënne mat den Aarbechte jongléiere während de Betrëbsstonnen, dass mir soen, d'Aarbechter schaffe wa Betrib ass hannenaus a wa Schoulvakanz ass, respektiv kënnen se erëm no vir schaffe kommen. Dat ass e Planning, un deem mir laang gedoktert hunn an ech mengen, dat kéint fonctionéieren. Mir sinn an enger Schoul, et ass ëmmer komplizéiert, mir hoffen awer, dass dat fonctionéiert.

Fir deen Deel vun der Fassad vun der Maison relais, do wollte mir dee mam Auvent an der Sommervakanz maachen, well et sinn Aarbechten a méi Aktivitéite baussen an am Schoulhaff, dofir wollte mir dat an där Period realiséieren an, schlussendlech, de Liftschacht vun deem hunn ech net geschwat, dat hat ech iwwersprongen, dee wollte mir eigentlech och schonn d'nächst Joer ufänken, dat sinn Aarbechten, déi passéieren hannert dem Gebai, do stéiere mir de Schoulbetrib och manner. Do hu mir dann e bëssen den Tour gemaach, esou dass mir d'Joer drop praktesch dee selwechte Budget brauchen, och 1,6 Milliounen Euro, a wann een dat alles zesumme rechent, da géife mir op e Budget vun 3,9 Milliounen Euro landen, TTC mat allen Honorairen abegräff. Dat war déi e bësse méi schematesch Presentatioun zu deem heite Projet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci dem Här De Matos fir déi doten Erklärung an elo kënnt Dir Stellung huelen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, och dem Pedro De Matos an dem Joël, déi sech an dee Projet investéiert hunn, fir d'Presentatioun vum leschte grouse Projet an a ronderëm d'Schoul Gaffelt. Jo, ech géif bal soen, meng Schoul an där ech net manner wéi 35 Joer geschafft hunn an net ganz onschëlleg war, dass et zu verschiddenen Ausbauten a Verännerungen am Gebai komm ass, och duerch meng fréier Funktioun als Responsabele vun de Structures d'accueil.

D'initiaalt Gebai aus den 60er Jore war aus relativ dënner, prefabrizéierten, onisoléierte Bëtongsdealer zesummegeat mat Fënsterelementer iwwer d'ganz Breet an d'Héicht vun de Klassesäll wéi op de Biller gesinn an den Ennerlagen, déi eis éiweg Problemer gemaach hunn, Summer wéi Wanter. An den 80er Joren hu mir am Wanter bei staarke Minustemperaturen ëfters missen déi éischt Stonn de Mantel un-

halen. Et gouf och ab und zu mol schoulfräi - eppes wat een sech haut net méi ka virstellen - wann d'Heizung ausgefall ass. Am Summer hate mir Temperature vun iwwer 40 Grad an de Säil, wat och d'Schoulhalen onméiglech gemaach huet. Och nei duebelverglasste Fënsteren, déi an de 90er Joren agebaut goufen, hunn net vill bewierkt. Duerch dëse Projet, deen eis hei elo virläit a presentéiert gouf, wäert en isoléierten Daach, eng isoléiert Fassad, 3-fach verkleete Fënsteren mat Léftungselementer, déi grad wéi déi nei Storen, elektronesch zäitgesteiert kënnen ginn, an och wa kee Léftungssystem kann agebaut ginn, dat huet ee jo gesinn an deem Projet virdrun, wat dat fir eng Envergure bedeit, an déi Carcasse vum ale Schoulsall kann déi net packen - esou dass et zu enger wesentlecher Verbesserung vum Raumklima féiert.

Eent steet jiddefalls fest, dass dës Mesuren e elo ganz staarken Impakt hunn op eisen Energiepass wat den Heizberäich ubelaangt. Dëse wäert sech ganz staark verbessern. D'Sportshal selwer gëtt ausser dem Daach net isoléiert, dat och aus präisliche Grënn. Allerdéngs gouf deen neie Léftungssystem hei schonn agebaut, wat elo scho spierbar misst sinn. Interessant ass och dee geplangten Auvent iwwert d'Längt vum "ale" Schoulgebai zur Säit vum Schoulhaff, deen esou wuel Schiet fir d'Klassesäil wäert bidden, wéi och fir d'Kanner en Ennerdaach bei méi schlechtem Wieder wäert sinn, an esou de Preau entlaascht. De Projet gesäit och e Lift vir - dee mëttlerweil zu engem Must ginn ass fir Schoul a Maison relais - am säitleche Passage op der Nordsäit, deen all Stack ka bedénge. Grad wéi den Ustrach vum Gebai vun 2005 laanscht d'Gaffelter Strooss virgesinn ass, esou dass 2023 déi ganz Schoul an enger propperer Eenheet do steet. D'Léierpersonal an d'Kanner wäerte begeeschtert sinn, wann all déi Aarbechten ofgeschloss sinn. Eis Fraktioun stëmmt dësem Projet selbstverständlech zou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dofir.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, wéi soe mir ëmmer vun der CSV, all Invest an de Schoulen ass e gudden Invest an all Invest huele mir mat, mee trotzdem kann een heiansdo e puer kritesch Remarquë maachen. Den Här Architect huet et gesot, den Historique e bësse gi wat schonn alles investéiert gouf an der Gaffelter Schoul an den Här Zuang huet ganz optimistesches gesot, et ass de leschte grouss Projekt an der Schoul Gaffelt. Qui sait? Well mir hatten dat och 2014 scho gesot, wéi mir déi Extensioun gemaach hunn, do sote mir OK dann ass et awer gutt dann, do hate mir nei Klassesäil kreéiert an en Openthaltsraum fir d'Botzpersonal nei Sanitären an dat sollt en initiale Projekt si fir 1,2 Milliounen Euro a mir missten duerno zweemol eng Millioun Euro nostëmmen, eemol en Depassement vu 555 000 Euro an eemol en Depassement vu 450 000 Euro, dat heescht, dat waren 2,2 Milliounen Euro, 1 Millioun Euro méi wéi initialement virgesinn a wéi hat ech deemools gesot, mir knaen drun awer mir droen de Projet trotzdem mat.

Dësen Invest ass och net näischt, 4 Milliounen Euro, dat ass net näischt. Wat mir vermessen ass, dass dëse Projekt och guer net am Plan pluriannuel virgesi war. Ech hunn nach eemol nogekuckt, de PPF 2021, 2020, 2019, do steet guer näischt vun dësem dach substantziellen Invest, och dat wier flott gewiescht, wa mir dat am Virfeld och villäicht matgedeelt kritt hätten, dass déi Mise en forme énergétique op der Lee ass, dass déi geplangt war, a mir vermessen déi Erklärung firwat dat elo muss gemaach ginn. D'Explikatiounen, firwat et muss gemaach ginn, firwat et sollt gemaach ginn, dat liicht eis an, well de Quartier Gaffelt, dee wisst net weider, mee Dir wësst wéi et ass, iwwerall wann en Haus ofgerappt gëtt, da kënnt en Appartementshaus dohinner, et komme méi Familien dohinner wunnen. D'Fro ass och, et sief erlaabt, wéi eng Ausbauméiglechkeeten hu mir nach mat der Schoul Gaffelt? Ass eppes envisagéiert oder musse mir wierklech déi Schoul mat där Maison relais iergendwéi op en anere Site maachen? Dat war alles och ugeduecht ginn am Concepte global, Diddeleng 2022 Sport et Education, de 17. Oktober 2019 hu mir dorüwer geschwat a wat eis e bëssen opstéisst ass, dass vun der Schoul Gaffelt, dass dat guer net als Prioritéit vun Invest an d'Schoulen erwäant gouf.

De Masterplang Schoul sot deemools, dass mir müsse prioritär Balzeng ausbauen an de Ribeschpont, do vermësse mir nach ëmmer de Plan de faisabilité. Mir hunn do nach näischt gesinn, well, Dir wësst et ganz genau, ech hat et an der Stellungnam zum neie Wunnungsprojekt A Bëlleg gesot, dee Projekt steet an de Startlächer, d'Phas 1 hu mir accordéiert a mat der Klausel, dass dee Promoteur dierf eréischt all Gebai vun der Phas 1 bauen, wann eng Schoul do ass an eng Structure d'accueil, Balzeng, respektiv Ribeschpont, dofir schléissen ech d'Klammer, firwat maache mir elo hei en Invest an eng Gaffelter Schoul vu 4 Milliounen Euro, ouni dass mir awer déi wichtegst Projeten, déi mir müssen ugoen, ouni dass do e konkrete Projekt virläit?

An dann ergëtt sech och eng aner Fro: Wéi ass et mat deenen anere Gebaier? Wann ech elo kucken, Dir schwätzt vun engem Lift, et ass nach laang net an all Gebai e Lift, grad zum Beispill verschidde Gebaier vum Strutzbiérg och d'Isolation thermique ass an anere Gebaier Butschebuerg oder Strutzbiérg och net ginn, wéini maache mir déi Isolatiounen, wéini maache mir d'Mise en conformité an deene Gebaier? Wéi gesot, mir sti fir dëse Projekt, mee den Timing ass eis net kloer, an dat ass eng politesch Fro: Wéini ass ugeduecht, déi zwee wichtegst Projeten, Balzeng a Ribeschpont ausbauen an zweetens, wéi ass et mam Timing vun der Mise en conformité vun deenen anere Gebaier? Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉ GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert, natierlech begrësse mir dëse Projekt och, ech hunn an deem Gebai net direkt

geschafft, mee ech hunn a Gebaier geschafft, déi ganz al sinn an net isoléiert an ech muss soen, hei ass ee méi drop konzentréiert, sech waarm ze halen, wéi op aner Leit ze lauschteren, wat se zielen, dofir ass et besonnesch an enger Schoul e ganz wichtege Punkt, wat mir elo wäerten energetesch héich erop sanéieren. Ech mengen, d'Virdeeler sinn e bessere Raumklima an natierlech Energiesenkung vum Verbrauch a meeschtens ass et eng besser Loftqualitéit an esou Gebaier dofir och meng Fro: Ech mengen, et ass keng mechanesch Beléftung virgesinn an ech froe mech, wann een déi ganz Fassad isoléiert, nei Dieren, nei Fënsteren, wäert d'office dat Gebai och méi dicht ginn an do froen ech wéi Dir dat virgesinn hutt fir eng besser Loftzirkulatioun an deem Gebai eben ze kréien? Well ech mengen, och wann et net gutt duerchlëft ass, riskéiere mir och Schimmel ze kréie wat fatal an enger Schoul wier.

Meng weider Fro ass: Ech hu gesinn, Dir hutt Store virgesinn, natierlech net um Rez-de-chaussée, wat och sënnvoll ass wann d'Kanner bausse spillen, mee et ass eng ganz südlech Fassad, wou uewe Storë virgesi sinn, dohier meng Fro: Sinn déi Storen un e Sensor gebonnen, ginn déi automatesch op an zou wa Sonn drop schéngt oder muss een dat manuell ëmmer maachen, wat net virdeelhaft ass, besonnesch am Summer wann d'Gebai kéint iwwerhëtzen? Hutt Dir eng Iddi, wéi vill Energie mir kéinten aspueren duerch déi ganz Isolatioun, also esou e Vorher/Nachher an eng weider Fro: Den Daach, och wann ech richtig verstannen hunn, ass isoléiert, gëtt gutt isoléiert a firwat gouf hei keng Fotovoltaik agebaut a villäicht e grénge Daach?

Ech mengen, de Virdeel vum grénge Daach ass, dass en d'Waasser ofsenkt an dat hëlleft, dass d'Gebai vun uewe gekillt gëtt op eng natierlech Art a Weis. Op d'Materialie wäert ech elo net agoen, déi si guer net ekologesch, mee dofir ganz efficace, ech hunn an deem Beräich geschafft an do gouf et oft den Dilemma, Ekologie oder Efficacitéit an ech mengen, heiansdo ass et esou, dass awer d'Efficacitéit prônéiert. Meng lescht Fro da wier de "Réaménagement extérieur", Dir schwätzt vun engem "Décapage du bitume extérieur des pollutions du revêtement bitumineux", wat ass do genau virgesinn a wéi hutt Dir virgesi fir eng Depollutioun ze maachen, villäicht just fir e puer Wieder dozou ze soen, fir dass mir eng méi kloer Iddi hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madamm Ahmedova, soss weider Stellungnamen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, et ass keng Stellungnam just als technesch Fro, wa mir vun den Store geschwat hunn, lafen déi an Schinnen oder op Ficellen? Well op Ficellen, da ginn se erop esoual Loft ass an dann hunn d'Kanner awer d'Sonn am gesicht an et gëtt immens waarm an deene Säll an ech maachen déi Erfahrung relativ oft dass zimmlech penibel.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): OK, da ginn ech d'Wuert weider un den Här De Matos an den Här Freitas.

PEDRO DE MATOS (BENG): Majo, punkto Storen, ech mengen dat si motoriséiert Lamellestoren, déi op Schinne montéiert ginn, sou wéi de Rescht vum Gebai och, dat heescht mir schaffen elo hei net mat Ficellë well mir op enger gewëssener Héicht sinn. Ficellen sinn heiansdo praktesch a flott wann een an enger Schoul lass, wou mat engem Ball gespillt gëtt, well déi dann net esou direkt futti ginn, mee an deem Fall hei kënne mir eis erlabe fir mat de Schinnen ze schaffen well déi ab enger gewëssener Héicht sinn, déi si motoriséiert jo, dat heescht, si ginn erof mat enger Sonde déi gesteuert ass, dat heescht, déi kann ee manuell eropféieren, mee si ginn automatesch erof wa Sonn do ass, fir dass d'Gebai net iwwerhëtzt gëtt, dat ass virgesinn.

Grénge Daach, mir versiche bei all Projet fir dat ze maachen, an deem Fall hei, mir schaffe mat TR, deen huet eis direkt gesot, well deen huet Analyse gemaach vum Gebai a statesch war dat effektiv net méiglech an och dofir hu mir missen op déi Isolanten zeréckgräifen, déi da besser sinn awer manner ekologesch, mee vun de Laaschten hir war dat vun TR gesot ginn, an och keng Fotovoltaikanlagen an deem Beräich maachen. Déi Fotovoltaik hu mir eigentlech deemools gemaach op där Extensioun vun 2017, mee dat limitéiert sech just op dee Beräich, respektiv och iwwert der Maison relais, do hate mir deemools och eng Extensioun vu Panneaux gemaach, mee op där Fläsch, wou mir hei zur Verfügung hunn, geet dat leider statesch net. Dat ass eigentlech leider de Grond firwat mir op deem Isolant kee grénge Daach gemaach hunn. Den Decoupage vum Makadam mat Depollutioun ass just deen hënneschten Deel, dee scho jorelaang do ass, leider ass TR elo net dobäi, deen eis kéint méi Detailler dozou ginn. Eng Depollutioun ass natierlech och virgesinn am Budget, wéi dee richteg Verlaf ass, kann ech lech elo leider net déi Detailler gi mee et ass eng Depollutioun virgesinn.

D'Ventilatioun, wéi funktionéiert dat? Och do technesch, do weess vläit de Joël villäicht méi am Detail, do sinn awer Sonden an all Klasesall virgesinn, déi detektéieren de CO2 a maachen, dass déi Elementer, déi säitlech Elementer bei de Fënsteren dann automatesch motoriséiert sinn an erlaben dann eng nei Loftzirkulatioun. Mir hunn eigentlech an all Klasesall an all Extremitéit vum Sall, lénks, riets ëmmer en Ouvrant virgesi fir dass do e Brassage entsteet an dass och do eng nei Loft kann zirkuléieren.

JOËL FREITAS (ENTRETIEN A GESTION VUN DE GEMENGEBAIER): Jo, also mir kommen op den Daach zeréck wou aus statesche Grënn keng Isolatioun mat 25-30 Zentimeter stattfënnt well et einfach net machbar ass, dofir si mir zwëschent 12-14 cm. Fotovoltaik ass aus Gewiichtgrënn net méiglech an u sech ass och eng Lüftungsanlag net méiglech an dofir hu mir probéiert, e System ze fannen, wou mir awer eng

konform Lüftung, wat den CO2 betrëfft, an de Klasse-säll hunn. Dat heescht, mir hunn déi zwou Fënsteren, déi gi gesteiert, déi kënnen mir esou programméieren no Besoinen, also och mat Sensoren, awer och dass ee kann als Enseignant Stousslüftung maachen. Et si Froe gestallt ginn zum Budget, do ass et u sech esou, dass am PPF virgesinn ass fir d'nächst Joer an d'iwwernächst Joer, 2. Phas, do ass dee Projet virgesinn, effektiv ass de Budget als Zuel net 3,9 Milliounen Euro well mir déi ganz Extensioun hannen, wou mir de Schacht maache mam Lift, dee Moment net virgesinn haten an dat hu mir en cours de route mam Projet mat agebonne kritt an dat dann och zesumme wollte realiséiert well sech dat als Enveloppe thermique aschléisst.

Firwat de Projet elo gemaach gëtt? Dee Projet, et ass u sech eng Problematik, net nëmmen ästhetesch oder energetesch, mee et ass einfach esou, mir hunn en Daach vun 1969, wat eis am Entretien immens vill kascht, deen Daach muss egal wéi gemaach ginn à court terme, déi nächst 2-3 Joer. Mir hunn och en Deel vun der Fassad, wou degradéiert. Mir hu Fënsteren vun 1994, déi sinn an engem schlechten Zoustand, do zitt et eran, déi missten och ersat ginn, fir de Confort vun de Schüler a vun den Enseignanten, dofir hu mir deen dote Projet an deem Sënn och virgezunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Si soss nach Punkten? Gutt, Merci dem Pedro de Matos an dem Joël Freitas fir déi doten Erklärungen ech ginn op déi e bësse méi politesch Aspekter an. De Joël Freitas ass schonn drop agaangen, dass en Deel vun deem heite Projet am PPF virgesi war, et ass net wéi wann nâischt am PPF dra war. Dir kënnt zwar mam Kapp rëselen, Madamm Kayser, wann ech lech kucken, mee et war op alle Fall dran, soss hätte mir hei aner Aussoe gemaach, et war am PPF dran, mee d'Erklärung si jo och gesot ginn, dass d'Envergure vun der Renovatioun eng aner ginn ass an effektiv elo och méi global geholl gëtt.

Ech wëll awer hei betounen, ech begrëissen, dass déi verschidde Parteien, déi sech hei geäussert hunn, dee Projet mat gedroen hunn, ech wëll betounen, dass am Kader vun den Diskussiounen, déi mir hei haten, Ausbau Maison relais, effektiv de leschte Projet, dee mir haten, och mat der Extensioun vun de Schouklasse, dass mir an deenen Diskussiounen hei am Gemengerot virgestallt hunn, dass d'Renovatioun hei déi nächst Etapp wier. Et ass also keen neie Moment an den Diskussiounen, déi mir hate well mir hu gesot, dass dat deen nächste Projet ass, dee mir an Ugrëff mussen huelen an dat maache mir och hei. Dat ass emol déi éischt Remarque.

Déi zweet Remarque ass wat d'Madamm Kayser opgeworf huet, firwat elo? D'Madamm Kayser ass drop agaangen, mir schreiwen eis jo hei op de Fändel, dass mir an eise bestoend Schoulinfrastrukturen investéieren, moderniséieren, well mir de Prinzip jo hu vun de Quartiersschoulen a well mir net wëllen, dass et weider Diskrepanze ginn an eise Quartiersschoulen an dëse Projet schreift sech och ganz kloer drop

a well et ass niewent der Schwieregkeet, déi e mat sech bréngt - an ech mengen, den Här Matos an den Här Freitas sinn drop agaangen - während dem normale Schoulbetrieb wat jo och mat de Schouklasse esou ass, dréit dëse Projet ganz kloer zum Confort vun der ganzer schoulescher Communautéit bäi, ob se elo an der formaler oder der non-formaler Bildung ass, ass dat heiten eng Plus-value fir all déi Leit, déi sech am Alldag an der Schoul Gaffelt och ophalen. Dat par rapport zu deem heite Projet.

Mir schwätzen elo hei vun der Gaffelt, net vun deenen anere Gebaier, wou déi dru sinn, ech kann nëmmen nach eemol dat soen, wat ech och schonn an engem vieregte Gemengerot gesot hunn, dass mir deemnächst och wäerte Balzeng plangen, dass mir och am Budget vun 2024 Etüde virgesi fir Balzeng. Och dat gouf hei scho gesot an och dat wäerte mir esou duerchzéien andeems mir 2022 déi néideg Kreditter virgesinn an an enger neier Kontinuitéit weidergeschafft gëtt fir dass dat weider ausgebaut gëtt. Dat zu den zwee Elementer Balzeng a Gaffelt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Explikatiounen et war awer d'Fro, natierlech musse mir och an déi Gebaier investéieren déi mir hunn, mee dat heiten ass jo och eng Envergure Dir hutt et selwer gesot, en cours de route stellt sech da méi wéi verduebelt well mir schwätzen hei vun 4 Milliounen Euro, et wier awer interessant awer, mir haten eng ganz flott Reunioun, wou mir de Concept global virgestallt kritt hunn, dat och eemol ze erneieren, sou dass mir och um Wëssensstand sinn, wéi eng Planung Dir wëlle hutt. Dat war 2019, et wier elo awer de Moment fir villäicht en informelle Gemengerot ze maachen, fir dass mir awer och wëssen, wou mir dru sinn, da brauche mir net ëmmer ze maulen, da wësst Dir wa mir informéiert sinn, dat hëlleft fir den Dialog e bësse méi stressfräi ze halen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir kënnen dat ganz gär maachen, Madamm Kayser, mee och an där doter Diddeleng Schoul a Sport 2025, dat war jo e bëssen dee Masterplang, do schreift sech dat heiten an, och Balzeng well dat waren déi Szenarien, déi mir skizzéiert haten. Mir kënnen dat gären eemol zesumme maachen, mee Balzeng zum Beispill ass och keen neie Moment, well déi hunn och schonn deemools do Nidderschrëft fonnt an dat zéie mir och deementspriedend duerch.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, mee et ass d'Saach vun de Prioritéiten, wat maache mir elo als éischt, wat gi mir wéini un? Et ass wéi Dir sot, mir wëlle keng Diskrepanz zwëschent de Schoulen, well elo d'Gaffelt maache mir schéin, da seet den Deich, wéini si mir drun an da seet de Strutzbierg, a wéini komme mir un d'Rei? Dofir ass et net schlecht wa mir eis awer e gewëssene Planning hei ginn, mir 19, sou dass mir och dobausse kënnen kommunizéieren, hei lauschtert, elo maache mir dat an da maache mir dat an da kënnt Balzeng un d'Rei, dofir fannen ech et einfach flott wa mir och um Wëssensstand si vum Schäfferot, ech géif

dat awer ganz staark begréissen an ech mengen, eis Kolleege vun deenen anere Fraktiounen och.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech hu kee Problem domat, dass mir lech an engem informelle Gemengerot e bëssen erklären, wat d'Schoulgebaier ugeet oder d'Renovatioun wat noutwendeg ass a wou mir och vum Ministère d'Fro opgeworf kréien, wat d'Circulatioun an esou ugeet, also ganz gären.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt just nach eng Kéier eppes soen zu de Storen an zu der Beléftung vun de Fënsteren. Well ech jo och an der Schoul schaffen, weess ech wat dat heescht wann et ze waarm gëtt oder wa Kaméidi dobaussen ass. Dir sot d'Beléftung, do géif automatesch d'Fenster opgoen, geet dat awer och manuell, dass een se kann, wann elo zum Beispill Kaméidi dobaussen ass, dass een se dann och kann zoumaachen an och mat de Storen, dat hat Dir jo gesot, datt dat och manuell wier.

JOËL FREITAS (ENTRETIEN A GESTIOUN VUN DE GEMENGEGBAIER): Jo, u sech kann een se och manuelle maachen, mee et ass dann aus Sécherheetsgrënn esou, dass ee muss de Knäppchen unhalen a gedréckt hale bis d'Fenster dann op- oder zougeet well et motoriséiert ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'éischt wëll ech Merci soe fir déi Explikatiounen, déi mir haut nach kritt hunn. Ech mengen, do ware ganz vill Saachen dobäi, wou elo méi kloer sinn an am Géigesatz vum Projet vu virdrun, de Budget ass hei zimmlech detailléiert an schéngt eis realistesch fir déi Aarbechten, déi gemaach ginn. Leider, och wann ech elo mech erëm widderhuelen, sinn ech bei dësem Projet der selwechter Meenung wéi beim Punkt virdrun, ech widderhuelen net alles wat ech sot, och dat heiten ass kee Pipifax an et geet ëm 4 Milliounen Euro. Domadder gehéiert dëse Projet och zu deenen, déi virdrun missten diskutéiert ginn. Ech schlësse mech dann do och der Ausso vun der Madamm Kayser un. Dat misst och net ëmmer fir all Projet en informelle Gemengerot sinn, mee dat kéint och an enger Finanzkommissioun beschwat ginn, ech wëll mech elo net ze vill widderhuelen.

Ech hat mir iwwerluecht, mech ze enthalen, mee vu dass ech awer elo vill Argumenter kritt hunn a vill Informatiounen nach kritt hunn an net einfach wëll stuer sinn, wäert ech dee Projet matstëmme an dann an der Hoffnung, dass déi Ausso, déi ech hei gemaach hunn, net op daf Quere fält. Merci.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Jo kuerz, ech wëll nach eppes soe firwat déi Urgence an der Gaffelt ass et awer mëttlerweil esou, dass déi Storen an déi Fënsteren, dat ass richteg veraalt sin an déi mussen ersat ginn. Firmaen, déi nach déi dote Storë flécken, dat fënnt een net méi, dat kann den Här Freitas be-

stätegen an doduerch ass et schonns eng Urgence, dat ass näischt wat einfach aus der Loft gegräff gouf, dat muss gemaach ginn. Ech wëll awer och nach e Wuert zum Beléfte soen. Ech fannen dat witzeg well ech hat déi lescht zwee Joer Schoulmeeschteren, déi wiere frou gewiescht wann d'Fënsteren elektresch opgaange wieren, well wéinst dem Covid do all 15 Minutte misst geléft ginn, da bass de awer frou wann d'Fënstere vum selwen opginn. Dat war e groussen Challenge fir d'Personal an de Schoulen, fir do all véirel Stonn déi Fënsteren opzemaachen, ze léften an dann erëm zouzemaachen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo ech wëll awer soen, ech hu just gefrot ob dat automatesch a manuell ass, well ech fannen et gutt wann et déi zwou Saache sinn, dass een nach ëmmer als Enseignant wann et grad net passt, op-oder zoumaache kann, natierlech sinn ech och all Moment um Léften, dat ass ganz wichteg.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi breet Zoustëmmung wat de Projet ugeet, ech géif proposéieren, dass mir dann zum Vote iwwerginn. Wien ass mat deem Kredit vun 3 940 000 Euro averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmoools an och fir dem Här Matos an dem Här Freitas fir hir Presenz an Erklärungen.

4.3. Remise en état vun der Lokomotiv ADU n°6 um Site NeiSchmelz am Kader vum Kulturjoer 2022

4.3.1. Approbatioun vum Devis estimatif

4.3.2. Approbatioun vun engem Spezalkredit

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir zum nächste Punkt iwwergoen, dat ass en Devis estimatif vun 234 000 Euro wat d'Instandsetzung vun eiser Lokomotiv ugeet, ADU Nr 6 do begréissen ech den Här Ivica Repušić den sech ëm de Projet hei bekëmmert, dass déi Lokomotiv déi hiren Déngscht op der Arbed geleescht huet déi 1939 gebaut gouf déi elo iwwer zeg Joren am Fond de Gras war an déi viru gutt 3 Wochen hire Wee zeréckfonnt huet op Diddeleng an déi mir wëllen notzen am Kader vun der genereller Renovatioun vum Patrimoine industriel an och am Kader vun der Renovatioun, déi mir virhuele ronderëm de Lokomotiv-Atelier, wou déi dote Lokomotiv hire Wee zeréck wäert fannen. Do geet et hei drëm fir déi néideg Kreditter ze stëmmen, fir dass déi dote Lokomotiv ka renovéiert ginn, si wäert sécherlech net méi kënnen fueren, awer esou renovéieren, dass een se kann ausstellen an de Patrimoine industriell, dee mir hei hunn, ka valoriséieren. Dat ass, mengen ech, e ganz flotte Projet, niewent der Valorisation Patrimoine schreift dat sech awer och an de ganze Volet vun der Kulturhauptstad 2022 och an.

En zousätzlechen Atout a mir wäerten déi dote Renovatioun och an Eegeregie virhuele mat eiser Schläserei, déi mat enger Ekip, déi mir recrutéiere vu Leit aus dem Handwerk, virgeet fir dat doten ofzemon- téieren, ze dokumentéieren ze renovéieren, ze restauréieren, opzemon- téiere fir dass déi dote Lokomotiv am

neie Strahl ka glänzen. E ganz flotte Projet, Dir hutt jo och an Ärem Dokument Fotoe gesinn, déi an de leschten Deeg och am Hall Fondouq konnte sinn, eng Manifestatioun, déi mir als Gemeng organiséiert hunn, do hu mir den Zoustand gesinn. Ech wollt soen, dass se an engem pitoyablen Zoustand ass an et kënnt nach vill Aarbecht op eis dueren, wat d'Renovatioun ugeet an d'Iddi ass fir dat heiten esou schnell wéi méiglech an Ugrëff ze huele fir dass mir och fäerdeg ginn.

Ech géif dann hei och dem Ivica Repušić d'Wuert ginn, fir dass hien op e puer Wuert kann agoen, wat d'Technicitéit vun deem Projet ugeet an dann ass d'Diskussioun op.

IVICA REPUŠIĆ (SERVICE DE L'ARCHITECTURE ET DES DOMAINES): Also, wat ech zu deem Projet do soe kann, ech muss zouginn ech hunn nach ni eng Lokomotiv gefléckt, dat gëtt schwierig anzuschätzen, wat et wäert kaschten, mee ech hu mech mat eisem Chef aus der Schlässerei zesumme gesat fir ze kucken, wat dat dote fir eng Envergure kéint hunn a wat een do ka maachen. Mir sinn nach ëmmer um plange fir dass mir genuch Plaz kréie fir déi Maschinn do auserneenzehuelen, mir sinn amgaangen ze kucken fir e klengen Atelier anzerichten, well mir kënnen net vun eisem Atelier, wou vill geschafft gëtt, Saachen eriewer huelen, fir do Saachen ewechzehuele fir do un der Lokomotiv ze schaffen. Ech hu gesinn, dass mir do en Atelier ariichte fir si fir dass si do kënne propper an anstänneg schaffen. Mir hunn eis inspiréiert e bëssen, mir wollten eis ëmfroe beim Fond de Gras, wéi si schaffen, wat si maachen.

Mir waren och op Esch kucken, wéi si ugefaangen hu mat schaffen. Wat mir maachen ass virun allem d'Karosserie, dat heescht all déi Metallaarbechten, déi ginn an d'Rei gemaach, den Här Buergermeeschter sot si wäert herno net méi fueren, mir hu leider och kee Schinnestroum méi fir dass se kéint fueren. Dofir ass et net sou wichtig dass se fuere kéint, mee mir maachen et esou, dass ee kéint d'Kabinn maachen, dass se ass wéi wann se nach fuerbar wier an och vu baussen esou ausgesäit wéi wann se bal nei wier, fir se propper auszustellen.

Mir sinn och amgaangen, wéi Dir dat bestëmmt gelies hutt, Froen ze stellen oder Bierger opzeruffe fir eis Informatiounen ze ginn zu der Lokomotiv, wien se opgebaut huet, ob Leit dru geschafft hunn. Et hunn sech och scho Leit gemellt, mir hunn e bëssen Dokumentatioun kritte. Ech hunn de Méinden e Rendez-vous mat engem, deen un der Lokomotiv selwer geschafft huet, fir eis Informatiounen an och Dokumentatioun ze ginn, sou dass mir do gutt weiderkomme fir dass mir dat am Laf vum Joer kënnen ausstellen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci villmools fir déi dote wichtig Erklärungen an Informatiounen an d'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, e wichtige Schratt a Richtung Erhale vum

Patrimoine culturel industriel gëtt dann elo mat der Restauratioun vun der fréierer ARBED-Lokomotiv ADU No. 6 ageleet. Si huet net nëmme 60 Joer op eiser Schmelz geschafft, mee si gouf och nach anscheinend hei an den Ateliere gebaut. Nodeems se iwwer 30 Joer op der Anlag um Fond de Gras virun sech hi gerascht huet, gerastet a gerostet huet, ass se elo dann den 13. September an enger spektakulärer Aktioun an engem ergräifende Moment, géing ech bal soen, zeréck op Diddeleng geholl ginn a soll elo hei restauréiert ginn, an dat duerch den Impuls vun Esch 2022. Awer och doriwwer eraus soll se als onverzichtbaren Zäitzeien am Quartier Neischmelz ausgestellt ginn.

Dir sot elo, Här Buergermeeschter, si kënnt warscheinlech zeréck an de Lokomotiv-Atelier, et stoung eng Kéier iergendwou ze liesen et wier denkbar, dass se och géif baussen ausgestellt ginn. Dann ass et wichtig, dass een dann drun denkt, dass e Carport gemaach gëtt, dass se net erëm 40 Joer am Ree steet an d'selwecht ausgesäit wéi elo. Wéi enorm wichtig dat heiten ass, dat gesäit een. Fir esou Saachen ze konservéieren, wann een héiert dass et elo anscheinend an där eropwuessender Generatioun Kanner ginn, déi keng Anung méi hunn, wat déi Schmelze waren, op deenen hir Grousspappe geschafft hunn. Et ass wichtig, all Deeler, déi nëmme kënnen un déi Zäit erënneren an déi kënnen en Usporn zu enger Informatioun fir déi nei Generatiounen sinn, dass een déi kann erhalen.

Ech war am Gemengerot vum 29. Mäerz 2018, wou mir iwwer déi punktuell Modifikatioun vum PAG Neischmelz geschwat hunn, schonn drop agaangen, wéi wichtig et ass, dass dat wat eis vun historesche Gebaier a Material nach bliwwen ass, och ze erhalen a fir déi nächst Generatiounen sichtbar ze maachen. Ech hat deemools scho geäussert, wéi wäertvoll et wier wann niewent deene sëllege Gebaier och fréiert Zuchmaterial vun Arbed Diddeleng kéint op Neischmelz konservéiert ginn. Ëmsou méi frou si meng Fraktioun an ech elo, dass elo mam Rapatriement vun der ADU 6 elo endlech en éischte remarquabele Schratt an déi Richtung gemaach gëtt. An der Zeitung konnt ee liesen, an den Här Repušić huet et och gesot, dass zu Esch Ustrengungen amgaange sinn, fir do eng weider Diddelenger Elektrolok, d'ADU 622 an en Diddelenger Humpen, den Nummer 20, zesumme mat enger fréierer Dampfmaschinn vun Esch Belval vu Proaktiv ze restauréieren.

De Käschtepunkt ass ongeféier 170 000 Euro mat Transport pro Lokomotiv. Et ass schued, mee déi Gefrierer wäerte leider hire Wee op Diddeleng net zeréck fannen, well do si Projeten, dass se zu Esch bleiwe sollen. Eis ADU 6 gëtt dann äusserlech restauréiert, eng funktionell Restauratioun an engem spezialiséierte Bëtrieb am Ausland géif zu Buch schloe mat opmannst enger hallwer Millioun Euro méi wéi dat wat mir fir d'Restauratioun vun der Karosserie hei stoen hunn, an ass domadder ondenkbar. Wéi mir och scho gesot hunn, souwäit muss et net goen, wann se bis fuere kéint, hätt se op Neischmelz jo souwisou keng Schinne

fir ze fueren an et géif ausser weidere Betribskäsche keng Plus-value fir Neischmelz ginn, wann se fuere géif. Sou freeë mir eis elo schonn drop, dat industriellt Moment hei a senger Heemechtsstad an neiem Glanz kënnen ze bewonneren a mir hoffen, dass se fir Esch 2022 fäerdeg gëtt.

Ech kann d'Kolleginnen an d'Kollegen aus dem Gemengerot nëmmen opfuerderen, den Devis zu dëser aussergewöhnlecher Aktioun zu Esch 2022 ze stëmmen. Eng Fro bleift opstoen: De Service Sites et Monuments ass jo de Besëtzer vun deem gudden ale Stéck, awer eis Stad soll duerno de Besëtzer ginn. Huet de Schäfferot villäicht scho Verhandlungen ugefaangen oder wéinstens eng Iddi vun enger Gréisstenuerdnung wat eis beim Kaf vun dëser Lokomotiv erwaart? Et ass jo ze hoffen, dass dëse Präis net ze héich gëtt, ëmmerhin huet den Sites et Monuments an 30 Joer keng Zäit a Suen opgedriwwen fir déi Lokomotiv ze restauréieren, an doduerch, dass eis Gemeng elo déi Restauratioun iwwerhëlt, spueren si jo e gudden Batz Geld. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Gangler fir seng Stellungnam.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert, also mir maachen dat dann esou Här Gangler, mir wäerten den Devis matstëmmen, mir ënnerstëtzen dat gären, et ass en Zeie vun der Industriekultur, deen erhalen bleift an et huet eis gefreet, wéi mir gesinn hunn, de Reportage op RTL, do war e ganz begeeschterte jonke Mënsch, deen sech freet fir do matzeschaffen, et ass och gutt dass Bierger opgeruff gi sinn an dass elo schonn eng Resonanz war. Mäin Noper huet och do Waggonen ugekrämpft, mee deen ass net méi do, dofir ass et net fir laang ze waarden fir déi Industrie ze renovéieren. Ech denken, dass awer och beim Lycée, do sinn och déi Industriedenkmäler, dat wier och net schlecht wann een sech do géif iwwerleeën, wéi een déi kéint valoriséieren an e bësse méi Informatiounen kéint un d'Jugend weider ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, also ech mengen, nodeem wat alles gesot ginn ass muss ech net méi vill soen, dat war eng bewegend Usproch vum Här Gangler, ech schlësse mech där Saach un. Dat eenzelt, wat mech bëssen stéiert ass dass mir Suen ausgi fir eng Renovatioun vun enger Saach déi eis net gehéiert. Et hätt mech scho gefreet mee - villäicht hutt Dir eng Äntwert - wann ee wësst wéi de Besetz géif gekläert ginn, éier mir ufänken eppes an d'Rei ze setzen, mee ech denken, mir kréien do villäicht eng Äntwert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech ginn herno drop an. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Mir héiere jo hei wéi mir all-eguerten zu dem Projet hei sti mam Zuch a Waggon.

Ee vun de Monumenter déi och op der Haardt stinn, dat ass den Humpen, deen awer gläich wäert zerfalen. Ech ginn oft do laanscht an deen degradéiert ëmmer méi. Och de Buedem ënnen drënner rutscht gläich ewech. Ech denken also, dass en net méi esou laang do wäert stoen, wéi en elo do steet et war ëmmer eng flott Erënnerung fir laanscht ze goen an de Kanner ze erklären, wat do war, wéi dat deemools hei ausgesinn huet, Punkten op déi mir schonn agaange sinn. Den Humpen, dee gehéiert eis net mee trotzdeem hu mir e klengen Afloss drop fir eppes kënnen ze beweegen, fir deen och kënnen an d'Rei ze setzen. Wéi gesäit et do aus, wat kënne mir do maachen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, ech wëll just zwee Wieder verléieren, och villäicht aus der Vue vun der Kulturkommissioun, mir sinn elo ganz engagéiert wat och d'Kulturjoer ubelaangt a mir si frou dass déi Lokomotiv de Wee heihinner zeréck fonnt huet. Wat mécht och freet, dat ass déi Motivatioun an dat Engagement ze gesinn, mat deem d'Leit elo do drun eru ginn, ech mengen et ass net oft, dass sech an enger Carrière sou eng Geleeënheet eemol bitt an dat ass immens flott. Dofir Welcome home - kann een nëmme soen - fir déi Lokomotiv. Ech ka mir duerchaus dee ganze Remix, sou wéi d'Kulturjoer sech als Motto ginn huet, dat kann een och hei duerchaus matenee verbannen, déi Lokomotiv ass jo en Zäitzeien, den Här Gangler huet et gesot, mee ech ka mir duerchaus virstellen, dass een do eppes fënnt als Projet, wat ee mat der Zukunft verbënnt.

Dass een do en interaktive Projet kéint fannen, dass een do eppes fënnt wou een duerchaus eppes Flottes ka maache fir Kanner, fir Jonker, fir Leit ze invitéiere fir eranzegoen an déi Lokomotiv an dann do eppes interaktiv ofleefet do ginn et vill Méiglechkeete wat ee mat sou engem Objet ka maachen, mir sinn op alle Fall ganz frou, dass se do ass bei eis ass och keng Diskussioun dass de Projet elo ënnerstëtzt ginn a mir freeën eis, dass se erëm doheem ass. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi ganz breet Zoustëmmung wat dëse Renovatiounsprojet vun eisem Patrimoine industriel ugeet. Ech hat vergiess et ze soen, dofir ass et gutt dass d'Madamm Erpelding et opgegraff huet, mir si Propriétaire zum Euro symbolique, de Staat war Propriétaire bis dato a wéi dee ganzen Transport geschitt ass, war et Préalable, dass d'Gemeng se kritt zum symboleschen Euro. Dat heescht an der Suite ass et esou, dass mir se da renovéieren. Par rapport zu der Plaz wou se hi kënnt no der Renovatioun, dat ass déi richteg Plaz fir am Lokomotivatelier. De Virdeel ass, dass mir als Gemeng Propriétaire sinn an och wann se dobaussen steet dass mir fir den Entretien garantéieren, Här Gangler, dofir mengen ech, déi Iddi mam Carport, déi ass ganz louable mee ech denken, dass mir deen net brauche vu dass mir sécherlech

vill besser fir den Entretien wäerte suergen, wéi dat déi lescht 30 Joer de Fall war, dovunner ginn ech aus. Ech mengen, dass dat eng Evidence ass an et dierf een net vergiesse wéi déi dote Lokomotiv an och aner Lokomotiven a Betrib waren, do waren se permanent dobaussen am Betrib wat awer zum Fonctionnement vun deemools, et kann ee mol eng Tréin am An hu wann aner Lokomotiven de Wee net zeréck op Diddeleng fannen, mee et kann een da soen, dass déi Diddelenger Lokomotiven iwwer Diddeleng eraus stralen an och dat ass ganz positiv.

Ech géif och par rapport zu der Interventioun vun der Madamm Heinen soen, deen Industriepark, dee beim LNB ass, dat ass um Territoire vum LNB, dat heescht, do muss ee mat hinne schwätzen, ënnert wéi enger Form si bereet wieren dat méi no baussen ze bréngen. Mir hunn op alle Fall an eise Guiden, déi mir hunn, do hu mir déi systematesch mat opgeholl, mee wéi gesot, mir sinn net Propriétaire dovunner a si sinn um Site vum LNB, déi och emol pädagogesch Aktivitéite maachen och dorëm, wat jo och nobäi ass a wann do scho pädagogesch Aktivitéiten stattfannen, fannen ech dat elo net oninteressant vun der pädagogescher Approche hir.

Ech wéilt och dat opgräife wat den Här Martini gesot huet par rapport zum Humpen. Souvill ech weess, ass déi op der Haardt, déi gëtt geréiert vun der ANF, do kann ee gären eemol un si eruntriiede fir ze froen ob si déi Deeler wéilte reparéieren. Wéi gesot, mir sinn net ANF, mir sinn net Propriétaire, ANF ass Propriétaire a Gestionnaire vun der Haardt, do hu mir net fräi Hand, do musse mir mat hinnen an Diskussioun trieden a mat hinne kucken ob si bereet wieren, deen dote Patrimoine industriel am A ze halen an ze renovéieren. An déi aner Iddi, déi hei opkomm ass, fir dat Ganzt interaktiv méi ze gestalten, ass sécherlech net oninteressant. Et sollt een als éischt emol d'Renovatioun virhuelen an dann herno kucken ënnert wéi enger Form een et kann interaktiv opschaffen. Ech denken, dass do sécherlech eppes méiglech ass.

Dann, fir ofzeschléissen an do kann den Här Repušić sécherlech nach e puer Informatiounen ginn. Dat ass par rapport zu Sites et Monuments, ech mengen du waars do mat hinnen am Kontakt, ech ginn Dir einfach d'Wuert.

IVICA REPUŠIĆ (SERVICE DE L'ARCHITECTURE ET DES DOMAINES): Merci fir d'Wuert. Also, wat Sites et Monuments betrëfft, ech sinn effektiv mat hinnen a Gespréicher, och wéinst Subside fir d'Lokomotiv. Wa mir gäre Subsidien hätten, da misste mir d'Lokomotiv als éischt klasséieren an duerno kënne mir se ufroen. De Klasement géif ongeféier bis zu 6 Méint dauere bis mir dat hunn, dat ass relativ laang a mir wollten dat fir 2022 hunn, sou dass dat dann éischer ouni Klasement wäert goen. Dann, wann se bis klasséiert ass, da kann een eréischt Demandë maache fir Subsidien ze kréien op déi Saachen, déi ee mécht, an de Subsid geet just op d'Material well mir selwer un der Lokomotiv schaffen.

Wa mir eng Firma beoptragen, da kréie mir e Subsid op de globale Präis a wa mir selwer dru schaffen, kréie mir kee Subsid op eis Aarbecht, dat mécht Sites et Monuments net. Dat heescht, mir kéinten héchstens froen, hei mir brauchen en Eemer Faarf, kréie mir do e Subsid vun 30% drop oder sou? Fir do esouvill Zäit ze verléieren an an d'Land zéien ze loossen, fir déi e puer Kröten ze kréie fir en Dëppe Faarf oder e puer Eisen-deeler, ech weess net ob dat Sënn mécht. Et kann een herno spéiderhin, wann se gemaach ass, da kéint een se klasséiere loossen, mee do sot den Här Diederich awer, dat géif kee Sënn méi maachen, well dann ass se fäerdeg, dann ass et eis mee da kéint ee villäicht dat an Ugrëff huele fir spéiderhin, dass net een op d'Iddi kënnt fir se awer ze verschrotten. Sou dass mir se schütze loosse fir och spéider fir d'Nowelt. Dat ass esou, leider kréie mir do kee Subsid. Et héiert een zu Esch, jo, mir kréien dat subsidéiert, mee déi loossen dat vun enger Firma maachen, dofir ass dee Subsid do anescht wéi bei eis.

Wat ech vergiess hunn ze soen, ech gräifen elo e bësse vir op Esch 2022, an der Hall Fondouq soll eng Ausstellung sinn an et ass scho mat der Ekip geschwat ginn, dass ee kéint während den Aarbechten, wann een do eng Schouklass hi kritt, fir deenen e bessen ze weisen, wat do gemaach gëtt fir esou eppes och op d'Been ze stellen, do ass den Arsène bestëmmt bereet fir dat mat Schouklassen ze weise wat se weisen a wéi se schaffe fir de Patrimoine weiderzeginn, dee mir do hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo Merci nach fir déi Informatiounen a fir de pedagogesche Volet, dee kéint dobäi kommen. Dat gesot géif ech proposéieren, dass mir zur Ofstëmmung kommen, ech géif déi zwee Punkten zesummen huelen: Wien ass hei esouwuel mam Devis estimatif wéi och mam Crédit spécial averstanen? **Dat ass unanime.** Merci. Da kënne mir och dëse Projet esou schnell wéi méiglech ëmsetzen a lassleeën.

4.4. Approbatioun vum Projet vum Reamenagement vun der Rue des Minières an der Rue Gare-Usines

4.4.1. Approbatioun vum Devis remanié

4.4.2. Approbatioun vun engem Spezialkredit

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir op deen nächste Punkt kommen, dann hu mir hei en Devis remanié an e Crédit spécial an der Rue des Minières, an der Rue Gare-Usines an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci, Här Buergermeeschter, Dir wësst dass mir do e Chantier haten an hei geet et wéi de Buergermeeschter richteg gesot huet ëm en Devis remanié an e Crédit spécial vun 150 000 €. Firwat? Ma jo, d'Gässel, déi hannert der Crèche Diddelfamill, dat ass rue Gare Usine, déi ass vun der Zone 30 an eng Zone 20 ëmgeännert ginn an dat war initialement net am Projet mat dran an do huet och missen en anere Belag gemaach ginn, do hätt sollen ursprüngelech just en normale Makadam

kommen dat huet et méi Deier gemaach, ech denken dass dat Sënn mécht, dat kann awer ee wéi de Loris lech besser erklären, deen do am Alldag domadder ze dinn huet, dann huet och de ganzen Stroossenniveau an der Rue des Minières missen an déi nei Structure d'accueil gehuewe ginn an ugepasst gi während dem Plange vum neie Gebai an zousätzlech hunn och nach missen eng Rei Adaptatiounen gemaach gi fir de Site, also déi nei Administration d'Accueil mam neie Voirie-Stroossebau anstänneg kënnen unzepassen an zu gudder Lescht huet de Chantier duerch de Bau vun der neier Structure d'accueil an awer och duerch CREOS sech vill méi laang higezu wéi et initialement virgesi war dofir ass et méi deier ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol, si Froen oder Stellungnamen dozou? Dat ass net de Fall, da komme mir bei de Vote: Wien ass mam Devis remanié a mam Crédit spécial averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.5. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'As-tandsetzung vun der Landstrooss "Brillchen" zu Butschebuerg

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Da géif ech weiderfueren, mir ginn op Butschebuerg an de Lieudit "Brillchen" dat ass dee Wee, dee bei den Areoclub féiert, do ass et esou, dass dat e Chemin rural ass, ënner der Kompetenz vun Asta, dee soll also 2022 frësch gemaach ginn dat ass en Devis vun 91 000 Euro, dee mir virfinanzéieren an do kréie mir normalerweis jo ëmmer 30% Subsid vum Staat. Dat zu deemem Projet. Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Wier et méiglech fir do kuerz virun der Heck eng Hubbel op de Buedem maachen, well wann d'Kanner vu riets mam Vélo gefuer kommen, d'Autoe kommen esou eraus an d'Strooss geet esou erop, wier et méiglech do eng kleng Hubbel ze maachen? Well d'Autoe gesinn d'Kanner net, déi do spillen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, wann si bis fäerdeg sinn, mech da vläit nach eemol dodrun erënneren an da kucke mir dat mam Service Circulation. Mir mussen awer waarde bis si fäerdeg sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): OK, ass de Gemengerot heimadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

4.6. Festleeë vun den Indemnitéite fir d'Vollekszielung den 8. November 2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir weider op d'Indemnitéite fir d'Vollekszielung, déi steet jo virun der Dier, den 8. November geet dat lass bis Enn des Joers, wou vill méi op digital Moyenne gesat gëtt a wou mir elo hei Indemnitéite virgesinn, also e Kredit vun 120 000 €, wou virgesi war a wou mir déi Kreditter wëllen adaptéieren. Nodeems hei och d'Regierung higaangen ass a par rapport zu de viregten Indemnitéiten se ëm 15% erhéicht huet,

wier hei dann d'Propos, dass mir nach eemol dee selwechte Montant, deen de Staat gëtt, eise Leit och ausbezuelen, mee och eis d'Gemeng ass amgaangen, de Recensement ze organiséieren, virun allem eise Populationsbüro, deen effektiv do amgaangen ass - just als Informatioun - fir hei zu Diddeleng, ëm déi 8 650 Ménagen, déi concernéiert sinn an och ëm déi 50 Agenten, déi mir schonn hunn, fir dat doten ze maachen awer déi eréischt an enger zwweter Phase zum Droe kommen, well an enger 1. Phas déi digital ass wéi jidderee vum STATEC e Code geschéckt kritt iwwer My Guichet.

Hei geet et ëm fir déi Agenten, déi am Asaz sinn an deene mir eppes wëlle ginn, mee de Staat gëtt jo 29 Euro fir d'Participation un der Séance de formation, 1,15 Euro par immeuble recensé, 2,30 Euro par ménage logement recensé an 1,40 Euro par individu recensé a mir géife fir all déi nach eemol dee selwechte Montant drop setzen, fir déi Leit, déi am Interêt vun der Stad Diddeleng an den Asaz ginn, et si jo de Moment och ëm déi 21 600 Awunner. Dat ass e bëssen d'Adaptatioun, déi mir virhuelen an eis Servicer och prett sinn, fir dat an der zweeter Phas an Ugrëff ze huelen, sou dass mir an der éischter Phas, déi digital Phas, déi méi gepusht gëtt an dann an der zweeter Phas déi physesche Approche op Pabeier. Dat zu den Erklärungen heizou.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buegermeeschter, et ass wéi Dir et sot, et ass warscheinlech, dass elo vill Leit online eens ginn, well se elo am Large scale testing an och mat de Covid-Impfungen elo schonn op dee Wee gaange sinn, dass se eng Invitatioun kritt hunn an sech och schonn agelogg hunn an dofir fannen ech et gutt, dass mir 50 Agenten en vue hu fir ze recrutéieren. Dir hat déi leschte Kéier gesot, wéi mir am Mäerz doriwwer d'Diskussion hatten, dass mir der 2011 60 hatten, dass mir do e bësse reduzéieren, dat war och eng Fro, déi ech wollt stellen, vu dass vill Leit online eens ginn, dass mir dann och manner Leit brauchen. Ech hunn awer zwou konkret Froen nach: Éischtens, Dir hutt gesot an enger zweeter Phas kommen d'Agenten eréischt an den Asaz, wéi geet dat dann elo mat den Indemnitiounen? Well wann zum Beispill an engem Gebai all Mënsch online eens gëtt, kréien se dann awer par immeuble recensé déi Suen oder kréien se déi wierklech just wann se aktiv bei déi Leit ginn? Idem dann den Assistant chargé de contrôle, dee kritt jo dann och 0,46 x 2 Euro par personne recensée, well do ginn et der jo och, et ass jo net, dass all Mënsch, deen sech online enregistreiert a säin Dokument ausfüllt dass dat nach eemol muss kontrolléiert gi vun der Gemeng wann ech dat richtig verstane hunn.

Dat geet jo alles zentral, dofir ass meng Fro: Da gëtt den Agent just bezuelt fir deen Akt wann hie bei d'Bierger geet, wann déi net eens ginn, an da kann hien deene jo hëllefen? Ech huelen un, hien hält säi Laptop mat a mécht dat online mat de Leit zesammen oder hält eng pabeiers Versioun wann d'Leit dat léiwer op Pabeier wëllen ausfüllen. Mir hatten d'Propos gemaach,

dass mir sollten Agente just on demand zur Verfügung stellen, dass just wann d'Leit ufroen, dass dann den Agent lass geschéckt gëtt. Wann ech dat aus Ärer Interventioun eraushéieren, ass dat jo dann och esou, dass mir just bei déi Leit ginn, déi entweder froe fir gehollef z ekréien oder déi wou Dir Réckmeldung kritt vum STATEC, hei deen an deen huet den Dossier net eraginn.

Mir hunn awer e wichtegt Uleies an dat hat ech déi leschte Kéier undeite gelooss ech mengen awer wa mir eis Agenten erausschécke bei d'Leit, dass mir do onbedéngt musse kucken, wéi hiren Impfstatus, hiren 3G-Status ass, dat ass - fannen ech - inevitabel, dass mir do just geimpfte Leit hi schécken an dass mir eis Agente mat enger FFP2 Mask ausrüste fir dohinner ze goen. Dat ass e Minimum, mir mussen eis Bierger schützen, mir hu keng super flott Impfquot hei am Land an ech denken, dass een do muss kucken, wéi een dat de Leit ka soen. Ech weess, dass et theoretesch net machbar ass fir den Impfstatut vun engem Mënsch ze froen, mee ech fannen, dass dat eppes ass wat vital ass. Et kann net sinn, mir hunn e Fall an enger Schoul, wou en Intervenat net geimpft ass, dee geet an dräi verschidde Klassen, elo hu mir dräi Klassen, déi a Quarantän sinn, dat fannen ech einfach onerhéiert a respektlos an ech fannen, hei si mir, dat fält op d'Gemeng zeréck wa mir Leit lass schécken, déi net geimpft sinn.

Dofir mäin Appell fir do awer e bëssen ze kucken, dass mir dat als Konditioun setzen, do gëtt jo warscheinlech och e Kontrakt mat de Leit gemaach et ass jo gesot ginn an den existéierende Kontrakter kanns de näischt dra setze vun der Impfung well déi Leit eppes ënnerschriwwen hunn, wou dat nach net war awer hei wier de Punkt, wéi a verschidde Spideeler, wou s de just Leit hëls, déi och geimpft sinn an dat heissen ass eng vital Geschicht well mir eraus gi bei d'Leit an do wier et awer wichteg, dass mir de Bierger schützen an och eis Mataarbechter.

Da wollt ech eng kuerz Conclusioun soen, déi Volkszählung ass wichteg an och néideg an och europäesch festgeluecht, net nëmme fir dass de STATEC seng sozioekonomesch Zesummesetzung vun den Stéit huet mee et ass wichteg fir eis als Gemeng an elo kommen ech op eng Interventioun, déi mir an de Kapp gaangen ass wéi ech en Artikel an der Zeitung gelies hunn, well d'Gemeng muss och wësse wéi vill Leit wou wunne well dovunner hänkt och d'Dotatioun vum Staat of, déi gëtt pro Kapp gerechent, d'Dotatioun Klimapakt gëtt pro Kapp gerechent vun de Leit, déi hei wunnen, d'Zuel vun den Awunner decidéiert jo och iwwer d'Zuel vum Gemengerot respektiv de Conseilleren, déi gewielt ginn.

An et war eng Fro vum Jean-Paul Schaf, dem Député-Maire vun Ettelbréck, dee gefrot huet wéi dat ass mat dem Weidergi vun den Awunnerlëschten an de Registre national des personnes physiques an do huet et geheescht op der Äntwert vun der Madamm Taina Bofferding, der Ministesch, dass net all Gemeng dat korrekt mécht a genau seet wou d'Awunner wunnen, ob se an engem Appartementshaus oder an enger

Wunneng wunnen, dofir ass meng Fro: Wéi gëtt dat zu Diddeleng gehandhaabt, gi mir eis Donnéeë ganz korrekt an de Registre national des personnes physiques, wéi gesot, dat passt villäicht hei an de Kader vun de Vollekszielungen. Mat den Indemnitéite si selbstverständlech mir averstanen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, Här Buergermeeschter, ech hunn elo den Ufank verpasst, dat ass leider net anescht machbar wann ee ganz aleng hei sëtzt an et muss ee kuerz eraus. Wann ech also elo eppes widderhuelen, dann entschëllegt mech. Also, dee Recensement vun der Bevëlkerung muss gemaach ginn an ech mengen e gouf scho weinst Covid geréckelt. Ech ginn als éischt op den Oflaf an. De STATEC gëtt Méiglechkeet fir de Formulaire online auszufüllen, esou dass Biergerinnen a Bierger dat kënne selwer maachen an een net iwwerall un d'Diere muss schelle goen. Ech ka mir virstellen, dass ganz vill Leit dat an Usproch huelen, besonnesch elo nom Covid wou vill Leit an och méi Leit sech mat den digitale Medie familiariséiert hunn, wéi dat vläit virdru war. Ech weess och aus sécherer Quell, dass de STATEC dee Wee iwwer den Online-Formulaire ganz staark encouragéiere wäert, wat jo och wierklech praktesch ass.

Ech stelle mir just d'Fro wéi et ofleeft, ob et en Delai gëtt fir den digitale Formulaire auszufüllen an dass duerno réischt dat ugeet wou Recenseuren un Diere ginn? Gëtt Gemeng dat gewuer oder ginn se just bei déi Leit, déi et net gemaach hunn? Et ass nach ëmmer net evident, Recenseure bei Leit heemzeschécken, do muss ech net am Detail drop agoen. Ech wëll awer och wëssen, wéi déi Recenseure recrutéiert ginn. Sinn dat just Leit intern vun der Gemeng oder kënne Leit vu bausse kommen, et ginn der jo awer nawell vill gebraucht?

Da kommen ech zum Käschtepunkt, ech si mir bewosst, dass Recenseure gebraucht ginn an dass déi dat och an hiren Fräizäit dat da maachen, dat soll och kee fir näischt musse maachen. De Staat huet seng Tariffer iwwerschaft an och ëm 15% - wann ech mech net ieren – gehuuewen, wat och ganz OK ass. Et liicht mir awer net wierklech an, firwat d'Gemeng dat nach verduebelt. Dass ee vläit eppes Klenges drop leet. Ok, mee ze verduebelen, dat schéngt mir ze vill ze sinn. Wat mech awer wierklech stéiert, dat ass déi Primm, déi e Fonctionnaire kritt, deen déi Dokumenter dann nokuckt.

Déi Aarbecht gëtt während der Aarbechtszäit gemaach, firwat soll een do duebel bezuelt ginn? Fréier war et nach OK wann de Beamten huet misse méi laang bleiwen a keng Iwwerstonne bezuelt kritt huet. Ech weess net ob dat esou war an der Zäit mee hautdesdaags, wou all d'Beamten den Horaire mobile hunn an se fir déi Zäit, wou se am Büro sinn, bezuelt ginn, gesinn ech dat net an. Ech si selwer Gemegefunktionnaire, war et och e puer Joer am Biergeramt, weess also vu wat

ech schwätzen, an awer sinn ech der Meenung, dass een net fir alles wat e bëssen ausser der Rei fält ëmmer müssen eng extra Prim kréien an ech wäert och an Zukunft bei all anere Primmen, déi änlech sinn, der selwechter Meenung bleiwen. Do si verschidde Saachen, déi ëmmer esou waren, mee déi haut net méi onbedéngt eng Berechtegung hunn, dofir weess ech nach net genau wei ech votéieren, mee warscheinlech stëmmen ech dogéint.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Erpelding.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert, mir sinn d'accord mam Verduebelen. Ech hu selwer virun 20 Joer eemol de Recensement gemaach an et ass richtig vill Aarbecht gewiescht. Da wollt ech eppes froen zu den Daten, d'Gemeng kritt jo elo all déi Informatiounen, ginn si dat einfach un de STATEC weider oder hu mir déi Daten och elo hei zu Diddeleng? Ech fannen et zum Beispill interessant, eidel Wunnengen, dass een en iwwerbléck huet wéi vill eidel Wunnengen do sinn. Hale mir déi Informatioun oder geet dat einfach direkt weider?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech op déi verschidde Punkte an. Ech géif mol generell ufänke par rapport zu der Prozedur, obwuel et jo scho verschidde Pressekonferenze goufen, déi de Wirtschaftsministère zesumme mam STATEC hat, wou d'Prozedur erkläert gouf. Déi éischt Prozedur ass jo, dass all Mënsch e Code geschéckt kritt vun Ufank November bis Ausgang November an dann déi zweet Phase a Kraaft trëtt wou dann de STATEC d'Gemeng kontaktéiert a seet Voilà, mir hunn deen dote Formulaire am digitale Format kritt, deen anere Formulaire hu mir net kritt an do kann dann d'Gemeng iwwer hier Agenten an den Asaz kommen, well dann déi Leit, déi net digital geäntwert hunn, déi kréien eng perséinlech Invitatioun mat der Pabeiversioun fir déi kënnen auszufüllen an et ass op deem Volet, wou dann d'Gemengenagenten an den Asaz kommen an och se asammelen. D'Leit kënnen awer och hir Pabeiversioun an d'Gemeng era schécken, wann se dat wëllen, oder och direkt un de STATEC, Dir hat jo an Ärem Dokument och den Règlement grand-ducal virleien, do sinn och déi dräi Weeër virgezeechent. Et ass also keen neie Moment.

Déi Agenten, déi mir recrutéieren, also déi mir hei zur Verfügung hunn, dat sinn der manner wéi virun 10 Joer, well och wéi d'Madamm Kayser et richtig gesot huet, déi digital Versioun dobäi kënnt, dofir brauch ee Leit an déi Agenten déi hei a Fro kommen, déi dat zousätzlech zu hirer Aarbecht maachen, ob se Fonctionnaire sinn déi de Contrôle maachen, déi maachen dat zousätzlech zu der normaler Aarbecht an dofir schéngt et mir, vu dass d'Madamm Heinen et ganz richtig sot, well et eng delikat Aarbecht ass an eng wichteg Aarbecht ass, ass et net onwichtig fir den Incentive de Leit ze ginn, well dat ass e Montant vu 15% wat d'Leit méi kréie vun der Regierung par rapport zu

engem Montant, dee virun 10 Joer fixéiert gouf. Dofir denken ech, dass déi Leit, déi sech hei gemellt hunn an déi effektiv an den Asaz kommen, dass mir deenen awer och de Réck stäipen an där doter Missioun an ech hunn och kee Problem, dass se solle geimpft sinn, respektiv eng Mask droe wann se de Kontakt hunn, do si mir ganz bei lech, Madamm Kayser, awer déi Leit hunn awer elo kee Kontrakt mat der Gemeng, si kréien hei eng Indemnitéit ausbezuelt an déi kréien se wann se an den Asaz ginn.

Et ass och esou, dass definéiert ass, wie wéi ee Quartier an Usproch hält, dat huet eise Populationsbüro sech agedeelt an do um Règlement grand-ducal inspiréiert well dee gëtt jo hei d'Virgab wéi een effektiv sech soll organiséieren. Dat maache mir jo net als Gemeng an an der Autonomie, déi mir hunn, dat ass e gewëssene Kader an deem mir eis och beweegen. Mir halen eis do kloer un den RMPP, dat ass och déi Vernetzung déi ass, déi ass besser wei déi Jore virdrun. De Regëster huet deen och geännert, mir hu jo och en neit Gesetz gestëmmt virun e puer Joer hei sinn d'Donnéen also vill méi präziséiert, wat jo och net onwichtig ass. Just awer, fir datt dat heiten net zu enger Confusioun leet, dat heiten hëlleft eis jo natierlech par rapport zu der Populatioun, déi mir hunn, mee et ass jo och d'Bestriewung, dass dat heiten - an der Zäit geholl gouf fir d'Unzuel vun de Leit am Gemengerot ze bestëmmen - do ginn et jo och iwwerleeungen, respektiv goufe Projet-de-loien déposiert fir dass mir eis net méi op d'Vollekszielung baséieren, mee op déi Zuele vun deem Joer virdrun, vum 31. Dezember, well déi Realitéit dann och méi no ass wei d'Vollekszielung, déi da virun etlech Jore gemaach gouf, mee natierlech ass se hei wichtig well eng Rei sozioekonomesch Donnéen awer hei kommen.

Ech hu probéiert, e bëssen iwwergräifend op déi verschidde Stellungnamen anzegoen an natierlech wäerte mir och do eng Rei Donnéen kréie wat déi Stéit sinn, déi besat sinn, respektiv déi, déi net besat sinn, dat gesi mir jo dann unhand vun den Donnéen, déi mir kréien, respektiv vun de Leit, déi ausfüllen oder net.

Ech wier domadder op déi verschidde Punkten agaan, da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote iwwerginn: **Wien ass mat deenen Indemnitéiten averstanen? Dat ass LSAP, CSV, eisen Onofhängege Member an déi gréng. Wien enthält sech? Wien ass dogéint? D'Madamm Erpelding, also déi Lénk.**

4.7. Approbatioun vun den Ännerungen am Gemengereglement iwwer d'Subside fir d'Secondaires- an d'Postsecondairesstudien

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da fuere mir weider a kommen op d'Subside fir Etudes secondaires a post-secondaires, do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Jo, Merci fir d'Wuert, dat ass eng Ëmännerung, déi mir sollen hei virhuelen am Reglement. Mir hunn déi lescht Ëm-

nerung beim Subsidegesetz gehat, dat war 2019, et ass awer esou, dass bei deem Reglement oft d'Schoulen einfach changéiere mat hirem "Wéi wäerte mir et aus", et gi ganz vill Schoulen, déi keng Punkte méi ginn, et gi ganz vill Schoulen déi einfach mat "Bien" oder Module schaffen, dofir mussen mir dat Reglement heiansdo adaptéieren. Wichteg ass et, mir sollten dat eigentlech schonn déi leschte Kéier an de Gemengerot huelen, den Här Bob Claude an ech selwer wollten awer nach en Tour mat der Kommissioun dréinen, well et awer wichteg ass, dass een do vill Meenungen anhëlt an dofir wollte mir et nach eng Kéier an d'Kommissioun ginn, éier mir et an de Gemengerot huelen.

Hei geet et haaptsächlech ëm den Artikel 3.2, bis elo hate mir do stoen, 70%, wann een am Cycle inférieur ass, da muss een esouvill Prozent hunn oder eng Nott vun 48 Punkten. Dat Ganzt hu mir eng Kéier iwwerschafft, Prozenter ass einfach ze rechnen wann een eng Punktzuel huet. Wann ee keng Punktzuel huet, da gëtt et scho méi komplizéiert, da muss ee 70% dovunner hunn. Dat ass theoretesch an och fir d'Sekretärin vun der Kommissioun ass dat eng Mammutaarbecht fir do ëmmer erëm dat Ganzt auszewäerten an och déi Kommissioun, déi déi Dossierer nach kritt, dofir hu mir eis nach eemol domadder ausernee gesat a mir sinn eis relativ schnell eens ginn, mir waren alleguerter enger Meenung an der Kommissioun, dass mir dat Reglement sollen ëmänneren an dee Pourcentage do vu 70% oder 75% eraushuelen, fir dass een net ëmmer erëm an déi Zwéckmillche kënnt.

Eppes wat ganz kloer ass, am Cycle supérieur hu mir am Fong d'Punkten erofgesat well do ass et esou datt wann ee "Bien" huet op enger Zensur, dat kann och 40 sinn. Wann een awer no Punkte geet an et huet een 42 do stoen, dann ass dee jo benodelegt, dee Punkten huet. Wann elo een d'Zensur kritt mat der Nott 42, dat sinn déi 70%, dat ass an der Rei. Huet hien awer nëmme "Bien" drop stoen, dann hu mir dat ëmmer duerchgewénkt als Kommissioun a gesot, dee kritt de Subsid. Dat war do eng Inégalitéit, mir sinn dunn higaangen an hunn dat ganz iwwerschafft vun ennen no uewen eigentlech. Fir d'éischt hu mir de Supérieur ugepasst an dat ass dann e "Bien" an dat entsprécht elo, wann een d'Punkte kuckt, och 40 vu 60 Punkten, sou datt een do genee d'selwecht bleift an net dee benodelegt, dee Punkten huet.

De Cycle moyen, do hu mir gehuewen, well mir fonnt hunn, dass et extrem wichteg ass, dat heissen ass jo eng Belounung ass fir Efforten, déi een an der Schoul mécht, an dofir hu mir do en Très bien mat 48 Punkte minimum, déi ee muss hunn, agesat, an de Cycle inférieur, do soll an Zukunft, entweder op der Zensur ass dat en Exzellent oder en huet e Minimum vun 52 Punkten. Dofir hale mir einfach op mat de Prozenter, mat deene mir näischt méi kennen ufänken. Et ass schwéier, op e Bien, en Exzellent dann op eemol Prozenter ze setzen. Ech mengen, den Här Bob Claude kann dat nach komplettéieren, wann ech sollt eppes vergiess hunn, mee ech mengen, dat war d'Haaptdiskussioun an der Kommissioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo Ries.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci, als President vun der Subsidekommissioun wëll ech virun allem de Membre fir déi konstruktiv Diskussioun an deem allgemenge Konsens an der Sëtzung vum 14. September iwwer déi kleng awer wichteg Ännerung vun Subsidereglement Merci soen. Et ass och flott, dass e puer Memberen selwer um Terrain, spriech Schoul, aktiv sinn an aus der Praxis wichteg Informatiounen konnten ginn. Ech wëll e puer Prezisiounen ginn, wéi et weider geet. Mëtt Oktober kënnt den Avis mam neie Reglement an d'Bliden, da kënnt gläichzäiteg den Opruff mam Reglement online um Internetsite vun der Stad Diddeleng. D'Schüler an d'Studenten hunn da bis Mëtt Dezember Zäit fir hir Demande eranzeginn. D'Sekretärin vun der Kommissioun, d'Sarah Pétré, huet dann déi meeschten Aarbecht mat dem Enregistréieren vun den Demanden. Dem Sarah e grouse Merci dofir. D'Kommissioun wäert am Februar-Mäerz erëm zesummekommen fir déi definitiv Verdeelung vun de Subside festzehalen, d'LSAP stëmmt der Ännerung vum Reglement zou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Claude.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, et ass wéi d'Madamm Di Bartolomeo gesot huet, et war eng flott Diskussioun, ech war och emol erëm do an der Kommissioun an dat war ganz flott, deen Echange, a wat ganz wichteg war, d'Diskussioun war och doriwwer gaangen, dass bei de Premieren, bei den Ofschlossklassen, solle mir dann net jidderengem, deen eng Premiere kritt, solle mir deem net e Subsid ginn an do war awer nach ëmmer majoritairement nach ëmmer d'Meenung dass et soll eng Prime d'encouragement si fir de Fläiss och ze belounen. Mir belounen de Fläiss, een dee gutt Punkten huet, egal a wéi enger Klass, ob een am Classique oder am Technique ass, am Cours de base, am Cours avancé, a fir dës Punkten ze erreechen, déi mir virginn hunn, do muss ee fläisse sinn an dat soll belount ginn.

Dat war och eng Premisse, wéi mir dat hei agefouert hunn an um Liewe gehalen hunn, mat alle Variatiounen, do hu mir dat als wichteg empfongen a Fläiss ass eppes wat ee brauch am Liewen, och an de Studien oder am Beruff, dat ass e Skill fir virunzuekommen an, wat flott ass, mir ginn eise Studenten an Elève-méritanten och e klengen Diplom an de Grapp. Och dat ass net ze ënnerschätzen, wann een esou en Diplom mol bei sã Curriculum leet, bei eng Demande fir e Stage ze maachen, ech mengen den Här Berettini, dee weess genau wéi flott et ass wann de Patron gesäit, dat ass e fläissege Mënsch an e fläissege Mënsch hëlt een éischter wéi en net fläissegen, an ech denken, dofir wëlle mir weider op déi Schinn goen an dobäi och ënnersträichen, dass et egal ass wéi ee schoulesche Parcours een huet, egal a wéi engem Beräich, Classique oder Général oder Professionell, mir ënnerstëtzen all Schüler, deen sech gutt dru gëtt an dat ënnerschreiwe mir mat zwou Hänn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech fannen et natierlech gutt, dass SchülerInnen a StudentInnen eng kleng Prim kréie fir hiren Effort an et ass och un der Zäit gewiescht fir op Punkten a Pourcentagen sech net méi ze fixéieren, mee op Mentiounen, dat ass och de Geescht vun der Zäit an dat ass ganz richtig esou déi Upassungen. E bësse schuet ass et, dass kee fixe Montant festgeluecht ass fir bei den Etudes secondaires, dass sech do just op de Budget beruff gëtt, mee dat ass eng Klenggekeet, dass dat herno verdeelt gëtt, si si jo frou wann se iergend eppes kréien. Ech ginn awer elo op dat Wuert Fläiss an, wat d'Madamm Kayser gesot huet an dat ass och dat wat eis Vertrieederin an der Kommissioun gesot huet. Fläiss moosst sech net onbedéngt un de Punkten, ech mengen, et ginn der, déi hunn et méi einfach, ze léieren, an déi verstéi besser an déi komme mat wéineg Fläiss op gutt Punkten an et ginn och Schüler, déi mussen sech ganz vill ploe an gi sech ganz vill drun an da sinn se frou.

Et sinn och villäicht schwiereg Verhältnissen doheem oder allméiglech Saachen a schlecht Viraussetzungen an déi ginn sech vill drun a packen dann och eng Première oder en Ofschlossjoer oder iergend een Ofschlossjoer, dat muss sech net op d'Première limitéieren an an deem Sënn hätt ech et gutt fonnt, dass all Ofschlossjoer awer och e bësse belount gëtt, well, wéi gesot, Fläiss moosst sech net onbedéngt un de Punkten. Et ass och gutt, dass Reegele festgehalen sinn an engem Reglement, ech géif awer dann och bieden, dass sech dru gehale gëtt an net à la tête du client decidéiert gëtt, wéi et scho gemaach ginn ass.

Wann dann ee just op der Limit läit an en huet zum Beispill 39 an net 40, ech weess, dass da schonn a vergaangene Jore gesot ginn ass "Jo mee dat ass jo bal 40, da kéinte mir et duerchgoe loossen" dat ass „bal“, wéini ass eppes bal? Dat ass e bësse schuet, et sollt een sech drop beruffe wann een eng Limite huet oder Mentiounen, dat mécht et da villäicht och méi einfach. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach Stellungnamen? Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Entschëllegt, ech hunn elo keng weider Stellungnam, ech wëll just kuerz, well ech jo och President vun dëser Kommissioun war, sou wéi d'Michèle Kayser heibanne jo och an der Zäit an der Kommissioun war, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries och, dass mir elo net eréischt ugefaangen hunn domat, mee de Problem war ëmmer wa keng Punkten do waren an et stoung just eng, wéi soll ech soen, eng Bewäertung do, eng Bewäertung, de Schüler hätt dat gutt gemaach,... et si Saachen, déi kann een net faassen, einfach esou, an do hu mir effektiv gekuckt, wéi oft ass de Schüler gutt bewäert ginn an net esou gutt bewäert ginn an hunn dann do gekuckt am Interessi vum Schüler, villäicht ëfters ganz e bëssen un der Schrauf gedréint, fir dass en an de Genoss vun der

Prim kennt. Mir si jo keng Kommissioun, déi probéiert de Kanner do e Schued zouzefügen, mee wierklech, mir hunn ëmmer probéiert, dofir ze suergen, dass jidderee wann nëmme méiglech, an de Genoss kennt vun enger Prim, respektiv dem Subsid.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Zuang.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, jo Merci och fir dass dat an der Kommissioun diskutéiert ginn ass a mir droen dat och natierlech mat. Ech wollt just soen, dass mir et och flott fanne wann déi Feier all Joers ass, wann se en Diplom kréie well dat ass jo och eng Art Unerkennung wann déi Jonk invitéiert ginn an déi freeën sech, mengen ech, ëmmer iwwe sou e Courier, ech weess just net, war dëst Joer eng Feier? Oder Corona-bedéngt net? Ah, et war also keng. OK, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madamm Heinen fir déi Prezisioun, an da ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo, villmools Merci, ech muss soen den Här Zuang huet et elo schonn e bëssen erkläert, ech war éier den Här Zuang President war vun der Kommissioun war ech selwer Presidentin vun der Kommissioun, elo ass den Här Bob Claude President vun der Kommissioun, also ech ka mech, an ech wier nawell ganz frou wann dat esou wier, net erënneren, dass mir gesot hunn, den do den huet 39, dee wénke mir duerch, mir hunn eis, an do setzt och Är Vertrieederin an der Kommissioun muss ech kloer soen, déi hunn och ëmmer déi Dossiere wou et net kloer war, an nëmme déi Dossiere ginn och an d'Kommissioun geholl do ginn 1-2 Sëtzunge gemaach wou déi Dossieren duerchgeholl ginn an do si mir ëmmer erausgaangen an da ware mir geschlossen ob een de Subsid kritt oder net. Et ass wéi den Här Zuang seet. Wann ech do stoen hunn, deen doten huet 12 Module gemaach an deen engen hat e Bien an deen aneren net, a fir dann auszurechnen ass dat 40 oder 39, ass theoretesch iwwehaapt net méiglech. Mir hunn dann ëmmer gekuckt dass et 70% vun de Modulen och gepackt huet mat Bien, dat war ëmmer sou an do ass och, also wéi gesot, Dir musst et jo da besser wësse wann Dir esou Behauptungen ustellt, ech ka mech op alle Fall u kee Fall erënneren.

Bon, dat ass dat eent. Dat anert, jo et gëtt gesot, deen ee léiert besser an deen anere méi schwéier, dat ass richtig, dofir acceptéiere mir jo och all Niveau, net nëmme Secondaire, och en Technique, e Modulaire ka bei eis e Subsid kréien. Ob de Schüler schwéier léiert oder gutt an einfach léiert, ass fir d'Kommissioun net ze erkennen, ausser mir géifen dann ëmmer eng Prüfung dobäi maachen. Mir sinn der Meenung, dass et gutt ass, dass all Niveau vu Schoule kënnen bei eis e Subsid kréien a mir kucken och net, ass deen doten am Modulaire oder am Classique, do gëtt et keen Ënnerschied. Voilà, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Prezisiounen, da proposéieren ech, dass mir zum Vote iwwerginn: **Wien ass mat deene Modifikatiounen am Reglement averstanen? Dat ass d'Stëmme vun déi gréng, LSAP, CSV, eisen Onofhängege Member. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? déi Lénk.**

4.8. Approbatioun vun engem notarielle Kafvertrag fir e Wegerecht an der Rue Mathias Cungs

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir weidergoen an hei hu mir en Acte de vente virleie fir eng Emprise, déi mir an d'Voirie publique iwwerhuelen. Dat ass wéi gesot den Här Gonçalves Fernandes an d'Madamm Da Silva Alves, déi eis hei eng Emprise an der 7, Rue Mathias CUNGS verkafen, dat sinn 10 Zentiar. De Präis, dee mir setzen, dat si 700 € den Ar also sinn et hei 70 €, déi si kréien an dat muss vum Gemengerot approuvéiert ginn an dat gëtt an den Domaine publique communal integréiert. Dat zu dësem Akt, ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

4.9. Geschäftslokal op Nummer 38, Avenue Grande-Duchesse Charlotte

4.9.1. Approbatioun vum Bail mat der Societët ELPA vu Bartreng

4.9.2. Approbatioun vum Bail fir d'Sous-locatioun mat der Societët F&D s.à r.l. vu Lëtzebuerg

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op deen nächste Punkt, ech géif déi zwee Deeler zesummen huelen, dat ass souwuel d'Locatioun vun engem Commerce hei an Diddeleng, awer och d'Souslocatioun. Dat Ganzt schreift sech an an déi Efforten, déi mir maache vis-à-vis vun der Geschäftswelt, wou mir schonn e puer Initiative geholl hunn, wou mir Geschäftslokaler, wann se an enger strategescher Lag sinn, ulounen a weider verlounen, fir och da kënnen de Choix ze maachen, wie mir wëllen, wat mir wëllen, respektiv wat mir net wëllen. Mir hu jo do och eise City Manager, deen och den Interveneur an de Facilitateur spillt par rapport zu de Proprietairen, an hei handelt et sech wéi gesot ëm en neie renovéierte Commerce an enger gudder Lag. Et ass wou fréier d'Geschäft „Silhouette“ war, fir et kënnen ze situéieren, a wéi gesot, dat ganz Gebai ass renovéiert ginn

Hei gi mir eben och als Gemeng ginn a bei der Sociétéit ELPA, vertrueden duerch d'Madamm Eliane Majeres-Besch, dat loune fir 3 Joer ab dem 1. Oktober 2021 dat zum Präis vun 2300 Euro. Als Locataire iwwerhuele mir hei och d'Chargen an hei ass de kllassesche Contrat de bail zwëschent dem Proprietaire a Locataire a mir verlounen et un d'Societët F&D Sàrl, hei vertrueden duerch den Här Daniel Kasindi Naimana an d'Madamm Fabiola Puga. Wéi gesot, dat heiten ass e Commerce, deen huet 103 m² an en Depot vu 60 m² an effektiv verloune mir hinnen dat heite fir 3 Joer an dat zu engem progressive Loyer, dat 1. Joer fir 1 500 €, dat 2. Joer fir 1 800 € an dat 3. Joer fir 2 300 €,

dat ass e Modell, dee mir hei ugewannt hunn. Hei ass d'Ausrichtung vun engem Buttek, respektiv Concept Store, deen awer an de Beräich geet vu Kleeder ganz kloer well dat heiten zwou Persounen sinn an so effektiv sech och Leit usidele kënnen vun Designer, déi hei zu Lëtzebuerg Kleeder kreéieren an dat och hei zu Lëtzebuerg produzéieren, also komplett Made in Luxembourg. Déi wäerten dann och hei deelweis a Coursen ubidden, Formatiounen maachen, dat och hei developéieren, produzéieren an och verkafen am Geschäft selwer, souwuel fir Här wéi och fir Dammen.

Also sinn dat do jonk Lëtzebuurger Createuren, deene mir hei d'Méiglechkeet gi fir sech kënnen ze lancéieren, well wann een sech wëll lancéieren, an deem Beruff ass et net ëmmer evident, mir hinnen awer iwwert deen heite Wee eng Plattform bidden. Den Här Kasindi an d'Madamm Puga sinn an deem dote Beräich zimmlech gutt ënnerwee, Dir hutt och d'Invitatioun kritt als Gemengerot fir dëse Samschdeg am Hall Fondouq fir d'Fashion Week, dat sinn si, déi dat fir d'drëtt organiséieren, dat heescht, si sinn do gutt opgestallt, mee hei ass awer och d'Iddi fir mat hinnen zesummen och anere Lëtzebuurger Createuren eng Méiglechkeet ze ginn, och kënnen hei an Erscheinung ze trieden an och bei hinne stinn schonn Iwwerleeunge fir mat der hiseger Geschäftswelt zesummenzeschaffe fir do och Synergien ze sichen, och dat ass eng ganz positiv Approche.

Dat e bëssen iwwergeuerdent wann dann och hei en Deel vun der Attraktivitéit vun der Geschäftswelt hei zu Diddeleng an där mir probéieren, weider ze schaffen, Akzenter ze setzen an eben och probéieren, Jonken eng Méiglechkeet ze ginn, sech kënnen ze etabléieren an hiren eegene Schrëtt. Well ech mengen, jiddereen, deen sech lancéiert als Createur, als Independent, weess, dass déi eicht Schrëtt ëmmer déi schwierigst sinn a mir sinn als Gemeng gär bereet, déi Leit ze ënnerstëtzen, sou wéi mir et och schonn an der Vergaangenheet gemaach hunn. Dat ass e bëssen de Kader an deem dat Ganzt sech beweegt an d'Diskussioun ass op. Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hu just eng Verständnesfro: Wat ass et elo? Ass et e Pop up Store oder e Concept Store? Well Dir hutt déi zwee genannt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass e Concept Store, et ass e Feeler um Pabeier, mir mussen dat änneren.

CLAUDE MARTINI (CSV): Am grouse Ganze si mir ganz fir déi dote Saachen, mir musse méi Liwen an d'Geschäftswelt kréien, et gëtt ëmmer méi schwéier fir gutt Geschäfte ze kréien, net nëmmen hei zu Diddeleng mee op der ganzer Welt egal wou een hi reest, esouguer a grouse Metropole wéi Paräis, déi kréien och Schwierigkeete fir do Geschäfte hinze kréien, wéi mir eis et virstellen. Du hues awer och an der Gesellschaft wierklech den Online Shopping, deen op där enger Säit immens boomt an op där anerer Säit si ganz

vill Leit, déi esou wëllen akafen, wéi dat wat mir hei fërderen, déi lokal Produiten huelen, déi net ronderëm dee ganze Globus transportéiert goufen a wou s de net weess ënnert wéi enge Konditiounen déi Kleeder hiergestallt goufen a wéi vill ëmweltschiedlech Materialien dofir benotzt gi sinn. Dat heescht, ech fannen, dass esou e Concept Store wéi dat heiten eng gutt Iddi ass an awer och Zukunft huet fir esou eng kleng Geschäftsstrooss wéi mir hei zu Diddeleng hunn.

Ech hat dat déi leschte Kéier schonns ugedeit, mir mussen awer och kucken, dass mir Liewen an d'Strooss kréien, dass mir Leit dohinner kréien an do musse mir eis iwwerleeën, wéi kann een dat maache fir méi Aarbechtsplazen ze schafen, dass d'Leit hir Fräizäit oder hir Mëttespausen dann am Stadzentrum och verbréngen. Vun eiser Säit aus ass dat heiten e klore Jo, mir hunn eemol eng bësse méi negativ Erfahrung gemaach mat esou engem Shop, déi Saach gouf gekläert, ech denken, dass mir elo um richtege Wee wäerte sinn, mir si wierklech ganz optimisteschesch hei a mir ënnerstëtzen dat heite ganz gären. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Zoustëmmung.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter, mir ginn an déi selwecht Richtung, mir ënnerstëtzen eise Schafferot an och eise City manager, déi wierklech gutt Aarbecht leescht an hirem Beméien, eise Stadkär ze beliewen, eis schéin Niddeschgaass, wou ee jo awer mierkt, dass Liewen an der Niddeschgaass ass. Also ëmmer wann ech derduerch ginn oder mam Vélo do duerchfuere, sinn awer ëmmer Leit do, dat ass ëmmer flott an, jo voilà, dat kléngt alles gutt, jonk Createuren, Kleeder, déi hei gemaach ginn, mir ënnerstëtzen dat a ginn och bis era luussen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif Kollegeen a Kolleginnen, d'Stad Diddeleng huet sech déi lescht Jore staark gemaach fir en attraktiven Stadkär. E gudden Deel vun den Infrastrukturen sinn erneiert ginn an déi 3. Phas dovunner si mir elo amgaangen ze realiséieren. Mir fillen eis awer net nëmme verantwortlech fir d'Infrastrukturen, mee mir hëllef ganz konkret mat eise Moosnamen eiser Geschäftswelt a mat deene Mesuren, déi eis zur Verfügung stinn, fir dass se nach besser fir d'Zukunft gerüst ass. Et ass nach net all ze laang hir, do war esou e Projet wéi deen heiten iwwer dee mir elo ofstëmmen, nach Neiland fir eis. Mëttlerweil wësse mir domadder ëmzegoen a kënne behaupten, dass mir um richtege Wee sinn.

Mir ginn hei jonke Geschäftsleit an deem Fall Artisten, Moudestylisten eng Chance kennen an hirem Domaine Fouss ze faassen an dat aleng duerch dat Loyersconcept wou mir hinne kënne ubidden. Et brauch een haut oft als nei Entreprise eng Rei Jore bis d'Saach sech rechent a vill scheitere scho ganz fréi well de

Fraisenapparat vun Ufank u fir si ze héich ass. Hei gëtt e Projet realiséiert, dee ganz interessant ass fir Diddeleng a wann et deene verschidde Createuren an Artisten geléngt, mat hire Kreatiounen a Realisatiounen de Public unzeschwätzen, ass et sécherlech eng staark Beräicherung fir eis Geschäftsstrooss. Firwat? Ma hei sinn déi Leit um Wierk, deenen hir Produiten een net an enger Grande surface oder am Internet fënnt, de Client kann also net just era Kleeder umoosse goen, fir ze kucken ob dat wat him gefält och sëtzt an ze kucken, wéi eng Gréisst e brauch fir et dann am Internet ze bestelle fir e puer Euro méi bëlle, ouni dass hien sech bewosst ass, dass déi Damm oder deen Här, déi se eng hallef Stonn beroden huet, hire Patron awer och deen een oder aneren Euro kascht, deen den Internet net brauch auszebezuelen.

Vun deem wat op dëser Platz kreéiert gëtt, schwätze mir och net nëmme vu Made in Luxembourg, hei kënne mir och roueg vu Made in Dudelange schwätzen a wat nach méi wichteg ass fir eis, wann ee gären eppes hätt vun deem wat do ugebuede gëtt, da gëtt et just eng Méiglechkeet an déi heescht Buy in Dudelange. Moud, déi een net iwwerall fënnt ass en Unzéiungspunkt fir e gewësse Grupp vu Leit an dee Grupp ass net ze ënnerschätzen. Et kann en Ufank si fir dësen oder dee vun enger nationaler oder internationaler Carrière. Wie weess. Mir schreiwen och Konscht hei zu Diddeleng grouss an d'Moud ass fir d'alleréischte eemol Konscht a wa mir bedenken, dass an deem Lokal net nëmme einfach verkaf gëtt, wat erëm iergendwou akaf gouf, mee dass déi Kreatiounen hei gezechent an och hei realiséiert ginn, da kann een dat nëmme ënnerstëtzen. Et deet gutt wann een hautdesdaags dat Wuert Handwierk nach ka mat eppes a Verbindung setzen, wat ee keeft. Et ass virgesinn, dass an hirem Atelier och Formatiounen stattfanne fir nei Moudestylisten auszebilden, och dat kënne mir nëmme ënnerstëtzen. Mir iwwerloossen dat Feld hei net iergendwellechen Träumer, d'Fabiola Puga an den Daniel Kasindi, déi scho säit Joren déi Lëtzebuerger Fashion Weeks organiséieren an och d'Fashion an Design Academy leeden, hunn dëse Konzept och an d'Liewe geruff. Si kënnen mat hirem Knowhow och deene jonke Createuren a Creatricen, déi dëst Lokal fir eng Zäit als hir Bün dierfen notzen, zur Säit stoen. Dat ass eis e wichteg Punkt gewiescht, well et geet net aleng duer, kreativ ze sinn, et muss een och kënne de Konsument begeeschteren, soss gëtt engem seng Konscht schnell zu enger brotlosen. Alles an allem si mir der Meinung dass dëse Concept Store seng Berechtigung hei zu Diddeleng soll kréien an dofir stëmmen mir als LSAP dofir. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Zoustëmmung.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech kann nëmme allem zoustëmmen an déi Léift zum Handel, wann een den Här Clement héiert, do gesäit een, do schwätzt de Geschäftsmann aus déifstem Häerz, wéi den Här Gangler mat der Lokomotiv. Also, ech hunn awer eng oder zwou Froen. Dat ass ganz flott wa mir

déi Leit scho kennen, déi do d'Locatioun huelen, hu mir awer e Kontrollmechanismus? Ech hu gesinn, de Kontrakt ass e bësse méi etofféiert wéi deen éischten, dee mir mat deem anere Concept Store gemaach hatten. Do steet nämlech dran, dass si och kënnen sous-louéieren, behale mir als Gemeng awer do d'Recht vun de Kontrakter? An zweetens, wéi ass et mam Loyer, deen si weiderginn un de Souslocataire fir dass dat awer am Rahmen ass, dass wann se da Leit hunn, dass dat dann net dee Loyer iwwertrefft, deen si musse un d'Gemeng bezuelen, zumools wa mir e gestaffelte Loyer hunn. Dann zweetens, et ass vill gesot ginn et wier Made in Luxembourg, hu mir do eng Kontrollméiglechkeet, net dass awer do iwwert d'Hannerdier béis Saachen an de Buttek géife kommen, déi mir net wëllen hunn, wou näischt regional, lokal, saisonal kann een net gutt soen, mee awer nohalteg Saachen, dass mir dat awer och kënnen nokucken ob et och wierklech esou ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen. Nee? Da géif ech op déi e bësse méi generell eng Remarque maachen, well gesot ginn ass, dass et wichteg wier, de Stadkär mat Liewen ze fëllen. Wéi ech de Moment d'Niddeschgaass erliewen an ech mengen, aner Leit heibannen och, ass awer vill Liewen do, schwätzt emol mat de Geschäftsleit. Wann nei Commerce generell d'Gemeng um Drécker ass oder net um Drécker ass, sech hei zu Diddeleng ze etabléieren a wann ee mat deene schwätzt, da maachen déi de Choix resolut well grad Liewen hei ass, soss géifen si dee Choix net maachen. Si hu jo keen Interêt an eng doudeg Stad ze goen als Geschäftsleit.

Déi Appreciatioun, dass ee méi Liewen an d'Niddeschgaass muss bréngen, deelen ech net esou, et sinn eng Rei Efforte gemaach ginn, iwwer déi verschidden Art a Weisen no denken, wéi ee kann zousätzlech Aktivitéite maachen, mee et ass net esou, dass näischt gemaach gëtt. Ech denken hei och un den alternative Maart, dee mir als Gemeng agefouert hunn, ech denken un déi Musekbox, wat déi gemaach hu vun Animatioun an der Niddeschgaass. Ech mengen also, dass mir hei um gudde Wee sinn, schon doriwwer eraus fir wierklech de Stadkär ze animéieren an ech wier frou wann och nach zousätzlech Geschäfte, déi mir hei zu Diddeleng hunn, och an déi Richtung weider droen a mir hunn am Kader vun der Fashion Week alles Geschäftsleit déi Moudedefiléen organiséieren niewent der Geschäftswelt. Et ass jo kloer, dass dat Engagement vun den Diddelenger Leit do ass fir den Staatskär ze animéieren, et soll een net e falscht Gefill gi wéi wann näischt an der Diddelenger Stadkär wier well déi Leit déi sech dru bedeelegen, déi maache ganz vill, well hinnen Diddeleng a seng Geschäfte um Häerz läit. Dat als generell Remarque par rapport zu dem wat sech an Diddeleng deet.

Dee Volet mat der Sous-location den ass hei virgesinn, do mussen si dat ofschwätze mat eisem City manager do sinn si am Kontakt, do fueren si och iwwert d'Kommissioun an natierlech ass dat ze kontrolléieren, dass

dat op där anerer Säit dat net ze vill grouss Ausmoossen hëlt, natierlech muss ee wëssen, si muss och vun eppes liewen, et sinn nach ëmmer Independanten, ech brauch lech jo net ze soe wat dat och fir eng Aarbecht ass. Si froe sécherlech eng Kommissioun par rapport zu den Designer, deenen si dat zu Verfügung stellen, mee dat sinn alles Leit, déi si kennen an dat Engagement wat si aginn.

Made in Luxembourg, dat ass dat Engagement wat effektiv déi 2 hei droen an si halen och dorop. Dat ass e bëssen hir DNA, fir déi si och stinn. Voilà, dëst gesot géife mir op de Vote iwwergoen, mir huelen déi zwee zesammen: Wien ass mam Contrat de location an och de sous-location averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

4.10. Approbatioun vun der Deklaratioun vun net reglementéierte Recettë fir d'Budgetsjoer 2020

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech op deen nächste Punkt iwwergoen, dat ass Recettes non-règlementées vum Exercice 2021, dat si Recetten, déi mir kréien, déi net virgesi waren, dat ass vum Kont 2020, déi hei guttzeheesche sinn, dat sinn 130 961,20 Euro, do sinn natierlech déi Remboursementer, déi mir kritt hu fir déi Services, déi mir am Kader vun der Covidkris gemaach hu fir eis vulnerabel Matbiergerinnen a Matbierger, dat sinn och Remboursementer vu Fraisen, wou effektiv Gemengemobilier zu Schued komm ass a mir dat vun der Assurance zeréckbezuelen kritt hunn, dat sinn awer och déi Fotovoltaikinstallatiounen, déi mir hunn, d'Aspeisung, wou mir dann och Recettë kréien, respektiv dann och Recetten am Kader vum Genie civil, awer och am Kader vu Sponsoring oder Concerten, déi mir hunn, an Indemnitéiten, wou mir zeréckkréie vun Assurancen, wa mir Problemer hunn, zum Beispill an enger Schoul, dass eppes futti gaangen ass. Dat e bësse generell gesinn zu deem wat déi Recetten ugeet, e Montant vun 130 961,20 €. Ass de Gemengerot mat deene Recetten averstanen? **Dat ass unanime** an d'Gemeengekees freet sech och. Villmools Merci fir déi doten Zoustëmmung.

4.11. Approbatioun vun den Ännerungen um ordinäre Budget fir d'Geschäftsjoer 2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech iwwergoen op d'Modifikatioun, dat heescht Liste modificative du Budget 2021, do wann een d'Lëscht kuckt, gëtt gekuckt wat hu mir vu Méieinnahmen, respektiv vu Méiausgaben, do gesäit een, dass mir vu méi Einnahmen 1 052 500 Euro hunn a vun Ausgaben 983 235 Euro, sou dass mir an der Liste modificative e Boni hu vun 69 275 Euro, déi an d'Gemeengekees kommen, wat jo och an deem Sënn positiv ass. Hei gesäit ee vu Méieinnahmen, och Covid-bedéngt, de Remboursement Cigle Pass vum Staat bei der Museksschoul, dann awer och Kulturhauptstad 2022, dat ass haaptsächlech um Niveau vun de Recetten, dann awer och Ausgaben, déi mir méi hunn, notament am Kader vum Material am Kader vum Covid,

dann och d'Mise a disposition vu Main d'oeuvre vam Kader vun Arcelor Mittal, déi mir hunn.

Dann ass awer och de Volumen an d'Luucht gaange vu de Repas sur roues, do si méi Depensen och duerch dat, dann awer och déi ganz Ipads am Kader vum Enseignement, mam EducDesign, dann awer och graff gesinn déi zousätzlech Subsidien, déi mir de Sportsveräiner hei an der Gemeng, de Scouten an awer och Natur an Ëmwelt Veräiner ginn, déi dobäi kommen. Dat graff gesinn, mat e puer Reparatiounsarbechten, déi méi ausgefall sinn an eise Schoulgebaier, ech ginn elo net am Detail dorop an, dat si graff déi Themenfelder, wat ufält vu Méiausgaben, wéi et jo all Joer och de Fall ass. Si Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, ech hunn e puer Froen. Beim Flexibus si relativ vill Depensen dobäi komm, do waren 140 000 € virgesinn, do komme 47 500 € dobäi, dat gëtt dann e Montant vun 187 000 € dann, do ass meng Fro: Wouhier kënn dat? Ech hu gesinn, et ass och ausgeschriwwen gi fir en neie Kontrakt ze maache mat enger Firma, déi Flexibus mécht. Ass dat elo schonn en vue dovunner dass mir duerno méi deier mussen bezuelen? Dat ass eng Fro. Dann hunn ech zum Punkt Participation aux mesures scolaires aux élèves, do waren 1000 € virgesinn, do sinn der nach 1000 € dobäi komm, ass dat Summer School zum Beispill? Ech weess net wou déi Suen hirkommen. Wat ech dann awer e bësse bemängelen, dat ass, dass eng Onreegelméissegkeet bei deene Punkte vun de Subside fir d'Veräiner ass, do sinn an eisen Aen net déi korrekt Chifferen dran. Wann ech kucken, en tant que Dépenses antérieures, wann ech kucken Association Sport, do steet hei 42 000 €, do stoung am Budget, 45 000 €, respektiv krute mir bei der Opstellung zum Vote am Juli 20-21 rëm eng aner Zomm vu 36 385 € an do stinn elo grad beim Sport dann op eemol 20 000 Euro dobäi, dat ass awer net de Covid-Plus well dat ka jo net esouvill sinn. Dat hate mir awer och scho berechent an där Opstellung beim Vote am Juli an idem och bei de Scouten, do steet och e falsche Chiffer, do stinn elo hei 10 600 € an am Budget stinn 11 500 €. Voilà, do sinn e bëssen Onreegelméissegkeeten a besonnesch déi 20 000 € plus bei de Sportsveräiner, well do steet net Covid hannendrun, ech weess net wou déi hirkommen, dass mir do vun 42 000 op 62 000 € respektiv wéi am Budget steet, vu 45 000 op 62 000 € kommen. Dozou wollt ech e puer Explikatiounen kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, ech wollt nach nohake bei deem Punkt Flexibus, do sinn eis Stëmme zu Ouere komm, wéi wa vill eeler Leit oder Leit déi schlecht ze Fouss sinn, Problemer hätte mat deene Flexibussen, a wéi wann d'Konditiounen, wéi se eran- an erausklammen heiansdo net optimal sinn. Mir wollten duerfir froen ob déi zousätzlech Depense, déi elo virgesinn ass, villäicht am Zesammenhang domat hänkt, fir dass déi Bussen

elo méi convivial fir déi eeler oder schwéiergoend Leit ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, si soss nach weider Remarquen? Dat ass net de Fall. D'Claudia Dall'Agnol ka villäicht op deen zweete Volet vum Flexibus agoen. Ech ka just soen, dass mir hei méi Ausgaben hate well mir, dat war jo budgetär och net virgesinn, de Leit den Transport organiséiert hu fir an den Impfzentrum ze fueren. Ech hunn dat effektiv vergiess ze soen, dofir ass dat méi ausgaangen. Déi 1000 € méi, ech denken, dat ass am Kader vun der Summer School, ech kann dat nach eemol nofroen wat dat genau ass.

Par rapport zum Sport, dat sinn déi richtig Chifferen, dat heite gëtt vun eisem Comptabilitéitsservice, vum Här Poull, opgesat an ech ginn dovunner aus, dass hien hei déi richtig Chifferen dra gesat huet. A beim Sport, dat muss een all Kéier esou liesen, dass dat wierklech mam Covid ze dinn huet well dat dobäi kënn. Op alle Fall ass et an deem Kontext, hien huet do d'Opdeeling gemaach an ech vertrauen him hei mat deenen Zuelen, déi hien hei geliiwert huet well hien ëmmer ganz akribesch ass an der Opstellung vun de Konten a sech ganz rar iert an deem Schema. Ech froen et trotzdeem no, ech denken awer net, dass et falsch vum Comptabel opgestallt gouf, ech kann dat nofroen an lech déi Äntwert am nächste Gemengerot ginn, mee ech mengen, dass et vun der finanzieller Opschlëssung hei richtig läit. Dee genauen Detail kann ech lech gären eemol noliwweren am Gemengerot oder lech et per Mail zouschécke loossen, da kann de Patrick dat maachen. Dat kënn mir gär maachen. Ech ginn dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert fir de Volet vum Flexibus.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci, dass Leit net gutt eran- an erauskommen, Här Gangler, dat ass mir elo nei, dat ass un eis nach net erugedroe ginn. Wann Dir mir eemol konkret kënn e kleng Mail maachen oder soe wat de Problem ass, da ginn ech dat bei eisen Transporteur weider an da kucke mir ob mir do eppes kënnen änneren. Dat ass warscheinlech deen neien Elektrobuss, warscheinlech ass do d'Entrée anescht. Fir eis ass dat kee Problem, dofir ass dat vun eis kengem opgefall, mee wann et do e Problem gëtt, da mussen mir kucken ob mir do eppes kënnen änneren, mee sot mir konkret wat et ass, da kann ech dat mat hinne kucken an dat änneren. Wat d'Madamm Kayser gesot huet, et ass effektiv richtig, mir maachen eng Ausschreiwung iwwer 3 Joer an dann hoffe mir, villäicht esouguer besser ewechzecommen, mee dann hu mir eng Planungssécherheet a mir wësse wat eis dat iwwer déi nächst 3 Joer wäert kaschten. Mee soulaang déi Soumissioun net op ass, beim Budget wësse mir méi. Dat ass awer elo näischt Aussergewöhnlechtes mee voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, dat ass ganz gentil wann Dir dann nofrot wou déi 20 000 € bei den Associations locales sportives hirkommen, dann droe mir dat heiten och mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also, wéi gesot, per Mail kënne mir den Detail noliw-
wieren, den Detail vun der Unzuel, déi dragesat gouf,
dat ass effektiv kee Problem.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Ech wollt
just op d'Fro äntwere vun de Mesures de soutien, dat
hu mir geännert well mir hunn elo Kanner, déi kënnen
eng Pærdstherapie matmaachen an do hu mir e sup-
plementäre Budget dëst Joer dobäi gesat, déi 1000€,
déi ginn dann duer an d'nächst Joer wäerte mir dat als
Projet huelen. Mee mir wollten elo reagiere well et
fänkt elo Enn September un.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): A wéi ginn d'Kan-
ner selektionéiert dann? Dat ass jo interessant.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Dat leeft
net iwwer eis, si maachen eng Entrevue mat deenen
an och mat deene vu Monnerech. Déi Kanner ginn do-
hinner gefouert, da mussen mir och den Transport net
assurieren. Déi Kanner, déi gi scho gezielt ausgewielt
iwwer d'Direktioun a mir hu fonnt, dass dat eng gutt
Saach wier, dass dat de Kanner géif ganz vill bréngen.
Dofir hu mir dat ënnerstëtzt an dofir hutt Dir dat dëst
Joer à part an engem Budget gesinn, mir wollten dat
just eben esou schnell wéi méiglech nach maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Voilà, Merci nach fir déi dote Prezisiounen, da géif
ech zum Vote iwwergoen: Wien ass hei mat der Liste
modificative averstanen, esou wéi se hei presentéiert
gouf? **Dat ass unanime.** Da soen ech och villmools
Merci fir déi Méieinname fir d'Gemeengekeess.

4.12. Approbatioun vun Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Da ginn ech weider op d'Dekonten, dat sinn 18 Stéck,
ech géif se dann duerchhuelen:

Aires de jeux - Reamenagement (Phas 1) den Devis
330 000,00 € d'Depense 321.292,97 €

Neischmelz - Piste cyclable provisoire ronderëm de
Centre culturel an de Skaterpark, 50 000 € den De-
vis, 44 091,41 € d'Depense.

Neischmelz - Mise en place temporaire vun engem
Parcours de Circulatioun, den Devis 30 000 €, d'De-
pense 28.660,11 €.

Ribescher Schoul, Reparatioun vum Dag, 82 000 €
den Devis, 72 274,79 € d'Depense.

De Centre Hild – Remplacement vun der Sonorisati-
oun, den Devis 8.000,00 €, d' Depense 6.020,22 €.

Eise Kierfecht Rellent – Frëschaache vun der Fas-
sad, den Devis 30 000 €, d' Depense 29.421,17 €.

De CCRD - Remplacement vun der Console vum Toun,
36 000 € Devis a 36 000 € d'Depense.

Dann och de CCRD – Remplacement vun der Console

vum Eclairage, 35 000 € den Devis a 34.952,00 €
d'Depense.

Dann déi regional Museksschoul, Installatioun vun en-
gem Beamer am klengen auditoire, den Devis 15 000 €,
d'Depense 14 302,08 €.

Am Centre Doc d'Ersetze vun der Alarme Intrusion,
den Devis 7 500 €, d'Depense ass 3.397,21 €.

Am Service G.M.P., eis Schlässerei, do hu mir eng
Presse plieuse akaf, den Devis war 67.000,00 € an
d'Depense ass 59.648,00 €.

Am Service G.M.P., eis Schräinerei – Kaf vun enger See,
den Devis 55.000,00 € an d'Depense 42.820,00 €.

Am G. M. P. – eis Schräinerei – Kaf vun enger Ponceuse
à large bande 80.000,00 € den Devis an d'Depense
ass 65.990,00 €.

Am G. M. P. – Kaf vun enger Benn, den Devis 80.000,00 €,
d'Depense 53.252,55 €.

Elektreschen Auto am C. C. R. D., den Devis
30.000,00 € an d'Depense 29.954,00 €.

Camionnette – Gas- a Waasserwierk, den Devis
20.000,00 € an d'Depense 19.700,00 €.

Camionnette - Service forestier, den Devis 40.000,00 €
an d'Depense och 40.000,00 €.

Centre d'art Dominique Lang - Remplacement vun
der Chaudière, den Devis 17.000,00 € an d'Depense
15.085,98 €.

Voilà, da sinn ech duerch, dat sinn déi 18, wann Dir
mir awer elo Detail-Detailfroen stellt, da sinn ech er-
schoss. D'Froen sinn op. Da géif ech zur Ofstëmmung
kommen: Wien ass mat den Dekonten, sou wéi se hei
présentéiert goufen, averstanen? **Dat ass unanime.**
Da soen ech lech villmools Merci.

4.13. Festleeë vum Taux vun der Gewerbesteier fir d'Joer 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Dann, deen nächste Punkt, dat ass d'Gewerbesteier,
déi all Joer ze fixéieren ass. D'Gesetz gesäit e Mini-
mum vun 275% an e Maximum vun 350% vir. Hei ass
jo dann d'Gewerbesteier, déi mir fir d'Joer 2022 ze
stëmmen hunn an do ass d'Propos fir beim aktuelle
Montant ze bleiwen, also 350%. Ass de Gemengerot
mat deem Montant averstanen? **Dat ass unanime.**
Merci.

4.14. Festleeë vun de kommunale Grondsteuersätz fir d'Joer 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Da gi mir eriwier op den Impôt foncier, deen och ze
fixéieren ass fir d'Joer 2022, do hu mir déi verschidde
Kategorien:

- Kategorie A (propriétés agricoles et forestières) –
dat ass 500%.

- Kategorie B1 (constructions industrielles ou com-

merciales) - dat ass 750%.

- Kategorie B2 (constructions à usage mixte) - dat ass 500%.

- Kategorie B3 (constructions à autre usage) - dat ass 250%.

- Kategorie B4 (maisons unifamiliales, maisons de rapport) - dat ass 250%.

- Kategorie B5 (immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation) - dat ass 500%.

- Kategorie B6 (terrains à bâtir à des fins d'habitation) - dat ass 600%.

Dat heiten ass e Projet vun enger Deliberatioun, viraussichtlech bei 600% gelooss, mee awer oppe fir Diskussiounen, well mir jo an der Finanzkommissioun eng Diskussioun haten iwwer de B6, ob een dee wëllt adaptéieren, respektiv e Message no bausse ginn. Do gouf et keng unanime Meenung an der Finanzkommissioun, do goufen et verschidde Vuen, dat giong vu ganz héich usetzen, vu bleiwen oder liicht adaptéiere fir e Message ze ginn, dofir mengen ech hei beim Projet de délibération bei 600% gelooss an eben, vu déi Diskussioun, déi mir an der Finanzkommissioun haten, awer och dann d'Méiglechkeet ginn, awer och hei doriwwer ze diskutéieren an ze kucken ob mir wëllen eng Adaptatioun maachen, e Message no bausse ginn, wëssend, dass mir hei mat 600% plus minus eis alignéiere mat enger ganzer Rei Gemengen hei am Süden, déi och bei 600% sinn.

Anerer hu schonn e bësse méi, mee déi awer progressiv an déi dote Richtung gaange sinn, anerer, déi e gudden Krack manner hunn ewéi 600%, also d'Diskussioun ass op, ouni sech ze verschléissen enger Adaptatioun, déi ee kéint huele fir och e Message no bausse ze ginn. Mee, wéi gesot, déi Diskussioun soll hei awer gefouert ginn, well och aus der Finanzkommissioun net e kloren unanime Message komm ass, dofir ass et opgelooss fir sech ze fannen oder och net, ech weess elo net wéi d'Positiounen si vun deenen eenzele Fraktiounen. D'Diskussioun ass op.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter. Also, d'Grondsteuer festleeën ass en Akt, deen sech all Joer widderhëlt an och d'Meenung vun déi Léink dozou wäert sech all Joers widderhuelen an och d'selwecht bleiwen esoulaang sech um Tarif vum B6 näischt ännert. Ech si frou, dass den Här Buergermeeschter selwer seet, dass mir do nach kënnen driwwer verhandelen, dat ass scho mol e gudden Wee. Bon, mir sinn net grad um Maart mee villäicht begéine mir eis. Mir wëssen, dass eis Grondsteuer op de Wäert vum Objet gerechent gëtt an dass dës Wäerter säit dem 2. Weltkrich net méi adaptéiert ginn ass, de Staat ass domadder amgaangen an ech hoffen, et geet virun, well et ass déck néideg. Trotzdeem solle mir net drop waarden a virdrun awer aktiv ginn an dësem Punkt, Kategorie B6 bezitt sech op Bauterrain, dee brooch läit.

Ech mengen, heibannen ass keen, dee mir widder-sprécht wann ech soen, dass mir net nëmmen zu Did-

deleng am ganze Land e Wunnengsproblem hunn an an där Situatioun wou mir sinn, muss een einfach e kräftegt Zeeche setze fir ze weisen, dass et net ka sinn, dass Bauterrain net bebaut gëtt. An dass dat dann zu Spekulationszwecker oder anere Saache versuergt gëtt. Op Bauterrain soll a muss gebaut ginn, a wien dat net mécht, muss besteiert ginn, dat ass bestëmmt net dat eenzegt Mëttel fir Leit dozou ze beweegen awer bestëmmt eent zumindest fir en Zeechen ze setzen. Et ginn LSAP-Gemengen, Dikrech a Réiser fir se net ze nennen, déi sech getraut hunn, deen Tarif drastesch eropzesetzen. Ech mengen, Dir wësst et all, Dikrech huet et op 15 000% gesat, Réiser huet méi kleng ugefaangen a geet progressiv all Joer an d'Luucht.

Ech weess, 15 000% klénkt immens héich, mee et geet ëm Bauterrain, dee gebraucht gëtt an an deem Sënn froe mir, déi Léink, fir den Tarif vu 600% op 15 000% eropzesetzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Merci Madamm Erpelding.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, ech mengen d'Madamm Erpelding huet scho vill Saache gesot, mee bei eis ass et d'selwecht, wann ee vun dem Impôt foncier schwätzt, ginn d'Alarmgläcken un, wat d'Logementsskris am Moment ass an déi ass doduerch well sech näischt geännert huet. Déi Grondsteuer, déi fixéiert gouf, dat war 1941, dat ass zimmlech laang hir a wann ee mat den Nopeschlänner schwätzt an et seet een, dass een 100 Euro am Joer bezilt fir seng Grondsteuer, da laachen si eis aus. Dofir, mengen ech, ass et un der Zäit, dass mir do eppes maachen, virun allem gesi mir et esou, dass et sécherlech och en neit Zil wäert sinn, fir Immobiliëpräisser net erofzedrécken, mee op mannst ze stabiliséieren. Dat wier e groussen Schratt an dozou gehéiert déi Grondsteuer awer och eng Spekulationssteuer an ech mengen, ech brauch dat net ze widderhuelen, dat wësse mir alleguerten. Ech mengen, de Problem ass, mir sollen d'Leit net penaliséieren, mee motivéieren, Terrain zur Verfügung ze stellen a villäicht och ze verkafen. Ech verstinn, wa Leit Terrainen hunn an se net wëlle verkafen, ech weess net wéi ech reagéiere géif wann ech Terrainen hätt, mee ech géing se jiddefalls zur Verfügung stellen. Et ginn ëmmer méi Méiglechkeeten, wéi een dat ka mobiliséieren, sief et mat der ëffentlecher Hand, oder esouguer déi privat Promoteuren sinn ëmmer méi motivéiert fir sech an esou Projeten anzubannen.

Voilà, eis geet et dréms fir eng Steuer, eng Mobilisatioun vun den Terrainen ze kréien. Ech sinn elo net soulaang dobäi, dofir géif ech gär verstoen, wat 600 Prozent heescht. Ass dat vun der Grondsteuer ausgaangen, déi 1941 fixéiert gouf, mol 6? Well dat wat virdru gesot gouf, Dikrech huet seng Grondsteuer mol 6 multiplizéiert a wann ech 600 Prozent héieren, da weess ech net wou si mir drun? Woubäi ech bezuelen 120 €, dat ass sécherlech net ganz vill. Mir hunn aner Gemengen, lechternach, Hesper, Beetebuerg, Schieren ënnert anerem Dikrech, déi dat ugewant hunn, mol

2, mol 3, a villäicht kéinte mir als Gemeng e bësse kucke fir do e Feedback ze kréien, fir Best Practices ze kréien, fir ze kucken, wat do de Retour ass an ob dat villäicht e positiven Impakt op dat Ganzt huet. Fir mech bleift et eng Saach vun nationalem Niveau, ech mengen, dat muss grondsätzlech op engem nationalen Niveau beschwat ginn, a reforméiert ginn, quitte dass eng Autonomie communale dat Ganzt méi séier kéint ëmsetze wéi och op nationalem Niveau, wou ech awer trotzdem hoffen, dass mir nach 2 Joer hunn, mee ech sinn zouversichtlech an optimistesches, dass mir do eppes erauskréien. Dat gesot wëll ech soen, dass mir dat mat droen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, bis do op nationalem Plang eppes geschitt, dat schéngt jo awer nach e bëssen ze dauere well et ass jo bis elo net ganz vill geschitt. Anerersäits ware mir an der Finanzkommissioun awer ganz opmierksam iwwer d'Ausféierunge vun deem Bierger, dee gesot huet, et geet hei net drëms, un eng Valeur ze kommen, mee et geet drëms, en Ustouss ze ginn an de Propriétaire kloer ze maachen, dass si net kënnen op éiweg ëmmer nëmmen dee selwechten Taux bezuelen, dee jo awer immens niddereg ass. Mir hunn an eise Bestriewungen zum PAG jo och festgehalten, dass mir net de Perimeter erweideren, mee dass mir probéieren, méiglechst all fräi Baulücken an Diddeleng ze bebauen, an dofir musse mir dann och ënnerstëtzen, dass d'Leit en Incentive kréie fir hei eppes ze maachen.

Et gi vill Leit, déi hunn Terrainen an déi halen se fir hir Kanner, mee si wësse jo och, dass de Wäert vun hirem Terrain dauernd an d'Luucht geet a wa mir och e klengen Ustouss ginn, da géif dat de Leit och net allze vill schueden. Allerdéngs ass eis Iddi och éischter, e liichten Ustouss ze ginn, fir en Zeechen ze setzen, sou wéi dat an der Finanzkommissioun gesot ginn ass. Mir sträuben eis awer dogéint fir eng selwecht Prozedur ze maache wéi Dikrech, well anscheinend ass Dikrech um Verwaltungsgeriicht wéinst där dote Measure an et weess een net, wéi déi Saach ausgeet. Ech mengen, dass d'Stad Diddeleng net bekannt ass, dass se drakonesch Moosnamen hält a ganz kuerzer Zäit an d'Leit massiv belaascht. Mir probéieren ëmmer, all Ausgaben, déi op d'Leit zoukommen, e bëssen ze staffelen a lues a lues opzebauen, dofir fir eng drastesch Moosnam ze huelen, si mir op alle Fall net d'accord.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, ech gräifen dat op wat den Här Gangler gesot huet, well ech sinn och mat an der Finanzkommissioun an ech mengen, mir waren do op enger Linn, dass mir eis scho bewosst sinn, dass déi Situatioun sech esou ergëtt, dass mir musse reagéieren an dass mir och wëlle reagéieren, mee mir sinn och net e Frënd vun drastesch Moosnamen, op alle

Fall näischt wat d'Leit elo iwwerrascht, mee mir wëlen eng Iddi ginn, fir ze soen, et steet eis weiderhin op, dee Wee weider ze goen an ëmmer erëm eng Schëpp drop ze leeë wann et néideg ass. Ech wollt genau dat soen, wat den Här Gangler elo sot, dat gëtt hei ëmmer virgefouert, ech bewonneren dem Komerod Buergermeeschter vun Dikrech säi Courage, mee dat Schëff ass nach net an engem sécheren Hafen, dat heescht, dat ass um Verwaltungsgeriicht an et gesäit net derno aus wéi wann een domadder géif duerchkommen. Et ass elo net esou, dass mir dat elo scho kënnen huelen als Beispill an dass et esou fonctionéiert. Dat ass och e staarkt Zeechen, mee mir musse kucken ob et realistesch ass fir dat esou ëmzesetzen.

Ech sinn och der Meenung, sou wéi d'Vertriederin vun déi gréng gesot huet, dass mir sollen op Motivatioun setzen an och sollen oppe si fir nei Modeller, déi sech elo op nationalem Plang nach kënnen erauschielen, wéi ee kann nach Terrainen notzen an enger Zwëschenzäit, wéi d'Propriétaire kënnen mat agebonne gi fir Terraine provisoersch oder definitiv oder à long terme zur Verfügung ze stellen. Do ginn et villäicht vill Saachen, wou mir net drun denken, déi awer nach an Aarbecht sinn op nationalem Plang a wou gekuckt gëtt, en Etüde gemaach ginn, do soll een op bleiwen, well mir sinn och méi der Meenung, et soll een d'Leit éischter motivéieren ewéi strofen. An hei zu Diddeleng hu mir vläicht och eng ganz speziell Situatioun wat elo d'Propriétaires ubelaangt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kohn.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter, ech wollt just ergänzen, natierlech wiere mir dofir fir dat ze erhéijen a mir wieren och dofir, op dee Wee vun enger progressiv Erhéijung goen an net eng drastesch Measure, ech wollt just, dass dat kloer ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Prezisioun. Merci och fir déi Stellungnam. Ech hu mech bewosst am Ufank ganz kuerz gehalten, well ech wollt dréine loossen an Är Appreciatioun kréien. Fakt ass, dass mir eng Reform brauche vum Impôt fonctier an och vum B6 iwwer en nationalt Gefüge well effektiv d'Valeur vun den Terrainen op déi mir eis elo baséiere vum 1. Januar 1941 sinn an déi Valeure vun den Terrainen deemools, wat net d'Valeur vun den Terraine vun haut ass. Déi grefféieren sech op déi Tauxen, déi mir hei definéieren, dat heescht mir probéieren iwwer Tauxen eppes erëm ze huele wou eng aktuell Valeur net méi real ass, mir sinn also ëmmer bëssen à contrecoeur mir musse kucke wat ass déi richteg Valeur an dofir kucke mir wat ass um Impôt do sinn eng Rei Elementer, déi ganz aktiv lafen dass een an déi Richtung ka goen, niewent all deenen aneren Reglementer un deenen ee kann dréine fir Terrainen ze mobiliséieren an natierlech legislativ an dem Sënn mussen nobesseren.

Do ass eng Ausso gemaach ginn, fir eng ganz drastesch Erhéijung, bëssen nom Dikrecher Modell, ech

hunn do mat hirem Buergermeeschter geschwat, do sinn eng Rei Leit, déi d'Dikrecher Gemeng op d'Verwaltungsgericht geholl hunn an et wier net oninteressant wat do decidéiert gëtt vum Verwaltungsgericht respektiv deemno wéi et ausfällt, geet et virun d'Cour administrative an dann hu mer jo och d'Jurisprudenz an da wësse mir och, wou mir an där Fro dru sinn. Mir hunn hei zu Diddeleng jo déi Partikularitéit vun deenen Terrainen, déi am B6 sinn, dat sinn net onbedéngt hei Personnes morales sous forme vun Entreprises oder Immobiliären oder Fonds-d'investissements, déi hei Terrainen hunn, dat si virun allem agesiess Famillen, déi ee bis maximal zwee Terrainen hunn, déi Bauterraine sinn an déi wou e bësse suivéiert hunn déi Diskussioun dobaussen, do ginn et ganz interessant Etüden, déi vum LISER gemaach ginn, ee vun hire Chercheuren, den Här Paccoud, dee ganz ausgiebig op d'Diddelenger Situatioun an zwou Recherchen, déi hie gemaach huet an déi internationale Charakter hunn, agaangen ass.

Ech ka jidderengem hei nëmme wärmsten empfehlen, sech déi Publikatiounen duercheziesen, well déi gi ganz vill Opschloss iwwer d'Mobiliséierung vum Terrain generell, net nëmme Bauterrain, mee och generell och wann een aner Projeten hei zu Diddeleng wëll ëmsetzen an och dat ass e richtigen Challenge, well wéi gesot hei wéineg Personnes morales sinn, déi Détenteur vun deenen Terrainen sinn op strategesche Plazen. Dat als generell Ausrichtung. Ech verspieren hei, datt eng Bereitschaft besteet fir e Message no baussen ze ginn. Fir lech awer nach eemol ze verënnerlechen, wéi de Calcul awer fonctionéiert vun esou engem, soe mir Dir hutt en Terrain, ech ginn e plastesch Beispill, Dir hutt en Terrain, deen ass wéi gesot 5 000 Euro wäert, ganz pauschal, do ass den Taux d'assiette, dee spilt, deen ass vum Staat fixéiert zwëschen 0,7 an 1. Wa mir elo soen, mir huelen en Terrain vu 5000 Euro, wéi gëtt do de Calcul gemaach, 5000 Euro. 1% dovunner, dat si 50 Euro an op déi 50 Euro grefféiert sech dann all Kéier deen Taux, dee bäikënnt, deen hei am Gemengerot fixéiert gëtt.

Dat ass de Prinzip, wéi den Taux dann de Montant fixéiert, einfach e klasescht Beispill fir lech ze ginn, fir ze weisen, wéi déi Montanten zustane kommen, déi all Mënsch ze bezuelen huet, egal a wéi eng Kategorie, dass en hei passt. Dat einfach als plastesch Beispill. Mir kucken, wéi hei d'Gemeinde ronderëm sech situéieren, ech hunn de Prozentsaz virun net gesot mee ech weess wann ech kucken, den Taux wéi en déi leschte Kéier fixéiert ginn ass, progressiv si Beetebuerg a Réiser op 1 000 gaangen, Rémeleng läit bei 800, Déiferdeng an Esch bei 600, Péiteng och - mir sinn also méi bei deenen - Käerjeng läit bei 500%, Schëffleng läit bei 400% a Käl bei 340%.

Da gesitt Dir, wou mir eis elo de Moment situéieren, an d'Propos, déi ech wollt maachen ass dass mir an eng Richtung gi vun 800%, dat ass eng liicht Erhéijung, ouni dass et ze vill ass an awer ass et e Message, dass mir hei erhiewen an da mol fir dëst Joer bei 800%, also vu 600% op 800%, eropginn an dass mir kucken, dass déi aner Instrumenter weider entwéckelt

ginn, fir dass mir e richtigen Impôt foncier um nationale Plang imposéieren et ass dat wat ausschlaggebend ass, mir sinn op deem Wee well d'Gemengen amgaange sinn, hir PAGen eranzeginn, sou datt mer dann och déi richtigen Valeuren vun den Terrainen kréien..

Et ass och dat d'Base, déi eis erméiglecht, déi richtigen Tauxen a richtigen Valeuren ze kréien an e richtigen Impôt dann och ze fixéieren, well mir baséieren eis hei nach ëmmer op ale Valeuren. Also d'Propos, wéi ech hei eraus héieren hunn, ass fir awer en Usaz ze ginn, och wann et vill ass, ass hei d'Propos vun 600% op 800% eropzuegoen. Et ass awer och ze kucken, wéi aner Gemengen sech positionéieren, déi awer am Süde sinn, well mir eis hei am Süde positionéieren, well deemools hei och déi heite Chifferen am Kader vum PROSUD entstane sinn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Mat der Optioun fir all Joer dierfe méi héich ze goen oder?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Déi Optioun huet mir hei am Gemengerot, dat heescht mir kommen an de Gemengerot an da kënne mir doriwwer diskutéieren, ob mir wëllen op 800% bleiwen oder ob mir wëllen eropgoen, do si mir fräi fir ze decidéieren.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Kéint een dat dann net och festhalen, dass ee seet mir ginn all Joer 200% erop, an net waart bis d'nächst Joer an da seet een, elo awer net. Mee dass een et géif festhalen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech mengen, mir sollten all Joer hei an de Gemengerot kommen a wierklech eng Diskussioun hei féieren. Mir müssen dat souwisou decidéieren, ob mir zum Beispill bei 800% wëlle bleiwen oder weider eropgoe wëllen, dat muss mir hei diskutéieren. Och dat muss een am A behalen. Dofir mengen ech, déi aner Tauxe, do géife mir dobäi bleiwen an de B6 géife mir op 800% erhéijen.

Da géif ech votéieren: **Wien ass mat där Hausse averstanen? Dat si Stëmme vun LSAP, déi gréng, CSV an den Onofhängege Member. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat sinn déi Léink.** Villmools Merci och fir d'Diskussioun an Är Aschätzungen.

4.15. Verdeele vun ausseruerdentleche Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech op deen nächste Punkt agoen, dat sinn d'Subside-extraordinaires. Do sinn hei Subside vu 500€ fir d'Asbl "Rouspert-Mompech hëlleft" am Kader vun den Intemperien a fir d'asbl "musep" fir hire 50. Anniversaire. Si Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, mir fannen déi 500€ fir "Rouspert-Mompech hëlleft" e bësse schapppeg. Wann ech kucken, beim Tornado zu Käerjeng a Péiteng do hu mir e Crédit spécial vu 15 000 Euro gestëmmt, all Gemeng krut 7 500 Euro, souwuel Käerjeng wéi och Péiteng.

Mat deenen Iwwerschwemmungen, déi elo waren, dat war grouss Misär an dat war net „nëmmen“ an enger Strooss, mee do si ganz Stroossen, ganz Uertschaften, Mompech, Uesweiler, Buer, Rouspert, Steenem, do ass décke Misär a wa mir mat 500€ dohinner kommen, fannen ech dat e bësse schappeg. En plus ass och lechternach betraff an ech géif d'Propos maachen, dass mir substanzuell e méi héije Subsid ginn, wéi dat heiten. Schëffleng huet 2 x 10 000 Euro ginn, souwuel fir Rouspert-Mompech, wéi och fir lechternach. Ech denken, dat heiten ass kee gudder Message wa mir als Diddelenger Gemeng just 500€ ginn, fir déi Gemengen, déi do décke Misär hunn a vill Leit mat Bulli an der Garage stinn oder d'Degate kucke vun hiren Haiser, do géif ech de Schafferot froe fir dat ze iwwerdenken. Ob mir elo op de Wee gi vun engem Crédit spécial wéi beim Tornado oder e substanzuellen Don ginn an net nëmme Rouspert-Mompech mee och lechternach, déi hunn och eng Asbl lechternach hëlleft, dass mir déi net vergiessen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech muss soen, wéi ech et gelies hunn, hunn ech mir och geduecht, dat ass awer net vill, mee geet do d'Initiativ aus vun deene Mompecher a misst dann elo lechternach selwer ufroen an da kënnen mir en Don maachen oder?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Nofro. Also, mir sinn hei vun enger Gemeng gefrot ginn, dat ass Rouspert-Mompech, an dorop äntwere mir.

Wann déi lechternacher Kollege Bréiwer verschéckt hu fir e Subsid ze kréien, der Gemeng Diddeleng hunn se kee Courier zoukomme gelooss fir e Subsid. Mir kënnen dat natierlech nach ëmmer maachen, ech well hei och soen, dass niewent dem Subsid mir och eng Rei Mataarbechter vun der Gemeng detachéiert hate fir souwuel zu Rouspert-Mompech ze hëllef awer och zu lechternach. Mir hunn den Don vu 500 € hei dra gesat well mir an engem viregte Gemengerot, wéi och Iwwerschwemmungen waren, déi net negligeable waren, Reckeng-un-der-Mess, do hate mir och 500 € ginn, also mir hunn eis no deem Montant hei alignéiert. Ech well net an eng Diskussioun kommen, dass déi elo manner betraff waren, déi waren zu engem anere Moment och hefteg betraff.

Also, wéi gesot, ech well net Konkurrenz vu Subsiden zu Gemengen déi zu verschiddene Momenter anescht betraff waren an déi selwecht Problematik haten, dofir hu mir eis hei un dee Montant alignéiert. Ech verschléisse mech net. Dat war e bëssen d'Logik vun deene 500 €, soss hätte mir och deene Reckenger kéinte méi ginn, do war awer hei am Gemengerot keng Diskussioun. Déi waren an der selwechter Situatioun.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech mengen, dat heiten ass vun der Envergure awer méi e grousser Schued a kënnst éischter un déi Tormadoschied erun.

Do si ganz Landstrécher, dat alles laanscht d'Sauer, wou vill eenzel Leit an och déi Leit op de Campingen, déi net méi existéieren, dat ass e bëssen anescht wéi Reckeng. Ech well natierlech elo och net ee géint deen aneren ausspillen, mee awer 500 € dat ass awer aarmséileg.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Solle mir op 1 000€ eropgoen? OK? Verduebelen? Jo? OK, gutt. Ouni hei Neid ze schüre vu Gemengen, déi awer a schwierige Situatiounen waren. Ech verstinn d'Ufro an awer ass et sensibel, well mir hei bei Gemenge sinn, déi plus minus d'selwecht betraff waren. Well do ware Bierger, déi an där Situatioun waren an och Gemengeninfrastrukturen. Och wéi hei d'Kollege vu Rouspert, Mompech. 1000 € dann. Ass de Gemengerot mat deenen zwee Subsiden an där Héicht averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

4.16. Approbatioun vum Reglement fir d'Aféierung vun enger Regelung vun de Bähëllef fir natierlech Persounen fir d'Fördere vun der rationeller Energienotzung an d'Entwécklung vun erneierbaren Energien

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op deen nächste Punkt, dat ass d'Reglement fir d'Kommissioun vun der Energie.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, et ass näischt ganz Neies, et ass eng Upassung un dat Reglement wat mir 2013 am Gemengerot gestëmmt hunn. Dir wësst, dass mir am Kader vun de STEP-Gemengen, déi 5 Gemenge Réiser, Käl, Diddeleng, Beetebuerg a Rémeleng, do haten deemools déi Service-écologique fir d'éischt e Reglement ausgeschafft fir déi 5 Gemengen, dat war 2013 an entretemps musse mir dat un déi aktuell Gegebenheeten upassen an do hunn déi 5 Service-écologiques sech zesummegeesat an déi néideg Saachen ënnerholl fir dat unzepassen an dofir sinn ech frou, dass de Patrick Hoss bei eis ass fir dat ze presentéieren, vu dass hien dru geschafft huet an ech géif him d'Wuert ginn, fir eis duerch säi Reglement ze féieren.

PATRICK HOSS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Merci, wéi de René Manderscheid et sot, dat Reglement ass an Zesummenaarbecht mat den 4 aner Service-écologiques vun de STEP-Gemengen ausgeschafft ginn. Mir hunn eis do op e Règlement-type vu MyEnergie baséiert, et ginn e puer Ännerungen am Reglement, zum Virgängerreglement, et ass och esou, dass an deem heite Reglement Assainissement, elektresch Haushaltsgeräte a Mobilitéit an engem Reglement zesummegefaasst sinn. De Kader, dee fir dat Reglement hei steet, dat sinn déi üblech Konventiounen, déi mir agaangen sinn, wéi zum Beispill déi mam Klimabündnis, de Baitrëtt zum Klimapakt 2, de Baitrëtt zum Covenant of Mayors, da baséiere mir eis op d'Gesetz vum 16. Abrëll 2021, wéi dat och modifizéiert ginn ass an ech stellenlech dann elo déi eenzel Mesuren aus deem Reglement fir. Et ginn am Artikel 2 ënnert verschiddene Punkten d'Hëllef vun der Promotioun vum no-

haltege Bauen, vun der rationeller Energienotzung an den erneierbaren Energien an och vun der Effizienz vun Haushaltsgeräte behandelt. Deen Artikel, deen nei an dat Reglement bäikomm ass, dat ass den éischte Punkt aus dem Artikel, mir schléissen eis mat eise Reglement un un dat staatlecht, déi fir en nohaltegen Hausbau eng Prim vun 160 € pro Quadratmeter, awer limitéiert op eng Wunnfläch vun 150 m² ginn, dat heescht 24 000 € maximal kann ee vum Staat kréien a mir schléissen eis do u mat enger Prim vun 10%.

Nohaltegen Hausbau heescht, dass déi Haiser, déi wëlen an de Genoss vun där Prim kommen, musse 60% vun de Mesuren, déi am Lenoskatalog opgefouert ginn, ëmsetzen. Am Lenoskatalog si 66 Kritäre formuléiert, déi betreffen d'Ekologie, déi betreffen d'Installatiounen an d'Fonctionalitéit vum Gebai. Ech ginn net am Detail dorobber an, well d'Lenoshandbuch huet 81 Säiten, wann een sech wëll domadder auserneeetzen ass ee geplot wann en e Subsid wëll beantragen. Beim Assainissement war et esou, dass mir am viregte Reglement spezifesch Mesuren determinéiert haten, déi déi 5 Gemengen ënnerstëtzt hunn. Dës Kéier iwwerhuele mir alleguerten d'Mesuren aus dem staatleche Reglement a subventionéieren déi nach eemol mat 25% vum staatleche Reglement. Dorënner falen dann d'Isolatioun vun de Baussemaueren. Isolatioun vun de Baussemauere vu baussen a vu bannen, dann déi eenzel Dallen, den Daach, an och Fënsteren an Dieren. Déi ënnerschiddlech Montanten, déi kommen doduerch zustanen, dass jee no U-Wäert vun den Isolatiounsmaterialien, déi ee benotzt, ginn déi Subventiounen ausbezuel. Bei den techneschen Installatiounen ass et esou, dass mir och do net esou wéi am Virgänger Reglement wou mir just e puer Punkten eraus gegräff haten, alleguerten déi Mesuren déi vum Staat subventionéiert ginn, och subventionéiere mat 25%. An der Iwwersiicht do gesitt Dir wéi vill dat am Eenzel aus mécht, ech huelen un, dat heiten Dokument kritt Dir och nom Gemengerot zougestallt wou Dir déi eenzel Zuelen do kënnt nokucken.

De Conseil en énergie, deen ënnerstëtze mir och weider, deen ass essentiel bei Assainissementer, well ouni dee kann ee keng Subside vum Staat ufroen a wann ee keng beim Staat kritt, da kritt een och keng bei der Gemeng, well de Gemengereglement bleift mam staatleche Reglement hänken. Also ënnerstëtze mir de Conseil en Energie genau esou weider wéi dat am ale Reglement de Fall war. De Punkt 5 ass en neie Punkt, dee mir an dat Reglement hei opgeholl hunn, et ass awer elo net einfach esou, dass mir erëm wéi bis 2008 den Akaf vun energieeffizienten Haushaltsgeräte ënnerstëtzen, mir ginn hei mat deem Punkt op eng Fuerderung vum Klimapakt an, et ass e Programm wou soll opgestallt gi fir den Austausch vun ale Geräte duerch nei energieeffizient Geräte ze ënnerstëtzen. Hei ass et esou, dass mir Frigoen, Tifküler, Wäschmaschinen an Trockner ënnerstëtzen an de Bierger, deen déi Ënnerstëtzung ufreet, dee muss noweisen, dass säin aalt Gerät iwwer de Recycling-Taxi vun der Gemeng ofgeholl ginn ass, dat ass Konditioun dass dat aalt Gerät och wierklech aus dem Verkéier

gezu gëtt an duerch en Neit, energieeffizient Gerät ersat gëtt.

Am Artikel 3 zu den Aiden déi Mobilitéit betreffen, do kommen och e puer Punkten dobäi. Mir hunn eist aalt Reglement wat d'Subventionéiere vun de Véloen ugeet, doranner integréiert. De Véloscasque gëtt och nach ëmmer subventionéiert. Dobäi kommen dann d'Ënnerstëtzung vun den neien elektreschen Autoen, vun de Borne fir d'Autoen opzelueden an nach vun de Véhicule-légeren, well déi och am staatleche Reglement mat dra stinn. Do ass eng Iwwersiicht vun den Hëllef, déi mir ginn. Et ass esou, bei den elektreschen Autoe schreiwe mir dran, dass mir 10% vun der staatlecher Subventioun ginn, bei engem Maximum vu 500 € obwuel de Staat 8 000 € gëtt, dat ass awer nëmmen an der Iwwergangszäit wou si gesot hunn, well si maachen do en extra Effort. Et ass domadder ze rechnen, dass si herno erëm op déi 5 000 € zeréckkommen, wéi et virdru war. Et ass och esou, dass mir mat eiser Upassung e bëssen hannendrun hippen, well dat mat de STEP-Gemengen net esou ofgelaf ass wéi mir eis et virgestallt hunn, dat staatlecht Reglement wäert och deemnächst erëm iwwerschafft ginn, awer do wäert et éischter an déi Richtung goen, dass net Mesuren iwwerschafft ginn, mee den administrative Prozess fir kënnen an de Genoss vun de Subsidien ze kommen, dee soll de Leit erliichtert ginn.

Dat Reglement soll réckwierkend op den 1. Mee 2021 a Kraaft trieden, well do och d'Modifikatioun vun dem staatleche Reglement a Kraaft getrueden ass, dat heescht, déi Leit, déi nom 1. Mee eventuell en elektreschen Auto kaf hätten an dann an de Genoss vun engem staatleche Subsid kommen, déi sollen natierlech och an de Genoss vun engem Subsid vun der Gemeng kommen. Dat wier et zu deem Reglement.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Da soen ech dem Patrick Hoss Merci a wëll nach dobäi soen, dass mir an der Kommissioun dat doten och diskutéiert haten, dat war den 8. September an d'Ëmweltkommissioun war unanime der Meinung dass et OK wier fir dat esou dem Gemengerot ze presentéieren an dann, wéi gesot, ze diskutéieren.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter, mir hunn eis elo d'Fro gestallt, déi Obligatioun fir de Recycling Taxi ze ruffe fir en alen Apparat ewechzehuelen, kann een awer do hoffen, dass dee Switch och relativ zäitno fonctionéiert? Ech wëll mengen, dass wann den Elektriker seet, den Donneschdeg kritt Dir Ären neie Frigo, dass dann den Taxi och ongeféier an engem gläichen Delai deen ale Frigo siche kënnt, net dass een eng Woch ouni Frigo oder Wäschmaschinn do sëtzt.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert, Merci och fir déi Presentatioun an der Ëmweltkommissioun. Ech hunn awer nach e puer Detailler, mir fannen et och gutt, dass déi STEP-Gemengen sech zesummesat hu fir en eenheetlecht Reglement auszeschaffen an dass déi Reglementer, déi mir bis elo

haten, dat vun 2013, dat gött elo hei zesummegeesat mat dem Pedelec-Reglement vun 2015, dat hunn ech allerdéngs net um Internet fonnt. An dann hu mir de Subsid fir Eaux pluviales, dee bleift jo nach bestoen, deen ass net hei dran.

Ech fänken dann eemol hannen u mam Artikel 4, wéini dat a Kraaft trëtt, dat ass jo da retroaktiv op den 1. Mee 2021. Fro: Gëlt deen Datum fir de Kafvertrag oder ass d'Ausbezuale vum Subsid vum Staat ausschlaggebend oder den Datum vum Kafvertrag? Dann, am Artikel 3, do si Subventiounen fir d'elektresch Autoen a Bornen, wat versteet een ënnert engem "Véhicule léger neuf"? Ass dat en elektresche Vëlo, deen elo méi séier geet wéi 25 Km/h oder ass dat en elektresche Moto oder déi elektresch Trotinetten? Mir hu jo och Leit, déi mat Rieder iwwer d'Stroosse fueren, ass dat alles do dran?

Dann hat ech och schonn nogefrot am Service écologique, déi elektresch Autoen sinn awer zimmlech deier a vill Leit ginn op de Wee vum Leasing. Wann een elo e Leasing mécht, da kritt een d'Prim vum Staat verrechent a sengem Leasingvertrag. Leider, krut ech gesot, ass et net méiglech fir déi Prim vun der Gemeng, déi kritt een net, wann een e Leasing mécht, also et muss ee schonn den Auto kafen? Well et jo fir Personne-physiquen ass. Dat ass e bësse schuet, mee bon.

Dann, bei de Bornen, do sinn elo och vill Leit, déi awer keng Platz hu fir sech doheem eng ze installéieren oder d'Infrastruktur gött et net hir. Do dann och eng Fro: Wann de Fuerpark un elektreschen Autoen eropgeet, am Moment gesäit et jo esou aus, wéi wa mir nach iwwerall genuch Chargeuren hätten, an da misst d'Gemeng dann awer och kucken, wou nach weider Bornen installéiert ginn, wann dann d'Demande an d'Luucht geet.

D'elektresch Apparater, do gött et zanter Mäerz eng nei Kennzeechnung. Dat wat elo A +++ war, dat gött elo A, dat heescht, déi Uspréich wieren awer zimmlech héich. Dat heescht, e Frigo, déi bis elo A +++ war, deen ass elo C. Déi Kritäre sinn elo nach vill méi streng ginn. Am Oekozerter hunn se mir gesot, fir Trockner wier keng Kennzeechnung awer nach ëmmer A+++, ech hunn dat gesicht um Internet, ech hunn awer elo näischt fonnt. Net dass mir dat do falsch an d'Reglement schreiwen. Dat misst villäicht nach nogekuckt ginn. Wat eis elo net esou gutt gefall huet, dat sinn déi 5 Joer. No 5 Joer kann een erëm en neien Apparat kafen, quitte dass een dee muss austauschen, mee 5 Joer fir eng Wäschmaschinn ass awer net laang, déi Apparater ginn normalerweis méi laang, mir hätten do léiwer 10 Joer am Reglement stoen. Am Réidener Kanton, do gött et eng Prim fir Reparaturen, dat ass eng Iddi, déi eis ganz sympathesch ass, fir Electroménager, déi heescht Prime pour la réparation d'un appareil classé A ou A+++, 50% du Montant des frais de réparation plafonnés à 100 €. Dat fanne mir eng gutt Iddi a villäicht kann een dat jo nach an d'Reglement mat eranhuele fir dee Message och ze ginn, mir liewen an enger Wegwerfgesellschaft dass ee soll op

de Wee goe vun der Reparatur amplaz direkt nei ze kafen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, ech wollt nohake bei deem wat d'Madamm Heinen elo do gesot huet. Effektiv sinn ech mengen ech der Meenung, dass mir och um Klimapakt nach zousätzlech Punkte kéinte kréien, wa mir op de Reparatur-Terrain ginn, net nëmmen den Austausch mee ech mengen, Reparatiounen, dat féiert zu esou Saachen, et gött nach zousätzlech Punkten a Klimapakte fir déi, dofir wier déi Iwwerleeung effektiv net schlecht fir dat iergendwann ze realiséieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Gött et nach weider Stellungnamen?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, also eigentlech ass et jo, do ass all Mensch d'accord, dass et gutt ass déi duuss Mobilitéit a Moossname fir Energie ze spueren duerch Subsiden ze ënnerstëtzen. D'Reglement ass och ganz gutt, e bëssen schuet ass et, dass déi Primmen iwwer déi mir schwätzen, virun allem an der Mobilitéit net deene finanziell schwaach gestallte Stéit a Persounen entgéint kommen. Wee sech en neie Vëlo, Pedelec oder souguer en Auto ka leeschten, ass net onbedéngt op déi Prim ugewisen, wat awer net heescht, dass en se net soll kréien, dat wëll ech betounen. Et ass just schuet, dass een net ka virgesinn, e Modell ze maache fir Leit, déi sech Occasionsvëloer kafen oder fir hir Kanner. Ech weess, et wier méi schwierig ze kontrolléieren, mee villäicht kéint een e Wee do fannen, och fir deene Leit entgéintzekommen.

Bei den elektreschen Apparater, ech verstinn, firwat se solle vum Recycling-Taxi ofgeholl ginn, dee kascht awer dann erëm Suen an ech froe mech ob et net géif eng Méiglechkeet ginn, wann ech bei en Elektriker hei am Duerf ginn, dee bréngt mir meng Spullmaschinn oder iergendeppes anescht an hält déi al erëm mat. Ech weess net ob et do géif eng Méiglechkeet ginn, dass deen da géif certifiéieren, dass deen dat och recycléiert an dass dat och kéint villäicht gültig sinn. Et geet jo dorëms, dass et net weider a Betrib bleift, mee wann se futti ass, dass dee kéint e Certificat ausstellen. D'Iddi vun der Reparatiounen, dat hat ech nach net héieren, dat fannen ech awer ganz gutt an ech géif et och gutt fannen, wann dat am Reglement wier. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

PATRICK HOSS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Wat déi éischt Interventioun ugeet vum Här Gangler, d'Delaie vum Recycling-Taxi, dat muss een dee Moment kommunizéieren. D'Leit informéieren sech jo am normale Fall bei eis, wéi de Prozess ass fir e Subsid ze kréien, si ruffen dofir un, mir schwätzen och mam, déi

Kommunikatioun un den Handel bei de lokale Betriber während mir déi Subsiden och erausginn an se dorop opmierksam maachen, dass d'Leit fréizäiteg hire Rendez-vous sollen ufroen, wann se wëssen, wéini si hiert neit Elektrogerät eriwwer kréien. Jo, de Recycling-Taxi ass duerch en Taxereglement festgesat, et muss een allerdéngs soen, dass déi Taxen esou minim sinn, de Moment kascht d'Ofhuele vun engem Elektrogerät, egal wéi grouss dat ass, 2€ pro Gerät, Dofir mengen ech, ass dat nach vertrietbar. Wann awer elo de Gemengerot befénnt, dass dat soll anescht gereegelt ginn, da muss een eng Formule fanne fir an d'Dokument anzesetze wéi een dat mat de Betriber kann ofwéckelen.

Den Delai fir d'Subventioun war ugeschwat ginn. Et ass natierlech esou, mir kréien, oder besser gesot, déi Persoun, déi e Subsid ufreet, déi kritt déi Confirmatioun vum Ministère de l'Environnement an do steet dann dran no wéi engem Reglement hien de Subsid ausbezuelet kritt huet. Wann déi Leit eng Demande stellen an hiert Subsid no dem Reglement vum 16. Abrëll 2021 ausbezuelet kréien, da kréien se och e Subsid vun eis, wann se awer elo en Auto subsideiert kréie mat dem viregte staatlechen Dokument ausbezuelet gëtt, da kënnen mir dat net subventionéieren.

D'Chargybornen, dat ass de Service Circulation, deen sech dorëms këmmert, si observéieren, wéi de Besoin dofir ass a wann si gesinn, dass op enger Plaz d'Noutwendegkeet besteet fir weider nozerüsten, da wäerten si déi Demande maachen.

Dat mat der Energieklassifizéierung fir de Wäschetrockner, dat muss ech nokucken. Wann dat esou ass da musse mir do d'Reglement nach eemol upassen an do A +++ drasetzen. Wat d'Decisioun ass fir op esou e Subsid fir pro Elektrogerät nëmmen all 10 Joer soll ausbezuelet ginn, mir haten et an der Ëmweltkommission, wou et am Prinzip duerchgaangen ass. Wann elo d'Meenungen anescht sinn da muss dat hei decidéiert ginn.

Véhicules légers, dat si Quadricyclen, Motocyclen, liicht Motocyclé bis 125 Kubik a Cyclomoteuren dorëner falen Scooter an ebe Pedelecken, déi méi schnell ginn, Pedelecs 45. Déi Fro vum Occasionsvélo, fir deen ze subventionéieren, déi war och ënner deene 5 STEP-Gemengen diskutéiert ginn, et war eng Gemeng, déi dat schonn eemol ëmgasat hat, dat war d'Gemeng Beetebuerg.

Ech weess elo net ob si dat nach weiderféieren oder net, et waren awer wierklech do déi Leit, déi an de Servicer geschafft hunn, déi waren sech eens an der Meenung, dass den administrativen Opwand fir dat ze kontrolléieren relativ grouss ass an dass do och Méiglechkeete gi ginn, fir e Vélo ënnert Kolleegen oder an der Famill e puer mol hin an hier ze verkafe fir esou e puer Suen an d'Kees eranzekréien. Dofir hu mir dat op der Säit gelooss. Dann dat mat der Reparatioun, dat ass eng Decisioun, déi de Gemengerot misst huelen ob esou e Subsid soll dobäikommen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): De Patrick Hoss huet op alles geäntwert, ech wëll just 2 Saachen noschéissen, effektiv bleiwen ech bei der Meenung, dass mir sollen de Recycling Taxi bäibehale fir dass mir och eng Kontroll hunn iwwer déi Demarche an ech erlabe mir ze bemierken, dass déi 2,50€ bal fir jidderee machbar sinn, zumools wann een sou en Apparat keeft dee e bësse Valeur huet, missten déi 2,50€ awer nach méiglech sinn. Dat anert fannen ech eng gutt Iddi vum Réidener Kanton, dass si dat mat der Reparatur an den Reglement geholl hunn a mat subventionéieren dat géif ech proposéieren, dass mir dat dann esou an eist Reglement integréieren, dass mir dat da beloune wann een am plaz ex und hopp, dass een dann awer kuckt fir dat ze flécken. Dass mir dat nach bäi huelen an da géif ech an dem Sënn zur Ofstëmmung kommen. Jo, d'Monique Heinen huet gefrot virum Här Martini.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, elo mat de 5 Joer, 10 Joer, ech ka mir virstellen, dass wa mir dat mat der Reparatur mat eranhuelen, dann ass dat fir eis OK.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech verstinn dat mat der Reparatur net, ech verstinn et wierklech net ech hunn schonn oft probéiert en Elektrogerät oder sou flécken ze loossen, mee et fléckt kee mir eppes, an ech hätt gärten esou e Subsid, ech géif dat gärten eran setzen ech géif et méi sënnavoll fanne wa mir éischerter eppes kreéiere wou s de deng Wäschmaschinn kann hi brénge fir et gefleckt ze kréien. Mais wa mir en Subsid maachen dat bréngt guer näischt well ech fanne kee méi, deen eppes fléckt. Also, et ass ganz schwier ech hunn eng Stereosanlag doheem, déi gesäit fonkeleni aus ech fanne kee méi, dee mir e Stéck ka flécken. Déi ass freckt an dat ass eng deier gewiescht.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): D'Propos vu menger Säit aus ass, d'Reglement gëtt elo ofgestëmmt mir kucken eis awer un, wat mir vu Réiden kënnen à la lettre zougeschéckt kréien, kucken eis dat un, kucken eemol driwwer an da kënnen mir ëmmer nach dat doten noschéissen an dat Reglement wat mir haut nach ofstëmmen oder net, mee jiddefalls géif ech dat als Ajoute maache fir déi nächste Kéier.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn en Ajout ze maache fir dat am Reglement ech fannen dat néierens wou dat dran steet mat den 5 Joer an dann nach eng Fro mat de Véloen, wéi geet dat geet dat pro Stot mat den neie Véloen? Wéi ass et wann een ee fir d'Kanner elo keeft well d'Rechnung geet jo net op e Kand. Wéi ass do d'Virgab, wéi et gehandhaabt gëtt?

PATRICK HOSS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Et ass esou, dass dat mam Vélosreglement do hänke mir och hantert dat staatlecht Reglement de Kanner hir Véloe ginn och subventionéiert. Dat heescht, d'Demande gëtt vun engem Elterendeel gemaach mee am Subventionsbescheid fir de Vélo steet den Numm vum Kand dran an dat gëtt natierlech vun der Gemeng subventionéiert.



Dat anert steet am 2. Abschnitt ënnert der Tafel mat de Geräter, déi subventionéiert ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): A bei de Vëloen ass keng esou eng Limit? Wéi oft ee kann ufroe fir e Vëlo.

PATRICK HOSS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Dach, bei de Vëloen ass et de Staat, deen d'Limit festsetzt, all 5 Joer nëmme kritt een e Vëlo subventionéiert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech géif dann deen Text, dee mir virleien hunn, zum Vote iwwer-goe loossen, mam Versprieche, dass mir déi Saach vu Réiden mat der Reparatur nach eemol mathuelen an d'Ëmweltkommissioun an dann, wann et do positiv opgehoill gëtt, nach an de Gemengerot ginn, fir dat mat eranzehuelen. Gesitt Dir dat och esou? Da soen ech lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir zum Vote iwwer: Wien ass mat deem Reglement averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

5. ORGANISATION VU VERANSTALTUNGEN AM ËFFENTLECHE RAUM

5.1. Approbatioun vum Reglement

5.2. Creatioun vun engem neie Kapitel 39 vum allgemengen Taxereglement – weiderbenotzbar Becheren

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir op dat nächst Reglement iwwer goen. Et ass d'Organisatioun vun de Manifestatiounen am ëffentleche Raum an och an eise Gemeindegebaier. An och do géif ech dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, dat Dokument dat Dir hei virleien hutt, dat ass d'Aar-becht op Grond vun enger Motioun, Resolutioun déi mir am Gemengerot 2019 geholl haten, wann Dir lech kënnt drun erënneren. An ech hu mir d'Artikelen aus de Press gehalen. Do war d'Euphorie relativ grouss an der Press "Eine Zukunft ohne Einwegplastik". Dat heescht, mir wollten an Zukunft eis Fester nohalte gestalten.

Mir haten dunn den Opdrag kritt gehat vum Gemeengerot, dass mir géifen an eiser Kommissioun an an

eisem Service écologique, a mat eisem Service Fêtes et manifestations, en Dokument ausschaffe wéi eem mat de Veräiner kann an Zukunft e Fest organiséiert ginn. Mir hunn dat och d'lescht Woch, oder d'virlescht Woch, an der Ëmweltkommissioun, den 8. September laang a breet diskutéiert an och do ware keng gréis-ser Diskussiounen, an dem Sënn, dass mir um falsche Wee wäeren. Par contre, d'Ëmweltkommissioun huet dat och plus ou moins esou approuvéiert wéi mir dat hei virleien hunn. An, ech géif da proposéieren, dass de Patrick Hoss eis eng Kéier doduerch féiert. Net ze vergiessen, dass mir mat de Veräiner awer wäerten déi Sitzung déi am Januar 2021 geplangt war, déi ass jo eben duerch Covid ausgefall, dass mir wäerten, wann d'nächst Saison rëm ugeet, am Januar 2022 dann déi Sitzung mat de Veräiner nach ee Mol nohuelen, wou si dat dann och virgestallt kréien. An dann och virgestallt kréie wéi mir hinne kënnen an Zukunft bei hire Fester besser hëllefen.

PATRICK HOSS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Merci. Also, de Kader fir dat heite Reglement ass, wéi de René Manderscheid sot, déi Resolutioun, déi de 15. November vum Gemengerot geholl ginn ass a dann awer och erëm de Klimapakt, d'Klimabündnis an de Covenant of Mayors an och d'Null-Offall-Strategie vun der Regierung, well dat Vermeide vu Plastik gëtt a ville Punkte vum Klimapakt och ugefrot a gëtt do och bewäert. Déi Artikelen, déi also an Zukunft net méi solle verwennt ginn oder déi verbuede sinn, dat ass – oder ech ginn nach eng Kéier zeréck. Den Artikel 1 ass mir duerch-gaangen hei. Also, déi Manifestatiounen, déi betraff sinn, dat sinn alleguerten d'Manifestatiounen, déi op enger ëffentlecher Plaz stattfannen, déi fir de Public sinn oder déi an engem Gebai, wat vun der Gemeng zur Verfügung gestallt gëtt, wou e Club eng ëffentlech Manifestatioun dran ofhält, fir all déi Manifestatiounen gëllt dat heite Reglement.

Déi Saachen, déi dann net méi erlaabt sinn, am Ee-Wee-Plastik, dat si Becheren, Stréihällem, Couverten, Telleren, Plastikstuten, Ballonen, Konfetti, Fuesbän-necher aus Plastik oder och déi Banderolles-Sprayen, well mir gemierkt hunn, dass domat eis Säll, de Buedem ëmmer zimmlech verknascht, dat bleift also um Buedem pechen, soll also och verbuede ginn. An d'Doggy bags, dat heescht, dass een säi Reschtiesen an enger Plastikstut mat heem kritt, dat soll och net erlaabt sinn, well een haut op d'Alternativ vun der Ecobox kann zeréck gräifen. Dann ass et och esou, dass am neien Offallgesetz – wat hoffentlech deem-nächst eng Kéier an der Chamber wäert gestëmmt ginn – ass am Projet vun deem neien Offallgesetz gëtt och den, eng ganz Rei vun Saachen, Ee-Wee-Saachen, déi aus kompostéierbarem Plastik sinn, déi ginn och net erlaabt. Dofir, Ee-Wee-Saachen déi kompostéierbar sinn a vun eis nach erlaabt ginn, da sinn déi, déi op Basis vun Zockerrouer gemaach sinn, op Kartong deen aus WSC zertifizéierte Beem hiergestallt ginn ass oder eben aus Holz wat och WSC zertifizéiert ass.

Dann, d'Gemeng stellt de Veräiner déi en ëffentlecht Fest op enger ëffentlecher Plaz oder an engem Sall vun der Gemeng organiséieren, engersäits e Cupsys-

tem zur Verfügung, dat heescht en Pfandsystem, e Pfandbechersystem, an de Montant, dee fir de Pfand vun esou engem Becher soll gefrot ginn, ass op 2 Euro festgeluecht. Donieft kënnen d'Veräiner natierlech och op eis Spullmobiler zeréck gräifen déi iwwert dat entspriechend Reglement reglementéiert sinn. Wat d'Gestioun vun den Decheten op de Fester ugeet, hu mir eng Ennerscheedung tëschent der Zone Visiteur gemaach, dat ass also do wou de Public zirkuléiert, an der Zone interne.

Op der Zone Visiteur hate mir schonns e puer Mol d'Erfahrung gemaach bei der Fête de la musique, dass mir probéiert hunn d'Trennsystem op der Fête de la musique anzeféieren, dass awer dat net funktionéiert huet, well mir hate bei all déi Statiounen wou mir d'Trennsystem opgeriicht haten, hate mir missen ee Mann vun der Gemeng dobäi stellen, deen opgepasst hätt wat d'Leit an déi eenzel Poubellë géife geheien, wat net méiglech ass an dofir huet sech an deene Poubellen alles vermëscht erëmfonnt an huet missen iwwert d'Déchets ménagers entsuergt ginn. Wat mir awer elo verlaange vun de Veräiner, dat ass, dass si an hirer Zone interne, do wou si hire Stand hunn, de Recycling esou duerchféiere wéi et ebe vun der Gemeng verlaangt gëtt. Dat heescht déi 5 Fraktiounen déi mir trennen, déi sollen och vun de Veräiner op der Plaz getrennt ginn. Dorënner falen dann alles wat an d'Valorluxtut kënnt, d'Glas, fir Stänn déi lesse verkaufen, déi missten dann och déi organesch Offäll trennen a Pabeier-Kartong fir och d'Verpackungsmaterial an d'plastiks Filmer déi elo an der Tëschenzäit och kënnen iwwer d'Valorlux entsuergt ginn. Mir ruffen d'Veräiner dozou op fir och am Virfeld, wann se dat wëllen, probéieren de Green Event Label fir hier Manifestatioun unzufroen.

De Green Event Label, dat ass e Label, dee vum Ministère de l'Environnement, vum Oekozer Pafendall an der Superdreckschëscht ausgeschafft ginn ass. Et ass och esou, dass déi Veräiner, déi e Label fir eng Manifestatioun als Green Event Label kréien, déi kréie vum Staat eng Primm vun 1250 Euro an do géif d'Gemeng sech nach eng Kéier uschléissen an 25 Euro dobäi leeën. Well et ass esou, de Green Event Label, do muss een eng Checklëscht vun 55 Punkten duerchgoen. Do geet een zu engem Audit, entweder bei d'Superdreckschëscht oder an den Ökozer Pafendall, a vun deene 55 Punkten 29 si Muss-Kritären. Et ass eng zimmlech opwendeg Aarbecht fir esou e Green Event Label ze kréien. Dofir ware mir der Meenung, dass ausser dem staatleche Subsid d'Gemeng do och nach eng Kéier en Effort mécht an och nach een Deel da Subside bället. Et gëtt vun deenen dräi Partner, déi dee Label entwéckelt hunn och nach e Label, deen heescht „Mir engagéieren eis“, do sinn net esou vill Kritären z'erfëllen an do gëtt et och keen Subside vum Staat, mee wann e Veräin dat Engagement ageet fir den Label dann eben ze kréien, da géing en och nach eng Kéier 150 Euro Subside vun der Gemeng kréien.

Da géife mir och gären d'Organisateuren dozou ureegen, dass se sollen, wa méiglech, op nohalteg Werbe-

material zeréck gräifen, fir esou mann ewéi méiglech d'Ëmwelt ze belasteschen, an dat och bei hire Gadgets a bei der Dekoratioun ze kucken fir nohalteg Materialien ze verwenden. An si sollen natierlech dorop hiweisen, dass ee mam ëffentlechen Transport op d'Manifestatiounen kann hkommen. Beim Punkt Catering, do sollen si, sollen d'Organisateuren sech och engagéieren. Wéi gesot, dat sinn Engagementer déi mir froen, dat sinn elo keng Oplagen, well mir net wollten direkt mam decken Hummer draschloen. Mee doriwwer wäerte mir dann d'Veräiner jo och sensibiliséieren. Also beim Catering sollen se op regional a lokal an saisonal Produiten zeréck gräifen. Si sollen, wa méiglech, och biologesch Produiten offréieren. Si solle kucken ob och Fairtrade Produite kënnen ugebuede ginn. An si sollen natierlech hier Saachen esou akafen, dass esou mann ewéi méiglech Verpackungsmaterial ufält.

Par rapport zu den Zerwéiten déi sollen aus recycléiertem Pabeier sinn, an et soll probéiert ginn eng vegetaresch Variant unzebidden, wann lessen servéiert gëtt. D'Entrée en vigueur fir dat Reglement ass eréischt fir den 1. Mäerz 2022 virgesinn, well mir eben onbedéngt wëllen d'Veräiner virdru gesi fir se op déi dote Mesuren opmierksam ze maachen, wat alles usheet a fir, dass se och genuch Zäit hunn sech kënnen ze organiséieren wann si am Laf vum Joer géife Manifestatiounen op der ëffentlecher Plaz oder an engem Gebai vun der Gemeng plangen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech proposéieren, dass mir och direkt nach d'Taxereglement huelen, dat passt jo an dat ganz eran.

PATRICK HOSS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): D'Taxereglement, de reglementaresche Kader ass erëm genau dee selwechte wéi bei de Reglementer virdrun. Voilà, d'Taxereglement betrëfft de Pfandbechersystem. Do ass et esou, dass vum Pfandbechersystem grad esou wéi vum Spullweenchen, alleguer déi Kluppen an Associatiounen kënnen profitéieren, déi hei zu Diddeleng hire Siège hunn. Oder déi kee Siège hei hunn awer déi op Diddeleng eng Manifestatioun organiséieren kommen. Déi karitativ Associatiounen an och Verwaltungen, déi en Evenement hei an der Gemeng plangen. De Pfandbechersystem gëtt den Organisateuren vun enger Manifestatioun gratis zur Verfügung gestallt. Wéi am Reglement virdru gesot, froen se eng Kautioun vun 2€ pro Becher, a wat mir am Reglement hei festhalen dat ass, dass fir déi Bechere wou mir zeréck kréien, kréie mir 2€ vum Veräin. Si hunn de Becher jo da forcément och net erëm kritt an dann hunn se déi 2€ an der Keess. Dofir froe mir déi 2€ dann zeréck fir kënnen dat Material z'ersetzen.

Fir d'Bac-de-transporten, wann déi net géifen zeréck kommen oder wann déi endommagéiert géifen zeréck kommen, froe mir e Präis vu 45€. A fir d'Decke vum de Bac-de-transporte froe mir e Präis vun 15€. Do ass et awer esou, also op mannst bei deenen endommagéierten, do wäert ëmmer gekuckt ginn ob dat wierklech Material ass wat guer net méi ze gebrauchen ass. Wann elo e Rass oder eng Téitsch an engem

Bac ass, da froe mir do natierlech kee Remboursement dofir: Do wäert de Service Manifestations e gewëssene Spillraum gëlle loossen.

Dann ass et esou, dass d'Enlèvement gëtt iwwert de Service Fêtes et Manifestations vun der Gemeng organiséiert. D'Veräiner sollen sech spëtstens ee Mount virun der Veranstaltung umelle fir d'Material zur Verfügung gestallt ze kréien. An dann, wat ganz wichteg ass, dat ass, dass d'Material 48 Stonnen nom Ufank vum Evenement muss zeréckkommen, fir, dass et garantéiert ass, dass et nom Spullen nach alleguer d'hygienesch Konditiounen erfëllt, déi musse fir esou e Material erfëllt ginn. Wann de Plastik méi wéi 48 Stonne mat Dréinkreschter am Plastik géif stoe bleiwen, da kann dat verkrusten, dat kann de Plastik ugräifen an da missten déi Becheren aus dem Verkéier gezu ginn. Dofir ass dat onbedéngt hei am Reglement festgehalen ginn, dass déi spëtstens 48 Stonnen nom Ufank vum Fest müssen zeréckkommen.

Et ass och esou, dass dat Reglement do - well et eben a Verbindung ass mat engem Nahrungsmëttel, - och e positiven Avis vun der Inspection sanitaire kritt. Bei dem heite Reglement ass et natierlech grad esou wéi bei dem aneren, dass et den 1. Mäerz 2022 mat dem aneren zesummen a Kraft trëtt.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Patrick. Dann d'Wuertmeldungen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Entschëllegt, entschëllegt, dass ech dertëscht greetschen. Merci fir d'Wuert. Ech wollt nach präziséieren, et ass vläit eng Fro déi och am Virfeld gestallt gouf, och an der Kommissioun wou mir iwwert déi zwee Reglementer geschwat hunn.

Also, et ass och elo esou, dass mir als Gemeng eis Becheren eegenhänneg bei eis spullen, dat heescht mir hunn do eng extra Spullmaschinn organiséiert a kaf, an eis Servicer déi wäerten dann och nodeems se déi Becheren en temps utile – wéi mir elo héieren hunn – recuperéiert hunn an och an der Gemeng ebe botze loossen, spulle loossen an dann och bei eis stockéieren. Dat vläit nach eng Prezisioun, well um Ufank war jo gesot gi mir géifen dat dann duecht d'halleft Land schécken an transportéiere fir, dass et gespullt gëtt, a mir waren der Meenung, dass dat och net ganz ökologesch wär. Deemno hu mir déi doten Solutioun, hu mir op déi zeréckgegraff. Ech wollt déi Prezisioun awer nach norechen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Jo, mir haten déi zwee Reglementer jo an der Ëmweltkommissioun behandelt. Dat war e ganz reegen Undeel vun deene Leit, déi do waren. Och ganz interessant a fruchtbar Diskussioun, a ganz sécher de Knackpunkt do vun deem wierklech onekologeschen Transport bis op Woltz an rëm zeréck, dat war schonn en Ustouss fir ze soen do muss eppes geschéien. Mir sinn elo frou, dass d'Gemeng op de Wee gaangen ass, fir sech hei an der Gemeng hir eege Wäschstrooss z'installéieren. Ech hätt

e puer Froen an e puer Iwwerleeungen awer nach. Déi éischt dat ass wat elo d'Subsiden ugeet. Wann ech do kucken am Enoncé vum éischten Reglement, do gëtt jo Allusioun gemaach op déi Budgetsvotten "Zero waste" am Kader vun Subsides aux associations. An an enger fréierer Ëmweltkommissioun vum 15. Oktober 2019 wou mir schonn eng Kéier iwwert dat heite geschwat haten, an d'Green Events virgestallt kritt haten, do war och jo den Antrag gestallt gi fir eng Charta ze maache mat de Veräiner déi an d'Subsiden un d'Veräiner ökologesch Kritäre géifen afléisse loossen.

Meng Fro ass elo : Kënnt déi Charta nach nodeems mir elo am Januar also déi Reunioun hu mat de Veräiner? Gëtt elo domat gewaart bis sech mat de Veräiner zesumme gesat gouf? An da froen ech mech awer och, wann dat heiten e Reglement ass, un dat jo jiddwereen sech ze halen huet, wéi kënnen dann awéifern nach weider ökologesch Aflëss an de Subsiden, déi Veräiner, déi matmaachen, nach invitéieren oder belounen? E Reglement gëllt jo fir jiddwereen an da kann een net nach ee belounen, deen dat Reglement anhält. Dann, an deem Sënn och, sinn d'Iwwerleeung : Wéi ginn dann déi Veräiner – ënner Bindestricher oder ënner Anführungszeichen – "belount", déi hier Fester awer net op der Place publique machen? Do gëtt et d'Déierenasyl, d'Kleintierzüchter, d'Scouter déi bei hirem Home hier Kiermes ofhalen, wéi kommen déi an de Genoss vun deene Subsiden? Verstinn ech dat dann elo richtig, dass d'Reglement jiddweree muss anhalen, dat schéngt kloer, an, dass déi Punkte just déi do dran stinn an déi als Incitatioun, oder wéi hu mir elo gesot, als Engagement, zousätzlechen Engagement, net reglementéiert sinn, mee déi awer de Veräiner e Reglement mat op de Wee ginn, sinn et déi Punkten déi dann herno subsidiéiert ginn? Do sinn ech mir nach net kloer wéi d'Situatioun do ass.

Den zweete Punkt, mir sinn eis natierlech all vun der Wichtigkeet vun dem Reglement hei bewusst, alt rëm eng Kéier, an do haken ech ëmmer no, well dat eis Punkten am Klimapakt gëtt. Déi drëtt Fro: déi Zone Visiteurs, do geet jo alles an déi rout Dreckschëscht, awer wierklech alles. Gëtt dann duerno nach eng Kéier mat de Fachleit vun der Gemeng déi rout Dreckschëscht triéiert an dann an déi verschidde Rubricen opgedeelt oder geet déi rout Dreckschëscht vun der Zone Visiteurs integral op Leideleng op d'Sidor? Merci. En anere Punkt: et gëtt ëmmer gesot elo hei d'Consigne, also de Pfand, fir déi Becheren déi ass 2 €. Mir haten an der Ëmweltkommissioun Diskussiounen, ech mengen, dat kann een awer hei soen, fir de Veräiner d'Méiglechkeet ze ginn, fir souguer méi en héije Pfand ze froen? A schlussendlech scheitert dat einfach un dem klengen Detail, dass de Pfand vun 2 € schonn op eis Becheren opgedréckt ass. Dat heescht, mir hunn do guer keng Handhab, ofgesi vun aneren Iwwerleeungen, déi d'Leit haten: Wat ass wann een en iergendwou méi bëlle kafe geet an et muss een e méi deier zeréck ginn oder esou? Mee dee Pfand ass schonn opgedréckt um Becher an dofir gëtt et do keng aner Méiglechkeet wéi sech un déi 2 € ze halen.

Green Events, do ass et effektiv esou, dass dat e groussen Opwand ass. Et ass awer hei elo net ugeklongen an dofir wollt ech dee klengen Detail noréckelen: déi Green Events déi riichten sech net u Sportsveranstaltungen. Dat heescht dat riicht sech u Veräiner déi eng aner Veranstaltung maachen, wéi eng Sportsveranstaltung. An dann ass awer ee Punkt wou ech mech erënneren, an der Ëmweltkommissioun hate mir zu der kommunaler Participatioun vun der Gemeng um Green Events gesot mir géifen, vu den Opwand dee mir do hunn, op 50% goe vun deem wat de Staat gëtt, dat heescht vun deenen 1 250 € vum Staat, do wier d'Halschent dann 625 €. Et war gesot ginn an der Ëmweltkommissioun, dass mir hei dem Gemengerot dat géifen esou proposéieren. Mee elo steet awer hei am Reglement dran: Mir halen eis un déi 25%, dat ass also nëmme e Véirel vun der staatlecher Subventioun an dat war dat wat am Ufank eis och an der Ëmweltkommissioun virgeluecht gi war.

Dofir wollt ech nofroen ob ech do eppes falsch verstannen hat oder ob elo nach hei d'Méiglechkeet ass vläit iwwert dee Punkt ze diskutéieren, änlech wéi mir et virdrun am Reglement iwwert den Impôt foncier gemaach hunn. Dann hätt ech alles fir dat dote Reglement. Wann Dir erlaabt, géif ech dann och nach just eng kuerz Iwwerleeung zum Cup-System, also zu dem zweeten Reglement, ustellen. Do war an der Ëmweltkommissioun gesot ginn, dass den Delai vun 48 Stonne mol kann immens kuerz ginn an dann, haaptsächlech bei Manifestatiounen, déi iwwer zwee Deeg ginn oder méi. De Loris Spina hat deemools zwee Beispiller genannt, dat wier zum Beispill de Chrëschtmaart an de Youth Cup.

Dat heescht do muss sech dann awer scho gutt organiséiert ginn, dass een déi 48 Stonne kann anhalen. Dat heescht do muss scho während der Manifestatioun dat ganz zeréckgefouert ginn. Da muss awer och gekuckt ginn, dass erëm Neies do ass.

An, meng Fro wär déi hei: Mir haten an der Ëmweltkommissioun gesot d'Distributioun vun deene Këschte mat deene Pfandbecheren, déi gëtt vum Service Fêtes et Manifestations gemaach. Dat heescht, geet de Veräin se bei si sichen a muss de Veräin se och bei si zeréckbréngen, oder brénge si dem Veräin se a kommen si se sichen 48 Stonne virum Ufank vun der Manifestatioun? Et ass vläit interessant dat och elo schonn eng Kéier ze soen, obschonn déi Saache jo alleguerten an der Sëtzung mat de Veräiner am Januar gekläert ginn. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Stellungnam.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Et ass jo eng gutt Nouvelle vum Här Spina fir datt mir elo eng Spillmaschinn hunn. Wéi vill Capacitéit huet déi dann? Also wéi vill Bechere kënnen dann do gespult ginn? Dass een sech dat kann e bësse virstellen. Da wollt ech awer och drun erënneren, et ass elo net gesot ginn, mee déi Resolutioun 2019 déi ass entstanden nodeems déi gréng eng Motioun eraginn haten an ech

wollt lech déi elo nach eng Kéier hei virliesen, mee et ass scho spéit, ech maachen dat elo net. Dir wësst jo och wat dran steet.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech maachen nach eng Klammer op, ech ënnerbriechen iech, ech wollt dat just net soen, dass mir hei keng Diskussioun kréien. Ech hat jo deemools gesot gehat an dofir ginn ech mech net, dat war einfach en Amalgam vu mengen Äntwerten op Är Froe deemools. Dat war keng Iddi vun deene Gréngen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo bon, ech gesinn dat e bëssi anescht. Da bleift ebe jiddweree bei senger Meenung. Gutt. Jo, mir hunn eis och déi Fro gestallt mat der Charta, wou ass déi drun? Well déi Charta déi do och eng Kéier ausgeschafft ginn ass an der Ëmweltkommissioun, déi ass am Fong nach méi wäit gaange wéi d'Reglement. Do waren nämlech och nach Artikelen dobäi zum Thema Energiespueren, zum Beispill, dass ee soll d'Luucht ausmaachen, elektresch Geräter ausschalten, richtig heizen, lëften, Waasser spueren. Lauter gutt Iddien, déi elo hei am Reglement net dra sinn. Dofir hoffe mir, dass dat awer net verluer gaangen ass. Och an der Charta elo vun Esch 2022 sinn esou Iddien dran. Ech hunn dat e bësse verglach a jo, wou ass déi Charta drun, ass och eis Fro. Mir begreifen natierlech, datt et elo e Règlement communal gëtt.

Et huet e bëssi gedauert, Corona war dertëscht, och weineg Fester. Bon et huet een och elo gesinn, d'ganz Corona huet eng Onmass Müll mat sech bruet. All déi Masken an d'Tester, wat jo natierlech och net gutt ass. Mee fir positiv ze bleiwen, hu mir festgestallt, dass op de weinege Manifestatiounen ëmmer méi probéiert gëtt esou weineg Müll wéi méiglech ze produzieren an d'Mülltrennung ass en Thema. An och am Catering gesäit een Ännerungen.

De System mam Pfand, de sougenannte Cup-System, gesäit een och ëmmer méi, dat funktionéiert elo, menge mir mol festgestallt ze hunn. Also dat Reglement wier da bindend fir all Manifestatiounen an Aktivitéiten a Gemeindegebaier, ëffentleche Plazen a Stroossen. Dat mat den Sportsmanifestatiounen wollt ech och nach eng Kéier nofroen, well bei Green Events krut ech am Ökozenter gesot, dass dat fir Evénements sportifs répétitifs net gëllt. Dat heescht wann elo all Sonnde Championsmatcher sinn, do spilt dat net. Mee dat ass jo nëmme fir d'Green Events. An eisem Reglement, esou wéi mir dat elo hei schreiwe wier dat jo fir am Fong fir all Manifestatioun, wat dann och gutt ass.

Dann, zum Artikel 2, do si jo all déi plastiks Saachen déi do elo verbueden sinn. Do steet awer plastiks Fläschchen net dobäi. Ech wollt dat awer och nach eng Kéier nofroen. Do ginn et jo awer mëttlerweil gutt Alternative well jiddwereen huet e Bidon haut.

Eng nächst Fro sinn déi Doggy bags. Do wollt ech froen zum Beispill wann elo eng Braderie ass oder Kiermes, do gëtt jo och oft lessen ausgedeeelt a plastiks Be-

hälteren. Fält dat, dat misst jo elo normalerweis och ënnert dat Reglement falen. Schued ass och e bëssen hei zu Diddeleng, mengen ech, ass keen Restaurant, deen op de Wee gaangen ass vun deenen Ecoboxen, wat jo vum Ëmweltministère an d'Welt, also op de Wee komm ass. Also ech hunn elo nach néirens an engem Restaurant eng Ecobox...am Amarcord? Ah okay.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dir waart an de falsche Restaurant.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech ginn och net esou vill an d'Restauranten. Nee, ech hunn, ech froen dat jo och net all Kéiers, et ass mir hei zu Diddeleng elo nach néirens eng, hunn ech nach néirens eng gesinn. Voilà, also dat wier och ënnerstëtzenswäert. Dann, Schoulfester fale jo dann och ënnert dat Reglement hei, huele mir mol un. Ass och nach eng Fro. Wéi geet et elo weider mat der Sensibiliséierung vun de Veräiner? Dat ass elo schonn deelweis beäntwert ginn. Wann dat elo e Reglement ass, ginn et dann och Sanktiounen? Gëtt dat kontrolléiert? Belounung gëtt et jo da vun der Gemeng a Form vun enger Prim, awer just wann een dann eben de Green Event oder Mir engagéieren eis ufreet. Froen d'Veräiner dat selwer un? Ech menge jo, hat elo gesot jo. Voilà, ech mengen dann hunn ech meng Iddien elo all gesot. Ech wollt awer nach zum Catering soen : de Jus ass Transfair, d'Banann net. Vlät kréie mir deemnächst och eng Transfair Banann. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Heinen. Nach weider Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Et ass schonns ganz viles gesot ginn. Ech hu just eng Fro zum Catering. Do fannen ech den Saz e bësse verwässert wann ech och ebe kucke wat mir an der éischer Resolutioun respektiv an der Charta haten. Do steet "par rapport au catering les organisateurs s'engagent à offrir au moins une des alternatives suivantes". Dat ass e bëssen onglécklech formuléiert. Dat heescht entweder huelen se lokal oder regional Produiten, oder si offrèiere Bio. Dat fannen ech – oder Fairtrade Saachen – do steet awer an der éischer Resolutioun déi mir virhaten an an der Charta, do steet dat awer vill méi konkret, dass ee vorwiegend „bezüglech des Caterings verpflichten sich die unterzeichneten Vereine, vorwiegend darauf zu achten, regionale Produkte zu kaufen“. Wa mir hei schonn „Au moins une des alternatives“, dat - fannen ech - geet awer wierklech net duer. Well ech mengen, do musse mir awer wierklech an eng aner Richtung goen, virun allem och „réduire les déchets d'emballage au maximum“, dat kann een awer nach e bëssen anescht formuléieren.

A meng Fro ass, déi sech do och uschléisst, wéi ass et elo zum Beispill wa mir op Manifestatiounen foodtrucks hunn déi professionell heihinner kommen, déi net vun de Veräiner geréiert ginn. Wéi maache mir et do? Mussen déi och esou eng, dat heiten ënnerschreien? Kucke mir dat? Kontrolléiere mir och dat? Well ech mengen, et geet jo net duer, dass nëmmen d'Ver-

äiner mussen oppassen, wéi se ëmgi mat dem Offall an esou weider, mee et ass dann awer och fir zum Beispill professionell Foodtrucks, wou ee jo ëmmer méi gesäit, dass der sech iwwerall histellen, wann esou Saachen sinn oder déi och vlät invitéiert gi vun der Gemeng fir sech dohinner ze stellen. Wéi ass et do mat der Verpflichtung, dass déi sech och un dat Reglement müssen halen an och natierlech, dat war och eng Fro déi ech mir och gestallt hunn, wéi kontrolléiere mir dat hei a wéi sanctionéiere mir dat heiten ? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Gëtt et nach weider Stellungnamen ?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Also et ass schonns esou vill gesot ginn an esou vill gefrot ginn, dass ech elo hei mäin Text e bësselche kierzen, muss jo net alles widderhuelen. Ech hunn awer eng Fro: Et ass e Reglement a wie kontrolléiert dat? Wéi gëtt dat kontrolléiert a wat geschitt wann een sech net drun hält? Ech sinn net onbedéngt e Frënd vun Sanctiounen a Strofen, mee wann et e Reglement gëtt, ech weess net wéi dann domadder ëmgaange gëtt. A mussen d'Organisateuren sech iergendwéi duerch eng Ënnerschrëft zu eppes verpflichten oder ass et einfach et ass do an da muss et agehalen ginn? Bon si gi jo och informéiert, wéi ech héieren hunn, wat ganz gutt ass. Dann ass mir just eng Klenggekeet opgefall wou ech awer wollt soen.

Dat mat den 48 Stonnen, dat lichter mir och an, dass de Becher da muss gespullt ginn. Et ass jo och sou, wann ech dat richtig verstane hunn, dass d'Veräiner déi Becheren net müssen spullen, mee dass se déi kënnen esou zeréck ginn, benotzt, an d'Gemeng këmmert sech drëm. Dat steet jo och esou an deem éischte Reglement. Mee da geet dat awer net op, wat am Reglement steet, well wann ech 48 Stonnen duerno, oder 47 an eng hallef Stonn duerno d'Becheren zeréck bréngen, sinn se net 48 Stonnen duerno gespullt, mengen ech. Et ass einfach nëmmen - mengen ech - eng kleng Formsach wou ech einfach drop opmierksam wëll maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci. Mat dësem Gemeindegemeinschaft gëtt e wichtege Schrëtt zu Gonschte vum Ëmweltschutz gemaach. Méi genee geet et hei grosso modo ëm de Verbuut vum Gebrauch vum Ee-Wee-Plastik bei ëffentleche Manifestatiounen an Aktivitéiten an de Gemeindegemeinschaft a vun der Gemeng zur Verfügung gestallte Lokaler, esou wéi dobaussen op ëffentleche Plazen, Anlagen a Stroossen. Beträff sinn haaptsächlech eis Veräiner an Associatiounen, déi bal ausschliesslech vu Benevole gefouert an animéiert ginn. Eigentlech sollten déi Moossnamen schonns ufanks 2020 explizéiert an duerno praktesch ëmgesat ginn. D'Pandemie huet dat ganz fir eng länger Zäit no hanner geréckelt. Och déi deelweis Reprise hunn un sech manner grouss Manifestatiounen an Aktivitéiten erlaabt. Dat hat dee Virdeel datt vill Veräinsleit

aktiv oder passiv mam neie Gebrauch vum reutilisa-bele Becheren, dem Pfandsystem an dem Spullwon Bekanntschaft gemaacht hunn. Am Allgemengen huet dat net schlecht geklappt, an et kann een elo schonn dovun ausgoen, datt bei net allze grouse Sports- a Kultureventer keng gréisser Problemer optrieden. Iwwregens ass et net verbuede fir weiderhi Glieder ze gebrauchen.

Froenzeche bleiwe bei gréisseren Eventer wéi d'Fête de la musique oder bei Matcher iwwert 800, 1000 oder méi Zuschauer. An der Versammlung mat de Veräiner ufanks dës nächste Joer, kann zesumme gesicht gi fir Léisungen ze fannen. An da muss eben of-gewaart ginn a Conclusiounen um Enn vum Joer gezu ginn. Mat den neie Moosname sollen d'Veräiner an d'Associatiounen net schikanéiert ginn. Finanziell dierf et och keen Nodeel ginn. Mat e wéineg gudden Wëllen, bewosst datt et hei ëm e wichteg Ëmdeken vum eiser Liewensweis handelt, si mir iwwerzeegt datt déi nei Reglementatioun lues a lues akzeptéiert an ëmgesat gëtt. An dem Sënn mussen och d'Reglementartikele betreffend Offallgestioun, Sensibilisatioun, Publicitéiten a Labelle esou wéi de Catering, gesi ginn. D'LSAP, ech hu bal d'LASEP gesot, d'LSAP wäert dës Reglement an d'Taxereglement matstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Meng Fro ass e bësse manner sportlech. Zweek Detailer wollt ech nach eraus hiewen. Deen een dat wat am Reglement steet vum de pabeiers Loftschaangen a vum Konfetti. Do hu Leit gefrot: Wat huet dat dann elo mat der Ëmwelt ze dinn? An do mengen ech hate mir kloer gestallt, dass dat elo net an éischter Linn duerch Ëmweltverknaschtung wier mee villméi duerch déi Aarbecht wou een duerno huet fir d'Knascht ewechzemaachen. Sou dass et net spezifesch en Ëmweltproblem ass. D'Spraydouse mat deene Fantasie-Dénger do fir Fuesent, dat ass natierlech kloer, d'Spraydousen si jo bei eis hei souwisou net akzeptéiert. En anere Punkt wou mir awer elo duerch de Kapp geet, well ech heiansdo beruufsbedéngt um Punkt sinn, dass ech muss ganz déif an den Detail siche goen, dat ass mam Doggy bag.

D'Situatioun, wann ech elo op d'Braderie ginn an ech huele mir do en Thüringer, ech iessen deen, da soen ech, sou elo huelen ech menger Famill och ee mat fir dass déi och eppes kritt, an déi kréien ech dann an eng Alufolie verpak fir heem ze transportéieren. Ech soen dann, ech wëll keng Plastikstut, paakt mir se an eng Alufolie. D'Alufolie ass jo awer am Valorlux, wéi ech hei gesinn, erlaabt an der bloer Tut. Dat ass fir mech en Doggy bag. Oder ech gi mir iergendwou Nuddelen op der Braderie kafen an duerno kréien ech se an eng Alubarkett gemaach mat engem Kartongsdeckel drop, do ass jo elo guer keng vum deene Portiounen, déi iergendwéi ëmweltonfrëndlech wier. An elo wier dat awer hei, wann ech dat och als Doggy bag gesinn, wat ech nach mat heem huelen an där dote Verpackung, dat wier dann elo net erlaabt. Wier et dann net vläit opportun,

dass een do e bësse méi an d'Detailer géif goen an den Doggy bag nach e bësse méi genee definéieren? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Nee. Da ginn ech d'Wuert weider un de Patrick Hoss an de René Manderscheid, an de Loris Spina.

PATRICK HOSS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Fir déi lescht Fro direkt opzegräifen, den Artikel seet jo, dass et ëm de Plastique à usage unique geet. Domadder ass jo am Fong definéiert wat net dierf benotzt ginn. Dofir weess ech elo net ob ee muss am Detail alles dat wat fir de Menütransport kéint verwennt ginn, misst ernimmen, wat erlaabt ass a wat net erlaabt ass. Also déi aus Ee-Wee-Plastik ass net erlaabt.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): A wann ee géif schreiwen „Doggy bag en plastique“?

PATRICK HOSS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Mee et steet jo uewen am Artikel, dass et sech explizit ëm de Single-use Plastik dréit. Wat d'Poubellen op der Zone visiteur ugeet, do ass et effektiv esou, dat geet op den Sidor. Eng Trennung ass do net zouzemudden. Wann ee gesäit wat do an de Poubellen ass, dat ass net ze trennen.

Wat de Chrëschtmaart an de Youth Cup ugeet, do ass et esou, dass permanent tèsche-gespullt gëtt. Dat heescht do ass e Flux vum de Becheren den an d'Gemeng erakënnt an erëm un d'Gemeng erausgeet. Dat ass net, dass do géif all Kéier 48 Stonne gewaart gi bis déi Becheren zeréck kommen, mee do ass e Flux, deen hin an hier geet.

Wat d'Distributioun ubelaangt, do ass de Service Fêtes et Manifestations, déi e Formulaire ausgeschafft hu fir d'Veräiner wéi dat ofleef a wäert ofgewéckelt ginn, déi Informatiounen déi fannen sech dorop zeréck. D'Kapazität vum der Spullmaschinn, déi weess ech elo net. Déi misst ech nofroen beim Service Gestion et Maintien du Patrimoine, déi déi Spullmaschinn instaléiert hunn. Et ass en Detail dat ech misst nofroen.

Wat d'Ëmweltcharta ugeet, natierlech ass déi nach ëmmer aktuell an déi wäert an der Reunioun, déi mir mat de Veräiner hunn, och presentéiert ginn. Do ass et esou, dass déi sech jo méi op en Engagement bezitt. An dat virun allem an deene Lokaler déi d'Veräiner vum der Gemeng fir hiren Training zur Verfügung gestallt kréien. Wann déi am Turnsall vum enger Schoul trainéieren oder soss an engem Sall vum enger Schoul trainéieren, oder eben an der Sportshal hier Trainings maachen, da spillen all déi Recommandatiounen, déi an der Ëmweltcharta stinn, ruffe mir d'Veräiner natierlech op, dass si sech dozou solle verpflichten déi anzehalen. Mee dat ass wéi gesot en Engagement wat d'Veräiner aginn. Dat ass net e Reglement wat mir hinnen operleeën.

Dann zum Punkt mat den plastiks Fläschen, firwat déi net opgefouert sinn. Et ass, ech mengen et ass

esou, dass op deene Manifestatiounen, zumools wéi der Fête de la musique, een net ka gliese Fläschen erausginn. Dat ass schwéier ze maachen, dofir, an et ass awer och esou, dass verschidden Ubidder déi elo méi kléng Stänn hunn, lesstänn hunn, déi verkafen hiert Gedrénks aus de klenge Fläschen. Ech mengen och net, dass et op enger Fête de la musique sënnvoll wier, do ze forcéieren, dass déi kléng Stänn och nach de Pfandbechersystem benotzen, well ech mengen, dat géif schwéier ze geréiere ginn. Op all deenen anere Manifestatiounen, wéi gesot, dierft ech kee Problem gesi fir de System mam Pfandbecher unzewenden. De Service Fêtes et manifestations wäert och alleguer déi Leit déi wëllen un enger Braderie participéieren, an och un deenen anere Manifestatiounen drop opmierksam maachen, dass dat Reglement do och dofir gëllt. D'Schoulfester falen och dorënner.

A wat de Catering elo ugeet, jo dat ass eng Fro ob een do méi wäit soll goen oder net. Eng Fro wou de Gemengerot misst driwwer befannen ob mir am Catering méi wäit ginn ewéi dat wat mir elo hei als Engagement gefrot hunn. Bei de Foodtrucks ass et jiddwerfalls och esou, dass de Service Fêtes et Manifestations déi wäert drop opmierksam maachen, dass dat Reglement och dann ze applizéieren ass wann si do dobäi sinn. An esou wéi si awer gesot hunn, mengen se, dass se do keng Schwieregkeeten hätte mat deene Foodtrucks déi bis elo op Diddeleng komm sinn, do zesummen ze schaffen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Patrick fir déi doten Erklärungen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci Här Buergermeeschter, vläit nach e puer praktesch Äntwerte vu menger Säit, haaptsächlech wat d'Fêtes et Manifestations, dee Service ubelaangt, an déi och effektiv déi Becheren eraus ginn. Dat heescht de Veräin, d'Associatioun, muss se bei d'Gemeng siche kommen, bezéiungsweis och rëm zeréckbréngen. Wat déi 48 Stonnen en général ubelaangt, oder iwwerhaupt déi ganz Organisatioun, engersäits gëtt et déi Fiche, déi d'Veräiner am Virfeld auszufüllen hunn, a wéi een dat awer och gewinnt ass mat eisen Servicer, déi si jo am reegen Austausch. Dat heescht, och do, wann Detailer sinn, bezéiungsweis wann iwwert d'Horairen, iwwert déi 48 Stonnen, eppes ze klären ass, da gëtt dat gemaach dee Moment, wou se am Austausch mat eise Service sinn, fir, dass do och, wann et néideg ass, eng Kéier doteschent en Transport organiséiert gëtt, entweder an déi eng oder aner Richtung, bezéiungsweis wann en Event e bësse méi laang dauert an, dass do ier den Event fäerdeg ass, schonn en Transport ka stattfannen. An dann eis Servicer sech esou opstellen, dass dann och do ee sur place ass fir dat entgéint ze huelen.

D'Kapazität vum der Spullmaschinn weess ech och elo net auswenneg. Ech mengen och net, dass déi elo esou wichteg ass. Also, et gëtt keng Spullstrooss vläit wéi Dir leh dat elo am Grousse virstellt. Et ass am Gemengenhais, wou ënnen an der Gebailechkeet dat

virgesinn ass. Mee wichteg ass, dass do koordinéiert ass a logistes, zäitlech, iwwertene geet, dass déi Becheren net ze laang fiicht oder knaschteg musse ronderëm stoen. Mir sinn eis eens, dass d'Fête de la musique e mega Challenge ass, wat dat doten ubelaangt. Do ass dat lescht Wuert an deem Sënn nach net gefall. Mir hunn e puer Optiounen mat e puer eenzelnen Opfänkstatiounen. Et muss ee kucken ob dat kompatibel ass mam Sécherheetskoncept. Do hu mir wéi gesot e puer Iddien, déi awer nach net sprochräif sinn, bezéiungsweis nach net ganz zum Schluss konkretiséiert konnte ginn. Mee do si mir awer sécher, dass mir Léisunge wäerte fannen. Voilà, ech mengen, fir de Rescht ass et mol wichteg, dass mir d'Veräiner mat op de Wee huelen.

Fir déi lescht Sitzung haten scho 35 Veräiner sech ugemellt, esou dass do reegen Interessi ass, bezéiungsweis jo och schonn eng ganz Rei vu Veräiner ganz vill vun deene Punkten ëmgeseet hunn, ier mir et elo hei an d'Reglement setzen, an ech mengen dofir ass et am Januar nach eng Kéier wichteg, wéi hei schonn e puer Mol op alle Bänke gesot ginn ass, dass mir den Austausch festhalen, dass mir Léisunge fannen, bezéiungsweis, dass d'Veräiner, déi Benevole, eis kënnen soe wou si Schwieregkeete gesi bei der Ëmsetzung vum dem doten Reglement. An da wäerte mir zesumme Léisunge fanne fir dass dat doten och dem Sënn vum deem Ganzen entsprécht. Effektiv, wat ech nach wëll soen, ass de Sport, Sport ass hei bei de Green Events erausgeholl an och d'Mäert, d'Marchéen, och well déi e bessen eege sinn, dofir waren déi elo net hei virgesinn.

A fir de Rescht hänke mir eis drun un d'Kritäre vum deem wat de Ministère eis virgëtt fir dee Green Event, awer och fir „Mir engagéieren eis“. Also do hale mir eis eent zu eent un déi Kritären déi do virgi sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech kann emol zu der Spullmaschinn soen, effektiv hat ech d'Donnéeën awer dobäi vun eiser Maschinn. Déi spullt an engem Rhythmus vum 2 Minutten 25 Becheren. Déi Spullmaschinn déi mir kaf hunn hei an der Gemeng déi mécht 2 Minutten 25 Becheren. Déi ass awer nach ëmmer net vum Dësch mat der Spullmaschinn, d'Spüllstrooss vum Zolwer, well ech hat dës Woch nach mat der Gemeng Zolwer riets. Déi Maschinn, wann alles riicht ausgeet, ass prett fir Februar 2022 en zoufällg gewielten Datum, vu dass Esch 22 dann och do bei hinnen am Asaz ass, an si wëllen hier Spüllstrooss mat Zäit fäerdeg kréie fir all déi Evenementer déi se dann do hu mat der Spüllstrooss da kënnen anzeweien.

Et ass och sou, mir hunn och elo Datumer proposéiert kritt vum den Zolwer Kolleegen, fir och eng Kéier eis ze treffen, fir dann d'Detailer ze kläre wéi mir dat dann an der Praxis och wäerten iwwert d'Bün goe loossen. Dir hutt richtig gehéiert, d'gëtt an der Ëmweltkommis-

sioun, Här Gangler, dass mir effektiv hate mir gesot, dass vun deenen 1250 wollte mir 50% ginn. Do ware mir awer am Schäfferot der Meenung, dass mir dat sollen awer e bèsse méi kléng halen. Net datt mir knéckeg sinn, mee mir sinn awer der Meenung, dass mir eis Veräiner wann se Fester organiséieren, op e ganze Koup aner Art a Weisen hëllef, sief dat logistes, sief dat materiell, an och finanziell, esou, dass mir dat am Ganze wollte kucken, a mir gesot hunn, dass mir dann hei dat géifen awer dann e bèsse méi kléng de Taux maache wéi d'Ëmweltkommissioun et awer da proposéiert huet.

An dann, Sanctiounen, effektiv, mir hu keng virgesinn a mir hunn och net haart driwwer nogeduecht. Et ass wéi de Bob Claude gesot huet, a sengem Resumé, dat hei ass mol en Astieg an d'Matière fir eis allegueren. Fir eis ass et jo Neiland an och fir d'Veräiner. Mir wëllen net, dat ass scho gesot ginn, net mam décken Hummer direkt drop schloen. Mir kucken elo mol, wéi dat dëst Joer sech entwéckelt, an da kann een effektiv Enn des Joers e Bilan zéien an da kënne mir do u Schrauwen dréinen, do wou et néideg ass. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, och fir déi dote Remarken.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Et sinn awer elo zwou, also d'Begeeschterung ass amgaangen ofzehuelen. Et sinn awer zwou Saachen, op déi ech awer elo hei nach muss eng Kéier agoen. Dat eent dat sinn d'Sportsevenementer. Also, Green Events jo, keng Sportseventer, déi repetitiv sinn, mee dat ass jo nëmmen wann d'Veräiner Green Events ufroen. Dat Reglement wat mir hei maachen, dat ass jo, do steet net dran, dass dat net fir Sportsevenementer sinn. Also ass et fir Sportsevenementer. Also esou verstinn ech mol dat Reglement.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Jo jo, also meng Ausso huet sech och op d'Green Events limitéiert. Jo jo ganz kloer. Dann hu mir eis jo ausnamsweis richtig an d'selwecht verstanen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): A firwat awer elo d'Begeeschterung rasant ofhëlt, dat ass déi Saach mat de plastiks Fläschen. Dat ass jo awer een Haupt-, also dat ass jo awer wierklech ee Müll, wou wierklech ganz vill gemaach gëtt, all déi plastiks Fläschen. An dass déi awer elo net hei dran stinn, ech hat wierklech geduecht, et wier vläit vergiess ginn oder sou, awer do si mir awer elo e bessen erstaunt driwwer. Mir wëssen elo net wéi mir sollen ofstëmmen. Mir müssen eis dat elo iwwerleeën.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Suggestioun: Kann een net op enger Braderie oder wat et eben ass, d'Fête de la musique, op e puer Plazen eng grouss giel Dreckskëscht vu Valorlux histelle mat engem groussen Schëld: wann Dir plastiks Fläschen hutt, geheet se hei dran? Bon, do sot Dir, do komme mir op dee selwechte Punkt wéi bei där virdrun, d'Leit passen net drop op a geheien all méiglechen Dréck dran. D'misst awer

nach vläit dann duerno méiglech sinn aus där nëmmen d'plastiks Fläschen erauszehuelen, sou dass mir awer deen Deel wéinstens kéinte sortéieren. A mir sinn awer sécher, dass d'Leit dann hier plastiks Fläschen net an déi rout geheien an och net op d'Strooss.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also, mir kënne ganz gären dat Ugebuet proposéieren, maachen, schafen, visibel maachen, mengen ech absolut.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): D'geet jo awer net drëm wou mir herno den Dréck higeheien, d'geet drëms fir esou mann ewéi méiglech Dreck ze maachen. Et ass grad wéi mat der Alufolie fir den Thüringer anzepaken. Et ass awer Alu, dat ass net ëmweltfrëndlech Alu. Plastik ass och net ëmweltfrëndlech, och wa mir dat herno an déi richtig Poubelle geheien. D'geet jo awer och drëms fir Müll ze vermeiden an domadder hu mir e Problem.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Wéi virdru schonns gesot ginn ass, mir taaschten eis jo hei erun, dat hei ass jo déi éischt, bon, mir ginn hei méi wäit wéi mir soss ëmmer gaangen sinn, d'soll ee jo och net vergiessen, mir hunn hei elo eng Rei Punkten dragesat. Et ass jo och nach eng Diskussioun déi mat de Veräiner gefouert gëtt, um Niveau vun der Ëmsetzung. An et sinn dann och éischt Erfahrungswäerter déi komme wäerten, déi hu mir am Moment net. Mir féieren am Moment eng Diskussioun, deelweis praktesch orientéiert, pragmatesch orientéiert, awer och theoretesch, mir wëssen herno an der ganzer Organisatioun net wéi eng Echoen, dass mir kréien. An ech mengen och déi Erfahrungswäerter si wichteg fir da gegebenefalls hei, mengen ech an deem Gremium kënnen nozebesseren, Saachen effektiv ze verbesseren, eraus ze huelen, d'Ajouten ze maachen.

Dat hu mir de Moment net. An ech mengen, déi Latitudo solle mir eis roueg awer och nach ginn.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo Merci, Merci Dan. Mir wollten awer vläit nach e kléngen Rappel hei maachen, dass mir scho laang als Gemeng eng ganz Rei vun Initiative géint déi plastiks Fläschen, soen ech elo mol, ënnerholl hunn. Dir kënnt lech vläit erënnere, schonn ier den neien Hartmann opgaangen ass, stoungen do giel Poubellë wou mir déi plastiks Fläschen engersäits gesammelt hunn, anerwäerts hu mir säit – de Patrick weess dat besser wéi ech, säit wéi laang mir schonn deene klänge Butzen, wann se an d'Schoul kommen, Bidonen ausdeelen. Dat heescht, och setze mir scho vu kléngem un en Incentive, bezéiungsweis hu mir och op der Sportleréierung regelméisseg Bidonen als Kaddo ginn. Ech mengen heibannen, kënnt Dir lech erënnere, wou mir déi heite fir d'éischt haten.

Dat heescht, dass scho ganz vill geschitt fir effektiv de Müll ze vermeiden, absolut, a mir sinn och amgaangen dobaussen an och an eise Gebaier Fontainen opstellen, wou dann och ee ka säi Bidon mat proppe-rem, anstännegem Diddelenger Waasser fëllen. Also



do si mir schonn, mengen ech, ganz gutt ënnerwee. Dat huet elo e bëssen esou geklunge wéi wa mir dee Sujet hei net géifen eescht huelen. An dofir wollt ech dat awer preziséieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Voilà, ech mengen d'Äntwerte goufe ginn. Da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote géifen iwwergoen. Wien ass hei mam Reglement-cadre averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci. Wien ass mam Taxereglement mat de Gobelets réutilisables averstanen? **Dat ass och unanime.** Villmools Merci.

An, wéi gesot, wa mir mussen déi néideg Adaptatiounen virhuelen, da maache mir dat och en cours de route an och dem Patrick Hoss Merci fir seng Präsenz. Da géife mir weidergoen un de Patrimoine protégé par l'État.

6. STATLECH GESCHÜTZTE PATRIMOINE

6.1. Stellungnam zu der Proposition, d'Kapell Saint-Luc op Nr. 30, rue de la Chapelle, ënner Denkmalschutz ze stellen

6.2. Stellungnam zu der Proposition, de fréiere Bauerenhaff op Nr. 56, Birengerstrooss, ënner Denkmalschutz ze stellen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): No dësem Punkt géife mer eriwuer goen un de Patrimoine protégé par l'État. Ech géif déi zwee Projeten zesummen huele wou mir hei e Courier virleien hu vun der Kulturministesch fir zwee Gebaier ze klasséieren.

Dat eent ass d'Kapell zu Butschebuerg déi jo dem Fong gehéiert an déi och selwer Demandeur ware fir dass d'Chapelle Saint-Luc an der rue de la Chapelle soll klasséiert ginn. Mir hunn hei de Courier kritt vum 23. Juli 21 mam Avis vun der Commission des Sites et monuments, dee positiver Natur ass. A mir natierlech soen, dass déi Kapell Saint-Luc zum historiesche Kär vu Butschebuerg gehéiert, dass och deen, deen dem Quartier Butschebuerg säi rurale Charakter behalen huet an, dass am Fong och dës Kapell aus dem 18. Joerhonnert staamt, dass effektiv och eng ganz Rei Elementer an der Kapell sinn, déi awer, mengen ech, ganz erhaltenswäert sinn, notament den Oratoire, d'Pièce maîtresse, an och den Tabernakel. Wéi gesot, och Skulpturen am Holz, déi do dran sinn an effektiv

och do Kritären, déi och Sites et Monuments ëmmer kuckt fir e Klasement virzehuelen, och als Monument national déi och ëmmer gesat sinn an déi hei sinn am Fong um Niveau vun der Authentizitéit, vun der lokaler Geschicht, vun der sozialer Geschicht, an och vun der Raritéit, also am Fong déi Kritären, déi et also erméiglechen, dass hei dës Kapell Monument national gëtt. Et ass jo net dat éischt Gebai an der Strooss, wat Monument national gëtt, well mir hate jo am Gemengerot aner Gebaier, déi och Monument national goufen, zwee Stéck déi mir hei am Gemengerot haten.

An dat anert Gebai ass an der Bierengerstrooss, op engem fréiere Bauerenhaff. Do sinn och d'Madame Kuffer an d'Madame Kuffer déi selwer Demandeur waren och fir d'Klasement, well si do Propriétaire sinn. Och do 21. Juli 21 gouf et e positiven Avis vun der Commission des Sites et Monuments. Do soen se, wat erhaltenswäert ass, ass effektiv hei de fréiere Bauerenhaff do och mat Afaart an d'Scheier, dat klengt Nieuwegebai, den Ziirgaart, deen an der Mëtt ass. Effektiv, de Bauerenhaff gouf 1894 wéi gesot erriicht an effektiv Bauhär war deemools de Pierre Theis an deen och eng Zäit Buergermeeschter vun der Stad Diddeleng war. Wéi gesot, och hei eng Rei Elementer déi am Fong an de Virschäi kommen, souwuel um Bauerenhaff wéi awer och um Wunnhaus goufen och Baukerper erhalen déi effektiv och un déi ursprüngelech Funktioun vum Bau zeréck erënneren an och hei déi Kritäre fir de Monument national déi zeréckbehale goufen, d'Authentizitéit, d'Gattung, charakteristesesch fir déi Entstehungszäit, awer och landschaftstypesch, de Bautypus an d'Entwicklungsgeschicht.

Esou, dass hei och d'Propos virläit fir, vu, dass jo och d'Propriétaire carrément och d'Demandeur si vun deem Monument national, ech mengen et ass jo ëmmer eng ideal Ausgangspositioun wann de Propriétaire selwer Demandeur ass, dass een och dem Gesuch soll Rechnung droen an och dat hei als Gemeng positiv soll stëmmen. Voilà, dëst zu den Erklärungen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Dat do wat Dir elo grad gesot hutt, dat berouegt eis, well mir haten eng Kéier esou e Fall vun eppes an der Parkstrooss, wat sollt reklasséiert ginn a wou mir eis net sécher waren ob d'Propriétaires d'accord waren. Mir haten elo scho wëlle, wann Dir et elo net gesot hätt, déi Fro ze stellen: Hunn d'Propriétaires och déi dote Saach ugefrot? An elo si mir awer berouegt, dass dat de Fall ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Prinzipiell, déi Diskussioun déi een och féiere muss ass : Mécht een d'Erhale vun engem Gebai ofhängeg dovun ob e Propriétaire domat averstanen ass oder net? Et ass eng principiell Fro, déi hate mir d'lescht Kéier och gehat, et ass eng principiell Diskussioun, wann ee kuckt wat d'Kritäre si fir e Gebai z'erhalen. An déi Kritären, fir e Monument national op den Inventaire supplémentaire ze setzen, dat si jo eng ganz Rei Kritären an do muss een herno sech ëmmer d'Fro stellen : Wat priméiert? D'Volontéit vum



Propriétaire oder d'Gebai dat erhaltenswäert ass no verschiddene Kritären a wann een déi Kritären net berücksichtegt an net erhaltenswäert astuift, och d'Méiglechkeet besteet, dass d'Gebai kann ofgerappt ginn an iwwert deen dote Wee natierlech och eng gewësse Bausubstanz, e Bautypus, aus engem Paysage verschwënnt, wat aner Diskussiounen ka mat sech bréngen. Dat einfach vun der prinzipieller Ausrichtung hier zur Diskussioun. Klasséiert een, klasséiert een net? Wien ass Demandeur, wien ass net Demandeur? Sinn d'Propriétaires domat averstanen, net averstanen? Et muss een heiansdo wëssen op wéi enger Säit een sech befënnt. Dëst gesot, hei sinn d'Propriétaires wéi gesot alle béid Demandeur, dat heescht et mécht eis d'Diskussioun an de Vote méi einfach.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG) : Merci Här Buergermeeschter. Ech si ganz, also mir si ganz bei iech. An ech wollt just e Statement maachen an soen, dass wierklech de Patrimoine immens wichteg ass, et ass eng Landmark, et erënnert un de Patrimoine culturel, d'erënnert un de Patrimoine architectural an et ass wierklech wichteg, datt mir punktuell och Gebaier halen a mir ënnerstëtzen lech ganz ganz fest fir weider Saachen ze klasséieren, well et ginn eis ëmmer méi schéi Gebaier verluer, soen ech, dofir eis voll Ënnersëtzung hutt Dir an deem Sënn a maacht weider esou an toi toi, well Patrimoine ass net nëmmen e Gebai wat do steet, et bënnt och mat der Geschicht, et bënnt mat der Kultur an et erlaabt engem och sech vläit besser a sengem Quartier z'intégréieren an sech mat sengem Quartier ze identifizéieren wann een emol esou wierklech visuell wichteg Saache gesäit. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Deem kann een nëmmen zoustëmmen. Soss nach weider Remarken ? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote iwwerginn. Wien ass domat averstanen, dass hei d'Kapell Saint-Luc zu Butschebuerg Monument national gëtt ?

Dat ass unanime.

A wie stëmmt zou, dass hei dat fréiert Bauerenhaus op 56 route de Burange Monument national gëtt?

Dat ass och unanime.

Ech soen ech lech villmools Merci an da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol fir d'Approbatioun vun der Museksschoul.

7. REGIONAL MUSEKSSCHOUL

Approbatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2021/2022

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, mir begrüessen eisen Direkter, de Bob Morhard, mir musse wéi all Joers déi definitiv Museksschoulorganisatioun hei am Gemengerot stëmmen nodeems mir déi provisoresch gestëmmt hunn, Diddelenger Museksschoul wäert och dëst Schouljoer weiderhin op Konstanz, Qualitéit a Vernetzung an och weiderhin op Innovatioun setzen, wéinst de Coronabedéngte Restriktiounen konnt leider och dëst Joer keng normal Journée Porte ouverte stattfannen, mee et war niewent enger digitaler Form och méiglech op Rendez-vous e Schratt a Richtung Normalitéit ze maachen.

D'Rentrée war och dëst Joer ganz gutt mat enger gesamt Schülerzuel vun 1335 dat ass Zuel op den 20. September an domadder si mir och weiderhin déi gréissten Regional Museksschoul am Land. Mir hu leider nach ëmmer méi weiblech Schüler wéi männlecher, 265 méi Frae wéi Männer, dat hu mir och net méi spéit wéi de leschte Mëttwoch schonn an der Iwwerwaachungskommissioun vun der Museksschoul thematiséiert. Aktuell hu mir 65 Enseignanten, dat sinn der eng Rei méi wéi d'lescht Joer, wat awer haapt-sächlech duerch Remplacement, Congé de maternité respektiv och duerch Congé parental bedéngt ass. Et geet een Enseignant an d'Pensioun an deem seng Plaz war ausgeschriwwen ginn an ass nei besat ginn.

Villäicht och kuerz e puer Remarquen zu der Presentatioun, déi Dir an Ärem Dossier hat an de Verglach och mat der provisorescher Schoulorganisatioun, déi mir am virleschten Ordre du jour haten. D'Form vun der Schoulorganisatioun ass zanter dem leschte Joer eng ganz nei, niewent dem Resumé vun de Chifferen hänkt och elo de ganzen Detail mat hannen drun. Ech mengen, dat ass fir een, deen elo net esou an der Museksschoul dran ass, villäicht ganz interessant. D'Schülercoursen, wéi och d'Zuelen, si méi héich, mir si vun 281 op 1 335 gaangen, effektiv vun 2234 op 2345, wéi dat nach an der provisorescher Schoulorganisatioun, déi mir hei misste stëmmen, de Fall war. Dat well, an dat sot ech deemools scho, well sech eng Rei Schüler nom Datum aschreiwe wou déi provisoresch Schoulorganisatioun hei am Gemengerot arrétéiert gëtt.

Ech hunn elo ouni an dee klengsten Detail anzegoen alles gesot wat wichteg war a wou Dir och gesitt, dass eis Museksschoul weider um richtege Wee ass. Mir hunn eisen Direkter, de Bob Morhard, hei begréisst an hien ass bereet, op all Är Froen a Remarquen anzegoen a wann Dir méi Detailer braucht, wéi Dir am Dossier hat oder wéi ech ernimmt hunn, ass hie bereet fir dorop ze äntweren oder mech ze completéieren oder dat wat am Dossier läit ze completéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Claudia. Si Froen?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech hunn net Froen awer ech hunn eppes dozou ze soen. Als éischt wëll ech der Direktioun an och dem Staff aus dem Sekretariat e grouse Merci soe fir hir Aarbecht, ech mengen, et ass keen oder bal keen heibannen, dee besser weess wéi ech wat dat dote fir eng Aarbecht ass, déi Schoulorganisatioun opzestellen. Dat gesäit elo einfach aus an den Tableauen, dat ass awer net esou einfach, wéi ee mengt. Et ass keen einfachen Exercice a scho guer net well deen zu der selwechter Zäit wéi och d'Rentrée gemaach gëtt, et kommen dauernd Leit an de Büro an Ännerungen an da muss een déi Saa-chen do nach maachen.

D'Madamm Dall'Agnol huet vun der provisoerescher Schoulorganisatioun geschwat, dat sinn ëmmer nëm- men estimativ Zuelen, wat ee mengt, dat ass einfach sou, dass déi muss gemaach ginn, well se am Gesetz steet an eigentlech huet déi näischt auszesoen. Ech hunn d'Zuele mat deene vum leschte Joer verglach an ech hunn e puer Feststellungen gemaach. Ech wëll net ze vill an den Detail goen, am Solfège ass mir opge- fall, dass dat vum 2. op dat 3. Joer vun 166 op 129 Schüler erofgeet. Ech weess net, dat ass relativ vill, ech weess net ob esouvill Schüler opgehalen hunn, dat ass awer méiglech. Dann hunn ech eng Fro zum 4. Joer renforcé, do waren d'lescht Joer 100 Kanner an elo nëmme nach 5. Villäicht hunn ech do im Eifer des Gefechts eppes iwwersinn oder net matkritt. Beim 5. Joer sinn och 9 SchülerInnen verluer gaangen, dat kann ëmmer virkommen, et ass vill, dee Solfège.

Wat mech freet, ass, dass dëst Joer an och d'lescht Joer 16 Kanner am Solfège moyen spécialisé sinn, déi Klassen hunn also duerchaus nach ëmmer Succès an der Museksschoul an dat misst e gutt Argument sinn, fir eventuell awer nach duerchgesat ze kréien, dass déi Divisioun kann an der Museksschoul bleiwe mam neie Gesetz. Ech weess, et gëtt schwierig, mee fu- erdere kann een ëmmer vill. Net nëmme ech sinn der Iwwerzeegung, dass vun deene 16 SchülerInnen war- scheinlech der vill déi Klassen net géife maache wann se missten op Esch oder an d'Stad goen an dat wier jo eigentlech schuet. Bei der Musique de chambre an Ensembelen hunn d'Denominatiounen geännert, dofir hunn ech net méi de richtigen Duerchbléck am Ver- glach zum leschte Joer.

Ech weess net ob dat u mir läit oder, jo gutt, meng Fro ass einfach: Sinn d'Orchestren net méi virgesinn

dëst Joer oder heeschen se anescht oder ass einfach wéinst Covid net esou geplangt wéi normal?

Allgemeng sinn d'Zuele stabil, dat ass ganz gutt, den Transport aus der Maison relais schéngt ganz gutt ze klappen an dat schéngt och säi Sënn ze hunn, well dat ville Kanner och erlaabt awer u Coursen deelzehuelen, wou se soss villäicht net kéinten. Just eben, d'Ma- damm Dall'Agnol huet et gesot, mir hunn et och an der Kommissioun gesinn, d'Schéier zwëschent Jongen a Meedercher gëtt méi grouss an ob et do wierklech Moyene ginn, dat wäert schwierig sinn. Et hunn och vill Enseignantë misse kuerzfristeg ersat ginn, wat wierklech net evident ass. Duerch de Covid war dat bedéngt, déi Dammen, déi an aneren Ëmstänn waren, déi hu missen direkt doheem bleiwen.

Et ass schwierig well och déi dräi Sproochen musse beherrscht gi vun engem Enseignant, dat ass net ëm- mer méiglech wann ee ganz kuerzfristeg muss Leit ersetzen. Mir kënnen nëmme hoffen, dass déi sani- tär Situatioun et erëm erlaabt, dass mir erëm kën- nen op en normale Wee kommen, dass d'Schoul erëm kann normal gefouert ginn. Et war sécher net evident fir dat ganz Fonctionnement vun der Museksschoul oprechtzeerhale während deem leschte Schouljoer an och déi Méint virdrun. Stänneg nei Reegelen, alles nei upassen, och hei e grouse Merci un déi ganz Ekip an och un d'Enseignanten, déi eng formidabel Aarbecht leeschten.

Ech wëll awer nach eppes zu der Schülerzuel soen. Mir si bei 1365 SchülerInnen ukomm. Dat ass vill, Dir wësst, dass ech laang an der Museksschoul geschafft hunn a wéi mir virun enger Rei Joren am Ufank am neie Gebai hei op der Schmelz waren, sote mir oft, bei 1000 Schüler ass Schluss, méi packe mir net. Mir sinn elo wäit driwwer, et sinn Annexe bäi komm wat ze begréissen ass et sinn nei Fächer bäi komm sou wéi d'Coursen ronderëm den Danz, och dat ass interes- sant. Dat ass alles schéin a gutt mee d'Gebai erlaabt elo net vill méi.

Et ass esouguer e Klasesall ewechgefall well de Raum gebraucht gouf fir d'Administratioun déi gewuess ass, wat och absolut néideg war. Et ass och néideg, dass den Direkter en eegene Büro erëm huet. Mee d'Admi- nistratioun an d'Direktioun dat ass eng grouss Eraus- fuerderung och fir si, wann ëmmer méi Schüler kom- men an ech mengen et wier esou lues un der Zäit fir ze soen, et geet elo duer.

Et sollt ee villäicht net d'Zil hunn, ëmmer méi grouss ze ginn an onbedéngt déi gréisste regional Museks- schoul ze sinn an ëmmer méi Coursen ze hunn, dat ass en Challenge mee ech mengen d'Qualitéit ass ëm- mer nach dat wat wichteg soll bleiwen. Eis Museks- schoul hat de Ruff, ëmmer zimmlech familiär ze sinn, wou d'Schüler an SchülerInnen net just eng Nummer waren a wou och net just den Enseignant se kennt huet, mee och d'Administratioun zu engem groussen Deel a leider ass dat schonn e bësse verluer gaangen. Wéi soll et och anescht si bei esou ville Schüler a SchülerInnen an dann och nach op deene ville ver-

schiddene Sitten? Ech schwätze wuelverstanen net vu Qualitéitsverloscht, mee vun der Atmosphär, déi net méi d'selwecht ass an net méi d'selwecht ka sinn an dofir sollt een sech iwwerleeën, muss een ëmmer méi grouss ginn? Et kënnen och nach ëmmer net méi Optrëtt a Concerte gemaach ginn, dat huet den Här Morhard och an der Iwwerwaachungskommissioun gesot. D'Schüler an d'Schülerinnen dierfen och net ze vill iwwerfuert an ugespaant ginn, et kann een net ëmmer méi maachen.

Voilà. Dat just als Denkustouss zum Wuesstum vun eiser Museksschoul. Si huet am Dezember Gebuertsdag an ech freeë mech fir dat mat hir ze feieren, et war ëmmer e bësse mäi Bëbee an elo ass se grouss ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, mir kruten dat an der Museksschoulkommissioun jo alles presentéiert, do kënnen mir jo och Froen stellen, ech mengen, d'Zuele ginn an d'Luucht, dat gesäit een och, ech denken, d'Direktioun mécht do eng gutt Aarbecht einfach och, mir hunn elo näischt ze beanstanden a soe villmools Merci a weider esou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, eis Museksschoul ass en Thema wat eis all Joer ëm déi selwecht Zäit beschäftegt, ech muss awer soen, et ass e schéint Thema well Diddeleng wier net dat Diddeleng wat et ass, ouni seng Museksschoul a wann een dann och nach déi gréisste regional Museksschoul am Land huet, dann dierf een dorop roueg e bësse stolz sinn. Firwat huet eis Museksschoul sou e groussen Erfolleg? Firwat mussen dës Joer nees méi Coursen ugebuede ginn ewéi d'lescht Joer? Ma ganz einfach, well se vun engem Direkter an engem Sous-Direkter gefouert gëtt, déi sech engagéieren an déi ëmmer op der Sich no neien Iddien sinn a well konstant dru geschafft gëtt fir d'Angebot an d'Qualitéit vun de Coursen ze verbesseren. Natierlech wieren d'Beméiungen vun der Direktioun all ëmsoss wann d'Enseignanten hei net géife matzéien. Fir den Erfolleg ass also e ganze Kollektiv verantwortlech a mir soe gären als LSAP-Fraktioun der Direktioun an all den Enseignanten zesumme Merci fir hiert Engagement ouni awer och d'Personal vun der Administratioun ze vergiesse wat och muss bei den Umeldungen de Spagat maache fir dat Ganzt ënner een Hutt ze kréien. Musek ass eppes wat verbënnt.

Déi Zäiten, an deene mir liewen, brauchen esou verbindend Elementer wéi Musek, zesumme musizéieren ass och Integratiounsarbecht. Et kann een also soen, d'Museksschoul ass e grouss Integratiounsinstrument. Wa Musek gemaach gëtt, spillen Hautfaarwen an Nationalitéiten an der Reegel keng Roll, sou ënnerschiddlech och d'Sprooch si vu Land zu Land, sou klénge eng Nout awer iwwerall d'selwecht. Aleng dë-

sen esou wichtege Punkt, deen d'Museksschoul eis erbréngt, ass et derwäert fir déi néideg Mëttelen ëmmer erëm zur Verfügung ze stellen. An der Museksschoul maachen d'Kanner och Erfarungen, déi een am Primaire oder Secondaire esou net mécht. Ech si jo selwer an d'Museksschoul getrëppelt als Kand a wann ech dann emol virum Publikum gespilt hunn a krut fir meng Leeschtung geklappt, och wann ech e puer Fehler gespilt hunn, da war dat zum Deel vu Leit, déi ech net kannt hunn an och vu Leit, déi ech kannt hunn. Dat hunn ech a menger ganzer Schoulcarrière net gehat an déi Opmierksamkeit, déi een da kritt, wann ee fir e Publikum dierf spillen an dat Klappen, wann et fäerdeg ass, dat stäerkt d'Selbstbewosstsinn vun de Kanner, dat si Momenter, déi esou e jonke Mënsch méi staark maachen an der Gesellschaft an och dat ass en Argument wat enger Museksschoul hir absolut Berechtigung schenkt.

D'LSAP huet sech hei zu Diddeleng an der Vergaangenheet ëmmer dofir engagéiert, dass d'Museksschoul déi néideg Mëttelen kritt, déi se gebraucht huet an dorunner hu mir och an der Zukunft wëllen, näischt ze änneren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci Här Clement. Nach weider Stellungnamen? Da ginn ech d'Wuert un de Bob Morhard.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER MUSEKSSCHOUL): Da wäert ech awer op déi e puer Froen äntweren déi waren, d'Schülerzuele vun 2012 Ob 2013 dat iwwerfreet mech elo dat muss ech nokucken dat kéint och eventuell en Tippfeeler sinn dat misst ech kontrolléieren. D'Formation musicale renforcée ass talle quelle ofgesat ginn, dofir fënnt een dat net méi erëm. Et ass just nach eng Art Ënnerstützung fir Schüler déi wëllen an den Moyens spécialisés goen dass mir déi kennen individuell betrieien. Den Dossier des moyens spécialisés, do ass de leschte Stand, dass mir dat als regional Struktur behalen, do si mir zesumme mat den Enseignanten a mam Schäfferot intervenéiert beim Staat fir dass mir déi kënnen behalen. Dat ass och de Fall laut dem aktuellen Stand.

Bei den Orchesterensembelen huet kee méi sou richtig den Duerchbléck well déi ganz Mesur geännert hunn, dat heescht elo Ensemble homophone, dat ass un e puer Kritäre gebonnen, dat ass zimmlech komplizéiert erauszefannen, dat kann ech eemol am Detail erklären, mee dat géif hei de Kader sprengen. Opgrond vun der Interventioun vun der leschter Woch a vun e Mëttwoch an der Kommissioun hunn ech déi Zuel nogekuckt vun de Jongen an de Meedercher. Mir hunn dës Joer méi par rapport zu deem leschte Joer, mir hunn do 60% Meedercher, d'lescht Joer hate mer 58%, dat heescht mir hunn 2% gewonnen dës Joer, dat ass en Ufank.

Generell zu de Schülerzuele fannen ech, dass d'Diddelenger Museksschoul e wichtege Akte an der Region ass an et freet mech, dass mir vill Schüler hunn déi bei eis zefridden sinn, mir hunn och an de leschte Jore

verstärkt, mir kruten e bösse Renfort wat d'Gebai-
er ubelaangt, mee mir si méi op de Wee gaange fir
eng Offre de proximité ze kreéieren, haauptsächlech an
de Partnergemenge Beetebuerg, Käl, Réiser a Weiler,
dass mir do Coursen halen, wou och d'Kanner sinn an
dat huet eis erlaabt, méi Kapazitéiten ze kréien obwuel
d'Gebai op 1 000 Leit limitéiert ass an ech erlaben
mir awer, ze soen, dass bei eis kee Schüler just eng
Nummer ass, mee all Schüler kritt bei eis e pedago-
geschen an och administrative Suivi. Dat gesot géif
ech dem Gemengerot gär Merci soe fir d'Vertrauen
an d'Ënnerstëtzung vun der Museksschoul an ech in-
vitéieren lech elo scho fir den 7. Dezember, wa mir
zesumme 75 Joer feieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci dem Bob Morhard.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Pardon, ganz kuerz,
villäicht hunn ech dat e bösse sec virgedroen a villäicht
ass et sou eriwwer komm, dass et soll eng Kritik sinn,
wann ech esou héieren, ech wollt sécher keng Kritik
maachen, ech hunn och e puer Mercien agebaut, et
war einfach nëmmen eng Ureegung wou gi mir hin, net
méi an net manner. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci da géif ech proposéieren dass mir zum Vote iw-
wer ginn, wien ass mat der Schoulorganisatioun aver-
stanen? **Dat ass unanime.** Merci.



8. APPROBATION VUN DEN ÄNNERUNGEN AN DER ZESUM- MESETZUNG VU VERSCHIDDENE GEMENGEKOMMISSIONEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Da komme mir zu enger Rei Ännerungen an de Kom-
missiounen an de Loris Spina géif elo hei iwwerhuele
well ech muss e Begriefnis maachen.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Wéi gesot, de Bu-
ergermeeschter muss e Begriefnis hale goen, dofir
iwwerhuelen ech elo, wéi gesot, sieft net ze streng
mat mir, dat heiten ass och e bessen en Imprévu an
zesumme kréie mir dat Schéff scho geschaukelt. Wéi
gesot sinn elo Ännerunge vun de Kommissiounen a wéi
Dir et virfonnt hutt, hu mir fir d'éischt d'Commission
de l'Environnement, de l'Energie et de la Protection de
la Nature an do ass d'Madamm Liz Cloos wou den Här
Jérôme Morbé als Membre-expert ersetzt, Dir hutt
dat matkritt, d'Madamm Cloos ass elo an deem Ser-
vice wou den Här Morbé virdru war, am Gréngen Haus
dofir ass dat déi logesch Suite dovunner. Dës weideren
hu mir an der Sportskommissioun, wou den Här Da-
vid Mahnen de Francis Waldbillig ersetzt, dat sinn déi
gréng, déi eis dat zoukomme gelooss hunn an dann an
der Commission de la Surveillance de l'Ecole régiona-
le de la musique, do ass den Här Jean-Paul Friedrich
deen... ech mengen ech ginn dem Claudia Dall'Agnol
d'Wuert, da geet dat méi schnell.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, hei
geet et drëms, dass an der Museksschoul do
sëtzt ëmmer e Member vun deenen 7, fréier waren et
der mol 5, elo ass et e Septolet vun de Museksgesell-
schaften dran, dat ass turnusgebonden an da gëtt all
6 Méint - wann ech mech ka richtig erënneren - gëtt
dat geännert an dat ass vun der Harmonie Victoria
Téiteng op d'Harmonie municipale Réiser eriwwer ge-
sprongen an dofir gëtt dee Member, dann, de Friedrich
Jean-Paul dat ass net eise Jemp, dat ass en anere
Jemp mam selwechten Numm. Et ass villäicht wich-
teg, dat ze bemierken an hie wäert dat iwwerhuele fir
déi nächst Méint.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Claudia
Dall'Agnol, da komme mir zur Ofstëmmung: Wien ass
dofir fir déi Ännerunge virzehuelen? **Dat ass unanime.**
Merci villmools.



9. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Da komme mir zum Punkt 9, dat sinn eis Froen, déi mir erakritt hunn an ech géif esou wéi se erakomm sinn, chronologesch, mat der Fro vun deene Gréngen ufänken. Do huet d'Madamm Heinen eis follgend Fro zoukomme gelooss:

“Am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir lech, an der nächster Gemengerotssitzung zu follgende Froe Stellung ze huelen. Och wann d'Stad Diddeleng gréisstendeels verschount bliwwen ass am Juli dëst Joer, haten awer leider verschidden Awunner Waasser an hiren Haiser, Kräizung Rue Pasteur, Rue Curie a verschidde Stroossen am Boujel waren am meeschte beträff. Ginn et Grénn firwat grad an deem Deel vun Diddeleng d'Waasser Schued ugeriicht huet? Ginn et kuerzfristeg Léisungen oder mëttelfristeg? Kann d'Gemeng oder de CGDIS déi betreffen Awunner bei enger nächster Gefor mat Sandsäck oder flexibele Panneauen hëllefen? Gëtt et fir Diddeleng e Moossnamekonzept betreffend dee staarke Reen-Risikomanagement?”

Dat sinn d'Froen an den Här Manderscheid wäert drop äntweren.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Problematik rue Pasteur bei engem Staarkreen op der Kräizung Rue Pasteur - Rue Révérend Père Jacques Thell ass natierlech bekannt, de Büro Best huet eng Analys dovunner gemaach an d'Moossnamen, déi sech doraus erginn, sinn éischter mëttelfristeger Natur. Dat heescht, fir de Problem nohalte ze behiwen, muss iwwert der Rue Jacques Thill e Réckhaltebaseng ugeluecht ginn, ma den Terrain gehéiert private Propriétaire. Gemeng déi kafe Terrain awer an dat muss kaf ginn, dat ass de Knackpunkt. Verhandlung fir déi Terraine kënnen ze kafe si scho laang a Verhandlung, bal 10 Joer an ech kann net soen, wéini mir do zu engem Ofschloss kommen. Wa mir déi Réckhaltebasengen net do hunn, bleiwen do ëmmer Iwwerschwemmungen, dat kann ech lech ganz kloer soen.

Fir 2024 ass awer elo vun der Gemeng geplangt, e Reewaasserkanal op der Rue Pasteur, Rue Révérend Père Jacques Thiel Richtung Hellenger Strooss, wou dann och de Lotissement ugeschloss gëtt a wou mir

dann duerch d'Wisen an d'Diddelenger Baach dat alles drainéieren. Dat gëtt dann an Ugrëff geholl an de Kanal gëtt méi grouss gemaach fir dass mir do kënnen en Deel vun den Iwwerschwemmungen evakuéieren. Mee, wéi gesot, ouni de Baseng si mir net gutt opgestallt.

Staarkreen-Risikomanagement, effektiv si mir do d'AGE also d'Administration de la gestion de l'eau huet am Juni 22 am Geoportail eng Starkreen-Risikokaart verëffentlecht an all Bierger kann iwwer de Geoportail do kucke goen ob hir Propriétéit engem Risiko ausgesat ass. Am Kader vum PAP ass den AGE duerch de Büro vu Simon a Baumann a Best bei den Nouveaux PAP de Quartier gekuckt gi bei wéi enge PAPen e staarke Risiko besteet fir dass dat och am PAG vermierkt ka ginn an déi Interessenten, déi an där Zon de PAG ausschaffen do och Bescheid wëssen an dat beim Ausschaffe consideréieren. An am Kader vun der Risikoanalys, déi och obligatoresch ass, huet Firma RS Hydro hei aus dem Innovation Hub eng Staarkreenrisikokaart entwéckelt just fir Diddeleng a Form vun enger Expositionskarta, an där ee gesäit wou d'Waasser no engem Staarkreen hi fléisst an och gesäit een do wéi de Klimawandeleffekt dat ka beaflossen.

An Zukunft wäert sech dann net méi op déi bekannte Moossname vum Waasserwirtschaftsamt kënne verlooss ginn, mee et muss een sech mat enger klimagepasster Waasserwirtschaft auserneesetzen. Dat ass eppes wat d'AGE scho weess an op engem nächste Fachsymposium wëll behandelen an op déi Fro ob Diddeleng de Leit mat Sandsäck oder Panneauen kann hëllefen, ass d'Äntwert Neen. Mir hunn e Projet gemaach mat de Panneauen, mee et ass net esou, dass d'Gemeng Diddeleng se kann iwwerall installéieren. Ech war se selwer kucken, dat ass relativ käschtenintensiv an net iwwerall machbar, et sinn zwee Stéit an der Rue Révérend Père Jacques Thiel, déi dat hunn, dat klappt och, mee mir kënnen net als Gemeng do jidderengem dat ginn, dat geet net.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci dem Här Manderscheid, ech ginn dovunner aus dass d'Fro beäntwert ass. Madamm Heinen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): An d'Pompjeeën, hunn déi keng Sandsäck oder sou fir an der Nout ze hëllefen? Och net?

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Voilà, och net wierklech befridgend. Da komme mir zu der nächster Fro, déi kënnt vun der CSV-Fraktioun an do huet d'Madamm Kayser eis follgend Fro zum Thema Crèche vum Quartier Italien eraginn:

Mat Befremden hunn si matkritt, dass déi kommunal Crèche am Quartier Italien d'Dieren net wéi ugekënnegt kann opmaachen, do wollt se wëssen oder d'Fraktioun wollt wëssen, wat sinn d'Ursaache vun dëser Verspéidung a wéi vill vum 1. Oktober respektiv 1. November un ageschriwwen Kanner wieren hei beträff? Wéi eng Alternative kréien d'Eltere vu Säite vun der Gemeng proposéiert a gëtt et eng Reserv-Betrei-

ungsplaz wéi zum Beispill d'Crèche Nuddelsfabrik oder Minettsdepp als Noutléisungen an déi definitiv Erëffnung vun der Crèche, fir wéini déi dann elo geplangt wier? Dann, weider seet se, dass de 15. Juli eng ganz Ekip vum Erzéier an der Planung vun dem pädagogesche Konzept vun der Crèche Teambildungsmoossname fräigestallt goufen. Wéi vill Erzéier sinn an dësem Team a gëllt déi Fräistellung nach weiderhin obwuel déi Crèche nach zou ass?

Da géif ech proposéieren, dass d'Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Äntwerte wäert heirop ginn.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Villmools Merci, ech wëll op déi eenzel Detailfroen agoen, et ass och fir mech net esou einfach, wann e Gebai net fäerdeg gëtt a mat Zäiten opgeet. Ech wäert lech awer all déi Ursaachen an och Saachen déi Dir gefrot hutt beäntweren. Ech géif mol ufänke mat den Ursaachen, vir d'éischt ugekënnegt hate mir de Leit, déi ageschriwwen sinn an d'Crèche dass mir den 15. Oktober géifen opmaachen dat hu mir d'office de leit gesot, Ursaache firwat dee Bau, dee laang schleeft a wou ëmmer erëm Saache virkommen, net virueet dat war dat éischt, ech hunn do och mech mat der Architektin beroden, dass duerch d'Kris, gell, d'Covidkris huet eis do e grouse Stréch duerch d'Rechnung gemaach a mir hunn och eréischt de Bau weider gefouert ab dem 20. Abrëll 2020, do konnte mir erëm d'Aarbechten ophuelen, wat awer kloer war, d'Aarbechten ophuelen, da war ëmmer erëm e positive Fall an da sinn d'Ekippen erëm doheem bliwwen oder wéineg komm.

Personalchangementer och bei den Entreprises, mir hunn hei net nëmmen eng Entreprise, déi déi Crèche baut, mee et sinn der méi, et gleeft een et bal net, mee an där enger Entreprise huet de Chef Chantier demissionéiert, an där anerer waren et zwee Techniker, si hunn also ëmmer erëm missten déi forméieren a briefen. Bon, Schräinereisaarbechten, do ass et kloer, dat ass net nëmmen hei an der Crèche de Fall, mee insgesamt op alle Chantieren de Fall, dass Material net do ass. Also, eis feelt et u Material hannen a vir, d'Livraisounszäiten do hält sech absolut kee méi drun, well kee Material do ass, d'selwecht ass et beim Elektriker. Do ass et esou, dass ganz vill Material feelt an och e Beispill, mir hu Luuchte bestallt viru 6 Méint, déi sinn nach ëmmer net do. Och dat ass net esou einfach.

Entreprises, déi och surchargéiert sinn, déi de Chantieren hannendru lafe well se iwwerall e bësse Retard kréien, si halen sech net méi un Delaien, wou mir ofgemaach hunn a wann se sech un Delaien halen a sur place kommen, war et oft esou, dass se gesot hunn, mir kënnen eréischt ufänken, wann dee seng Aarbecht gemaach huet, a sinn erëm heemgaangen a sinn dann dräi Wochen op en anere Chantier gaangen. Also keng einfach Situatioun. Ech verstinn och, dass déi Fro hei elo kënnt, Receptioun vum Gebai, Luxcontrol an esou virun an esou fort, och déi waarden net op eis, dass mir eis do mellen a soen OK, mir sinn esouwäit. Och do sinn Delaien, natierlech sinn elo och déi Kontrolle fixéiert

ert gi mat Luxcontrol mat dem Gesondheitsministère an och mat dem Familljeministère fir den Agreement ze kréien. Mir haten och nach, wat dobäi kënnt natierlech, de Congé collectif, do ginn d'Chantieren och net weider, sou dass ganz vill Imprevue waren.

Wéi vill Kanner, déi fir den 1. Oktober respektiv den 1. November ageschriwwen sinn, si betrëff? Dat waren der 30, mir haten awer d'Elteren, wéi gesot, scho vun Ufank u gewarnt, dass et den 15. Oktober éischer gëtt, ech wëll awer den Detail vun deene Kanner, 7 Kanner, do sinn d'Elteren nach am Congé parental, do fänken d'Elteren eréischt am Januar oder Dezember u mat schaffen, et ass eent, wat bei der Bomi versuergt gëtt an 8 Kanner sinn an enger anerer Crèche. Mir hunn de Leit och kloer gesot, si sollen net an der Crèche kënnegen, wou se sinn, soulaang mir lech net de genauen Datum ginn, einfach preventiv e bëssen. Et ass ee Kand wat mir ënnerdaach geholl hunn an de Minettsdäpp, wat eng Urgence war, mir wäerten och do dofir suergen, dass mir déi Leit ënnerstëtzen. D'Kanner, 12 sinn der zwëschent 0-1 Joer, et sinn der 9 zwëschent 1 an 2 Joer an et sinn der 9 zwëschent 2-4 Joer, déi betrëff sinn.

Wat fir Alternativen hu mir den Elteren ugebueden? Mir hunn hinne gesot, wannechgelift kann ech net e Preavis maachen, da bleiwen se esoulaang, dat hëlleft hinnen zwar elo näischt, mee mir hunn eng Plaz. Mir hunn awer och hinnen Dagesmammelëschten zoukomme gelooss, wann eemol deen een oder anereng Dagesmamm gebraucht huet, wou mir se ënnerstëtzt hunn, an da wëll ech awer och soen, dass déi Responsabel aus der Crèche, eis nei Responsabel, déi huet mat de Leit ëmmer Telefongesprécher gehalen, si huet ëmmer de Leit probéiert Äntwerten ze ginn an ze hëlleften, déi war ganz ënnerstëtzend an och si wäert elo emol den Elteren uruffe fir ze soen, wéi et weider geet. Mir hu Reserveplazen an deenen anere Crèchen, mir haten ëmmer eng Rei Reserveplazen, déi fänken awer elo un, limitéiert ze ginn, ech hunn awer nach de Moien och an der Nuddelsfabrik nogefrot, mir hunn ëmmer Reserveplazen, awer just Plagen, et kann een d'Kanner net dee ganzen Dag ginn, mee wann awer elo eppes wier, da kann ee mol Kanner eranhuelen, moies oder mëttes.

Wéini ass déi definitiv Ouverture? Fir eis den 1.1.2022 allerspéitstens, dat kann ech och hei esou soen, mir hoffen nach ëmmer dass et éischer ass. D'Personal wäert awer elo éischer eragoen, well déi sinn ofhängeg vun der Fonction publique, déi falen ënnert de Regime vun de Gebaier vun der Fonction publique, esou dass d'Personal éischer kann eran an dann alles installéieren an an an, sou dass mir nach ëmmer hoffen, den 1.1.2022, mee ech hoffen d'Leit wësse kloer Bescheid a kënnen dann opmaachen ouni se falen ze loossen. Déi Grupp vun Educateuren, déi fräigestallt ass fir dräi Woche Formatiounen an Teambuilding ze maache wéi vill Leit sinn dat? Dat sinn am ganzen 12 Leit, et si 7 Educateuren, 4 Aide-Educateuren an eis responsabel Educateur Graduéen. Fräigestallt, neen, si sinn net fräigestallt, si si fräigestallt fir dräi Wo-

chen den Teambuilding, well mir et extrem wichtig fannen, dass déi Ekip sech awer schafft, e bësse Formatiounen zesumme mécht, déi dräi Woche waren se fräigestallt, fir de Rescht sinn se nach an de Maison relaisen an hunn eis do enorm gehollef well mir e Personalmangel hunn, well mir keng Educateurs méi fannen.

Dir wäert et an enger hallwer Stonn erëm gesinn, wéi vill Leit mir ëmmer erëm gesinn, dofir si mir frou, dass déi Leit nach do sinn an dass mir Zäit hunn, fir déi Leit e bessen ze recrutéieren, mee si musse scho schaffen.

Sou, dat wier alles wat ech hunn, dat eenzeg wat ech ka soen, déi Crèche, mir wëssen net genau de Chiffer, mee normalerweis kréie mir den Agrement fir 48 Kaner. Mir hunn et léiwer kleng gehale fir unzefänken, dat heescht, mir maachen et op de Maximum wann do déi Leit bis ageschafft sinn an dat e Rhythmus kritt, da kënne mir dat erhéijen. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Josiane di Bartolomeo-Ries, fir déi prezis Äntwerten. Eier mir de Huis Clos opmaachen, kënne mir nach op dee leschte Punkt komme vun der ëffentlecher Sitzung an zwar hu mir do eng Motioun kritt vun deene Lénken. Ech géif da proposéieren, dass d'Madamm Erpelding eis e bessen an d'Bild setzt par rapport zu där Motioun an da mache mir déi Diskussioun op. Madamm Erpelding.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, also als éischt wëll ech mech entschëllegen, dass ech dëse Punkt nom Delai, deen an eise Reglement virgesinn ass, op den Ordre du jour gesat hunn, ech hätt et misse besser wëssen, mee ech si jo eréischt nei an dësem Gremium an do ka mol esou eppes virkommen. Och esou Delaien anhalen gehéiert zu der Transparenz, déi ech an der leschter Sitzung selwer ernimmt hunn an et ass wichtig, dass mir eis alleguerten anstänneg kënne virbereeden. Et wäert net méi virkommen. Ech wëll dem Schäfferot dofir och ausdrécklech Merci soen, dass se mir dës Kéier esou e Kückenbonus zugestane hunn a mir haut kënne iwwer déi Motioun schwätzen. Merci.

Well ech scho mam Entschëllegen amgaange sinn, kann ech et direkt nach eemol maachen. An der Motioun steet eng Behauptung, déi net ganz richtig ass. Mir hunn déi zu e puer Stéck geschriwwen an duerno iwwerkuckt, nodeems ech se awer schonn agereecht hat, dofir hunn ech den Text liicht geännert, dorobber kommen ech herno zeréck an si gëtt dann och ageblennt um Ecran. Elo awer zum eigentlechen Thema.

Dir hutt eng Motioun virleien, wou et ëm d'Personalsituatioun beim Gemengesyndikat SIGI geet, do ginn et zwee Hauptpunkten. Deen éischten ass, et ass scho laang bekannt, dass d'Klima zwëschen der Direktioun an dem Personal guer net gutt ass, dat ass kee Geheimnis, den Dialog klappt net an d'Verhale vun der Direktioun ass scho méi wéi eemol kritiséiert ginn. Dëst schéngt sech an der Situatioun ronderëm de

Covid an am Confinement, wou op den Teletravail zeréckgegraff ginn ass, nach drastesch zougespëtzt ze hunn. Et héiert een, dass et keen oder net vill Vertraue vun der Direktioun vis-à-vis vum Personal gëtt, wann se op Teletravail sinn. Dat schlecht Klima féiert dozou, dass et vill Wiessel beim Personal gëtt, och dat gëtt et méi laang schonn. Viru kuerzem war eng Manif vum OGBL um Terrain vum SIGI, well gewëssen Ëmstänn net kënne akzeptéiert ginn. An da sinn ech beim zweete Punkt: Et schaffen 140 Leit beim SIGI an ongeféier d'Halschent dovunner ass net vum SIGI selwer agestellt, mee vu private Firmaen.

Wann nei Leit gebraucht ginn, huet anscheinend de SIGI dat publizéiert, huet Leit komme gelooss fir Asstellungsgesprécher an eréischt duerno, wann et kloer war, hunn d'Leit gesot kritt dass se elo e Kontrakt kréie mat enger privater Firma an net mam SIGI selwer. Wann dat esou war, dann ass dat absolut net fair, net transparent an och net ze toleréieren. De SIGI ass e kommunale Syndicat, also eng Administration publique, e gëtt vu Cotisatioun vu Gemengen, déi Member sinn, finanzéiert, also vun ëffentleche Gelder, da kann et dach net sinn, dass esouvill Aarbechte vun externen, private Firmae gemaach ginn. Et wier wichtig, Transparenz an dësen Dossier ze bréngen an dofir ze suergen, dass anstänneg Aarbechskonditiounen ugebuede ginn an och sou wäit wéi méiglech d'Personal vum SIGI agestellt ass an net vun externe Firmaen. Et sollt och dofir gesuergt ginn, dass e Kollektivvertrag agefouert gëtt.

Ech kéim dann op d'Ännerung zeréck, déi mir an der Motioun virgeholl hunn, Dir gesitt et do, ech hunn dat preparéiert, wat rout ass, ass ausgestrach, dat heescht, deen éischte Considérant war net richtig, wat do behaupt ginn ass, deen neie wier dann "Considérant que le SIGI aurait procédé à des recrutements de salariés au bénéfice d'employeurs privés" dat ass dat wat ech ernimmt hunn. Dann nach dobäi: "Considérant que les salariés mentionnés au point précédent auraient été invités dans un entretien d'embauche avec le SIGI, mais auraient obtenu un contrat avec une entreprise privée." Ech hat elo deen éischten ewechgelooss, dat ass dee mat den 140 Leit, déi do schaffen an d'Halschent dovunner am Privatsektor.

Da kéim de "Considérant que la gestion du personnel pratiquée au SIGI aurait contribué à la détérioration des conditions de travail", also, ech soe Saachen, déi ech gezielt kritt hunn an aus méi Quellen. "Considérant que le SIGI est un syndicat intercommunal et donc par définition une administration publique", "Considérant que le SIGI est financé par les cotisations des communes membres et donc par des fonds publics", invite le collège échevinal à charger le représentant du conseil communal de la ville de Dudelange auprès du Syndicat intercommunal informatique SIGI à faire un rapport détaillé de la situation des salariés, à s'engager en faveur d'une internalisation de tous les contrats à durée indéterminée, à s'engager en faveur d'une internalisation de tous les contrats de salariés ayant suivi un entretien d'embauche avec le SIGI" an

“à s'engager en faveur d'une négociation d'un contrat collectif pour tous les salariés”.

Voilà, dat ass de Résumé, eigentlech sinn et Saachen, déi gesot ginn, déi behaupt ginn, et sinn awer net just Gerüchter an ech wier frou wann eise Vertrieber vum der Gemeng, wa mir dee géifen opfuerderen, sech do méi schlau ze maachen an ze intervenéieren am Sënn vun den Salariéen, déi do schaffen. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci fir d'Explikatiounen, ech ginn dovunner aus, dass herno all Mënsch déi verbessert Versioun vun der Motioun wäert kréien. Eier mir dann d'Diskussioun opmaachen, géif ech dann dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, wat jo dann de Vertrieber beim SIGI ass, d'Wuert gi fir drop ze reagéieren an duerno ass dann d'Diskussioun op.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Merci, wéi gesot, d'Motioun vun de Lénken ass fir mech och ganz kuerzfristeg gewiescht, muss ech soen, si ass kuerzfristeg erakomm, ech probéieren awer mat den Argumenter a mat de Fakten an net mat Behauptungen op déi ganz Motioun do anzegoen. Ech mengen, ech sinn net nëmme Member vum Büro, mee och Vizepresident vum SIGI, och dat ass eppes, ech hunn e gewëssent Wëssen an ech mengen, mir gesinn eis a 14 Deeg nach eemol an ech probéieren elo op déi Punkten anzegoen an da soen ech lech do déi Detailler.

De Moment, ech fänken dann emol domadder un, schaffe genau 135 Leit am SIGI, dovunner ass d'Halschent extern Mataarbechter. Et ass elo gesot ginn, extern Mataarbechter, et ass vill doriwwer geschwat ginn, ech wëll mech awer elo mol erklären, firwat dat esou ass, well et ass net einfach esou, dass mir soen, ah OK, mir wëllen déi Leit net astellen an engem Statut, wéi et sech gehéiert. Fir d'éischt wëll ech ufänke mat de Missiounen vum SIGI. De SIGI huet 101 Gemengen, déi se beroden, 537 Crèchen, 60 Syndikater an och 30 Office-socialen, déi informatesch an digital Léisunge fir den Alldag vum SIGI ugebuede kréien. Dat sinn natierlech ganz vill Services an eenzel Services well jidderee kënnt mat sengen eenzele Besoinen a fir do schnell dem Bierger eng informatesch Léisung ze bidden, dofir ass natierlech och dann de SIGI do.

Jiddweree schafft op seng eegen Art a Weis, dat gesäit een elo net heibannen, mee all Mënsch huet e bësse seng Programmer an de SIGI probéiert, do dat beschtméiglechst ze maachen. Een deen sech an deem Beräich auskennt, dee weess wéi opwendeg et ass, wann Dir géift bei eis an der Gemeng op den 2. Stack goen an eis Informatiker froen, och déi géifen lech soen, wéi sou eng Aarbecht ass. Dat niewent den alldeeglechen Aufgaben, wou den SIGI mécht an de Gemengen an och an de Syndikater, fir do Programmer weiterzuentwéckelen, huet en ëmmer, well e keen Stéllstand maache wëll. Dat ass e Syndicat a mir sinn net do fir nëmme virunzefueren, d'Informatik geet séier virun, dat weess all Mënsch, dass sech dat séier entwéckelt, da kommen och d'Aufgaben am SIGI fir och nei informatesch Léisungen ze fannen. Ech ginn do e

Beispill an dat ass relativ einfach, ech schwätze vum SIGI Nova, ech weess, dass do all d'Leit aus de Gemengen, ëmmer erëm wa mir esou eng Porte ouverte hunn oder eng Virstellung zu engem Programm, wat net näischt ass, invitéiert ginn, nach hunn ech ni een do gesinn, ech bedauern dat e bëssen, dofir wëll ech dorop agoe wat fir e wichtigen Outil dat ass,

De SIGI Nova ersetzt de GESCOM, jiddereen, deen op der Gemeng ass, weess wéi déi Programmer funktionéieren, do ass de GESCOM eppes wat net méi ewechzededenken ass. Hei ass en neie Programm, deen entwéckelt gëtt, natierlech och mat spezifischen Ufuerderungen, dat ass eng eegen entwéckelt Programméiersprooch, wat net näischt ass an do brauch een extern Partner well déi Leit, déi bei eis schaffen an agestellt sinn, déi maachen de Journalier, déi ginn an d'Gemengen, déi ënnerstëtzen déi Leit um Terrain. Hei ass en neie Programm, ech soen e Projet, deen ass zäitlech begrenzt an natierlech brauch een do och Leit, déi ganz spezifesch Formationen maachen, souvill einfach mol dozou.

Da gëtt gesot, jo Dir hutt extern Partner, jo awer just bei Projeten, ech kennen déi Behauptung an ech hunn och héieren, wat an anere Gemenge geschwat ginn ass. Am SIGI war en Externen, dee längsten, deen do war, war 7 Joer do, dat klängt elo ganz schlëmm. Firwat war dee 7 Joer do? Majo, do an deem Support sinn zwee Leit schwéier krank ginn, awer een no deem aneren, mir hunn deen am Kontrakt gehalen, mee dee wollt duerno net bei eis bleiwen, souvill dozou.

Da gëtt gesot, déi Leit, déi extern, géife bei eis Virstellungsgesprécher maachen. Also, ech muss lech kloer soen, dass et esou ass, de SIGI mécht, wann en e Projet huet, wéi d'Gemeng ëffentlech Ausschreibungen. Do mellen sech Firmaen, déi soen, mir kënnen dat, mir hunn dat Personal. Da schéngt et mir logesch, dass dat Personal gesi gëtt an net einfach op Pabeier steet. Dat Personal kann dat, dofir gi Leit dann och an e Gespréich geruff, wat awer mir normal erschéngt. Da war eppes, wat och kloer ass, dat gesi mir och elo, mir haten do Virstellungsgesprécher, Informatiker an Analysten, där feelen der ganz vill, deelweis ginn déi privat Firmaen op d'Unien a recrutéieren se eier se fäerdeg sinn, dat muss een sech eemol bewosst sinn, dass mir guer net méi d'Chance kréie fir nach een ze gesinn, dass déi vill Sue verdéngen.

Ech hu Chifferen héieren, dass en Informatiker, deen op eng Bank schaffe geet, 10 000 € verdéngt, dat ass net näischt, déi kréien Avantagen, Autoen zur Verfügung gestallt, déi sinn net interesséiert fir an engem Kontrakt vun engem Functionnaire oder Employée communal bei de SIGI ze kommen, well do kréien se eng Pai, déi ënnert deem läit wat si um private Marché kréien. Sou dass déi Leit, wéi ech et gesot hunn, kaum wëlle bei eis schaffe kommen. Da steet an der Motioun, dass mir eis sollen engagéieren dass all déi Leit an Zukunft sollen direkt fir den SIGI schaffen ënnert proppere Konditiounen an enger ëffentlecher Verwaltung, och do wëll ech mech erklären an e Beispill ginn,

fir wéi Dir dat gesitt, mir haten zwou Presentatiounen hei de Moien, mir hunn des ëftere Presentatiounen hei iwwert eng Schoul, eng Schwämm oder de Shared Space, an deene Projeten, déi zäitlech begrenzten Projeten, während dem Bau brauche mir Statiker, Urbanisten, Ingenieuren, Baufirmaen, Architekten an alles dat si Leit, déi een an engem Projet brauch, déi mir awer op der Gemeng net hunn.

Wat maache mir als Gemeng? Mir maachen eng ëffentlech Ausschreiwung, mir engagéieren déi Leit an der ëffentlecher Ausschreiwung an deem Budget a wann dee Projet da fäerdeg ass, bleiwen se an hirer Firma, mir kënnen déi Leit net allegueren astellen, wa mir bei all Projet bis zu deem wou de Gudrong an der Strooss mécht, missten astellen an der Gemeng, dat ass jo guer net méiglech. Et brauch ee bei zäitlech begrenzten Projeten ee Kontrakter, déi Leit gi jo gutt bezuelt vun de Firmaen, och dat froen ech mech, maache mir hei an der Gemeng Privatiséierung wa mir eng extern Firma hunn, fir eis eng Schoul oder Schwämm ze bauen, dat ass jo ongeféier dat selwecht wat Dir hei sot.

An dann zum leschte Punkt mir sollen eis engagéieren en faveur vu Verhandlung fir de Kollektivvertrag fir all Salaré beim SIGI, ech kann dat verstoen et ass och fir mech eng Selbstverständlechkeet dass déi Leit Sozial a gerecht Aarbechtskonditiounen hunn an ech mengen Dir fannt och keen an dem Büro am Comité oder an der Direktioun déi do anerer Meinung sinn, ech well awer, an dat ass eppes wat Dir villäicht hei net wësst, ech well awer kloer soen dass den 22. September e Bréif un den OGBL gaangen ass, dat ass eng Zäitche hir, fir d'Verhandlungen opzehuelen an dem Beräich mir hunn nach keng Äntwert ech kann lech déi net liwweren mee de Bréif vum SIGI sengersäits ass eraus. Ech mengen, dat wier dat wat ech de Moment dozou ze soen hunn, ech si gär bereet fir nach Detailer ze liwweren, mir schwätzen och mol iwwer de SIGI, ech sinn elo 3 Joer do an et huet nach ni een nom SIGI gefrot. Elo schwätze mir dann driwwer, ech wëll et awer kloer soen, mir als LSAP wäerten déi Motioun net stëmmen an net matdroen, well ech fannen am SIGI ass net de Gedanke vun der Privatiséierung, et ass einfach wann Dir Projeten hutt, déi zäitlech begrenzt sinn an ëmmer musst Leit astellen, dat geet net, dat ass néierens méiglech. Dofir soen ech, dass mir dat net matstëmmen an als Sozialist setzen ech mech ëmmer a fir gerecht a sozial Aarbechtskonditiounen an dat ass och hei net anescht de Fall an ech wäert dat am SIGI wider esou verrieden. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries fir Deng Stellungnam an Äntwerten, ech géif soen, dass de eis gutt opgewisen hues, wéi spezifesch de Syndicat SIGI ze verstoen ass, dat ass en eegene Syndicat mat eegener Erausforderung an enger extremer Komplexitéit. Dat gesot géif ech trotzdem d'Ronn opmaachen, wann ee wëll Stellung dozou huelen. Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, jo mir hunn eis an der Lokalsektioun beroden iwwer déi Motioun an et ass esou, dass mir kee Verrieder am Syndicat hunn a mir hunn einfach och net genuch Kenntniss. Ausser deem, wat mir elo an der Press gelies hu vum OGBL a senge Fuerderungen, deen éischte Punkt war eis sympathesch, mee dat huet d'Madamm Di Bartolomeo-Ries jo elo scho gemaach an dat war scho ganz interessant, mee mir wäerten eis enthalten.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Madamm Heinen.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Dierf ech nach en Saz soen? Den OGBL huet jo elo Verhandlung mat hinnen opgeholl, wat ech och ganz gutt fannen, nach Delegatioun, mir hu jo eng Personaldelegatioun, déi huet sech distanzéiert vun deem wat beim OGBL geschriwwen ginn ass an och wou de Sträit war, eis Delegatioun war do net dobäi, déi hunn sech do ganz erausgehale. Dofir fannen ech et gutt wann de Büro an den OGBL sech zesumme setzen un den Dësch, ech ënnerstëtzen dat voll a ganz. Dofir just dat als Zousaz.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries. Wa keng Stellungname méi sinn, géif ech d'Motioun zum Vote stellen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, ech wollt awer éischters emol villmools Merci soe fir déi Äntwerten, ech hu mech jo entschëllegt fir de spéiden Delai, et war och net esou, dass ech hei hätt missen all Äntwerte kréien, duerch d'Motioun wier dat gefrot ginn. Et schéngt schwierig ze sinn, iwwer d'Atmosphär zwëschen Direktioun a Personal ze schwätzen. Ech mengen, kee wëll et wëssen, deen eppes do ze soen huet, mee déi Leit, déi do schaffen an erëm fortginn, déi wëssen et, dat kréie mir hei och net gekläert, et ass extern Personal, dat just fir eenzel Projeten agestellt gëtt, dat ass net dat wat ech gesot kritt hunn, dat kann ech hei och net a Fro stellen, wann ech dat vun der Vizepräsidentin vum SIGI gesot kréien, dann huelen ech dat esou un.

Et ass jo net esou, dass ech dat net gleewen, wat ech gezielt kréien. Jo, ech weess elo net wat ech soll maachen, ob ech einfach déi Motioun soll zeréckzéien, wa souwisou keen se stëmmt, mir hunn Informatiounen kritt, mir bleiwen dohannert, d'Verhandlung solle weiderlafen, dat eenzeg wat ech awer net einfach sou ka stoe loossen, dat sinn déi Extern vun deenen ech geschwat hunn an déi an der Motioun stinn, déi sinn op en Entretien d'embauche komm a sinn der Meinung dass et fir de SIGI wier an de SIGI huet déi Annonce gemaach an da sinn se dohinner komm a wéi et fäerdeg war, ass gesot ginn, et ass awer mat enger privater Firma, dat ass déi Informatioun déi ech hunn. Ech mengen, mir kënnen net ze vill an den Detail goe wann all Mënsch dogéint ass an zwee Leit sech enthalten, da weess ech net ob ech déi Motioun soll oprecht halen. DACH! Ech maachen et awer, ech hunn se eraginn, ech halen se fest.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Et kann een déi Motioun och nach eemol mathuelen, waarden, wat d'Verhandlungen erginn an duerno nach eemol Adaptatiounen virhuelen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): OK, da gi mir op dee Wee, da si mir net stuer, ech zéien se haut zeréck an halen se um Wee fir dann eng aner Kéier eranzebréngen. Jo OK, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Trotzdeem musse mir doriwwer ofstëmmen, et gëtt een eng Motioun eran, also och prozedural gesinn, entweder et gëtt een se eran oder et zitt een se zeréck, dat doten ass eng drëtt Variant.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Sorry, ech sinn e bëssen iwwerfuert, ech si ganz am Ufank, dass ech dat maachen, ech entschëllege mech fir de Chaos, mir halen se oprecht a stëmmen se of.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Näischt verhënnert, dass Dir eng aner Motioun opstellt mat engem anere Contenu, mee entweder eng Motioun gëtt gestëmmt oder Dir zitt se zeréck an da sinn dat déi zwou Méiglechkeeten an dat verhënnert net, dass Dir zu engem aneren Zäitpunkt nach eemol mat enger Motioun kommt.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Ech wëll lech och soen, ech froen dat doten no, ech halen lech um Lafenden. Et ass net esou, dass déi Renseignement, déi Dir mir elo frot, wou ech elo net déi Kenntnisser hunn, ech wäert dat am Büro nofroen an déi néideg Informatioun ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok, dat heescht, mir halen se oprecht a stëmmen doriwwer of? Da géif ech zum Vote iwwergoen:

Wien ass mat der Motioun averstanen? Dat ass déi Lenk. Wien enthält sech? déi gréng an CSV. Wien ass dogéint? LSAP an den onofhängege Member.

Domat wiere mir zum Schluss vun der Seance publique ukomm a ginn an de Huis Clos eriwuer.

Wie wäre es, wenn Sie Ihren Verbrauch ...



... durch eine energetische Renovierung senken?

Die kalten Jahreszeiten stehen wieder bevor und damit auch wieder erhöhte Heizkosten. Wie Sie Ihren Energieverbrauch senken ohne an Lebenskomfort einzubüßen, erklärt Ihnen myenergy.

Es gibt wenige einfache Lösungen, um Energie zu sparen und die Ausgaben zu reduzieren, aber es gibt kurz- und langfristige Möglichkeiten, um Ihre Energierechnung widerstandsfähiger gegen Preisänderungen zu machen. Vor allem ist es wichtig, die verschiedenen Räume in Ihrem Haus auf die richtige Temperatur zu heizen:

Wohnzimmer 20 °C
Schlafzimmer 17-18 °C
Badezimmer 22-23 °C

Der **Energiebedarf Ihres Hauses reduziert sich bereits um 6 %**, wenn Sie die Temperatur beim Heizen um 1 Grad senken.

Ölheizkessel sollten regelmäßig gereinigt und gewartet werden. Ein Heizungsinstallateur sollte prüfen, ob der Heizkessel richtig eingestellt ist. Für diesen Zweck hat die Umweltverwaltung ein praktisches Tool mit dem Namen **Heizungscheck** entwickelt. Bei dieser einmaligen Inspektion Ihrer Heizungsanlage durch einen Installateur erhalten Sie eine vollständige Analyse Ihrer Heizung und Empfehlungen zur Verbesserung der Energieeffizienz Ihrer Anlage.

Um Ihr Zuhause zu optimieren und Ihren Wohnkomfort noch weiter zu erhöhen, können Sie zudem energetische Renovierungsmaßnahmen in Erwägung ziehen, die die Energieeffizienz Ihres Hauses verbessern. Der erste Schritt ist eine bessere Isolierung. Neben einem umfassenden energetischen Renovierungskonzept können Dämmung von Fassade, Dach, Dachboden und Kellerdecke sowie der Austausch von Fenstern individuell in Betracht gezogen werden.

Sie können Ihren Gas- oder Ölkessel durch eine Anlage auf der Grundlage erneuerbarer Energien ersetzen. Es gibt drei Hauptalternativen: Anschluss an das Fernwärmenetz, Installation einer Wärmepumpenanlage oder Holzpellettheizung.

Die Regierung bietet eine Reihe attraktiver Beihilfen an, um Sie bei Ihrem energetischen Renovierungsprojekt zu unterstützen.

Alle Informationen über Beihilfen finden Sie auf **cleverprimes.lu**!

Neutrale und kostenlose Beratung

 **myenergy.lu**

 **8002 11 90**

Beihilfen für die Installation einer Heizung
Alle Informationen auf cleverhetzen.lu



Co-funded by
the European Union

Et si vous réduisiez votre consommation...

... grâce à une rénovation énergétique

La saison froide est de nouveau à nos portes et avec elle une augmentation des coûts de chauffage. myenergy vous explique comment réduire votre consommation d'énergie tout en assurant votre confort de vie.

Pour réduire vos dépenses et économiser de l'énergie, peu de solutions simples existent, mais certaines pistes à plus ou moins long terme vous permettront de rendre votre facture d'énergie plus résiliente aux variations de prix. Il est important avant tout de chauffer les différentes pièces de votre maison à la bonne température :

Salon 20 °C
Chambre à coucher 17-18 °C
Salle de bains 22-23 °C

Baisser la température d'un degré peut permettre de **réduire de 6 % votre besoin énergétique**.

En ce qui concerne les chaudières à mazout, il faut veiller à ce qu'elles soient nettoyées et entretenues régulièrement. Votre chauffagiste doit vérifier que la chaudière est correctement réglée. L'Administration de l'environnement a conçu un outil pratique appelé **Heizungsscheck**. Au cours de cette inspection ponctuelle effectuée par un professionnel, vous recevez une analyse complète de votre chaudière et des recommandations pour améliorer l'efficacité énergétique de votre installation de chauffage.

Pour optimiser votre logement et augmenter davantage votre confort de vie, vous pouvez envisager des mesures de rénovation énergétique et ainsi obtenir une meilleure efficacité énergétique. La première étape est une meilleure isolation. Au-delà d'un concept de rénovation énergétique globale, l'isolation de la façade, de la toiture, des dalles de grenier et de cave ainsi que le changement des fenêtres sont des mesures qui peuvent être envisagées individuellement.

Vous pouvez remplacer votre chaudière à gaz ou à mazout par une installation favorisant les énergies renouvelables. Il existe trois grandes alternatives : le raccordement au réseau de chauffage urbain, l'installation d'un système de pompe à chaleur ou le chauffage à granulés de bois.

Pour vous soutenir dans votre projet de rénovation énergétique, le gouvernement offre un éventail de primes avantageuses.

Retrouvez toutes les informations sur les aides sur **cleverprimes.lu** !

Conseil neutre et gratuit

 **myenergy.lu**

 **8002 11 90**

Primes installations de chauffage

Toutes les informations sur cleverhetzen.lu

 Co-funded by
the European Union